# 13. DEZEMBER 2024

# Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

# 13.
# DEZEMBER
2024

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch**

**13. Dezember 2024**

*Réunion publique*

## 1. Budget rectifié de l'exercice 2024 ainsi que budget pour l'exercice 2025; discussion et décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleege vum Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Spectateuren, ob hei am Sall oder iwwer EschTV, Fernsee oder Internet, ech begréissen Iech de Moien hei an der Sëtzung vum Budgetsdebat.

Et ass eng Ofmeldung do. Dat ass den Här Ramdedovic, deen ass aus perséinleche Grënn, aus familäre Grënn verhënnert. Deen huet eng Procuratioun ginn. Soss hunn ech keng aner Entschëllegung oder Procuratioun virleien.

Ech maachen den Appel nominal, an da fanne mer och eraus, wien als éischt d'Chance huet, haut däerfen de Budget ze stëmmen. D'Madamm Weyrich.

*(Appel nominal)*

Dir hutt de Moie gesinn, dass de Kleeschen och an de Gemengerot komm ass. Ech hu gesot kritt, ech soll Iech weisen, wat ënnert de Séissegkeeten ass. Dat ass eng Plack aus Escher Holz, vun Escher Beem.

An et ass eng Rubinie. Dat ass eng Feinkastazie. Wann Der domadder wëllt uginn an der Famill Chrëschtdag, da kënnt Der dat elo maache mat den Erklärungen. Da wësst Der alles. Ech soen dem Fierschter do och Merci fir seng Hëllef.

An da komme mer och bei de Budget, bei d'Budgetsdebate vun haut. Dir wësst, wéi dat traditionell gehandhaabt gëtt. Et ass esou, dass ofwiesselnd Majoritéit an Oppositioun wäerte kënne schwätzen. Mir fänke mat de Franktionssprиecher un.

Étant donné dass bei den Riedner vun den Conseilleren méi Oppositioun de Moie schwätzt, wäert et dann och heiansdo sinn, dass zweemol Oppositioun schwätzt an dann eng Kéier d'Majoritéit äntwert.

D'Fraktiounssprиecher hunn eng Stonn Riedezäit, all aneren Intervenant huet 20 Minutten, woubäi natierlech elo net op d'Sekonn genau getimet gëtt. Mee ech erlabe mer awer, wa bei der 20. Minutt ukomm sinn, eng Kéier drop hinzeweisen, dass ee soll probéieren, iergendwéi zu engem sympatheschen Ofschloss ze kommen.

An da fänke mer un, andeems ech d'Wuert ginn un de Fraktiounssprиecher vun der CSV. De Pascal Bermes huet d'Wuert.

Ech froen nach: Schwätzt jiddereen? Oder ass een, deen de Moien net wäert intervenéieren? Okee, dann ass jiddereen ageschriwwen. An den Här Bermes huet d'Wuert.

**M. Pascal Bermes (CSV)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt als éischt all de Servicer, déi bei beim Ausschaffe vum Budget gehollef hunn, Merci soen.

Ech erlabe mer, de Vincent Goorix an de Claude Fleming ze ernimmen, déi all d'Zuelen an Demandë gesammelt hunn an agedroen hunn. Merci och de Chefs de service, déi eis virgëschter an der Commission jointe all Projeten an Devisë virgestallt hunn. An och

dem Buergermeeschter e grousse Merci fir déi ausféierlech Presentatioun vum 2. Dezember.

Un dëser Plaz erlaben ech mer och, eng Klamer opzemaachen. An ech wollt dem Här Weis nach eng Kéier Merci soe mat senge Servicer fir den Asaz bei Feierbränn. Et héiert een ëmmer um Radio, an hien a seng Servicer sinn ëmmer do, fir de Familljen an de betraffe Persounen direkt ze hëllefen an ze relogéieren. Natierlech och de Pompjeeën, der Police, SAMU e grousse Merci.

Komme mer awer elo op de Budget. De Budget initial ass eng Estimatioun, déi ee mécht, souwuel wat d'Recettë wéi d'Ausgaben ubelaangen. Normalerweis ginn d'Recettë liicht ënnerschat an d'Depensë liicht iwwerschat, sou dass beim Rectifié a beim Decompte keng béis Iwwerraschunge kommen. Dëst ass einfach responsabel.

De Budget beinhalt och Projeten, déi ee wëlles huet ze realiséieren. Besser gesot: Budgetkreditter, déi et erlaben, fir dës kënnen ze realiséieren.

Et ass awer esou, datt een net all Projet dat Joer maache kann. Haut wäerte mer hei am Virworf héieren, datt ze vill Projeten am Budget initial agedroe sinn an net realiséiert ginn. Et kommen eeben Imprevuen, Retarden, Verdeierungen oder aner Grënn vir, a sou weider. En plus muss ee jo Prioritéiten da setzen.

Dëst erkläert, firwat een ni e Réalisé vun 100 % wäert erreechen. Déi lescht Jore ginn tëschent 40 a 55 % an Ausgabe par rapport zum Budget initial mat Reporten oder 67 bis 80 % par rapport zum Budget rectifié realiséiert. An Zuele sinn dat 78 Millioune fir 2021, 113 Millioune fir 2022 an 93 Millioune fir 2023.

D'definitiv Zuele fir 2024 sinn nach net do, mee an der Administration de l'architecture sinn um Stand vum 25. November fir 64,3 Millioune realiséiert a schonns fir 35,5 Milliounen engagéiert.

D'Investissementer ginn héichgehalen a mir hunn natierlech d'Chance, datt eis Recettë geklomme sinn. D'Dotation de l'État ass 2023 vu ronn 168 Milliounen op 189 Milliounen am Joer 2024 eropgaangen. An am Budget initial vun 2025 stinn 126 Milliounen. Dëst ass op méi Steiereinnamen national gesinn zeréckzeféieren. Eis Taxen, déi déi lescht Jore quasi net ugepasst sinn, bleiwen dofir relativ gesi konstant.

Am Budget rectifié stinn 283 Milliounen Recetten, a wat d'ordinär Zuelen ubelaangt, géint 232 Milliounen Dépenses ordinaires. 2025 sinn 283,7 Millioune géint 250,7 Milliounen Dépenses ordinaires. D'Recettes ordinaires bleiwen also ongeféier d'selwecht, d'Dépenses ordinaires klammen ëm 18,7 Milliounen.

Dëst ass ënner anerem op d'Fonctionnement- an Infrastrukturkäschten an zum gréissten Deel op d'Personalkäschten zeréckzeféieren, déi ronn 50 % vun de Recettes ordinaires ausmaachen, oder 61 % vun den ordinären Depensen. An deem Montant vun de Personalkäschte sinn och schonn eng Indextranche an déi entspriechend Erhéijunge vun de besteeënden oder neie Kollektivverträg virgesinn.

Eng Gemeng muss net nëmmen den noutwennege Servicer garantéieren, mee vill anerer, an ëmmer méi. Esch wiisst, an d'Servicer an d'Besoine mat. Eng Gemeng muss fir seng Biergerinnen a Bierger do sinn. Fir dëst ze erreechen, brauch ee gutt gestaffelt Servicer.

Wuelwëssend datt d'Personalkäschten héich sinn, muss ee geziilt, responsabel an effizient méi konsequent op de richtege Plazen

astellen. Als Beispill wëll ech zum Beispill de Service de Logement nennen, wou 2025 geplangt ass, deen ze verduebelen, oder den neie Poste fir digital Weeër an d'Sécherheet, digital Sécherheet.

Op de Stand vum 11. Dezember schaffen op der Gemeng 1.429 Leit géint 1.393 op Dezember 2023. Am SAS befanne sech, de Stand vun Dezember dëst Joer, 252 Leit géint 239 Leit 2023, wouvunner 227 Persounen an de Maison-relaise schaffen, géint 217 um Stand vum 31.12.23.

2023 a 2024 goufen 186 Poste kreéiert a 40 suppriméiert. Also ënnert dem Stréch 146 Posten, wourunner zwee Drëttel Salariés SAS sinn. Et kënnt och vir, datt en neie Posten en Upgrade kritt par rapport zum suppriméierten. Zum Beispill vu B1 op A2. An zwar dëst ass, fir datt d'Servicer sech den neien Ufuerderunge gerecht kënne maachen.

An der Personalpolitik wéi an all anerem Beräich muss een eng responsabel Politik mat Initiative féieren. Investissementer musse gemeet ginn, et muss ee Prioritéite setzen. An dës Majoritéit mécht dat.

2024 goufen 130 Milliounen an den Dépenses extraordinaires investéiert. 2025 sinn 190 Milliounen ageplangt, wouvun 51,7 Millioune fir de Logement, 40,9 Millioune fir d'Schoulen an d'Maison-relaisen, 24,8 Millioune fir de Sport, 12 Millioune fir d'Voirie, 9 Millioune fir Waassergestioun a 15 Millioune fir d'Reseaue virgesinn. Dëst weist ganz genee op d'Prioritéiten hin.

Den Här Buergermeeschter hat a senger Aféierungsried, a senger Presentatioun vum 2. Dezember dëst mat de passende Projete virgestallt.

Idealerweis gläicht an engem Budget de Boni extraordinaire de extraordinäre Mali aus. Wann een awer wichteg, normal noutwenneg a grouss Projete realiséiere wëll, ass dat net ëmmer de Fall. An da muss een op en Emprunt zeréckgräifen.

2025 steet e Boni ordinaire vun 33 Milliounen no Transfer an am Extraordinaire gëtt et e Mali vun 42 Milliounen, sou datt een e Boni global vun 1 Milliioun erreecht. Fir dëst kënnen ze erreechen, ass och en Emprunt virgesi vun 78,5 Milliounen. Am Moment huet d'Escher Gemeng eng Schold vu ronn 81 Milliounen.

D'lescht Joer war och en Emprunt virgesinn, deen awer net geholl ginn ass. Engersäits wéinst der Hausse vun de Recetten, anerersäits, wéi virdrun erwäänt, ka jo net all Projet realiséiert ginn.

Wéi gesot, ass am 2025er Budget en Emprunt virgesinn. Dat muss sinn. Et sti wichteg Investissementer virun der Dier an et musse Prioritéite gesat ginn. Ech denken hei un d'Schoulrenovatiounen, d'Spillplazen, d'Fréschmaache vu Stroossen an d'Reseauen, d'Maison-relaisen, de Séchere Schoulwee, Sportinfrastrukturen, awer och un d'Ateliere vun eise Servicer, un d'Acquisatioune vu Maschinnen zum Beispill.

Ech hat mer virgeholl, am Ufank hat ech eng ganz Rei vu Projeten opgezielt, mee ech mengen, den Här Buergermeeschter hat quasi all Projet den 2. Dezember erwäänt. An zwar ausféierlech. An ech wëll jo net hei andauernd Redondancë maachen.

Ech wëll awer och un déi verschidden Energieetüden denken, wou gekuckt gëtt, ob ee mat ëmweltlechen an nohaltegen – ëmweltfrëndlechen, pardon, an nohaltegen Energieverbrauch kann déi ganz Energie zeréckgräifen.

Sou gëtt zum Beispill gekuckt, fir eng duebel Gasheizung ze ersetzen duerch

en Hybridsystem. An d'Frëschwaasser an d'Ofwaasser gëtt net vergiess, mee dës Reseaue ginn ausgebaut a verbessert.

Vu datt mer elo grad vun Energie geschwat hunn, denken ech och un déi besteeënd an zukünfteg Photovoltaikanlagen, déi mer mat Sudstroum tatsächlech, vläicht awer och mat Sudenergie realiséiere kënnen.

Op der Metzeschmelz sinn elo och Proufbuerunge geplangt, fir erauszefannen, ob een déi Hëtzt vu 65 Grad, wann ech dat alles richteg matkritt hunn an der Ëmweltkommissioun, déi an enger Déift vun 1200 Meter leien, ausnotze kann. Domadder kéint een dësen neie Quartier, an en Deel vun Esch, hëtzen.

Ech begréissen och d'Subsiden, woumadder déi verschidde Veräiner an Associatiounen ënnerstëtzt ginn. Sief dat um sportlechen, kulturellen oder engem anere Beräich. De Schoulsport gëtt och ënnerstëtzt, zum Beispill mat der LASEP, mat ronn 180.000 Euro.

A wat allen um Häerz läit, ass déi sozial Komponent. Ech denken do zum Beispill un d'Allocation de vie chère mat 2 Milliounen oder e CIGL, deen d'lescht Joer mat 1,5 an elo geplangt mat 2 Milliounen ënnerstëtzt gëtt. Awer och aner wichteg Partnere ginn net vergiess.

An dann zum Theema Kultur. Hei zu Esch gëtt vill organiséiert an d'kulturell Eventer si qualitativ gutt an diversifiéiert. Ech begléckwënschen och all déi responsabel Servicer fir hiert Engagement. Déi konstruktiv Kritik, fir heiansdo punktuell gesi mat méi lokal Associatiounen a Geschäfter zesummenzeschaffen, ass weider ginn.

Ech denke mir, datt och haut vu FrEsch geschwat gëtt. Si organséiere flott a grouss Eventer a gi mat 3,9 Millioune subventionéiert. Eis eegen Escher Kulturhaiser kréien 20,9 Milliounen. Dëst soll weisen, wéi vill an d'Kultur investéiert gëtt.

D'Maison-relaise leie mir, an ech mengen, jidderengem heibannen, um Häerz. Dës Majoritéit setzt sech konsequent an, fir d'Waardeléscht ze verkierzen. Dësen Asaz mécht sech bezuelt. Et sinn an de leschte siwe Joer 1.000 Chaisë bäikomm.

Wann een elo de Pourcentage vu Chaisë par rapport zu de méigleche Kanner rechent, si mer elo op 61,4 %. Och deen Taux huet sech verduebelt. A mir schaffe konsequent weider, sou datt all Kand, wou et erwënscht ass, eng Plaz kritt.

D'Uelzechtstrooss ass och e wichtegen Theema. Fir eis alleguerten ass de Stadskär ganz wichteg. D'Uelzechtstrooss muss eng Kéier frëschgemaach ginn. Mir sinn dovunner iwwerzeegt a plangen och Etüden an. Mee dee Projet gëtt net direkt realiséiert. Déi nei Geschäfter mussen d'Méiglechkeet hunn, Fouss ze faassen, wat bei engem grousse Chantier net méiglech ass. Der nämmlechter Meenung iwwregens sinn och eng Rei Geschäftsleit. Mee d'Moderniséierung gëtt awer net vergiess.

Vergiess ass och net d'Sécherheet. D'Kamerae komme jo op d'Gare, mir hunn dee Projet-pilote mat der Police. Et muss een awer och preventiv virgesinn, zum Beispill mat Streetworkeren. Et geet drëms, ze hëllefen a virzebeugen an da sou dat Onsécherheetsgefill, wat munch Escherinnen an Escher huet, ze behiewen.

Den Här Ramdedovic ka leider haut net hei sinn, dofir wëll ech awer op eng Rei Beräicher agoen, déi hien normalerweis hei erwäänt hätt. De Beräich vun der Ekonomie ass e fundamentale Pilier vun der Entwécklung an d'Attraktivitéit vun eiser Stad.

An de leschte Joren huet d'Ekipp vum Departement des Affaires économiques mat vill Innovatioun an Engagement et fäerdegbruecht, fir d'Geschäftsleit ze ënnerstëtzen an d'lokal Ekonomie ze stäerken. Dës Efforte musse weidergefouert an ausgebaut ginn. Dofir si finanziell Moyene fir follgend Projeten am Budget virgesinn.

De Projet CLAIRE: Mat dësem innovative Konzept vum Leerstandsmanagement konnt den Taux de vacance commerciale am Escher Zentrum däitlech reduzéiert ginn. Am Laf vum Joer 2024 hunn 30 nei Geschäfter am Zentrum opgemeet. Eis zwou Popup-Strukturen an der Uelzechtstrooss bidden neie Geschäfter eng ideal Startplattform.

E weidere Schrëtt ass d'Gestion locative commerciale vun der Stad, déi et Entrepreneure méi liicht mécht, lokal Fouss ze faassen. Och déi Primm fir nei Geschäfter huet éischt Erfolleger mat fënnef Ufroe wärend de leschte Méint.

Den Escher Blog als digital Vitrinn fir lokal Geschäfter huet och zu enger méi positiver Perceptioun vun der Stad bäigedroen an ënnerstëtzt eis lokal Ekonomie.

Fir d'Zukunft sinn och méi Subsiden ageplangt, déi 2025 realiséiert ginn. Am Budget sinn am Beräich vun der Ekonomie och Etüde bezüglech der Usiidlung vun engem neien Handwierkerhaff an d'Ouverture vum Projet Cargobike Kreditter virgesinn.

Eng grouss Promotiounscampagne fir den Escher Stadzentrum gëtt lancéiert. En neit Konzept am Beräich vun der Animatioun soll d'Koordinatioun vun Eventer verbesseren an d'Attraktivitéit vum Zentrum erhéijen. Eventer wéi „Meet @ Esch", déi sech essentiell fir den Networking an d'Schafung vu Synergien am Beräich vun de Commercë beweise soll, soll och weiderentwéckelt ginn.

Den Tourismus ass e weidere wichtege Bestanddeel vum Budget. D'Websäit explore.esch.lu gëtt weider ausgebaut. Nei digital Tours guidés ginn erstallt. Eng Mountainbike-Locatioun gëtt opgebaut, dofir solle sechs nei Mountainbikes ugeschaaft ginn.

D'Renovatioun vum Camping geet 2025 a konkreet Etappen iwwer. De Fokus läit drop, de Camping ze moderniséieren an alternativ Iwwernuechtungsméiglechkeeten unzebidden. Am Budget sinn Etüde virgesi fir dës Planungsphas.

Wat d'Eventer betrëfft: Eng ganz Rei Eventer fir eng lieweg, attraktiv Stad si geplangt. Ech denken do un den Afterwork, Chrëschtmaart, Maart, Kiermes, Nationalfeierdag a sou weider.

Dir Dammen an Hären, bei der Presentatioun vum 2. Dezember huet den Här Buergermeeschter zitéiert – ech erlabe mer, d'Zitat ze kierzen an ech huele just de Schluss: Weist mer de Budget an da kann ech soen, wat Der wichteg ass.

Genausou ass et. An ech fannen, datt dëse Budget déi richteg Akzenter setzt fir eng nohalteg a responsabel Politik. An dofir wäert ech och dëse Budget ganz gär a voller Iwwerzeegung stëmmen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Bermes. Als nächst huet den Här Faltz d'Wuert an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, merci, Här Buergermeeschter. Ech géif mech och dem Här Bermes senge Mercien un dem Här Fleming an dem Här Goorix seng Ekipp uschléissen.

Awer och all deene Leit aus de Servicer, well een, deen esou eng Budgetskonzeptioun scho matgemaach huet, weess, wéi eng Hektik datt et ass, sou just virun de leschte Minutten, de leschte Stonne virun der Deadline. An och fir verschidde Leit aus de Servicer ass et ëmmer eng Spannung, ob dann hir Artikelen et dann och an de Budget gepackt hunn.

Mee de Budget ass jo elo virgestallt, d'Kaz ass aus dem Sak. An dofir, sou eng Virstellung am Budget ass jo och eng Geleeënheet, a mir hunn et elo grad héieren, fir d'Majoritéit, sech selwer mat Selbstluef ze iwwerschloen.

An dëser Sëtzung huet awer och d'Oppositioun d'Roll, fir dës Elogë mat Fakten ze relativiséieren an de Budget sou de Bierger.innen ze iwwersetzen, dass et verständlech an transparent gëtt. Sou soll d'Majoritéit dann och erëm mat béide Féiss op de Buedem. An ech denken, dat ass och zu hirem eegene Beschten.

De Buergermeeschter huet a senger Ried den Joe Biden zitéiert, an ech wäert d'Zitat awer weiderféieren. Effektiv sot den Joe Biden 2022: „My dad had an expression. He said, don't tell me what you value, show me your budget. And I tell you, what you value." Enn vum Zitat.

Leider huet de Buergermeeschter net weidergelies, allzäit net weider zitéiert. Well do geet et weider an hie seet: „The budget that I am relisting today sends a clear massage, what we value. First fiscal responsibility, second safety and security, and thirdly the investments we need to build a better America." Déi Valeure fanne mer leider nëmme bedéngt hei am Budget erëm.

Fiscal responsibility. Den Här Buergermeeschter behaapt, dat wier de beschte Budget zënter der Gemengefinanzreform. Wéi hien deen Ausdrock benotzt huet, ech mengen, dem Här Baum war et opgefall, huet en ee Moment sou eng Kéier ganz kuerz gezéckt.

Well déi Reform war 2016/17. An domadder vergläicht hie sech am Fong just mat sengem Virgänger, dem Här Mischo, deen 2017 un d'Muecht komm ass. An dat ass net wierklech eng ganz grouss Erausfuerderung, well wann een déi desastréis Finanzpolitik vun deene Joren da kuckt.

Well d'Zuele schwätze fir sech. Zënter 2017, also mam Untrëtt vun dëser Majoritéit, gëtt d'Schold vun der Gemeng stänneg an d'Luucht. D'Prévisionnelle Schold vun der Gemeng soll jo bekanntlech 2028 op 300 Millioune wuessen.

A wéi gëtt dat erkläert? Den Här Bermes huet et och elo genau sou gemaach. Fir de Budget an den Ekiliber ze kréien, gi virtuell Prêten agesat, mee dës Prête mussen dann op eemol net gezu ginn, fir dass mer eis dann erëm feieren, well mer Saachen net realiséiert hunn. An dat ass eng schéin Illusioun, mee et huet näischt mat gudder a seriöer Finanzpolitik ze dinn.

Firwat ass dat esou? Well et zënter de leschte siwe Joren e massiven Ënnerscheed gëtt tëscht de Verspriechen, déi den Escher Leit gemaach ginn, an deem, wat tatsächlech ëmgesat gëtt.

Dëst ass net nëmme schlechte Finanzmanagement, mee et ass och e Manktem u Respekt vis-à-vis vum Bierger, dee sech op Är Wierder misst kënne verloossen.

Och dat ass mat Fakten ze beleeën. Well wann ee kuckt, an dësem Dokument ass jo och den Decompte, also de realiséierte Budget 2023. Do stinn 93 Milliounen als realiséiert dran, awer ugekënnegt goufe previsionnel 207 Milliounen. Dat entsprécht grad emol 45 % vun deem, wat ursprénglech geplangt war.

Ech widderhuelen dat, wat den Här Bermes gesot huet: liicht ënnert dem previsionellen. Dir sidd e Proff. Dat wär, an dësem Fall wär vu 60 Punkte wär dat 27. Liicht ënnert der Eent.

Dofir passt fir mech e schéine Lëtzebuerger Ausdrock: Schaumschléier. Well déi 45 % si just de System hei an dëser Gemeng. An all deenen anere Gemenge geet dat éischter Richtung 70 % wéi Richtung 50 %.

Also wann Der Ären Diagramm vum Kont géift richteg erstellen, da géift Der nämlech gesinn, dass dat Stéck vum Kuch „non réalisé" – wa mer dat sou géifen nennen – an dësem Stéck, also 55 %, wär a méi grouss wéi de previsionelle Budget vu Logement a Schoulen; Äert Haapuleies ëmmer erëm an de Budgeten.

Also wéi gesot, an déi Zuele sinn net vu mir. Déi sinn aus Ären Dokumenter.

Den Här Buergermeeschter mécht sech awer och a senger Ried selwer onnéideg kleng mat onseriéise parteipolitesch motivéierten Aussoen. An dat géint eng LSAP-Inneministesch.

Dierf ech op dëser Plaz vläicht drun erënneren, dass d'Gemengefinanzreform, vun där mer hei schwätzen, vun där Esch haut am meeschte profitéiert, vum LSAP-Inneminister Dan Kersch ugedriwwen an ëmgesat ginn ass. Dank där Reform fléissen haut eng enorm Zomm vun 202 Milliounen Euro an d'Gemengekeess vun Esch.

Notamment duerch den deemoleg agefouerten Indice socio-économique, deen déi spezifesch Besoine vun enger Gemeng berücksichtegt. Awer virun der Reform, also den CSV-Inneministeren, war et virun allem déi räich Gemengen, déi belount gi sinn. Dat ass déi historesch Wourecht.

D'Reform vum Dan Kersch huet dësen ongerechte System gestoppt an eng méi gerecht Verdeelung vu finanzielle Mëttele geséchert. Besonnesch fir Gemengen, déi grouss sozial a wirtschaftlech Erausfuerderunge bewältege mussen – genausou wéi eeben Esch.

We value security and safety, sot den Joe Biden als zweete Punkt. Also ech hunn d'Dokument vum Plan local de sécurité 2023-2027, dee bekanntlech jo mat ganz vill Tamtam kuerz virun de Walen, wéi sech dat versteet, ugekënnegt gouf, eng grouss Pressekonferenz, hunn ech iwwerall am Internet gesicht. Ech hunn zwar eng Hellewull Fotoe fonnt, wou eis Politiker schéin an Zeen gesat goufen, awer net de fäerdege Plang.

Vläicht ass dat och guer keen Zoufall, well bis elo gouf guer näischt dovunner ëmgesat. Vun deene villverspriechende Moossnamen, déi d'Gemeng betreffen, ass näischt geschitt. Keng Installatioune vun ëffentlechen Toilettë fir d'Sans-abris, keng Aktivitéitsopwäertung vun den ëffentleche Plazen, wéi zum Beispill d'Brill-Plaz, keng Grënnung vun Aarbechtsgruppen, keng Formatiounen, keng Sensibiliséierung an de Schoulen – an dat wär awer einegermoosse wichteg fir eis Jugend.

Et goufe souguer keng Flyeren, well dat brécht sech erof op ganz kleng Aktivitéiten. Et goufe keng Efforte gemaach an engem koherente securiséierte Vëloswee – och wa mer dat hei ëmmer erëm erzielt kréien. An d'Schoul, an d'Eltere wäerten lech erzielen, dass um Séchere Schoulwee och vill geschwat gëtt, an net vill gemaach.

*(Interventioun Här Meris Sehovic).*

Merci fir d'Interventioun, Här Sehovic.

Mee d'Lëscht geet weider. An dach ass ee Punkt op dësem Budget, an et gouf och elo scho gesot, d'Kameraen. Am PLS sti Kameraen fir Plaze wéi d'Maartplaz, d'Brillplaz, Boeltgen,

Rue St. Michel, Rue St. Vincent, Zénon-Bernard-Strooss an Uelzechtstrooss. Alles Stroossen a Punkten am Zentrum.

Wat gouf bis elo op dëse Plazen a Stroossen gemaach? Wou stinn do Kameraen? Néierens. Déi eenzeg Plaz, wou bis elo Kameraen eeben opgestallt wäerte ginn, ass d'Gare routière an de Boulevard Kennedy. Dass déi Kameraen als eenzeg op CFL- an op Staatsterraine leien, wou d'Gemeng am Fong keng Weisungsberechtegung huet, gesinn ech méi als just en Zoufall.

Eng aner absurd Situatioun, déi sech am Budget erëmfënnt, ass d'Spillplaz op der Dall hannert der Grenzer Kierch. Am PLS sot Der, Dir wéilt d'Géigend ronderëm déi Plaz mat enger Spillplaz animéieren, fir d'Squatten ze verhënneren an de Raum fir d'Kanner opzewäerten.

Mee wat geschitt elo tatsächlech? Eng Spillplaz gëtt wuel gebaut, mee se gëtt wéi e Prisong zougemaach a fir d'Kanner vun der Maison relais privatiséiert. Genau wéi déi an der Maison relais Sprëtzenhaus.

Amplaz also de Kanner am Quartier, déi déi Spillplaz batter néideg hätten, e wichtege Raum ze bidden, fir sech ze entfalen, ignoréiere mer se komplett de Sënn an Zweck vun dëser Plaz.

An der Vergaangenheet, an dat wëll ech eng Kéier drun erënneren, wa gewosst war, dass op Spillplazen nuets Aktivitéite waren, war et ëmmer d'Prioritéit vun der Gemeng, déi Plaz moies als éischt ze kontrolléieren a se sou séier wéi méiglech fir d'Kanner erëm fräizemaachen. Well mer d'Kanner an dëser Fro ëmmer prioriséiert hunn.

A wéi ass et elo? Dir späert se zou. Oder wéi Der am PLS sou schéi schreift: Mir reguléieren den Accès.

Wat ass also d'Roll vun der Gemeng op dem niddregsten Niveau, wann net all d'Spillplaze fir all d'Kanner zougänglech ze maachen? Stellt sech also déi fundamental Fro Security and Safety? Wierklech? Dëst ass näischt Aneres wéi erëm eng Rei u Verspriechen.

Dir wäert eis elo erzielen, dat ass e Prozess. Deen ass och bis elo net agehale ginn. Oder respektiv komplett iwwer d'Zil erausgeschoss hutt. Well et fënnt sech soss guer näischt am Budget. A wat dat jo heescht, erkläert eis jo perfekt dem Här Buergermeeschter säi Biden-Zitat.

And thirdly, an och nom Biden, the investments needed to build a better Esch. Sinn déi dann am Budget?

Dir schwätzt ëmmer nees, an och den Här Bermes huet et ernimmt, vun Ärem Engagement, fir d'Liewensqualitéit vun eise Bierger an d'Entwécklung vum Escher Zentrum, besonnesch vun der Uelzechtstrooss an den Niewestroossen, héichzehalen.

Dat war schonn, an ech wëll drun erënneren, 2017 eng vun den dräi eenzege Walpunkte vun der CSV – nieft der Sportshal an der Kiermes versteet sech. Haut, elo, 2025, aacht Joer méi spéit heescht et an Ärer Ried: „Wirtschaftlech Entwécklung vun der Stad, besonnesch am Zentrum, soll duerch d'Gesamtkonzept gefërdert ginn."

Da muss ee sech elo wierklech froen, wat ass dann an deene leschte siwe Joer geschitt. Den Architekteconcours, dee kuerz virun de Wale vun 2023, dit-donc, ofgeschloss gouf, wat ass deen dann nach wäert, wann Dir selwer sot, dass et elo net de Moment ass, fir e grousse Chantier am Zentrum unzefänken?

Dir huelt och de Geschäftsverband, an och den Här Bermes seet dat, mat an den Narrativ, fir esou aus der Verantwortung erauszekommen. Mee fir en Ëmsetze vun esou wichtege Projete

geheiert, dass een d'Geschäftsleit mathëlt a keng Panik mécht. Sou no 3,5 Joer Vollchantier an der Uelzechtstrooss.

Mee kloer an transparent erkläert, dass esou e grousse Chantier besonnesch an enger Foussgängerzon duerchféierbar ass. An dat mat iwwerschaubaren Auswierkungen op d'Aktivitéite vun de betraffene Geschäfter. Dat wär de Wee.

Well wann ee kee Courage huet, dann ass dat a priori ni de richtege Moment fir e grousse Chantier am Zentrum. Wann Der näischt maacht, dann hutt Der kee Courage, politesch ze gestalten, an Dir hutt all déi Wieler bedrunn, déi Iech 2017 gewielt hunn. An notamment gewielt hu wéinst Ärem Haaptverspriechen, d'Uelzechtstrooss ze iwwerschaffen.

Well d'Geschäfter, déi kommen a ginn. Dat ass an all Geschäftsstrooss esou, dat ass de Fait. An dat geschitt iwwerall. Och an der Stater Gemeng. Mee ass et net eis Aufgab als Gemeng, déi nei Geschäftsleit ze iwwerzeegen, dass den Zentrum eng liewenswäert Plaz ass a wou ee bereet ass, och an dëse Kär ze investéieren?

Dofir muss ee sech also elo froen, firwat ginn dann elo erëm bal 400.000 € an e Gesamtkonzept gestach, wat all Mënsch weess, dass d'Uelzechtstrooss dës Legislaturperiod net wäert ugepaakt ginn.

Mir kënnen eis awer sécher sinn, dass kuerz virun den nächste Walen 2029, vläicht souguer 2028, jee nodeem wéi een do Besoin huet, en neit schéint Bild vun engem Konzept presentéiert gëtt, ouni dass eppes Konkreetes realiséiert gouf. Dat Bild soll 2019 d'Wuerzel sinn, déi den Iesel alt nees virun d'Nues gehale kritt.

Mee ech kann Iech just soen, d'Escher si keng, d'Escher Wieler si keng Ieselen. Well genau elo wär de Moment, fir an den Zentrum ze investéieren. Well nei Quartiere ronderëm, entsti ronderëm de Stadkär, an déi wäerten net nëmme wirtschaftlech Konkurrenz fir den Zentrum sinn, mee och duerch hir Gestaltung e Raum bidden, an deem ee sech léiwer ophale wäert wéi an dësem alen Zentrum.

A wann den Tram de Stadzentrum méi oder manner lénks leie léisst, wäert Der déi Konsequenze gesinn an Dir wäert se spieren. An et wäert dann erëm méi schwéier ginn, sech géint d'Rout Lëns, d'Metzeschmelz an och de Belval ze behaapten.

Well am Zentrum ass jo vill ze maachen. Et geet jo bei Wäitem net nëmmen ëm d'Uelzechtstrooss. Ech erënnere mech, dass virun engem Joer iwwer d'Neigestaltung vun der Groussgaass an der Remparts-Plaz diskutéiert gouf. Mat engem politesche Choix, deen op Käschte vun der Foussgängerzon gaangen ass. Dat kann een absolutt novollzéien. Béid Chantiere si wuel net zesummen ze maachen.

Wat een awer net novollzéie kann, ass, firwat déi Etüdskäschten, déi fir 2024 am Budget virgesi waren, elo komplett op 2025 geréckelt goufen. Integral. Dat selwecht gëllt fir d'Kanalstrooss. Elo wou de Vëloswee vum Vëlodukt um Däich ukomm ass, elo waarde mir emol of, wat domat geschitt, amplaz proaktiv ze handelen. Mir kucken, mir studéieren, mee maache maache mer näischt.

Et geet awer nach weider, mir si jo nach net duerch. D'Etüd vum Projet CEBREDI, deen 2014 ugefaangen hunn, kommen dëst Joer mat Etüdskäschten op en Enn. Am Ufank vum Projet 2014 gouf richteg séier geschafft a mat fënnef realiséierte Projeten – Rue Nothum, Brill-Strooss, also d'Foussgängerzon, d'Liberatiounsstrooss, deen Deel zum Kennedy, d'iewescht Uelzechtstrooss an d'Pasteur-Strooss – ass et direkt richteg virugaangen am Zentrum.

Mee zënter 2017 ass de Rhythmus dramatesch eraus. Zënterhier gouf just d'Zénon-Bernard-Strooss, e klengen Deel vun der Dicks-Strooss an déi kleng Millestrooss fréschgemaach. An dat ass et elo da fäerdeg.

Wat feelt, ass nämlech eng laang Lëscht. De Rescht Dicks-Strooss, de Rescht Millestrooss, de Rescht Brill-Strooss, d'C.M.Spoo-Strooss, d'Pierre-Claude-Strooss, de Rescht vun der Liberatiounsstrooss an d'Xavier-Brasseur-Strooss. Mir sinn emol nach net an der Hallschent. An et gëtt ëmmer dat selwecht Argument: Et ass net de richtege Moment fir e grousse Chantier am Zentrum.

Mee d'Wourecht ass, et brauch ee Courage. E Courage, deen Är Virvirgänger haten, wéi se deemools d'Uelzechtstrooss géint vill Oppositioun, a méiglecherweis och aus Äre Reien, eng Foussgängerzon gemaach hunn. Haut stellt sech dach kee méi d'Fro, ob dës Decisioun richteg war.

Et war eng Decisioun mat Courage a Bléck no vir. An esou e Bléck feelt lech haut. Ganz genau sou wéi de Courage.

Well wat steet dann elo 2025 am Stroosseraum am Budget? Also wa mer de Budget elo genau kucken, keen neie Stroosseprojet. Alles gouf vun 2024 iwwerholl an et gouf alles weidergeréckelt. Et ass déi opgewiermt Zopp vum Joer virdrun.

Well nieft der schonn ernimmten Etüde vu Kanalstrooss, Groussgaass a Remparts-Plaz kommen nach weider Projeten, déi einfach op den nächste Budget geréckelt goufen – Dieswee, Winston-Churchill-Strooss, Rue Fandel, Rue Hoferlin, Rue Petit, Rue Marcel Reuland, de Vëloswee fir op de Puddel, de Vëloswee vum Dieswee an d'Hiehl, d'Würth-Paquet-Strooss an och nach eng Etüd vum Boulevard Kennedy.

Dir wäert elo soen, jo, mir hunn lech de Projet vun der Würth-Paquet-Strooss an der Millestrooss hu mer lech scho virgestallt. Jo, e Bild. Wou steet de Bagger?

Well mir schwätze jo net nëmmen iwwer Stroossen, wa mer, wann ech elo natierlech mäin Haaptuleies hei schwätzen. Mir schwätzen iwwer d'kollateral Opwäertung vun eiser Stad. Mir schwätzen iwwer verbessert Reseauen – déi hat den Här Buergermeeschter ernimmt –, iwwer Energietransitioun, iwwer Raumgestaltung, iwwer Entsigelung, Stroossebeliichtung an natierlech och Mobilitéit.

Wat setze mir dogéint, oder wat setzt Dir dogéint? 500.000 € Jardins éphemères. Eng Plooschter, e Kräizbandrëss, e bësse blosen an de Bobo ass fort.

Wann dann en Escher Schäffen, dobäi och nach national gewielte Volleksvertrieder, d'Ausso mécht, dass déi Projeten net konnten ëmgesat ginn, well keng Entrepreneuren disponibel wieren, fir déi Aarbechten ze verriichten, dann ass dat net nëmmen héich problematesch, mee och onverständlech.

Besonnesch wann ee bedenkt, dass de Secteur vum Déifbau hei zu Lëtzebuerg de meeschtréckleefegen ass an déi Entrepreneure verzweifelt alleguer no Aarbecht sichen. Sou Aussoe si méi wéi bedenklech a werfen net nëmmen d'Fro iwwer d'Prioritéite vun de Verantwortlechen op, mee virun allem iwwert hir Kompetenz.

Summa summarum huet dës Majoritéit am Stadkär, ausser d'Zénon-Bernard-Strooss, keen eenzege koherente Projet an deene leschte siwe Joer fäerdegbruecht. Keen een. Dëst weist kloer, also Dir kënnt de Renovéierungsstau guer net opléisen, well dës Majoritéit ass de Renovéierungsstau.

Mee Dir hutt an Ärer Ried och vu Krise geschwat. Klimakris, Logementskris, Energiekris et j'en passe. All dësen Erausfuerderunge musse mer eis als Gesellschaft stellen, déi ëmmer méi Leit direkt betreffen.

Mee als Gemeng dierf et awer net sinn, dass mer eis hannert dëse Krisen ëmmer erëm verstoppen. D'Realitéit ass nämlech, dass eng Gemeng mat hire Budgeten an hiren Dotatiounen – mir hunn et héieren, 202 Millioune fir dëst Joer –, déi se kritt an déi reegelméisseg och gehéicht ginn, am Moment keen Affer vun dëse Krise méi ass.

An dach gëtt sech ëmmer erëm an dësem Sall an de Riede betount, a mir wäerten et 100 % erëm haut héieren, wéi schwéier dass dës Krisen d'Escher Gemeng alt erëm treffen. Et ass esou en dankbaart Argument. Mee eng Gemeng muss hir Verantwortung iwwerhuelen an en aktiven Acteur an der Krisebewältegung sinn.

Hei ass d'Fro, wat kënnen, wat musse mer als Gemeng maachen, fir konkreet a lokal Léisungen ze fannen, déi wierklech en Impakt bei den Escher hunn. Net nëmme fir haut, mee och fir d'Generatioune vu muer. An dat feelt mer komplett an dësem Budget.

Et ass positiv, dass mer eis virgeholl hunn, 2025 op eng 1,5 Megawatt Peak a Photovoltaik ze kommen. Mee wann ech dat mat engem Effort vun enger quasi gläichgrousser Südgemeng vergläichen, déi bal beim véierfache vun Ärer Leeschtung läit, gëtt et kloer, wéi vill méi méiglech wär.

An en plus wat de finanzielle Support ugeet, dee mir e Budget u lächerlechen 125.000 € fir Privatleit virgesinn, déi an erneierbar Energien investéiere wëllen. An der Tëschenzäit bidden Nopeschgemenge bis zu 30 % Zouschoss un. Zu Esch sinn et der ganzer 10, mat engem Maximum vun 3.000 €. Dat weist ganz kloer, dass eisem Schäfferot de konsequente Wëlle feelt, fir a gréng Energië wierklech als Prioritéit unzegoen.

Well d'Erhéijung vun den Energiepräisser ass eng Situatioun, mat deene mir ab dem 1. Januar konfrontéiert sinn. D'Entnotzungskäschte wäerten heifir verantwortlech sinn. Eppes, wat schonn duerch den ILR validéiert gouf. Dës wäerte sech vill Leit eréischt bewosst ginn, wann déi Rechnung 2025 an d'Haus flitt. A mir wëssen alleguerten, déi Situatioun gëtt net besser.

Amplaz sech och hei iwwer déi Faiten erëm ze bedaueren, dass dat Méikäschten am Budget bedeit, hätte mer léiwer héieren, wat sinn d'Impulser vun der Escher Gemeng als Haaptaktionär vu Sudenergie, respektiv als eenzegen Aktionär vu Sudstroum, fir dës Präissexplosioun fir eis Bierger, an zemools deenen a prekäre Situatiounen, ofzefierderen.

Wou sinn d'Strategien, déi konkreet Entlaaschtunge bréngen? Hätt sech am Budget gutt erëmfonnt.

Et geet also net duer, d'Kris just als Argument fir Posten am Budget ze benotzen. Well d'Gemeng huet net nëmmen eng Méiglechkeet, mee eng Verantwortung, aktiv Moosnamen ze ënnerstëtzen, fir den Escher Leit ze hëllefen.

Och hei wär essentiell, dass d'Roll, d'Gemeng hir Roll als Leader unhëlt a konkreet Pläng virleet, déi eis Bierger schützen an d'Käschten net nach méi héich schrauwen.

D'Gesellschaft knat och un enger aktueller Logementskris, wou eng Gemeng fir eis Matbierger eng Stäip muss sinn. De Logement ass ee vun eise gréisste sozialpoliteschen Erausfuerderungen, déi mer hunn. An Dir hutt jo, Här Buergermeeschter, dat als Pièce maîtresse vun dësem Budget an Ärer Ried ëmmer erëm uklénge gelooss.

Dir hutt wëlles, mam Projet Rout Lëns massiv an de Parc locatif am Kontext vun dësem Projet ze investéieren, an dat ass absolutt positiv. Mee loosst eis awer net vergiessen, dass dat net nëmmen de Choix vun dëser Politik a vun dëser Majoritéit ass, mee dat ass eng kloer Verflichtung duerch de Pacte Logement.

A mat 75 staatlechen Ënnerstëtzungen um Bau, un de Käschte vum Bau ass et éierlech gesot domm, dëst net schonn zënter vill méi Laangem konsequent genotzt ze hunn. Hei gouf alt erëm vill Zäit verluer.

An och hei musse mer de gesonden Zweiwel spille loossen. Mat iwwer 51 Milliounen Euro, déi an de Logement investéiert ginn, kléngt dat natierlech gutt, léisst sech also e staarke Message no baussen transportéieren.

Awer de genaue Bléck weist, 39 Milliounen Euro stinn eleng dëst Joer am Budget fir d'Acquisitioune vu Wunnengen op der Rouder Lëns. Wéi gesot, eng gutt an eng richteg Initiativ. Mee ënnert dem Stréch ass dat, wat wierklech zielt, ass d'Fro, wéi vill Wunnengen dann um Enn vum Joer tatsächlech kaaft ginn.

Och hei hunn ech dann den extraordinäre Budget 2023 mam Kont 2023 verglach. A fir fair ze bleiwen, hunn ech mer erlaabt, de Budget am Beräich Logement, well do sinn nämlech déi Posten net koherent, esou ze rechnen – ech mengen, dass et éischter lech entgéintkënnt. An da kréie mer e realiséierte Budget vu 35 % effektiv eraus.

Dat ass 17 vun 20. An dat, ech betounen, ass wierklech an Ärer Faveur gerechent. An Dir kënnt dat gären norechnen. Déi Zuele sinn offen.

Dat heescht, wat solle mer dann elo gleewen? D'Ried vum grousse Budget oder d'Zuel vun deem tatsächlech realiséierten? Oder gëtt elo alles anescht?

Beim Logement muss een dann och en Theema erwänen, dat hei zu Esch dann awer eng grouss Relevanz huet. Den eegene Wunnengsportofolio an de Renovatiounsstau, deen domadder verbonnen ass.

Och hei ass vill Zält verluer gaangen, an do huelen ech déi Majoritéit vu virun 2017 definitiv net eraus. Mir wëssen, dass eidel stoend Wunnenge fir eng Gemeng net akzeptabel sinn. Am Moment huet d'Escher Gemeng 46 Wunnengen, déi net genotzt kënne ginn.

Mir mussen awer als Gemeng mam gudde Beispill virgoen, wa mer eis erlaben, mam Fanger op aner Privatleit ze weisen, déi hir Wunnengen net verlounen a se gegeebenfalls souguer, a fir se da gegeebenfalls souguer mat Taxen ze beleeën.

Fir dëst Joer sinn am Budget 2,5 Milliounen Euro virgesinn, fir dës Situatioun ze verbesseren. Op den éischte Bléck schéngt dat e substanziellen Effort ze sinn, a mir begréissen dat. Mee wéi gewinnt, muss een dann och erëm hannert Är Zuele kucken. An dat mat konkreete Beispiller.

Véier Haiser stinn um Programm. An der Remparts-Strooss, eent um Liesbierg, eent am Gruef an eent op der Leier. Dat si kleng, e bësse méi al Haiser, ëm déi 100 m$^2$, sinn um Marché net wierklech attraktiv an dofir och ideal, dass dës Objekter an eise Parc locatif opgeholl goufen.

Mee wann ech awer d'Käschte kucken, am Total wäert Der 4,5 Millioune virgesinn, fir déi véier Haiser ze renovéieren. Dovunner 1,5 Milliounen nëmme fir d'Kolonie um Liesbierg; wuelgemierkt ouni d'Acquisitioun.

Sou kascht d'Renovéierung vun der Kolonie mam Akaf wuel ëm déi 2 Milliounen Euro. Fir manner wéi 100 m$^2$. Also do stellt sech d'Fro no der Effizienz a komplett no der Verhältnisméissegkeet.

Hei musse mer da wuel éischter vun enger Restauratioun oder vun enger Konservatioun schwätze wéi vun enger Renovatioun. Well esou héich Käschten an esou klenge Wunnengen ass fir mech net ze erklären. Also do feelt mer komplett d'Relatioun.

Kee private Bierger géif esou mat senge Suen ëmgoen, wann e se selwer misst renovéieren oder bauen. Hei gi manifestement op en Neits ëffentlech Gelder mat béiden Hänn zur Fënster erausgeheit. Ass dat wierklech Är Virstellung vun enger räsonabeler Investitiounspolitik?

De Präis pro Haus ass vill ze héich an et si vill ze wéineg Wunnengen, déi an nächster bewunnbar ginn. Mir kréie keng véier Haiser fir 4,5 Millounen. Mir missten der 40 fir 20 maachen. An dat wär nach eng hallef Millioun pro Haus, wat e ganz, ganz elegante Budget ass.

Mir brauche schnell, effizient a pragmatesch Renovéierungen, fir dass d'Escher déi Haiser an déi Wunnengen och bewunne kënnen.

Effizient a pragmatesch. En einegermoosse schwéieren Iwwergang fir bei Är Kulturpolitik. Oder besser Eventpolitik. Ech si kee Fan vun Ärer Eventpolitik, dat ass kee Geheimnis, awer trotzdeem vun Ärer konkreeter Aarbecht vun eise Kulturhaiser.

Vun deenen Institutioune sinn ech e grousse Fan, definitiv. Oder wéi et op Ärer Dauerkaart vum Theater steet, e Mordu. An dofir diskutéieren ech net iwwert de Budget vun der Kultur am allgemengen. Well Kultur ass wichteg a se huet säi Präis. An do stinn ech voll dohannert.

Mee dat gëllt net fir de FrEsch-Clibbchen, deen all gudden Dag mat Negativschlagzeilen an der Press ass a wou sech mat angeeblechen Zuelen a Resonanze selwer belu gëtt. Et muss ee scho wierklech an enger enker Bulle liewen, fir domadder – an domadder mengen ech net hei déi Bulle un der Fassad – fir net ze gesinn, wéi desorganiséiert an onverhätlnisméisseg dëse Projet ass.

An der Bulle konnt een iwwregens erauskucken an dat war och eng Installatioun, déi ech absolutt ënnerstëtzen, well se huet keen onberéiert gelooss. An doréms geet et. Mee loosst dofir Är Haiser schaffen, well FrEsch brauch dofir net 3,9 Milliounen.

Wa wärend der Biennale eis Kulturhaiser net hire ganz normale Programm am Kader vun der Biennale matgefouert hätten, wier näischt fir d'Biennale op d'Rei komm. Ausser natierlech de Festival.

A wann, wéi all Joer, am héije Fréijoer ee Mount laang de Gaalgebierg soll zou sinn, fir dësen net nohaltegen Event duerchzezéien, dann ass dat fir mech net akzeptabel. Sou eppes gëtt et néierens. A kenger Gemeng.

D'Ausgabe fir FrEsch si komplett onverhältnisméisseg zum Resultat. A wéi kann een als hallefweegs verstännege Mënsch esou eppes zouloossen?

A a mer da scho vun onverhältnisméissegen Ausgabe schwätzen, loosst mech och e puer Wuert iwwer eis Personalpolitik verléieren. Ech hunn dem Här Buergermeeschter seng Milchmädchenrechnung gutt am Kapp, an ech hu se och genoss, déi en als Erklärung opgefouert huet, firwat dass mer dann elo netto net esou vill Leit méi agestallt hätten an dass dat mat de Maison-relais …

Also ech weess net, op wéi engem Schreifdësch dass déi Zuelen entstane sinn, mee ech hat net wierklech d'Gefill, dass Der selwer dru gegleeft hutt.

Fakt ass – ech hunn e bëssen nogefrot, wéi d'Situatioun an anere Gemengen ausgesäit.

Besonnesch am Verhältnis tëscht der Masse salariale an den ordinären Ausgaben, respektiv wéi vill extraordinäre Budget mat der selwechter Masse salariale ëmgesat kënne ginn.

A béide Vergläicher sti mer op leschter Plaz. De loin. An dëst ouni d'Paie vu FrEsch ze berücksichtegen. Well do ass en héije siwestellege Montant, deen am Fong an den Ordinaire gehéiert, am Extraordinaire verbucht. A mat deenen Zuele wär eist Resultat nach méi katastrophal.

Mee ech hu mer awer soe gelooss, an de Betriber gëtt et awer schonn en Astellungsstopp, an dat och scho wärend enger Zäit. Mee leider Gottes awer nëmmen an deene Servicer, déi eis vläicht kéinten hëllefen, de Renovéierungsstau opzeléisen, wéi den Héichbau, den Déifbau an d'Reseausservicer. An och nach anerer.

Dëst féiert mech dann och nach zu engem Niewepunkt, deen awer kruzial ass fir e gutt Funktionéiere vun enger Gemeng. Et gëtt nach ëmmer kee koherente Plang fir eng Mairie technique. Am Budget gesi mer alt erëm esou Splitterprojete wéi eng Hal an der Lankelzer Strooss an e Budget fir um Barbourg, méiglecherweis fir eng weider Demolitioun. Ech weeess et net.

Mee och hei gesäit et aus, wéi wa mer nach ëmmer keng Luucht um Enn vum Tunnel géifen erkennen.

Alles an allem rappt eis dëse Budget jo net vum Stull. An déi Betitelung „beschte Budget" ass eebe vill méi schwaach wéi gudde Budget, deen et jo och net ass. Mee am Fong muss ee sech jo froen, wou läit de Problem.

Dir hutt vill méi Sue wéi Är Virgänger a kënnt weesentlech op méi Personal zeréckgräifen. Mee iergendwéi kritt Der dat awer net op d'Rei. Dir proposéiert. Dir proposéiert Energietransitioun, Plan local de sécurité, Plan local de mobilité, Uelzechtstrooss, Niewestroossen, CEBREDI, Sportarena, Sportmusée, Vëlosreseau, AbriSud, Ofbau vum Renovéierungsstau.

A wat gesi mer? Ausser Ukënnegungen a permanent Lamentéieren iwwer Krisen an héich Käschten näischt Konkreetes. Äre Prozentsaz u Realisatiounen ass historesch schlecht. An dat schonn zënter sechs Joer. An zwar sou historesch, dass et entre-temps schonn normal ass.

Vläicht ass et esou, dass manner Ressourcen dacks dozou féieren, sech op déi wierklech relevant an essentiell Saachen ze konzentréieren. Oder wéi Dir sot, Här Buergermeeschter, wat wierklech wichteg ass.

Well meng Impressioun ass wierklech, Dir hutt einfach ze vill Suen an Dir kënnt mat deene Suen einfach net ëmgoen. An Dir wësst net, wat de Wak derwäert ass. Dat gesäit ee bei der Sportshal, bei den Alentourse vun der Sportshal, bei der Renovéierung vun Haiser, bei FrEsch et j'en passe.

Dir presentéiert elo erëm e Budget vun 196 Milliounen Euro, wou Ären héchste Réalisé, ech hat et virdru gesot, 93 Millioune war. Manner wéi d'Hallschent. Dat stännegt Flunkeren ass net gutt fir Esch, et ass och net gutt fir déi Leit, déi Dir representéiert.

An ech verstinn, dass Dir dës Meenung absolutt net deelt. An den Här Sehovic mécht dat jo ëmmer Kund hei. An ech verstinn och souguer, dass Der vläicht vexéiert sidd iwwert dat, wat ech hei soen. Mee et ass net eis Roll, Iech hei mat Blummen ze streeën.

Ech hoffe just, dass vläicht nom Biden eis Valeuren an dëser Analys vun Ärem Budget kloer ze erkenne sinn. An dofir gräifen ech

vir, fir d'ganz LSAP-Fraktioun, dass mir dësen opgeplusterte Budget natierlech net matstëmme wäerten. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Faltz. D'Madamm Ragni huet d'Wuert, an duerno den Här Baum.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Press, léif Escherinnen an Escher, et ass mir haut eng grouss Éier, kënnen zum Budget fir 2025 e puer Wuert ze soen. Als alleréischt géif ech awer gär am Numm vun der grénger Partei all de Servicer Merci soen, an dem Vicent Goorix an dem Claude Fleming fir d'Opstelle vun dësem Budget.

De Budget ass déi finanziell Landkaart vun enger Gemeng a weist, wouhin d'Politik fir hir Bierger histeiert. E léisst eis gemeinsam Ziler erreechen an d'Bedierfnesser vun eise Bierger erfëllen.

Duerch strateegesch Investitioune kënnen Erausfuerderunge wéi de Klimawandel, de Logement oder d'Bildung fir eis Kanner besser gemeeschtert ginn. En duerchduechte Budget hëlleft net nëmmen, fir d'aktuell Besoinen ze decken, mee och eng stabill Zukunft ze garantéieren.

Eng onstabill Politik féiert dacks dozou, zu sozialer Onrou an zur Spaltung vun der Gesellschaft. D'Geschicht huet eis ëmmer gewisen, wéi destabiliséiert Politik zur Spaltung vun der Gesellschaft ka féieren, wéi dat de Moment an eisem Nopeschland Frankräich ze gesinn ass.

An engem onstabille politeschen Ëmfeld profitéieren dacks d'populistesch a radikal Beweegunge vun der Onzefridden an der Onsécherheet vun de Leit. Eng stabill Politik ass d'Fundament fir de Fortschrëtt an d'Wuelbefanne vun der Gesellschaft.

Stabilitéit garantéiert eng ekilibréiert wirtschaftlech Entwécklung, stäerkt d'Vertrauen tëscht Bierger a Politik a verhënnert d'Gefor vun der sozialer Spaltung. An onstabillen Zäiten, wéi mir se weltwäit erliewen, duerch Kricher, wirtschaftlech Suergen an Intoleranz gëtt eis Verflichtung, d'Stabilitéit ze sécheren, nach méi evident.

D'Zukunft vun enger Gemeng gëtt net nëmmen duerch Bëton an Infrastrukture geformt, mee och duerch d'Liewensqualitéit, déi mir eise Bierger bidden.

Verantwortung iwwerhuelen heescht och, ëffentlecher Gelder, also och d'Suen, déi mir vun de Steierzueler kréien, mat Respekt an transparent ze verwalten. E Beispill dovunner ass dat, wat de Buergermeeschter a senger Ried betount huet. Nämlech datt den Emprunt vu 97,5 Milliounen Euro, deen ursprénglech geplangt war fir 2024, eebe grad net gezu muss ginn.

Am rektifizéierte Budget vun 2024 komme mir op 42 % Investitioune fir eng nohalteg Zukunft, wat den Enseignement an d'Maison-relaisen an de Logement ugeet. Wichteg Projete fir Esch konnte lancéiert oder ofgeschloss ginn.

D'Wobréckener Schoul konnt hir Dieren opmaachen. Dësen inklusiven an intergenerationelle Campus ass geduecht fir bis zu 20 Klassen an 300 Schoulkanner. Zousätzlech sinn eng Maison relais, eng Crèche fir 40 Kanner, eng Kichen, eng Maison de soins Deel vun dësem Campus, deen ëm en intergenerationelle Park gebaut ass.

Eng Etude démographique ass säit 2024 gemaach ginn, déi eis an den nächste Jore weise soll, wou de reelle Besoin ass, fir Schoulen a Maison-relaisen ze bauen. De Sécher Schoulwee konnt a weidere Quartieren ausgebreet ginn. Déi nei Maison relais bei de Pomjeeë konnt ageweit ginn.

Vill Adaptatioune fir de Vëlo sinn an Zesummenaarbecht mat de Servicer, awer och Associatioune verbessert ginn. Am Quartier Lalleng konnt déi nei Antenn vum BiBBS am ale Postgebai opgemaach ginn – fir nëmmen dës Projete vun 2024 ze nennen.

Wann een elo d'Prioritéite fir de Budget 2025 kuckt, kéint ee soen, datt et e Budget ass, deen d'Sozialpolitik am Häerz dréit. D'Sozialpolitik an d'Nohaltegkeet ass eng Prioritéit, eng Volontéit an eng Kontinuitéit, firwat dës Majoritéit ugetrueden ass. Deen heite Budget ass voll mat Saachen, well et eis fir Esch wichteg ass.

Eng Stad mat manner Verkéier ass eng Stad, déi de Mënsch an d'Natur méi no bréngt an d'Liewensqualitéit erhéicht. Wéineg Verkéier an engem Quartier a méi Mobilité douce huet vill positiv Impakter op d'Ëmwelt an d'Loftverschmotzung.

Mat manner Autoen erhéicht sech d'Liewensqualitéit an engem Quartier, Stroosse kënne méi frëndlech fir Foussgänger, vulnerabel Mënschen a Kanner gestalt ginn. D'Wuelbefanne vu Kanner a Foussgänger ginn eng weesentlech Prioritéit, wann et drëms geet, e liewenswäerte Raum an engem Quartier ze schafen. Am Kader vum Plan local de mobilité 2035 sti fir de Budget eng ganz Rëtsch u Stroossen a Reamenagementer vu Plazen a Beliichtung dran.

Mee och de Vëlo kënnt net ze kuerz. Eng Mobilitéitsetüd, déi de Vëlodukt mat dem Stadhausplaz uschléisse soll, steet an eisem Budget fir 2025. De Vëloswee am Puddel an de Vëloswee zu Lalleng kréien eng nei Beliichtung a Reflexiounen.

Ze begréissen ass och an dësem Budget, datt d'Primm fir e Kaf vun engem Vëlo nach ëmmer weidergeet an och dass déi nei Maison du vélo mat engem Budgetsartikel vun 12.700 € ënnerstëtzt gëtt.

Am Zentrum ass deen éischten Deel vun der Rue du Moulin gemaach. Hei ass d'Strooss zeréckgebaut ginn an e Shared Space entstanen. Dëst ass souwuel fir de Foussgänger, mee och fir de Vëlo méi agreabel.

D'Rue Würth-Paquet ass frëschgemaach ginn an déi riicht Rennstrooss ass duerch Schikaneféierung duerchbrach ginn. An der Rue Winston Churchill bei der Wobréckener Schoul ass schonn duerch déi provisoresch Blummebacken an eng Adaptatioun den Duerchgangsverkéier ënnerbrach ginn. Do gëtt awer och nach e Platto gebaut, deen den Duerchgangsverkéier op Dauer ënnerbrécht an eebe sou e méi agreabele Wunnquartier schaaft.

Den Invest an déi besteeënd Verkéiers-installatiounen, wéi d'Signalisatioun, d'Polleren, d'Kräizunge mat hire Luuchten-anlagen, Foussgängeriwwergäng ass am Budget mat ronn 1,5 Milliounen Euro chiffréiert.

E Recht op Wunnen ass net nëmmen e Recht op en Daach iwwer dem Kapp, mee och e Recht op Sécherheet an d'Méiglechkeet, sech als Deel vun der Gesellschaft ze fillen.

D'Wunnengskris zu Lëtzebuerg ass eng vun de gréisste sozialpoliteschen Erausfuerderungen, mat héijen Immobiliepräisser a ville Leit, déi sech keng bezuelbar Wunneng méi leeschte kënnen. Dës Situatioun gëtt nach verschäerft duerch de Mangel un neie Wunnengen, déi

sech d'Leit leeschte kënnen, an d'Auswierkung vun der aktueller Kris am Bausecteur.

D'Problematik betrëfft Jonker a jonk Familljen a Leit mat engem niddregen Akommes, dat et ëmmer méi schwéier hunn, selwer Proprietär ze ginn oder bezuelbar Locatioun ze fannen. Déi héich Käschte schueden der Liewensqualitéit a vergréisseren den Aarmutsrisiko.

Abordabele Wunnraum ze schafen, ass net nëmmen e sozialen, mee och e wirtschaftlechen an ekologeschen Engagement, dat d'Stabilitéit an d'Liewensqualitéit vun enger Gemeng stäerkt. Et hëlleft, déi aktuell Wunnengskris unzegoen an eng méi gerecht an inklusiv Gesellschaft opzebauen. Abordabel Wunnenge sinn entscheedend, fir Mënschen aus alle soziale Schichten eng stabill Liewenssituatioun ze bidden.

Sou wéi an anere Quartiere vun Esch setzt d'Majoritéit fir d'Zukunft prioritär op sozial gemëscht Quartieren. Am Budget 2025 stinn 39 Milliounen Euro dra fir den neie Quartier Rout Lëns. Dëse Quartier wäert den éischte Quartier sinn, dee mat 30 % abordabelem Wunnraum zu engem méi sozial gerechten an nohaltege Quartier entwéckelt gëtt.

Eng Gemeng iwwerhëlt Verantwortung an dësem Beräich an ënnersträicht d'Wichtegkeet vum abordabele Wunnraum an eisen neie Quartieren. Sou wéi och op den Nonnewisen, wou schonn e Quartier mixte geschafe ginn ass, stinn nach emol 7,1 Milliounen dran. An op der Leier ginn och weider Logementer renovéiert, déi fir den abordabele Wunnraum déngen.

D'Bildung ass déi mächtegst Waff, déi s de kanns benotzen, fir d'Welt ze veränneren. D'Bildung ass méi wéi nëmme léieren. Se ass d'Grondlag fir eng staark, gerecht an nohalteg Gesellschaft.

Wa mir an eis Kanner investéieren, investéiere mir an d'Zukunft. An hir Zukunft an déi vun eiser Gemeinschaft. D'Erfarung an d'Wëssen, déi si an der Schoul, an de Maison-relaisen oder an de Crèchë sammelen, sinn d'Grondlag fir hiert Liewen.

D'Bildung ass eng vun de wichtegsten Investitiounen, déi mir als Gemeng kënne maachen. D'Bildung ass déi gréisste Garant fir Gläichberechtegung. Wa mir an inklusiv Strukturen investéieren, kënne mir sécherstellen, datt kee Kand zeréckgelooss gëtt – egal wéi seng sozial, seng spezifesch Besoinen oder kulturell Hannergrënn sinn.

Zil ass et, d'Leit als Eenzelpersounen an als Deel vun enger Gemeinschaft ze gesinn. Inklusiv Schoulen a Maison-relaise sinn net nëmme fir déi Kanner, déi direkt vun dësem System profitéieren, mee si bréngen d'Gesellschaft insgesamt weider an erméiglechen eng méi inklusiv a gerecht Welt.

Se sinn och wichteg fir d'Zukunft, well se eis besser op d'Verantwortung vun enger méi toleranter a méi solidarescher Gesellschaft virbereeden. Dofir ass et eis Prioritéit, de gréissten Deel vum Budget an eng modern a qualitativ héichwäerteg Bildungsstrukturen ze investéieren.

Mir wëlle sécherstellen, datt all Kand an dëser Gemeng déi selwecht Chance kritt, seng Potenzialer ze entfalen, onofhängeg vu senger sozialer Situatioun.

D'Schoul op der Rouder Lëns soll e weidere Beispill gi vun enger inklusiver a moderner Bildung. Hei gëtt jo souwuel d'Maison relais, d'Crèche, mee och de Centre de compétences mat integréiert. Esou Zentere fokusséiere sech op spezialiséiert Kompetenzen, déi zum Beispill d'Ënnerstëtzung fir d'Schüler mat spezifesche Léierbedierfnesser.

Léierpläng gi personaliséiert an adaptéiert a geziilt Aktivitéiten op de Besoin vum Kand. Hei sëtzen d'Spezialisten direkt mat um Terrain a kënne sou d'Léierpersonal entlaaschten a guidéieren. Mee och d'Famillje ginn en Deel vun der Schoul a gi mat do integréiert a beroden.

E Centre de compétences an enger Schoul integréiere bréngt net nëmmen individuell Virdeeler fir d'Kanner, mee och fir déi gesamt Gesellschaft. Duerch eng gerecht a gutt ënnerstëtzt Bildung kënnen eis Kanner méi sécher a selbstbewosst an d'Zukunft goen. Am Budget fir 2025 stinn 10,9 Milliounen Euro dra fir dës inklusiv an nohalteg Schoul.

Den Otem beim Marathon, fir Maison-relais-Plazen ze sichen, ass eis nach ëmmer net ausgaangen. D'Erweiderung vun de Maison-relais-Plazen ass fundamental wichteg, fir d'Bedierfnesser vu Familljen an d'Wuel vun de Kanner ze färderen.

Eng Maison relais ass net nëmmen eng waarm Moolzecht kréien an eng Betreiung no der Schoul, mee och eng Plaz, wou si mat anere Kanner spillen a sozial Kompetenze léiere kënnen. Dëst ass besonnesch wichteg fir déi emotional a sozial Entwécklung.

Si kënnen och d'Ënnerstëtzung bei den Hausaufgabe kréien, wat virun allem de Kanner, awer och den Elteren, déi d'Sprooch net kënnen, hëllefen an ënnerstëtzen. Maison-relaise bidden och eng waarm Moolzecht un, wat besonnesch fir Kanner aus vulnerabele Situatiounen e groussen Avantage ass. Eng Betreiungsstruktur bitt de Kanner eng ofwiesslungsräich, edukativ, sportlech Fräizäitgestaltung.

Eng Maison relais soll net nëmmen e Raum sinn, deen de Kanner nëmme Sécherheet a Betreiung bitt, mee och Spaass. Zil ass et, eemol bei dësem Marathon unzekommen an d'Zillinn ze duerchbriechen, sou datt kee Kanner méi op der Liste d'attente fir eng Plaz stoe muss.

Am Budget stinn 1,5 Milliounen dra fir eng nei Maison relais an den Nonnewisen. D'Nonnewisen, e Quartier, deen nach net ganz fäerdeg gebaut ass a wou nach vill Wunnengen eidel stinn, wäert an den nächste Jore wuessen a mat Familljen a Kanner gefëllt ginn. Eng weider Maison relais an dësem Quartier ze plangen, ass virun allem an d'Zukunft ze gesinn an déi richteg Entscheedung.

E weidere Quartier, wou mir wëssen, datt d'Liste d'attente zouhëlt, ass Lalleng. Och hei stinn am Budget 1 Milliioun Euro dra fir déi éischt Phas vun enger neier Maison relais um Lallenger Däich. Mat dëser Maison relais kënne mir och hei d'Liste d'attente ofschaffen an de Kanner aus dem Quartier eng weider Offer ubidde fir eng flott Betreiungsstruktur.

E weidere Budgetsartikel geet un den Aerodrom, wou mat 150.000 € de Réamenagement intérieur gemaach gëtt, an deem d'Leierpersonal et erméiglecht kritt, méi Stockage fir hiert Material ënnerzestellen.

Wa mir da vu Lalleng laanscht de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte weider erofginn, si mir am Quartier Bruch ukomm, wou eng weider Schoul a Maison relais amgaange sinn, ëmgebaut ze ginn. An an der éischter Hallschent vun 2025 kann d'Phas 1 vun der Bruch-Schoul ofgeschloss ginn an déi zweet Phas kann ugefaange ginn.

D'Schoul gëtt mat den ekologesche Standarde gebaut, sou wéi mir dat hei an Esch vun eisen neie Projete gewinnt sinn. D'Schoul gëtt mat der modernster Technologie an inklusiven Ariichtungen ausgesat, fir alle Kanner onofhängeg vun hiren individuelle Besoine gerecht ze ginn. Déi nei Bruch-Schoul ass en

integralen Deel vum Quartier. Mat Spillplaz a Gréngflächen dréit dës zu engem méi liewenswäerte Quartier fir Kanner a Familljе bäi.

Vum Quartier Bruch huelen ech lech da mat an den Zentrum vun eiser Gemeng. An d'Brill-Schoul, méi spezifesch an de Schoulhaff. E Schoulhaff ass eng wichteg Plaz fir Kanner, well et e Raum ass, wou si fräi spille léieren a sech entwéckele kënnen.

E gutt geplangte Schoulhaff ënnerstëtzt net nëmmen d'Grobmotorik vun de Kanner, mee férdert och hir sozial Kompetenzen, d'Kreativitéit an de Respekt. Doriwwer eraus bidde Gréngflächen an nohaltege Schoulhaff eng Méiglechkeet, fir d'Natur an den Alldag vun de Kanner ze integréieren.

Am Kader vun der Bildungslandschaft hu Kanner aus der Brill-Schoul d'Chance kritt, hire Schoulhaff matzegestalten. Bis Februar, hunn ech mir soe gelooss, hunn d'Kanner Zäit, fir hir Wënsch an hir Pläng auszeschaffen. Et sollen nei an gendergerecht Spiller souwéi Gréngflächen an dësem Schoulhaff entstoen. Am Budget sti fir dëse Projet 500.000 € dran.

Am Kader vun der Bildungslandschaft, an zesumme mam Service Coordination sociale, gëtt et e Budgetsartikel vun 30.000 €, deen den Ufank vun engem Projet mam CNAPA.

De CNAPA ass de Centre national de prévention des addictions an huet d'Missioun eeben, sech mat der Preventioun géint Suchtkrankheeten ze beschäftegen. D'Organisatioun konzentréiert sech op d'Informatioun an d'Opklärung iwwer de Mëssbrauch vun Alkohol, Drogen a Medikamenter.

De CNAPA bitt individuell Berodung, Ënnerstëtzungs- a Sensibiliséierungs-programmer un, souwéi pedagogesch Ressourcë fir d'Léierpersonal, Educateuren, Elteren a Schüler. D'Zil ass et, d'Suchtkrankheet ze vermeiden an déi betraffe Persounen an hirem Ëmfeld ze ënnerstëtzen.

Mir sinn net Herrscher iwwer d'Natur, mee hir Wënsch an Ziler sollten eis inspiréieren, eis Verantwortung ze erkennen an d'Gläichgewiicht vun der Welt ze respektéieren. Eng Stad, déi Biodiversitéit a Respekt fir d'Natur prioritär setzt, investéiert net nëmme fir déi aktuell Generatiounen, mee och fir déi zukünfteg.

Gréngfläche wéi Parken, Gäert a Beem sinn immens wichteg fir d'Liewensqualitéit an enger Stad. Si droen dozou bäi, d'Biodiversitéit ze férderen, a schafen natierlech Liewensraim am urbane Beräich. Si spillen eng grouss Roll fir de Mënsch, den Ëmweltschutz an de Klimawandel.

All Investitioun, déi mir an de Klimaschutz maachen, ass och eng Investitioun an eis wirtschaftlech Zukunft an an d'Kompetitivitéit vun eiser Gemeng. Dofir solle mir mat dësem Budget méi Stadgäert entstoen, déi net éphémère solle sinn, mee se sollen am urbane Raum bleiwen.

Eng nei Primm fir Bierger ass am Budget 2025 virgesinn. Hei geet et ëm eng Primm, wou d'Bierger wëllen d'Biodiversitéit férderen, andeems si hire Virgäertchen entsigelen a mat eenheemesche Plazen ubauen. An dësem Kader stinn 30.000 € am Budget dran.

E weideren Artikel fir Etüde stinn am Budget fir de Bamkadaster. Sou e Bamkadaster weist eis d'Unzuel vun de Beem, déi mir an Esch hunn, an och wéi eng Aarten et ginn. Fir eng Stad mat ville Beem ass et wichteg, en detailéierte Kadaster ze hunn.

Dësen enthält Informatiounen, wéi d'Situatioun, de Quartier, eng spezifesch

Nummer, de Krounenduerchmiesser, d'Héicht ënner anerem. Esou Donnéeën erméiglechen eng méi geziilt Gestioun vun de Beem an enger Stad.

D'City-jardinièrë ginn ënnerstëtzt, andeem d'Stroossen an d'Waasserleitungen anstänneg geluecht ginn, fir se kënne bei hirem Uplanzen am Gaart ze ënnerstëtzen. Weider geet et och mam Projet vun der Renaturéierung vun der Dipbech.

D'Dipbech gëtt am Kader vun dësem Projet aus dem Bëton fräigeluecht an an en natierleche Biotop ëmgewandelt. D'Zil ass et hei, net nëmmen d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen, mee och de Risiko vun den Iwwerschwemmungen an déi negativ Effekter vum Klimawandel ze reduzéieren. E flotte Park soll zousätzlech do entstoen, deen den Awunner, awer och de Schoulen an dësem Quartier zeguttkënnt.

D'Sensibiliséierung fir d'Protection vun der Ëmwelt ass e wichtege Schrëtt, fir d'Mënschen ze motivéieren, hir Gewunnechten ze änneren an nohalteg ze handelen. D'Sensibilisatioun hëlleft de Leit ze verstoen, wéi hir Handlunge lokal a global Auswierkungen hunn. An dësem Kader steet e Budgetsartikel mat 190.000 € dran.

Am Brill-Quartier soll ausserhalb dem neie Schoulhaff eng weider Spillplaz entstoen, wat eng Beräicherung fir den Zentrum an d'Kanner aus dësem Quartier ass, wou déi meescht Kanner an Appartementshaiser wunnen an net onbedéngt d'Chance hunn, e Gaart ze hunn, an deem se dra spille kënnen.

An der Kultur läit d'Kraaft vum Austausch. Se brécht Grenzen, vereent Mënschen a schaaft eng gemeinsam Sprooch duerch Diversitéit.

D'Kufa ass net méi aus Esch ewechzedenken. Säit 1996 gouf d'Kufa als Kulturzentrum opgemaach an huet Esch beräichert mat senge flotte Concerten, Fräizäitaktivitéiten, Kino an Theater. Flott Evenementer, déi sech mat wichtege sozialen Theemaen, wéi Ëmweltschutz, Gläichberechtegung oder Diversitéit beschäftegen.

Well awer an deenen nächste Joren d'Kufa nei Nopere kritt aus dem Quartier Metzeschmelz an dës och fir dëse Quartier e flotten Hotspot soll ginn, solle verschidde Renovatiounsaarbechten an der Kufa gemaach ginn, ënner anerem och d'Opmaache vun dësem Site Richtung Metzeschmelz an der Uelzecht.

Deng liewenswäert Stad ass eng, déi de Mënsch an d'Natur an den Einklang bréngt an d'Zukunft mat Verantwortung ugeet. Léif Escherinnen an Escher, mir stinn haut virun enger Zäit, wou d'Stied net nëmmen als Plaz fir ze wunnen an ze schaffe solle gesi ginn, mee als de Kär vun eisem Zesummeliewen.

Eng liewenswäert Stad ass méi wéi eng Sammlung vu Gebaier a Stroossen. Et ass eng Plaz, wou Mënsche sech doheem fillen, wou Generatiounen zesummekommen an d'Zukunft gebaut gëtt.

Eng liewenswäert Stad vun der Zukunft ass eng nohalteg an ekologesch Stad. An dëst ass keng Utopie, et ass eng Realitéit, déi mir zesummen opbauen. D'Klimakris ass keng Zukunftsvisioun, se ass elo. Eng Stad, déi nohalteg ass, dréit dozou bäi, eis Äerd ze schützen.

Mir hunn d'Chance, haut d'Entscheedung ze treffen, déi eis Stad an e Beispill fir méi sozial Gerechtegkeet, besser a méi Bildungsstrukture schafen a méi Nohaltegkeet verwandelt.

Loosst eis dës Chance zesummen notzen an eise Kanner eng Plaz hannerloossen, op déi si

houfreg kënne sinn. Eis Kanner vertrauen eis hir Zukunft un. Si zielen op eis, fir déi richteg Entscheedungen ze treffen an hinnen e liewenswäerte Planéit ze garantéieren. D'Äerd ze schützen ass net nëmmen eng moralesch Verantwortung, et ass eng Investitioun an d'Liewe vun den nächste Generatiounen.

Dëse Budget ass eng grouss Investitioun an d'Soziaalt an d'Nohaltegkeet. Mat dësem Budget investéiere mir net nëmmen an déi aktuell Besoinen, mee och an de Wuel vun eise Kanner a Familljen, d'Liewensqualitéit vun haut an d'Stabilitéit vu muer.

All Euro, deen hei agesat gëtt, steet am Déngscht vun der Gemeinschaft, fir d'Verbesserung vun eisen Infrastrukturen, de Schutz vun eiser Ëmwelt an de sozialen Zesummenhalt. Eise Budget weist, datt mir eis Verantwortung eescht huelen an zesummeschaffe fir eng Gemeng, déi jidderengem eng Perspektiv bitt.

Eis Decisioun, de Budget unzehuelen, baséiert op dräi klore Pilieren. Eng staark sozial Verantwortung, eng nohalteg Entwécklung an d'Stäerkung vun der Liewensqualitéit. Dofir stinn a stëmme mir als déi gréng Partei kloer fir dëse Budget. Well et eng Investitioun an eng méi staark, méi nohalteg a méi vereent Zukunft ass. Well et eis fir Esch wichteg ass. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni. Elo huet den Här Baum d'Wuert, an duerno géing den Här Schmit d'Wuert kréien. An duerno dann d'Madamm Scholl.

Den Här Baum, duerno den Här Schmit an duerno d'Madamm Scholl.

*(Interventioun)*

Wa mer sou ofwiesselen, dann hu mer och e bëssen eng Egalitéit.

Ech hu gesot, et si verschidde Momenter, do wiessele mer esou of, dass zwee vun der Oppositioun schwätzen an duerno ee vun der Majoritéit. Well soss hu mer herno, obwuel dat an der Saach elo vläicht net esou vill ausmécht, mee soss hu mer herno zu engem Moment nëmmen nach fënnef Riedner vun der Oppositioun, déi hannertenee géinge schwätzen. Dat géing da vläicht awer net méi dee Ping-Pong-Effekt hunn.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Ma da soen ech Iech Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An ech wëll natierlech och ufänken, de Servicer Merci ze soe fir d'Erstelle vun deem Dokument. An un éischter Plaz effektiv d'Häre Goorix a Fleming.

Well wann ee sech wëll virun Ae féieren, wéi eng Herkulesaarbecht déi hu misse maachen, da geet et duer, wann ee sech d'Annex 1, nämlech de Budget rectifié vun 2024 ukuckt. Well et ass nämlech net esou, oder wéi den Här Bermes euphemistesch gesot huet, datt d'Recettë liicht ënnerschat ginn an d'Depensë liicht iwwerschat ginn.

Mee déi Differenzen, déi do erauskommen an déi mer am Rectifié gesinn, déi si wierklech enorm. Ech wäert och herno länger dofir mech mat der Finanzgestioun a mat der finanzieller Situatioun vun der Stad Esch ausenanersetzen.

Här Buergermeeschter, dëst ass mäin eelefte Budget, deen ech kommentéieren, deen ech analyséiert hunn. An de Budget ass ëmmer den Exercice, datt ee sou eppes probéiert, ze entwéckele wéi eng Helikoptervue op d'Stad, wou all déi verschidden Elementer,

all déi verschidde Beräicher, wou d'Gemengeverwaltung an d'Stad agräift, visibel ze ginn.

An et ass och déi eeleft Kéier, datt et d'Aufgab vun der Oppositioun ass, fir eeben de Fanger a Wonnen ze leeën. Ech mengen, datt d'Majoritéit genuch Spriecher huet, fir déi Bien-faite vun deem Budget, oder vun deem, wat gemeet ginn ass, duerchzesträichen. Eis Aufgab ass et, ze soen, wat onzouläinglech ass.

Et huet iergendwann eng Kéier, huet agerass, datt Budgeten en Titel kruten. Dësen Titel ass „Well et eis fir Esch wichteg ass". Dat éischt, wat ech geduecht hunn, wéi ech e gelies hunn, ass: Do ass iergendeppes, wat net fléisst. Dat ass iergendwéi, do haakt et. „Well et eis fir Esch wichteg ass".

An hu mer de Budget dunn och ugekuckt. An effektiv, do haakt et nämlech och. Et ass grad sou strock wéi deen Titel.

Et ass zwar e ganz éierleche Budget an eng ganz éierlech Ried, déi de Buergermeeschter gehalen huet, an deene Momenter, wou en als Buergermeeschter geschwat huet. Et sinn och Elementer ginn, wou en als Vizepresident vun der CSV geschwat huet.

Mee éierlech war et, wou en als Buergermeeschter geschwat huet. An och bescheiden. Et ass eng nei Bescheidenheet, déi ech eraushéieren hunn a senger Presentatioun vu leschter Woch. Wat warscheinlech domadder ze dinn huet, datt en a ganz villen Elementer vu senger Budgetsried huet missen dorobber agoen, datt en eigentlech amgaangen ass, d'Schierbelen zesummenzekieren, déi säi Virgänger him hannerlooss huet.

De Buergermeeschter huet seng Ried op zwee Piliere baséiert. Éischtens, eng Analys ze maache vum Zoustand, vun der Situatioun vun der Stad Esch an de Besoine vun de Leit. An zweetens huet e gesot, dat gemooss um Koalitiounsaccord, deen hie selwer als ambitionéiert bezeechent. Mer wëssen, déi Diskussiounen hate mer och schonn, datt mer deen net onbedéngt esou ambitionéiert fannen.

Wat ech awer absolutt begréisst hunn an där Ried, dat ass, et huet e Buergermeeschter geschwat, dee sech effektiv fir d'Finanzen an déi finanziell Entwécklung vun der Stad Esch interesséiert huet. Dat ass och net ëmmer an der Vergaangenheet esou gewiescht.

An dofir mengen ech, datt et derwäert ass, effektiv op d'Situatioun vun der Stad Esch anzegoen. An ech mengen, dat éischt, wat mer an de Kapp komm ass, wéi ech dem Buergermeeschter nogelauschtert hunn, ass: Vreck, dat ass iergendwéi en Zauberer.

En huet et fäerdegbruecht, keen Emprunt ze zéie vu 97,5 Milliounen, awer Rekordinvestitiounen ze maachen an e Boni ze maachen, dee méi grouss ass wéi virgesinn. Dat muss en Zauberer sinn. Wéi bréngt een esou eppes fäerdeg?

Wann een dann awer an den Detail geet, da gesäit een, datt deen Zauber liicht ze entzauberen ass. Verschidden Elementer dovunner, firwat et dann awer anescht ginn ass, huet effektiv net direkt mat der Stad Esch ze dinn.

D'Recettë si méi héich am Ordinaire, 32 Milliounen Euro. An dee gréissten Deel dovunner ass d'Dotatioun vum Staat. Ronn 20 Milliounen ass d'Dotatioun vum Staat méi héich wéi geplangt. Dat ass eng Zuel, déi d'Stad Esch vum Interieur kritt an déi se dann asetzt. Do huet d'Gemeng net direkt en Afloss dorobber.

Et ass awer interessant ze wëssen, wou déi 20 Milliounen hierkommen, well se spigelen

eigentlech och eng Augmentatioun vum Staatsbudget duer. An d'Augmentatioun vum Staatsbudget huet een Haaptgrond: nämlech d'Rekordgewënner vun de Banken, déi dat Joer virdru gemeet gi sinn. An d'Rekordgewënner vun de Banke komme gréisstendeels aus deenen enormen Zënshaussen an der Zënssituatioun, déi am Moment do ass.

Dat heescht an anere Wierder: Souwuel de Staatsbudget, an iwwer de Staatsbudget och de Gemengebudget, huet méi Méiglechkeeten, huet méi Suen opgrond vun der Situatioun, déi fir ganz vill Leit et onméiglech mécht, sech en Haus oder eng Wunneng kënnen ze leeschten.

An och mir Escher, d'Stad Esch weess dat, well mir hunn och e ganz grousse Leerstand am Lot 7N, wat mer wëssen. Dat heescht, mir hunn zwar op der enger méi Suen, mee d'Sozialsituatioun vun de Leit mécht et, datt déi Méisuen eis awer och iergendwou méi Problemer bréngen.

Eng aner grouss Hausse, déi net vun den ordinäre Recetten, déi net virgesi war, dat ass d'Hausse vu Sudstroum. Vum Benefice. Et war am Ufank geduecht, datt et Benefice vun 3 Millioune géif ginn. Do si mer ongeféier an deene Paragen wéi och an der Vergaangenheet, an deene leschte 5, 10 Joer, Beneficer gemeet gi sinn.

Mee de Benefice vu Sudstroum läit am Previsibel fir dëst Joer net bei 3 Milliounen, net bei 3,5, net bei 4, net bei 4,5, net bei 5, net bei 5,5, net bei 6, net bei 7. Mee previsibel bei 7,5 Milliounen.

Dat heescht, d'Energiepräisser, déi, mengen ech, eng ganz nefast Wierkung op ganz vill Stéit och hei an der Stad Esch hunn, sinn eng weider Source vu Revenuen, déi net virgesi war.

De Buergermeeschter huet da gesot, ma déi Beneficer, déi huele mer an investéiere se an eppes anescht Noutwendeges. Nämlech an d'Transition énergétique. Ech wäert herno drop agoen – dat hunn ech an deem Budget an an den Zuelen allerdéngs net gelies.

Dat ass d'Recettësäit, an d'Depensësäit, do stellt ee fest, datt 11 Milliounen ordinär Depensë manner stattfonnt hunn, also manner Sue ausgi gi sinn. A 40 Milliounen am Extraordinaire.

A mer wëssen alleguer, datt och de Rectifié nach ëmmer méi héich ass, wéi herno d'Konte wäerte sinn. Dat heescht, déi Rekordinvestitiounen, vun deene geschwat ginn ass, ob dat da wierklech Rekordinvestitioune sinn oder just knapps iwwer deem, wat et fréier war, wäerte mer eréischt da gesinn, wa mer d'Konten hunn. Dat heescht, iergendwann am Mee oder Juni.

Ech mengen, datt déi enorm Diskrepanz, déi mer hunn, tëscht dem Budget initial, wat Recetten an Depensen ugeet, immens schwiereg mécht, eng seriö Finanzplanung vun der Stad Esch ze gestalten. An domadder och d'Gestioun vun der Politik, an d'Gestioun vun der Gemeng.

An ech mengen, datt dat e ganz grousse Problem ass, deen dës Stad huet an dee sech an deene leschte Jore cumuléiert huet. Et gehéiert zu deene Schierbelen, déi de Buergermeeschter elo versicht, iergendwéi zesummenzekieren.

Well ech hu mer dann och an der leschter Woch eng ganz Rëtsch Budgeten an eng ganz Rëtsch Rectifiéë vun anere Gemengen ugekuckt, an néierens hunn ech esou enorm Diskrepanzen entdeckt wéi bei der Stad Esch.

Ech wëll awer vläicht och kuerz drop agoen, wéi d'Scholdesituatioun zu Esch ass.

Well besonnesch vu menger riets Säit dacks gesot gëtt, mer hätten enorm héich Scholden an et wier immens schwéier, fir d'Zukunft ze plangen, a mir géifen eis quasi eis Zukunft hypothequéieren.

Ech wëll ganz kuerz soen, datt dat net sou ass, mee datt de Géigendeel de Fall ass. Mir hu viraussiichtlech den 31. Dezember Scholden an Héicht vun 81 Milliounen. Dat ass eng abstrakt Zuel. Vläicht fir et méi konkreet ze maachen: Wat sinn 81 Milliounen? Dat ass ongeféier de Géigewäert vun der Schoul op der Lentille Terres Rouges. Dat ass d'Schold, déi mir am Moment als Stad Esch insgesamt droen.

Mir hunn e Remboursement, deen 8,6 Milliounen 2024 bedréit. Dat sinn 3 % vun den ordinäre Recetten. Erlaabt sinn 20 %.

Als Géigebeispill: Mir soen, Esch huet 81 Milliounen, d'Gemeng Mamer, also déi Gemeng, aus där den CSV-Finanzminister kënnt, huet Scholde vun 150 Milliounen. A si musse par rapport zu den ordinäre Recetten iwwer 14 % zeréckbezuelen.

Dat heescht, eis finanziell Situatioun ass am Fong exzellent. Mee, mee mir hunn aner Scholden. Mir hu Scholden, datt net genuch investéiert ginn ass an der Vergaangenheet. An dat ass d'Haaptschold.

E Beispill, wat jiddwereen novollzéie kann, ass d'Tatsaach, datt an den 80er- an 90er-Joren net genuch an d'Schoulen investéiert ginn ass. An d'Renovatioun vun de Schoulen, an deemno wéi an d'Planung vu Schoulen an an den Ausbau. Déi Schold, datt net genuch investéiert ginn ass, droe mer zum Deel bis haut mat, a mir lafen där Schold hannendrun.

Also net investéieren ass eppes ganz Geféierleches an hypothequéiert d'Zukunft vill méi staark wéi eng pecuniaire Schold, déi effektiv immens kleng zu Esch ass.

Investéieren heescht och investéieren an e Kapitalstack. Dat heescht, an dat an de Besëtz vun der Escher Gemeng. An deen ass och weesentlech méi grouss wéi de Besëtz vun anere Gemengen. Mir hunn en immens grousse Parc locatif, Parc Logement, wat gutt ass, wat wichteg ass, an dee soll och nach weider ausgebaut ginn.

Mir si Besëtzer vun engem Elektrizitéitswierk, mir sinn Haaptaktionär vu Sudenergie. Alles dat sinn Elementer, déi zum Kapitalstack vun der Escher Gemeng gehéieren. A wann een dat misst monetariséieren, wier dat e Wäert, alles zesummen, an d'Gebaier an d'Stroossen an de Reseau, da si mer am Beräich vu Milliarden, iwwer déi mer schwätzen. Dat sinn d'Avoiren, déi d'Stad Esch huet. An déi Avoire gëllt et, ze investéieren.

An da muss een awer soen, wann ee feststellt, datt de Rectifié ëmmer méi niddreg, weesentlech méi niddreg ass wéi an eisen Nopeschgemengen, an d'Konten dann nach eng Kéier drënner leien, an d'Zuele si virdru genannt ginn – 45 % -, dann heescht dat näischt Aneres, wéi datt mer net genuch investéieren.

An een Element, wou mer net genuch an eise Kapitalstack investéieren, dat ass alles dat, wat um an ënnert dem Buedem ass. An den Här Faltz ass virdru schonn drop agaangen: Mir kommen net viru mat den Investissementer a Waasser, Ofwaasser, Stroum, Stroossen – wat och Vëlosweeër heescht – Antenne. Mir kommen einfach net hannendrun. An dofir ass an deem heite Budget och net een eenzegen neie Projet dran. An dat ass geféierlech.

Am Géigesaz. Et si souguer déi Projeten, déi fir d'lescht Joer, pardon, fir dëst Joer monetariséiert sinn, déi mol net ugefaange gi sinn an déi einfach eent zu eent op dat nächst Joer weiderginn.

Den Här Faltz hat an engem vun deene leschte Gemengeréit d'Rechnung gemeet, mir kommen ongeféier 500 Meter d'Joer virun. Mat deem Virukommen dauert et 150 Joer, bis mer eist ganzt Netz erneiert hunn. Wat dat bedeit, muss ee sech just virstellen, wann een d'Zäit vun haut géif 150 Joer zeréckklappen, a wéi engem Zoustand eis Netzer do waren, bezéiungsweis se hu warscheinlech iwwerhaapt nach net existéiert.

Dat heescht, mir musse weesentlech, mir misste vill vill méi séier virukommen. Dat géif och Sue bedeiten. Mee et géif bedeiten, datt de Rectifié vill méi no wier beim Budget initial. An déi Schold, datt mer do net virukommen, dat ass eng, déi déi nächst Generatioun nach wäert droen. An et ass eng essentiell Schold, déi mer do hunn.

Dieswee, Hoferlin-Strooss, Louis Petit, Marcel Reuland si Stroossen, wou näischt geschitt ass, oder quasi näischt geschitt ass, déi awer budgetiséiert waren. Aner Beispiller: d'Groussgaass ass gesot ginn als Argument, firwat d'Uelzechtstrooss net fräschgemeet ginn ass. Do ass och, am Budget op jidde Fall, näischt erauszeliesen, wat do sollt geschitt sinn.

CEBREDI ass genannt ginn, also den Zentrum, wou e Projet eigentlech eréischt an der Hallschent fäerdeg ass an een am Moment net gesäit, wéi et dann iwwerhaapt soll virugoen.

E Beispill ass, datt am Budget 2020, also viru véier Joer, stoung d'Nordstrooss, d'Renovatioun vun der Nordstrooss am Budget dran. Als Konsequenz, well déi Jore virdrun ass den ënneschten Deel vun der Nordstrooss fräschgemeet ginn. Déi Joren drop, fir 2021 war geplangt, den aneren Deel vun der Nordstrooss fräschzemaachen.

Wat ass geschitt? Et stoung 2020 am Budget, 2021 ass näischt geschitt, du stoung et 2021 nach eng Kéier am Budget fir 2022. 2022 ass näischt geschitt. A wat war dunn? Do ass de Projet einfach aus dem Budget erausgeholl ginn. An am Moment steet och iwwerhaapt näischt dran.

Mee sou kann een dach net eng Planung maache vun der Erneierung vun de Reseauen. Dat geet dach einfach net.

An dofir ass et eng vun deenen zentrale Fuerderungen, déi ech un dëse Schäfferot stellen, datt mir eng seriö pluriannuell Evaluatioun brauchen a Previsioun brauche vun deene Renovatiounsaarbechten un eisem Reseau, un dem ënnerierdesche Reseau, dee mer sou dréngend brauchen.

Dat ass eng absolutt Obligatioun, well sou wéi bis elo an deene leschte Jore gewirtschaft ginn ass, kann et einfach net weidergoen. An dat mécht all seriö Finanzgestioun an all seriö Finanzprevisioun ganz einfach onméiglech.

D'Madamm Ragni huet gesot, zu Recht, eng Stad mat manner Verkéier ass eng méi agreabel Stad, ass eng Stad mat méi Liewensqualitéit. Mee da musse mer och déi néideg Infrastrukturen dofir schafen. Näischt Neies ass an deene grousse Chantieren am Budget 2025 virgesinn.

An da stellt ee sech natierlech d'Fro, wouru läit dat. Et ginn et puer Méiglechkeeten. Läit et dorunner, datt de politesche Wëlle feelt? Datt et keng Prioritéit fir dëse Schäfferot ass? Et kann awer och dorunner leien, datt déi betraffe Servicer, an dat sinn der eng Jett, datt déi net anstänneg koordinéiert matenee schaffen. Datt se eventuell net richteg matenee schwätzen. Datt vläicht jiddweree seng eege Prioritéiten huet an de Schäfferot net kapabel ass, oder net wëllens ass, dat zesummenzebréngen. Oder awer läit et dorunner, datt déi Servicer ënnerbesat sinn an datt d'Planungskapazitéiten doduerch net wäit genuch sinn?

Ech weess et net, wourunner et läit. Ech kann Iech just déi dräi Optiounen an de Raum geheien.

Den Här Faltz huet virdrun och eppes ganz Richteges gesot. Esch ass eng Stad, déi amgaangen ass, sech weiderzentwéckelen. Projet Rout Lëns, Projet Metzeschmelz. An dotëscht läit den Zentrum vun Esch.

En Zentrum vun Esch, deen an der Previsioun vum nationale Verkéiersplang riskéiert, seng Gare ze verléieren, well se engersäits op Richtung Rout Lëns transposéiert gëtt an op der anerer Säit Richtung Metzeschmelz. Aus engem Arrêt sollen dann zwee Arrête ginn.

Ob dat mobilitéistechnesch sënnvoll ass oder net, ass eng aner Fro. An dorëms geet et net. Wichteg ass, datt, wa mer wëssen, do entstinn elo an deenen nächste Jore sou grouss Quartieren, datt mer d'Attraktivitéit vum Stadkär erhéijen.

An ech mengen, datt den Här Faltz wierklech Recht huet, wann hie seet, wann een an de Stadkär investéiert, da muss dat elo sinn, fir datt, wann nei Awunner an déi zwee nei Quartiere kommen, datt mer wierklech dann e fäerdegen an attraktive Stadkär hunn, soss verléiert e par rapport zu deenen neien Infrastrukturen, déi do op deenen zwou Plaze wäerten entstoen.

Här Buergermeeschter, Dir hutt, och wat d'Finanzgestaltung ugeet, ugekënnegt, datt Der wëllt Moyenen, déi d'Servicer hunn, erhéijen. Ech mengen, datt dat absolutt noutwendeg ass.

Ech mengen och, datt et noutwendeg ass, well déi Leit net nëmmen ... dat ass eebe justement net nëmmen eng Form vun – wéi kann een dat nennen – Aarbechtsbeschafung oder Beschäftegungsmesure, mee mir brauchen déi Leit, fir kënne seriö Budgeten opzestellen, wou d'Realitéit erëm weesentlech méi no ass, wou de Budget initial erëm weesentlech méi no ass un deem, wat herno da soll erauskommen.

Et ass och wichteg, well ech mengen an ech och d'Gefill hunn, datt eis doduerch eventuell Subventioune kënnen duerch d'Lappe goen, wa mer d'Servicer, a virun allem de Service financier, net mat deene Moyenen ausstafféieren, déi se brauchen.

Well d'Subsiden unzefroen, ass och eppes, wat ëmmer méi an ëmmer méi Beräicher méi komplex gëtt. Déi Ukënnegung begréissen ech also a mengen, datt mer eis och dofir déi Moyene sollte ginn.

Wat zum Budget och gehéiert, dat sinn d'Recettë vun enger Gemeng, déi aus eegene Mëttel besteet. An et sinn zwou Steieren, wou d'Stad Esch d'Méiglechkeet huet, seng eege Recetten an d'Luucht ze setzen.

An ech sinn e bëssen erféiert, wéi ech gesinn hunn, datt zënter e puer Joer den Undeel vun de Recettë vum Impôt commercial zu Esch réckleefeg ass par rapport zum Undeel am ganze Land.

Dat huet awer och eng Ursaach. Dir hutt nämlech den Impôt commercial erofgesat. An et ass net dat geschitt, wat Neoliberaler gäre soen. Nämlech wa mer d'Steieren erofsetzen, da kommen herno méi Recetten eraus. Dat ass net esou. Eppes, wat d'Oppositioun och schonn an der Vergaangenheet gesot huet.

Mir kréien net méi Recetten am Impôt commercial. Mer stellen an de plakegen Zuelen de Géigendeel fest. Dofir mengen ech, datt de Schäfferot gutt berode wier, wann en déi Decisioun och géif réckleefeg maachen an zesumme mat den Nopeschgemenge kucken, e gemeinsamen Taux ze entwéckelen, am Interêt vun de Finanze vun der Stad Esch, an

natierlech och am Interêt vun de Finanze vun eisen Nopeschgemengen.

Här Buergermeeschter, Dir hutt gesot, an deem enge Pilier géift Der d'Analys vun der Situatioun vun Esch maachen an de Budget no de Besoinen an de Wënsch vu senge Bierger orientéieren.

D'sozial Situatioun zu Esch huet sech net verbessert. Se huet sech net verbessert, well sech d'sozial Situatioun am Land net verbessert huet. D'Stad Esch huet och just e klengen, kleng Moyenen, fir dorobber ze reagéieren.

Nawell mengen ech, datt bei eis alleguerte mussen d'Rout Luuchten ugoen, wa mer, wéi am Rapport vum Office social, gesinn, mir déi Gemeng si par rapport vun alle Gemengen hei am Land, wou am meeschten nei Demandë kommen. Dat heescht, wou de Besoin am gréissten ass. De Besoin, déi sozial Nout zu Esch ass, an dat hunn eis d'Zuele gewisen, méi grouss ginn, an och méi grouss gi wéi an anere Gemengen.

Et huet och domadder ze dinn, datt de Groussdeel vun de Leit, déi zu Esch schaffen, si Leit, déi net déi allerdéckste Salairen hunn. Mir sinn déi Gemeng, an dat weist eis de Sozialbericht, wou en immens héijen Undeel u Leit wunnen, déi am Bausecteur aktiv sinn. A mer wëssen, datt de Bausecteur an der Kris ass, da wësse mer och, datt déi Leit Krisen erliewen.

An d'Fro, déi sech stellt, ass, wa mer alles dat wëssen, mee wou sinn déi zousätzlech Efforten, déi d'Stad Esch mécht, fir dat opzefänken. An do muss ech Iech soen, déi zousätzlech Efforten, déi hunn ech net gesinn.

Dir sot, datt de CIGL méi Suen, méi Moyenen zur Verfügung gestallt kritt. Jo, dat stëmmt. Et stëmmt awer och just par rapport zu 2023. Par rapport zu dësem Joer gesäit de Budget vun 2025 quasi keng Erhéijung vir. Et ass also keen neit Element par rapport zu dësem Joer, wat Der d'nächst Joer u Suen do virgesinn hutt.

Ech war erstaunt ze liesen, datt de Personalbudget vum Streetwork zeréckgeet. Ech hat mer virgestallt, datt de Streetwork ausgebaut gëtt. Ech gesinn, datt d'Personalkäschten do erofginn. An ech froe mech, firwat dat sou ass. An ech froe mech, firwat dat net ee Moyen ass, wou d'Stad Esch sech ginn huet, dee mer eigentlech missten ausbauen, amplaz en zeréckzefueren.

D'Allocation de vie chère huet mech och gewonnert, datt se zwar méi héich ass wéi dat Joer virdrun, mee awer net an deem Mooss, wéi awer d'Regierung d'Attributioun vun der Allocation de vie chère verännert huet. Well souwuel de Montant vun der Allocation de vie chère ass an d'Luucht gaangen, wéi awer och d'Feld vun de Bezéier, vun deene méigleche Bezéier ass méi grouss ginn.

Mer wëssen, datt där ganz vill, vill Leit hei zu Esch op d'Allocation de vie chère ugewise sinn. A mer wëssen och, datt mer e Modell hunn, dee sech un dee vum Staat undockt. Dofir mengen ech, datt dee Montant, deen do agesat ginn ass an der Allocation de vie chère ze vill optimistesch ass an datt déi Käschte warscheinlech a Wierklechkeet weesentlech méi grouss ginn.

Ech gesinn och, datt déi Projeten, déi mer zu Esch hunn an déi wichteg sinn, wéi zum Beispill de Foyer de nuit, deen dann hoffentlech elo iergendwann, den neie Foyer de nuit iergendwann eng Kéier soll opgoen. Warscheinlech 2026, mat méi Better, mat méi Capacitéiten.

Ech mierken awer och, datt op der aner Säit de Projet vum Housing First zwar sécher

weidergefouert gëtt, mee datt ech am Beräich vum Housing First elo keng weider grouss Evolutioun gesinn. Dat heescht, dat Gefill vun et geet awer iergendwéi net virun net nëmmen an de Stroossen, d'Chantieren net virukommen, mee och an der Sozialentwécklung vun der Stad Esch geet et net virun. An déi Moyenen, déi mer eis ginn, fir erëm de soziale Lift un d'Goen ze kréien, sinn amgaangen, ze haken, sinn amgaangen, net virunzekommen.

Dat selwecht gëllt fir de Logement. Et gëtt e Leerstand am 7N, iwwer dee mer och schonn diskutéiert hunn, deen eng ganz Rëtsch Ursaachen huet, deen och net d'Schold ass vun dësem Schäfferot. Mee dëse Schäfferot ass awer konfrontéiert mat der Situatioun, datt déi Haiser numol eidel stinn. A mir als Lénk plädéieren op jidde Fall dofir, datt dat keng Optioun ka sinn.

Ech mengen, datt et wichteg wier, zumindest en Deel vun deenen eidelstoende Wunnengen ze transforméieren a lokative Wunnraum. Ech mengen, datt dat e ganz wichtege Schrëtt wier, well et ass, menger Meenung no op jidde Fall, inakzeptabel, datt nei gebaute Wunnraum iwwer sou laang Zäit eidel steet. An dat matzen an enger Logementskris.

Mir hunn also e kommunale Leerstand, deen dëse Schäfferot eigentlech misst ugoen a wou de Buergermeeschter a senger Ried och gesot huet, datt eleng am leschte Joer zwielef Wunnenge vun deenen, déi virdun eidel waren, erëm nei erschloss gi sinn. Et bleiwen der awer nach eng ganz Rëtsch.

An och do muss ech soen, gesinn ech net wierklech de Plang, wéi dat soll virugoen, wéi Der dat sollt ugoen.

Et sinn eng ganz Rëtsch Haiser, wou een eigentlech sech misst driwwer verstännegen, wéi och do eng pluriannuell Planung ass. Wéini ass geduecht, wat ze maachen, fir eeben och Chantiere mateneen ze koordinéieren a fir eng Zilsetzung sech selwer ze ginn. An och déi Zilsetzung da kann herno un der Realitéit iwwerpréiwen. Dat ass de kommunale Leerstand.

Da gëtt et en nationale Leerstand. Eng ganz Rëtsch eemoleg Institutiounen, wéi zum Beispill d'Steierverwaltung um Boulevard Kennedy, déi dem Staat gehéiert – et ass am Besëtz vum Staat – stinn eidel. D'Wunnengen, d'eemoleg Gendarmewunnengen an der Rue du Nord stinn eidel. An dat säit Joren.

An ech mengen och, datt et dem Schäfferot seng Verantwortung ass, do beim Staat ze intervenéieren an dohinnergoend ze intervenéieren, datt dat eng inakzeptabel Situatioun ass. An datt de Staat do muss Logement schafen, respektiv dee Leerstand mat Liewe fëllen.

An da gëtt et de private Leerstand. A mer haten hei schonn dacks d'Diskussioun iwwer eng Tax, déi zwar votéiert ginn ass, awer net applizéiert ginn ass. Net nëmme vun dëser Koalitioun, och scho vun där virdrun. Och dat ass eng inakzeptabel Situatioun. An ech mengen, och dëse Schäfferot muss sech där Situatioun endlech stellen.

Dann ass et sou, datt an deene leschten zwee Joer duerch nei Gesetzer am Beräich Logement et onheemlech komplizéiert ginn ass an administrativ opwenneg ginn ass, fir déi Subventiounen, déi d'Stad Esch eigentlech am Logementsberäich zegutt hätt, fir déi och kënnen unzefroen.

An dofir mengen ech och, datt mer souwuel als Stad Esch um nationale Plang missten intervenéieren, fir do op Mëssstänn opmierksam ze maachen. De Syvicol huet dat a sengem Avis zum Staatsbudget deelweis gemeet. Och ganz zu Recht a sengem Avis drop higewisen,

datt dat, wat d'Gemengefinanzreform erméiglecht huet, nämlech datt ee pro bewunnt Sozialwunneng 1.500 € als Gemeng zegutt huet, datt een dee Montant och misst op 3.000 € onbedéngt erhéijen.

Well am Moment ass d'Situatioun esou, datt déi theoreetesch 75 %, déi eng Gemeng zegutt hätt, mat neie Krittäre sou schwéier ze erreechen ass, datt den Incitatif fir Gemengen, fir an den abordabele Wunnraum ze investéieren, de soziale lokative Wunnraum ze investéieren, immens kleng gi sinn.

An ech mengen och, datt d'Stad Esch do ee groussen Acteur ass, an dofir och seng Stëmm misst erhiewen op deene Plazen, wou et néideg ass, fir dogéint virzegoen, respektiv fir déi néideg Ännerungen um nationale Plang awer kënnen ze ergräifen.

D'Stad Esch investéiert enorm vill an deenen nächste Joren an de lokativen an an de soziale Wunnengsbau. An dat ass och nëmmen ze begréissen. Dat bedeit awer och, datt mer viru groussen Erausfuerderunge stinn, wat d'Organisatioun an d'Gestioun vun deem Wunnraum ugeet.

A wann ech virdru gesot hunn, datt een dacks muss de Fanger an d'Wonn leeën, muss een awer och soen, datt dee Projet vun der Resiliance, wou ... nee pardon, vun der Resultant, datt deen een ass, deen absolutt ze begréissen ass. An dee muss konsequent weidergefouert ginn.

A wou mer mierken, wa mer beemol, wann och de Schäfferot d'Hand der Oppositioun reecht, datt een och deelweis vill méi séier ka virukommen. An datt dat eppes ka sinn, wou een och an anere Beräicher duerchaus kéint maachen.

Zur Sozialentwécklung gehéiert awer natierlech och d'Schoulen an de Schoulraum. Mir hunn déi Diskussioun och schonn e puermol gehat. Dat wat – ech wëll et dofir och ganz kuerz maachen. Dat wat eis nach ëmmer feelt, dat ass och do eng Planung, wéi renovéiert gëtt, wou Schoulraum, neie Schoulraum entsteet, wéi en entsteet, wéi e konzipéiert gëtt. A virun allem e Plang – och do e pluriannuelle Plang –, wéini wou investéiert gëtt.

Ënsber kritt zwar elo en neie Raccordement, elektresche Raccordement, wat och dréngend néideg war. Well dat war eng Situatioun, datt een net gläichzäiteg konnt d'Spullmaschinn an d'Wäschmaschinn umaachen, ouni datt d'Sécherungen erausgefuer sinn. Dat ass sécher gutt.

Nawell stellt sech d'Fro, wat maache mer mat deem Site. Wat ass seng Vocatioun? An ech mengen, datt déi Äntwert onzefriddestellend ass, ze soen, mer froen d'Ënsber Gemeng, wat si sech da mol sou virstellen.

Ech mengen, et muss d'Escher Gemeng sinn, déi mat enger konkreeter Virstellung dohinner geet an déi konkreet Virstellung probéiert ofzeschwätze mat der anerer Gemeng.

Eng vun deene groussen Erausfuerderungen ausserhalb vun der sozialer Situatioun, déi zu Esch eng ganz spezifesch ass, ass d'Erausfuerderung, déi de Klimawandel an de Verloscht u Biodiversitéit eis stellt. Dat ass eppes, wat eis alleguer ugeet. Dat ass eppes, wat net Esch-spezifesch ass. Mee mir mussen awer och als Escher Gemeng dorobber reagéieren.

A mir hätten ee grousse Moyen, fir dorobber ze reagéieren. Mir sinn nämlech an der absolutt luxuriéiser Situatioun, datt mir iwwer Sudstroum verfügen. D'Sudstroum gehéiert eis zu 100 %.

D'Sudstroum mécht Rekordbeneficer. Méi wéi d'Duebelt vun deem, wat geplangt war. A wann een da kuckt, wat mat deene Beneficer

geschitt, muss ech lech soen, se fléissen a se verschwannen einfach am allgemenge Budget. Et gëtt keen Top-Up vun deem Méi, vun där Méi-Plus-value, déi elo erwirtschaft ginn ass, vun deem Méi-Benefice, dee sech an iergendenger Form am Budget 2025 géif bemierkbar maachen.

An ech mengen, datt do ganz vill Sputt ass, dee mer eis, deen de Schäfferot sech och misst ginn, fir wierklech dat an engem anere Beräich nach weesentlech méi staark unzegoen. D'Kapitalerhéijung, déi fir d'lescht Joer virgesinn ass, ass net gemeet ginn, mee soll, wéi sou vill aner Saachen, eréischt d'nächst Joer gemeet ginn.

Dat, wat awer essentiell wier, dat ass, datt Sudstroum wierklech zu engem Acteur gëtt. Zu engem Acteur vun der Produktioun vun erneierbaren Energien. An dat mat méi engem grousse Forcing a mat méi enger grousser Intenstitéit wéi déi puer kleng, muss ee soen, Projeten, déi am Moment bestinn.

Och do si mer erstaunlecherweis hannert deem zeréck, wat aner Gemenge maachen. An ech mengen dofir, datt et enorm wichteg ass, datt mer d'Diskussioun iwwer déi strateegesch Orientéierung vu Sudstroum hei am Gemengerot onbedéngt féiere mussen.

An deene leschte Joren hu mer keng Rapporte vu Sudstrom méi diskutéiert hei am Gemengerot. An ech mengen, datt dat ultimativ wichteg ass, grad an dësen Zäiten, datt mer dat maachen, datt mer dat och zäitno maachen. An datt mer déi Diskussioun, wat mer mat deem Bijou, dee mer do hunn, wat mer domadder maachen. A wat d'Orientéierung fir d'Zukunft ass.

Ech mengen, datt dat eng vun deenen zentralen Erausfuerderungen ass an den zentrale Moyenen ass, déi d'Stad Esch huet am Kampf géint de Klimawandel an an der Transition énergétique.

Här Buergermeeschter, mir hunn awer nach eng Kéier Chance. Mir hate virun 150 Joer Chance, wéi mer festgestallt hunn, datt d'Ausleefer vum louthrengesche Minettsbecken de Räichtum vun Esch ausgemeet huet mat der Eisenindustrie. Do hate mer Chance. Dat ass näischt, wou iergendeen eppes dofir kann. Mee dat war e Räichtum, deen an eisem Buedem läit.

A mer stellen elo fest, datt mer e weidere Räichtum an eisem Buedem leien hunn. Och wéinst der selwechter geologescher Situatioun. An dat ass, datt mer d'Aussiicht hunn, nei Quartieren a grouss Deeler vu bestoende Quartieren iwwer Geothermie energeetesch ze versuergen.

Dat ass eng enorm Chance. An ech mengen och, datt mer déi onbedéngt missten ausnotzen an d'Potenzial dovunner ausschëpfen. Ech mengen, datt dat wichteg Äntwerten a wichteg Moyene sinn, déi ee sech ka ginn. Och do am Kampf géint de Klimawandel.

Am Kampf géint de Biodiversitéitsverloscht muss ech lech awer soen, datt ech wierklech e bëssen op mengem Honger sëtze bleiwen. D'Madamm Ragni huet gesot, datt e Budgetsposten do ass vun 30.000 €, dee gemënzt ass, fir datt Privatleit hir Schottergäert erëm begréngen an datt dat en Incitatif soll sinn. Dat ass richteg an dat ass och gutt esou.

Just: dee selwechte Budget war och scho fir dëst Joer virgesinn an en ass iwwerhaapt net gezu ginn. An dat mécht een awer dann e bësse knautereg, wann ee lauter gutt Intentioune gesäit an awer feststellt, datt se an der Wierklechkeet net ëmgesat ginn. An da si mer erëm eng Kéier beim Réalisé.

A sou wichteg ech dat och fannen, wat Der gesot hutt, am Kampf géint de Biodiversitéitsverloscht an deen dote Moyen, dee sécherlech just e klengen ass, awer e wichtegen, géif ech mer wënschen, datt d'Stad Esch – an dofir bräicht se keen extra Budgetsposten –, mee datt d'Stad Esch bei sech selwer mol géif ufänken an hir eege Schottergäert begréngen.

Ech mengen, datt dat net nëmmen en Zeeche wier, datt ee mam gudde Beispill virgeet, mee datt dat eppes ass, wat och net sou géif an d'Geld schloen a wat ganz séier an onproblematesch kéint gemeet ginn.

Jardins éphémères. Jo, Jardins éphémères maache Sënn do, wou ënnert dem Buedem et keng Méiglechkeet gëtt, fir Beem ze planzen. Dat ass zum Beispill hei op der Stadhausplaz de Fall, well hei op der Stadhausplaz ënnert der Plaz e Parking ass. Dat mécht Sënn op esou Plazen, Jardin-éphémèren ze maachen. Et mécht awer just op esou Plaze Sënn.

Et wier vill méi wichteg, datt mir eng konsequent Begréngung vun der Stad Esch géife weiderféieren. A mir hunn do e ganz grousst Potenzial. Mir hunn elo scho weesentlech méi Beem, Stroossebeem an absolutten Zuele wéi d'Stad Lëtzebuerg. An ech mengen, och do bräichte mer eng konsequent Planifikatioun, eng konsequent Richtlinn, wéi een dat wéilt ugoen.

An et ass och erstaunlech, fannen ech, wann ee sech d'Budgetsposten ukuckt. Zum Beispill d'Primmen, déi mer zur Verfügung stellen, wa Privatleit Photovoltaikanlagen op hir Diecher maachen. Do stelle mer Suen zur Verfügung, mee mer stellen awer fest, datt just ganz wéineg Leit iwwerhaapt dovunner profitéieren. An dat ass e Problem, mengen ech.

Ech mengen, datt en natierlech um nationalen Niveau ass, well den CSV-Premierminister mengt, Klimawandel géif vill méi Spaass maachen, wann ee manner Suen dofir kritt. Wéi zum Beispill d'Subventionéierung vun der Photovoltaik.

Mee ech mengen och, datt mer als Escher Gemeng musse méi proaktiv, wat déi Méiglechkeeten ugeet, mat den Escher Bierger kommunizéieren. An ech mengen dofir och, datt dee Service écologique, dee mer hunn, datt deen am Fong misst ausgebaut ginn, wann ee sech der Transversalitéit vun deene Froe bewosst ass.

A Resilienz ass, mengen ech, e ganz zentraalt Stéchwuert, wat besonnesch am Bezuch op de Klimawandel u Wichtegkeet wäert gewannen. An ech mengen och, datt et dem Service écologique seng Aufgab, also zu sengem Aufgabeberäich misst gehéieren, eng Resilienzstrategie ze entwéckelen.

Ech erënneren un de Schloreen, deen och bei mir doheem dozou gefouert huet, datt de Keller ënner Waasser stoung, obwuel ech elo wierklech net an engem Iwwerschwemmungsgebitt wunnen.

Dat sinn alles Elementer, wou menger Meenung no, de Klimawandel, wou mer mussen alles maachen, fir d'Transition énergétique virunzedreiwen, a wou mer alles musse maachen, fir d'Reaktiounen oder fir géint d'Auswierkunge vum Klimawandel virzegoen.

Här Buergermeeschter, e leschte grousse Punkt géif ech emol mat Demokratie iwwerschreiwen. Fänke mer mam Harmlosen un.

Am August ass et zu enger Revaloriséierung vum Mandat komm souwuel vum Conseiller wéi awer och vum Schäffen. Dat heescht,

mir hu Stonne Congé politique bäikritt. Dat ass absolutt richteg, well ech fannen, datt déi Aarbecht, déi mer maachen, wa mer se wëlle seriö maachen, muss een och déi néideg Moyenen dofir hunn an déi néideg Zäit, fir dat kënnen ze maachen.

An ech si souguer der Meenung, datt de Congé politique fir e Schäffe vun enger Stad Esch net duergeet. Datt dat, menger Meenung no, eigentlech och misst e Vollzäitjob sinn, wat et am Moment nach net ass.

Ech mengen awer och, datt mer mussen iwwer d'Revaloriséierung vun eise Kommissioune schwätzen. Oder zumindest eng Reflexioun féieren. Wéi e Stellewäert hunn eis Kommissiounen? Wat ass hire berodende Charakter? A wéi kënne mer kucken, datt déi berodend Kommissiounen, an domat déi demokratesch Debatt och ka virugefouert ginn?

An deem Sënn mengen ech och, datt mer eng Refonte vun eisem Règlement d'ordre intérieur brauchen. Mir hunn deelweis Praktiken, oder eng Praxis, déi net méi ganz konform ass, oder déi sech net doranner erëmspigelt. An ech mengen, datt dat och eppes ass, wat een am grousse Krees mat allen am Gemengerot vertruedene Parteie soll diskutéieren.

Zur Demokratie gehéiert awer och, datt d'Leit dobausse matkréien, wat mir hei schwätzen. An zur Demokratie gehéiert och, datt mir d'Méiglechkeet hunn, nozekucken an nozesichen, wat a vergaangene Sëtzunge gesot ginn ass.

De Buergermeeschter, an ech ënnerstëtzen en doranner, huet ugekënnegt, datt eng Form vum Gemengebuet elo deemnächst erëm eng Kéier soll kommen. Souwuel physesch, wat op verschiddenen Escher Plaze soll ausleien, wéi awer och digital. Dat heescht, datt een och digital Saachen nosiche kann, noliese kann, wat absolutt wichteg ass. A richteg.

Wat ech awer nach ëmmer vermëssen, an dat huet zum Deel mat där Planungsonsécherheet op der Gemeng ze dinn, dat ass, datt Leit an de Quartieren zäitno géife gewuer ginn, wat fir Aarbechten an deem Quartier géife gemeet ginn oder solle gemeet ginn. Dofir muss een awer natierlech och eng seriö Planung dovunner hunn. Et muss ee bei d'Leit goen an d'Leit informéieren. An ech mengen, datt do nach ganz vill Sputt no uewen do ass.

D'Gemeng ass op de Wee gaangen, an dat ass begréissenswäert, fir e partizipative Prozess zesumme mat de Bierger ze sichen. DemocracyNext, dat Stéchwuert. An ech mengen, datt dat e ganz interessante Projet ass, deen d'Stad Esch do ugeet.

Dann zu dem méi problemateschen. Et ass esou, datt e Gemengerot, datt mer kuerz virun der Summervakanz hei e Gemengerot haten, wou et e bëssen héich hier gaangen ass, wou d'Oppositioun op eemol geschlossen erausgaangen ass, well eng Motioun net zum Vott zougelooss ginn ass.

Dat huet dann dozou gefouert, datt de betraffene Conseiller virun d'Verwaltungsgeriicht gezunn ass an d'Gemeng elo iergendwann eng Kéier hir Argumentatioun, och juristesch, wëllen ze maachen.

Ech probéieren et dofir anescht ze soen. An ech wëll guer net op de konkreete Fall agoen. Ech hunn eng ganz Rëtsch Juristen dat gewisen. An eng ganz Rëtsch Juriste mengen, datt et zimmlech waasserdicht ass an datt et awer warscheinlech just eng Fro vu Joren ass, well d'Verwaltungsgeriicht éiweg laang brauch, bis se Urteeler fält.

Et géif eng Chance ginn, datt d'Urteel net, oder datt ech géif Onrecht kréien, oder datt ech zumindest kee Gain de cause géif kréien. An dat wier, wann dat, wat do gefrot ass, op eemol sans objet wier.

An dofir wier et vläicht eng Iwwerleeung, déi an deem Dossier nei wier, zumindest kéint de betraffene Schäffen da vläicht dem Buergermeeschter eng juristesch Blamage erspueren, wann en eng Decisioun géif huelen.

Här Buergermeeeschter, nach véier méi punktuell Saachen. Ugefaange beim Sport. Mer sinn der Meenung, datt de Sport an d'Subventioune fir d'Sportsveräiner zwar an d'Luucht ginn, awer nach weider substanziell missten an d'Luucht gesat ginn. Well Sport a Sportveräiner dacks eng onheemlech wichteg integrativ Roll spillen. An ech mengen, datt hei déi Erhéijung, déi Der an dësem Budget gemeet huet, just en Ufank ka sinn.

Da stelle sech awer, och fir d'Zukunft vun Esch, eng ganz Rëtsch Froen. Wéi geet et virun am Dossier Tracol? Wéi ass d'Situatioun? Wéi fuere mer do mat eise Sportinfrastrukture virun? Am Budget fënnt ee just, datt de Projet net realiséierbar ass an déi entspriechend Budgetsposten, konsequenterweis, op Null gesat ginn.

Viru fënnef oder sechs Joer huet dëse Schäfferot eng grouss Ukënnegung gemeet mat engem Projet, deen iwwerall grouss Ënnerstëtzung fonnt huet. Dat war nämlech d'iddi, fir d'ERA-Schwämm erëm opzemaachen. Mat groussem Tamtam ass dat ugekënnegt ginn. Et ass en Aarbechtsgrupp zesummegesat ginn a jiddwereen huet dem Schäfferot felicitéiert, dat wier eng wonnerbar Iddi.

Bein, fënnef, sechs Joer drop muss ech awer leider feststellen, ausser Ukënnegungspolitik ass bis elo awer nach net vill geschitt. Op jidde Fall nach net vill, wat ech eventuell hätt kënne matkréien.

An ech mengen, datt déi Fro vun enger zweeter Schwämm, datt een déi net nëmme kann op de Site Metzeschmelz, dat heescht, op awer vläicht net grad Päischten/Neijooschdag, mee op d'laang Bänk drécken.

An ech appeléieren och un de Schäfferot, an deem Dossier ERA vläicht awer e bësse méi proaktiv ze sinn, wéi dat am Moment geschitt ass. Dat huet jo och mat grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht ze dinn. A vläicht muss een do deene Leit, déi d'Responsabilitéit hunn, nach e klengen Hoff ginn, datt dat da vläicht e bësse méi oder anescht an d'Gäng géif kommen.

An da mäi leschte Punkt, deen ech hunn. Dat ass d'Kultur. An och elo soen ech eppes ganz Widderspréchleches. An deene leschte siwe Joer ass sou vill an d'Kultur investéiert gi wéi, mengen ech, nach kee Schäfferot virdrun. An dofir ass et ëmsou méi onverständlech an traureg, datt d'Kultur ëmmer erëm Objet vu groussen Ausenanersetzunge ginn ass, obwuel mer nach viru sechs, siwe Joer eng Unanimitéit op all deene Projeten haten. Vläicht mat klengen Nuancen, mee awer Unanimitéit.

An ech mengen an ech hoffen, datt mer zäitno an d'Situatioun kommen, datt de Service culturel dann en neien Direkter kritt. An ech mengen, dat muss eng Persoun sinn, déi och muss Schierbelen zesummerafen. An ech ka just hoffen, datt dat eng Persoun ass, déi dëser Aufgab gewuess ass.

Ech wäert och net länger drop agoen, datt ech nach ëmmer kee Fan vun de Francofolies sinn a mengen, datt dee Budget vill ze héich ass fir dat, wat herno erauskënnt. Do hu mer eng divergent Aschätzung vun deem Festival a vum deem Meerwäert vun deem Festival. Ech mengen, datt ee mat deene Sue ganz aner Saache kéint maachen, déi am Interêt vun den Escherinnen an Escher wier.

Et ass elo sou vill vum Joe Biden geschwat ginn – an domat wëll ech dann och ophalen.

Ech mengen, d'Wourecht vun deem „Well et eis fir Esch wichteg ass", dat gesäit een net am Budget. Dat gesäit een an de Konten. An do muss een dem Schäfferot eng Datz ausstellen. An dofir ass et och fir eis leider onméiglech, dëse Budget ze votéieren. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum. Elo kritt den Här Schmit d'Wuert an duerno d'Madamm Scholl.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wann een net als Éischten drukënnt, direkt fir dat ze kommentéieren, ass natierlech scho villes gesot ginn.

Ech wëll, trotzdeem wäert ech et versichen, fir et net ze langweileg ze maachen. Vu que datt mer schonn a leschter Zäit relativ vill zimmlech langweileg, solle mer soen, Budgetsdebatten a Rieden hu missen iwwer eis ergoe loossen.

Wou ech muss kuerz vermierken, datt et d'lescht Joer e bësse méi interessant war. Ech weess net wisou. Mee op jiddefalls wat dat ubelaangt. Also wat den Interessi an den Ënnerhalungswäert vun deene Prozeduren ugeet. Wou dat jo awer, ech weess net, eng seriö Saach ass an net den Hauptmerkmal dovunner soll sinn. Dat war just am Fong geholl eng kleng Bemierkung zum Theema.

Ech wëll da meng Interventioun domat natierlech ufänken, wéi et och normal ass, fir all deene Leit Merci ze soen, déi wou un deem Budget geschafft hunn. Et ass doudsécherlech keng einfach Aufgab. An déi ass mat ganz vill Aarbecht a warscheinlech och mat Stress, a warscheinlech och deelweis mat Kritik alt emol verbonnen.

Wierklech also vu menger Säit aus och nach eng Kéier merci un all déi Leit, déi do involvéiert waren. An och un d'Leit an der Finanzkommissioun, déi wou eis déi Zuelen anstänneg a korrekt a gewëssenhaft presentéiert hunn.

Elo komme mer dann e bësse méi op de Kär vun der Saach. Den Intervenant lénks vu mir, fir en net ze zitéieren, den Här Baum, huet mat Recht gesot, datt ech ganz oft, wéi warscheinlech déi meescht vun Iech wëssen, mat Budgetsfroen a mat, solle mer soen, Empruntsfroe beschäftegt sinn.

Ech weess net, ob dat eng Beruffskrankheet vu mir ass, vu que datt ech 30 Joer am Bankesecteur war, wéi déi meescht och wëssen. Mee solle mer soen, ech géif awer dës Kéier soen, Här Baum, dat ass net meng Schold.

Well wa si presentéieren e Budget 2024, wou se soen, se géifen iwwer 97 Milliounen zéien, da kann engem dat natierlech, wann ee mengt ... also ech gewinnt, datt Budgeten am private Secteur, déi si meeschtens realistesch opgesat.

Jo, natierlech ass dat dann e Schock, wa vun iwwer 97 Millioune kee Frang gezu gëtt. Also da vestitt Der vläicht, Här Baum ... dat ass also net onbedéngt, well ech elo, solle mer soen, wat ech d'Loft schlecht gesinn. Dat ass eebe well dat, wat mir presentéiert kritt hunn, einfach net – ech soen ech elo net dat, wat ech denken. Mee dat ass net korrekt esou. Solle mer sou soen.

*(Interventioun Här Marc Baum)*

Maja. Ech soen Iech Merci.

Also dat fir ze erklären, vu wat, wat déi 97 Milliounen neien Emprunt hätte solle sinn an déi wou guer net gezu gi sinn.

An engem gewësse Sënn ass dat natierlech a mengen Aen, vu que datt ech do relativ streng sinn, wat Budgeten ubelaangt am Generellen, schonn eng gutt Nouvelle. Awer leider net nëmmen.

Wéi gesot, do ware jo awer och Saache virgesinn, déi wou domat hätte sollen domat gemaach ginn. An do ass dann, deels sinn do Saachen op der Streck bliwwen, déi wou vläicht och derwäert gewiescht wären, hätte kënnen exekutéiert ze ginn. Ech denken do zum Beispill un de Manktem u Wunnraum, wou mer nach ëmmer hunn.

Jo, déi zweet Saach, wou mer dann opfält, ass, datt dëst Joer da si mer bei 78, iwwer 78 Milliounen, wou mer also als Emprunt eis hei ageschriwwen hunn. Wou mer sollten also da léine goen.

Wann dës Kéier et erëm d'selwecht geet wéi d'lescht Kéier, dann, jo, da wär dat wierklech onseriö. An ech hoffe jo, datt dat dës Kéier dann do wäert opgepasst ginn. Datt, wann ee Suen asetzt, datt een op d'mannst versicht, se och dann ze zéien, wéi dat normalerweis an engem Budget de Fall ass.

Wann een dann drëttens kuckt, datt mir dann op, wann dat dann esou gezu gëtt, op 152 Millioune Gesamtschold géife kommen Enn 2025. Den Här Baum hat gesot, jo, mat der Schold wäre mer gutt. Do wären, finanziell gesi wären also net vill Problemer.

Wa mer wierklech bei 152 Milliounen Enn 2025 géife kommen, da géif ech dat awer relativiséieren. Dat heescht, dat ass schonn, dat ass schonn eng enorm Zomm. An ech géif soen, datt een trotzdeem nach ëmmer muss gutt oppassen, wat ee par rapport zu der Schold hei zu Esch mécht.

Also dat wäert ech och dann an Zukunft – obschonn datt déi Situatioun elo net esou schlecht ass, wéi ech mer se geduecht hat, vu que datt deen 2024, deen Emprunt net gezu ginn ass, wäert ech dat doten trotzdeem am A behalen. Vu que datt dat awer eng Suerg fir mech ass.

Ech wéilt Esch net gär mat enger ze grousser Schold konfrontéiert gesinn, well dat nämlech d'Zukunft am Fong geholl hypothequéiert an een da keng anstänneg Projekter méi ka plangen, wann ee mat esou enger ze iwwermoosseger Schold geplot ass.

Jo, dat emol zu deem. Da komme mer nach vläicht e bësse méi an den Detail.

De Grond natierlech, den éischte Grond ass d'Erhéijung vun de Personalkäschten. Mir gesinn, datt déi eppes iwwer 140 Millioune sinn. An iwwer déi lescht zéng Joer gekuckt, gesi mer do natierlech eng grouss Augmentatioun. Vun, ech menge vun iwwer 80 % déi lescht zéng Joer.

Dat ass net onbedéngt negativ, well do gëtt jo eppes mat deene Sue gi jo Leeschtungen erbruecht. Dat heescht, d'Leit schaffe jo um Wuel vun der Gemeng. De Problem ass bei esou enger grousser Augmentatioun iwwer déi lescht zéng Joer froen ech mech, ob d'Repartition des tâches an d'Effizienz, ob dat op engem, solle mer soen, gudden Niveau hei ass. Well an deenen ... ech ka mer am Fong geholl déi Augmentatioun schwiereg erklären.

An do misst ee vläicht kucken, ob een net nach kann – obschonn datt an de leschte Joren anscheinend Auditten do gemaach gi sinn a Prozesser an d'Gäng komm sinn, fir ze kucken, fir do nach méi effikass ze schaffen. Ech gesinn awer bei de réngen Zuelen, datt mer net kënnen op jiddefalls op deem Wee weidergoen. An datt mer musse leider eis Personalkäschten iergendwéi an de Grëff kréien.

Da schwätze mer vläicht … ech hat jo kuerz och de Wunnraum schonn erwäänt. Dat ass fir mech ee vun deenen Haaptfacteuren, wou mer onbedéngt mussen dru schaffen. Ech erwänen hei gären d'Nonnewisen, 7N, wou 30 Haiser eidel sti säit, ech mengen, iwwer annerhallef Joer. An dat si Situatiounen natierlech, déi sinn net gutt, well d'Leit brauche Wunnengen, siche Wunnengen.

An anerersäits budgetsméisseg fir d'Gemeng ass et eng Katastroph, wann een do déi Ausgabe scho getätegt sinn, déi Suen do schonn ewechginn huet, wann do keng Rentréeën op der anerer Säit kommen, déi wou dat, solle mer soen, erëm e bëssen an den Ekiliber setzen.

Jo, wéi gesot, et ware jo schonn e puer Intervenantë viru mir. Do muss ech soen, déi Interventioun vum Här Faltz huet mer bis elo am beschte gefall, well do ware vill Argumenter, déi wou richteg waren.

A wéi gesot, ech maachen dat zimmlech oft, wa Saache mir richteg erschéngen, da gëtt dat och gesot. Ech mengen, dat ass jo, da brécht ee sech näischt, wann een dat och zougëtt. Dann ass dat emol hei gemaach op där Stell.

Well den Här Faltz huet och, wéi gesot, Saache gesot, wou mer hei och wichteg sinn. An zwar d'Revalorisatioun vun eisem Stadkär. An do muss ee soen, mir fält op: Brillplaz, Uelzechtstrooss … ech mengen d'Uelzechtstrooss, do war dat schonn 2022 ugekënnegt, datt do eppes géif kommen. Dass do eppes sollt kommen, datt do Projete waren, datt dat schnell sollt an Ugrëff geholl ginn. Bis haut ass nach ëmmer näischt.

Et ass och wouer, datt mer eis do zäitlech gesi missten éischter begannen, fir dat ze maachen, vu que datt déi aner grouss Projeten, wou mer hunn, den Ausbau jo och schonn an de Gäng ass. A wann eise Stadkär net méi interessant ass, da kënnt kee méi dohin.

Ech mengen, mer gesi jo selwer, wa mer duerch d'Uelzecht ginn, wéi et ausgesäit. An datt mer net do kënne vu blühende Landschafte schwätzen.

Esch ass menger Meenung no erofkomm, och wa verschidden Zuele géife soen, datt et nach ëmmer eng gewëss Stabilitéit do ass. Wat d'Commerçanten ubelaangt, de klenge Commerce, gesinn ech hei grouss Problemer. An dat ass meng Meenung dozou. Et ass d'Meenung vu villen Escher. An ech mengen, do misst ee wierklech dogéintsteieren, fir eppes ze maachen.

Kuerz och déi Ubemierkung vum Maart, dee wou jo, wou jo och wärend dem Joer Problemer waren a wou déi kleng Commerçantë sech och do, déi wou op de Maart kommen, beschwéiert hunn, an d'Leit natierlech och, datt se 25 % vun der Zäit iwwerhaapt net do kënne sinn, wou se normalerweis de Maart halen.

Dee Problem ass och nach net verschwonnen. Ech mengen, dat war d'LSAP, wou dat wärend dem Joer ervirgeholl huet an dat, solle mer soen, an d'Fënster gesat huet. Mee ech gesinn net, datt de Problem behuewe wär oder datt d'Leit zefridde wären.

Jo, wéi gesot, d'Revalorisatioun ass en Haaptproblem. D'Commercer an Esch, do misst méi fir d'Commerçantë gemaach ginn, well soss riskéiere se einfach hei an Esch auszestierwen. An dat wär wierklech eng Katastroph.

Mir si gottseidank nach net op deem Punkt, awer et muss konsequent dogéintgesteiert ginn. An dat gesinn ech och net, hei duerch d'Zuele vum Budget gesinn ech och net, datt do der Situatioun genuch Rechnung gedroe ginn ass.

Komme mer nach vläicht op d'Sécherheet. Do solle jo Kameraen installéiert ginn, wat

mir jo och approuvéieren. De Problem ass, fir d'Sécherheet och effektiv méi grouss ze maachen, ass dat nëmmen eng Mesure. A en plus muss se da realiséiert ginn.

An do hunn ech dann och, wéi gesot, de Problem, datt bei deene Saachen, wou am Budget d'Iescht Joer stoungen, vill Saachen einfach net realiséiert ginn. An ech hoffen, datt an deenen Haaptpunkten, wou wierklech et kruzial ass, wéi de Punkt Sécherheet.

Well d'Onsécherheetsgefill an Esch ass ëmmer méi grouss ginn. An déi Mesuren, wou mer huelen, fir dogéintzesteieren, bis elo nëmmen hallef effektiv gewiescht sinn a mer do nach eng Progressioun brauchen.

Well déi Situatioun kann net méi éiweg sou weidergoen. Den Drogeproblem hei zu Esch ass nach ëmmer net geléist. An dat bréngt natierlech eng ganz Rei vu Kriminalitéit, déi wou sech ronderëmzitt, mat sech. An do musse mer einfach eppes maachen. Mir kënnen Esch, wéi gesot, net einfach esou goe loossen. Dat ass déi falsch Richtung. Do muss konsequent dogéint, an nach méi wéi elo, geschafft ginn.

Mir hunn och wärend dem Joer gesinn, datt esou Situatiounen, wéi d'Repas-sur-rouen, déi wou méi deier gi sinn. Dat si Saachen natierlech, déi wou erkläert gi sinn duerch budgetär Problemer, fir déi e bëssen an de Grëff ze kréien.

Ech muss awer hei soen, datt mer, well ech och vill méi Eelerer och kennen an och an der Famill natierlech Leit hunn, déi wou bei esou enger Situatioun direkt haart getraff sinn.

War de Standardpräis jo vun 9,50 direkt op 12,94 € eropgesat ginn, soi-disant fir eisem Budget ze hëllefen. Dat sinn ëmmerhin eng Augmentatioun gewiescht vun 3,44 € sou wäit ech weess. An dat hat déi Leit haart getraff. An ech wollt dat awer dann trotzdeem hei op där Stell nach eemol erwänen.

Ech mengen, do hate mer jo scho gesot, do wënsche mer eis, wann eng Adaptatioun muss do sinn, datt déi méi schnell gemaach gëtt an net an engem Coup esou eng déck Zomm fir d'Rentner. Dat ass zimmlech schwéier ze supportéieren, vu que datt se net alleguerten 8.000 € Rent hunn.

Jo, wéi gesot, da komme mer nach vläicht e bëssen op d'Eventpolitik ze schwätzen. Ech mengen, do sinn och scho verschidde Saache gesot ginn. Fir FrEsch steet am Budget iwwer 3 Milliounen, 900 Dausend. Dat si vill Suen. De Problem ass: Wat gëtt effektiv mat deene Sue gemaach a wou fléisse se?

Lokal Commerçanten, de lokale Commerce am Fong geholl profitéiert meeschtens, géif ech soen, net genuch. Francofolies, dat ass alles, et gëtt alles iergendwéi vun auslännesche Firme geréiert, an dat ass e Manque à gagner fir lëtzebuergesch Firmen. An och fir de lokale Commerce ass do quasi keng Plaz a keng positiv Retombée.

Mer wëllen op der heiter Plaz och nach déi Saach mam Pride Day, LGBTQI+, ech weess net, 325 oder wat och ëmmer. Do fanne mir, datt dat net onbedéngt an deem Mooss – ech mengen, et sinn erëm eng Kéier déck iwwer 100.000 € do virgesinn, fir dat mat esou vill Fongen ze sponsoriséieren. Dat fanne mir, dat ass net am Interêt vun deene meeschten.

Wéi gesot, d'Zäite si schwéier. Mer hunn eng Inflatioun gehat, déi wou sech elo am Moment erëm esou ausgesäit, wéi wa se am Grëff wär. Verschidde Spezialiste soe souguer, mer kéinten op eng Deflatioun higoen, wat natierlech och all déi Previsiounen, déi wou mer dann och hei budgetär maachen, erëm eng Kéier géif liicht duerchrëselen.

D'Tauxen natierlech si guer näischt wéi stabill. Dat sinn natierlech Saachen, déi wou Esch elo net onbedéngt eppes do kann direkt maachen. Awer et muss ee sech bewosst sinn, datt een do a schwierege Konditiounen ënnerwee ass.

An déi Krisen an der Ukrain, am Nahen Osten, Syrien a sou weider, verschlëmmeren natierlech nach déi Spannungen, déi wou scho souwisou op de Finanzmäert an och an de Käpp vun deene meeschte Leit sinn. Wat eng Rei Problemer natierlech an Tensioune mat sech bréngt, déi wou och Esch iergendwéi leider wäert a schonn elo ze spiere kritt.

Ech wollt nach vläicht kuerz zwee Wierder soen iwwer dee Fall, dee juristesche Fall, wou déi Problemer, wou den Här Knaff dann hat am Summer. An ech muss soen, déi Interventioun, déi wou den Här Baum doriwwer gemaach huet, fannen ech och berechtegt.

Ech fannen och berechtegt, datt seng Kritik – an ech selwer sinn och där Meenung –, datt een do de politesche Courgage hätt missen hunn, Här Buergermeeschter, fir dee Vott zouzeloossen. Denn dat ass eng Situatioun, déi ass nach net vergiess. Et si ganz vill Leit, déi schwätze mech nach ëmmer dorop un.

An och am Zusammenhang mat all deene Problemer vu FrEsch, wou ech och jo d'lescht Kéier am Gemengerot gefrot hat, ob mer net e generellen externen Audit do géifen driwwer lafe loossen.

De Vertrauensverloscht ass grouss. An ech mengen och, an deem Sënn si mer eis schëlleg, fir do eppes dogéint ze maachen. Et ass net einfach, fir Politiker, souguer Lokalpolitiker, mam Onmutt vun de Bierger ëmzegoen, wann een ëmmer erëm drop ugeschwat gëtt, datt mir am Fong geholl net seriö wären. An dat sinn nach déi frëndlechst Wierder, déi wou ech vun de Leit dobaussen héieren.

Ech mengen, do musst Dir Iech, wéi gesot, selwer vläicht emol d'Fro stellen: Kënne mer wierklech esou weidermaachen? Oder musse mer net eemol do eng Alternativ fannen, déi wou d'Leit dobaussen erëm och berouegt an déi wou och weist, datt een et eescht mengt an datt et net ëmmer ass fir déi aner.

Mee datt een och bei sech selwer, solle mer sollen, eethesch a moralesch Standarden huet, déi wou een normalerweis jo ëmmer no bausse vertrëtt, datt ee se hätt, awer wou oft nëmmen an der Press sou steet, awer datt een dat am wierkleche Liewen net ëmmer erëm esou erëmfënnt, wéi dat gesot gëtt.

Also dat si meeschtens leider nëmme Lippebekenntnisser. An ech muss soen, wann déi meescht Leit dat soen, da kann ech hinnen net vill entgéint äntweren, well dat ass anscheinend esou.

Also wéi gesot, d'Hoffnung besteet awer trotzdeem, datt Der do dann eng aner Decisioun vläicht an Zukunft huelt. An deem Dossier op jiddefalls huet den Här Baum mäi vollen Appui. Ech gesinn dat total och ganz esou.

Jo, ech wëll Iech ... also wéi gesot, et ware jo scho vill Riedner viru mer. Vläicht nach just e bëssen eng, zwou Klengegkeeten. Jo, de Problem Caritas/HUT. Ech wëll nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt d'Caritas eis 0 € kascht huet, an datt HUT, wou soll dann dat selwecht sinn, mee nach méi besser an nach méi flott – also dat elo e Witz natierlech.

Mee bon, datt dat eis trotzdeem Esch – an dat ass kee Witz – 275.000 € all Joer wäert kaschten. An datt déi Situatioun trotzdeem net positiv ass. An dat ass eppes, wat ech och vill dobausse gesot kritt hunn, datt dat dach net ka sinn, datt een op eemol vun haut op muer mat esou Zuele konfrontéiert ass,

déi wou schlussendlech duerno den Escher Bierger muss im Endeffekt dofir opkommen. Oder de Steierzueler.

Jo, wéi gesot, ech wëll also net weider lech do strapazéiere mat nach weideren Ausfürungen. Déi meescht Saache si gesot.

Ech hoffen also, méi Seriösitéit an dësem Budget hei erëmzefannen wéi dat d'lescht Kéier dann de Fall war. Well e bësse Vertraue muss ee kënnen hunn, wann engem Zuele presentéiert ginn, déi wou duerno nom Rectifié ganz anescht ausgesinn an d'Ëmsetzungs, solle mer soen, d'Prozent vun den Ëmsetzungen extra schwaach ass, dann ass dat och erëm eng Kéier e Problem, dee wou d'Seriösitéit vun der ganzer Saach wierklech héich a Fro stellt. An, jo, da gesi mer dat.

Mir wäerten also gutt oppassen. Mir wäerten och weiderhin déi Haaptpunkten, wou ech elo zitéiert hunn, am A behalen. An obschonn datt ech deelweis also berouegt sinn, wat d'Schold ubelaangt, wäert ech de Punkt trotzdeem am A behalen.

Well wéi gesot, 78 Milliounen nei Schold an da wäre mer dann, wann alles, wéi Dir sot, esou op de Punkt trëfft, bei enger Gesamtschold vun 152 Milliounen Enn 2025. Dat ass och net näischt. Ech soen lech Merci an dat war et.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Schmit. D'Madamm Scholl huet d'Wuert an duerno den Här Tonnar.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, léif Schäffen, léif Kolleeginnen a Kolleege vum Gemengerot, léif Press, Dir Dammen an Dir Hären, mer liewen an onsécheren Zäiten a jidderee vun eis gesäit sech den Erausfuerderungen ausgesat, déi den Eenzelen eleng net ka meeschteren.

D'global Wirtschaftskris, de Klimawandel, den Terror a Krich am Noem Osten, den Ukrain-Kich an de rapiden Ustig vun de rietsradikalen an ondemokrateschen Tendenzen a Beweegungen queesch duerch Europa maachen eis extreem ze schafen.

Ëmsou méi ass et wichteg, solidaresch, gemeinsam an inklusiv Léisungen ze sichen an zesummenzestoen, fir déi Grondwäerter ze verdeedegen, déi eis Gesellschaft ausmaachen.

Mir zu Esch hunn dat verstanen. A mir zu Esch hu genee dat zu eisem Haaptzil an der Kommunalpolitik gemaach. Zu Esch loosse mer keen eleng, mer loosse keen zeréck, mer loosse keen am Ree stoen. Mat enger responsabeler Politik schafe mer gesellschaftlechen Zesummenhalt a baue Vertrauen op, esou dass mer d'Erausfuerderungen och an Zukunft mat Optimismus kënnen ugoen.

Mer suergen dofir, datt keen ofgehaangen oder zeréckgelooss gëtt. Jidderee weess, dass hie sech op d'Gemeinschaft ka verloossen. Mat eiser Politik fërdere mer Respekt a Mateneen, amplaz der Ignoranz, der Respektlosegkeet an dem Chauvisnismus den Terrain ze iwwerloossen.

Mir wieren eis resolutt géint déi, déi wëllen aus de Krise Profitt schloen. Nämlech déi, déi op komplex Problemer ëmmer einfach Léisunge fannen, bal ëmmer mat Gewalt verbonnen, an déi, déi eis Gesellschaft spalten, déi eis wëlle radikaliséieren an déi eis permanent mat Feindbiller an aggressiver Rhetorik attackéieren. Konstruktiv Léisungen hunn déi nämlech keng.

Zu Esch gi mer en anere Wee. De Wee vun der Kooperatioun, vun der Kommunikatioun, vum Dialog a vun der friddlecher, demokratescher an intellektueller Ausenanersetzung, un där jidderee bedeelegt gëtt. Mer bevormunden d'Mënschen net, mer diktéieren net, mer erschafe gemeinsam mat de Leit Léisungen, fir gemeinsam eng besser Zukunft ze gestalten.

An dach gesi mer eis ëmmer neien Erausfuerderunge géigeniwwer, och, a speziell, an eiser Gemeinschaft. Ech wëll hei nëmmen ee Beispill ernimmen. Déi dramatesch Gewalt géint Fraen, déi net däerf vun der Politik vernoléissegt ginn. Hei musse mir déi dramatesch Tendenz mat Determinatioun bekämpfen. Well all Erausfuerderung, där s du dech haut stells, mécht dech muer méi staark.

Dir Léif alleguerten, mer hei an Esch stellen eis deenen Erausfuerderungen, déi eis Zäit mat sech bréngt. Mer sinn drop agestallt, datt déi nächst Joren net einfach ginn, awer mer wäerten alles dofir maachen, datt kee Bierger a Biergerin zeréckgelooss gëtt.

Gemeinsam wäerte mer d'Problemer meeschteren a mir ginn eis Aarbecht mat voller Energie an Optimismus un. Dës Determinatioun dréckt sech och an eisem kommunale Budget aus, aus deem och e puer wichteg Elementer, wou ech wëll drop agoen.

Ech wéilt hei dem Här Fleming a senger Ekipp villmools Merci soe fir d'Ausschaffe vun dësem ambitiéise Budget, well mer grouss Ambitiounen hu fir eis groussaarteg Stad Esch. Mir investéiere méi wéi 191 Milliounen Euro, fir eis Stad Esch weiderzeentwéckelen, mat dem Zil, d'Liewensqualitéit vun allen Escher weider ze verbesseren.

Mir bauen op eng zolidd Basis op. D'Finanze vun der Gemeng stinn op stabille Féiss, an dat weist sech däitlech am Budget ordinaire. Depensë vun 250 Millioune sti Recettë vun 283 Millioune géigeniwwer. Dat mécht e Plus vun 33 Milliounen.

Am Géigesaz zu de viregte Budgeten hu mer decidéiert, méi e klengen Emprunt vun 78,5 Milliounen ze huelen, deen eis de finanzielle Spillraum bitt, fir responsabel an nohalteg an d'Zukunft ze investéieren.

Mer stäerken d'Aarbechts- an d'Wirtschaftskraaft. Kultur a Konscht verbënnt Mënschen a schaaft Raum fir konstruktiven a zukunftsgewannten Dialog. Investitiounen a Wunnraum, well all Bierger soll kënne mënschwürdeg wunnen.

D'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun jidder Eenzelem ass vun zentraler Bedeitung. D'Investitiounen a Schoulinfrastruktur, dat heescht a Bildung a Weiderbildung, garantéieren de Succès vun de kommende Generatiounen. Sport a Beweegung suerge fir Gesondheet an eng besser Liewensqualitéit.

Eng gesond Wirtschaft ass d'Basis fir eng positiv Entwécklung vun eiser Stad. Dofir steet d'Ënnerstëtzung vun eiser Ekonomie an d'Stäerkung vum Aarbechtsmaart och kloer op enger prominenter Plaz an eisem Budget. Schonn zënter enger Rei Jore si mer dobäi, innovativ Mesuren ëmzesetzen – vläicht huet mäi Virriedner dat net matkritt, well mir gräifen eise Geschäftsleit wierklech kräfteg ënner d'Äerm, fir eis lokal Ekonomie ze stäerken.

Dës Efforte solle weider ausgebaut ginn an och well mer scho positiv Resultater vun eiser zukunftsorientéierter Strategie kënne feststellen. Als Beispill kann ech de Projet CLAIRE ernimmen, duerch deen de Leerstand vu Geschäftslokaler an Esch konnt däitlech reduzéiert ginn.

Am Laf vun dësem Joer hunn 30, 30 (!) nei Geschäfter am Zentrum hir Dieren opgemaach. Mat zwou Fixup-Strukturen, dem Popup courte

durée op der Adress 121 an der Uelzechtstrooss an dem Popup longue durée op der Adress 120 an der Uelzechtstrooss gëtt neien Entreprisen eng Plattform gebueden, fir hir Aktivitéiten ouni Komplikatioune gestart ze kréien.

Déi rezent Gestion locative commerciale, bei där d'Stad Esch kommerziell Fläche lount, an dës u Geschäftsleit weiderverlount, ass e weidere wichtege Schrëtt, fir Barriären ofzebauen an nei Geschäfter unzezéien. D'Prime à l'installation d'un nouveau commerce wäert an Zukunft mat Succès nei Entrepreneuren op Esch zéien. Fënnef Ufroe fir déi Primm sinn och schonn erakomm.

Den Escher Blog ass e weidert wichtegt Instrument, fir déi lokal Geschäfter ze ënnerstëtzen a fir déi lokal Wirtschaft ze promovéieren. Ausserdeem dréit de Blog zur Verbesserung vum Image vun der Stad bäi.

Eng grouss Promotiounscampagne fir eise Stadzentrum gëtt lancéiert. Zousätzlech gëtt en neit Konzept ausgeschafft, fir déi divers Animatioune vun der Stad Esch an hiren Associations conventionées perfekt mateneen harmonéieren ze loossen.

Den Zentrum vun Esch réckelt erëm méi an de Vierdergrond als Standort bei wichtegen Evenementer, doduerch gëtt de Commerce belieft a geférdert. Mer investéieren och weider an d'wirtschaftlech Prospektioun, mam Zil, nei Méiglechkeeten ze erschléissen an nei Aarbechtsplazen ze schafen.

Evenementer, wéi „Meet @ Esch" elo ganz kierzlech, déi sech als essentiell fir den Networking an d'Kreatioun vu Synergien tëscht ekonomeschen Acteure bewisen hunn, ginn och an Zukunft ënnerstëtzt a weiderentwéckelt.

Den Tourismus an den Eventmanagement bleiwe staark Motore vun der wirtschaftlecher Attraktivitéit vun eiser Stad an dowéinst setze mir weider villverspriechend Projeten am Tourismussecteur ëm.

D'Websäit explore.esch.lu ass opgebaut ginn a gëtt nach weider ausgebaut. Am Tourismusberäich hu mer Guiden ausgebilt, Tour-guidéen opgebaut an elo ginn eng nei Rei digital Guiden erstallt. Agestallt.

D'Locatioun vu Mountainbikë gëtt opgebaut, fir nei Zilgruppen am Tourismus unzezéien. D'Zil ass et, am Tourismusberäich e geziilte Service um Client unzebidden, fir méi Touristen op Esch ze zéien.

Virun allem fänken d'Aarbechte fir d'Renovatioun vum Camping 2025 un. De Camping gëtt op e modernen an ekologesch einwandfreien an nohaltegen Tourismus ausgeriicht, mat innovative Logementer, renovéierte Sanitäranlagen an neien Empfanksofferen.

Och eis Gestion événementielle spillt eng essentiell Roll. Si organiséieren eng Villzuel u qualitativ héichwäertegen Evenementer, déi nach weider verbessert ginn, fir eis Stad Esch als liewegen a beléifte Standuert ze stäerken.

Eng wirtschaftlech erfollegräich an dynamesch Stad, en attraktiven Zentrum an en opbléienden Tourismus schafen Aarbechtsplazen, generéiere Steierrecetten a stäerken den Zesummenhalt an enger Gemeinschaft, déi houfreg op hir Innovatioun ass. An op dëser gesonder ekonomescher Basis kënne mer eng nohalteg Zukunft opbauen.

Ech bieden Iech dofir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi budgetär Mëttele fir eist Wirtschaftsdepartement voll a ganz ze ënnerstëtzen. Kommt, mir ginn eis d'Moyenen, fir och weiderhin zu Esch e Modell vun Dynamik an Innovatioun hei am Land ze sinn.

Dir Léif alleguer, zu Esch hu mir eng laang Traditioun als kulturellen Zentrum. An d'Kultur hëlt eng zentral Plaz an eiser Aarbecht als Gemeng an. Kultur verbënnt Mënschen a schaaft Raum fir nei Iddien, Konzepter an Initiativen. Kultur schaaft Gemeinschaft a fërdert den Zesummenhalt.

Zënter 2017 hu mer am Beräich Kultur zu Esch enorm Wäerter geschaf. Mer hu konsequent eis Kulturpolitik ëmgesat, an dobäi hu mer ëmmer de Spagat tëscht der Fërderung vun aussergewéinleche Kënschtler an dem Alldag aus der Konscht versicht. Wéi ech mengen, duerchaus mat vill Succès.

Diversitéit an Inklusioun waren a sinn dobäi ganz essentiell Aspekter vun eiser Kulturpolitik. Mer schafe mat engem klore Konzept eis Planung, berouend op eng duerchduecht Travail de fond, deen eis aussergewéinlech engagéiert Personal zënter Joren ëmsetzt. Dofir verdénge si all eise Respekt an och eis Unerkennung. An e ganz grousse Merci dem Service Culture vun der Stad Esch.

Mer offréieren de Leit eng enorm Villfalt un Aktivitéiten a verfüge mëttlerweil iwwer eng bemierkenswäert Infrastruktur, déi Raum bitt fir eng Abberzuel u kulturellen Offeren. An dobäi kommen d'Leit aus alle Schichten, allen Altersklasse mat den ënnerschiddlechsten Interessen op hir Käschten.

Ech wëll hei nëmmen e puer Institutiounen ernimmen, déi d'kulturell Offer fir Escher Biergerinnen a Bierger ausmaachen an hinnen och alleguerte Merci soen: den Escher Conservatoire mat engem neie Rekord vun 1.290 Schüler; eiser Escher Bibliothéik mat iwwer 12.000 Frequentatioune fir 2024; den Escher Theater fir d'Saison 2023/24 mat bal 53.000 Spectateuren; d'Konschthal mat 8.386 Visiteuren; d'Bridderhaus mat 1.050 Visiteuren; de Musée de la Résistance, deen am Mäerz seng Dieren no der Renovatioun opgemaach huet, verzeechent ronn, elo schonn, 10.000 Visiteuren; d'Rockhal, déi enorm beléift ass, an eise Bâtiment IV, dee weider opblitt, an eis Galerie Schlassgoart.

Zesumme mat allen Acteuren aus der Kultur hu mer en ekilibréierte Programm erstallt, dee fir jiddereen eppes bitt: fir de Grand public, sou gutt wéi och d'Experten. Fir all Altersklassen a Kulturen. Mat villfältegen an ënnerschiddleche Praktiken an Techniken, déi zum Asaz kommen. Dobäi gëtt eng sproochlech Villfalt genausou gelieft wéi d'Diversitéit.

D'Kultur gëtt eiser Stad eng Séil. Se ass en Deel vun eiser Escher DNA. Se bréngt eis zesummen, se fuerdert an inspiréiert eis, se dreift eis un, Neies ze probéieren a permanent no vir ze kucken.

Duerch d'Mediatioun am Konschtberäich, wou mir Escher Virreider sinn, fir Bezéiungen ze knäppe mat den Artisten, de Konschtwierker, fir sou d'Konscht jidderengem méi zougänglech ze maachen, déi institutionell Projeten, och Plans stratégiques genannt, eng Aart introspektiv Orientéierungsaarbecht, déi goufen och an der Bibliothéik an an der Kufa ëmgesat. Eemoleg hei zu Lëtzebuerg.

Institutiounen, déi verstanen hunn, wéi wichteg et ass, Kënschtler laangfristeg ze ënnerstëtzen. Mat de Kënschtlerresidenze vum Theater, der Kufa, dem RockLab, dem Bridderhaus.

Duerch déi virbildlech Aarbecht vun eisem Service Culture, wou ech op dëser Plaz dem Ralph Waltmans wëll Merci soe fir seng passionéiert, engagéiert Manéier, fir eis Stad Esch an der Kultur op eng Virreiderroll am Land an am Ausland ze bréngen.

Mat senger Ekipp huet hien et fäerdegbruecht, der Stad Esch an am Land eng koherent

Kulturstrategie ze ginn. An opgrond vun där Strategie konnt Esch och als Europäesch Kulturhaaptstad international glänzen.

An esou beschäftegt sech elo och d'Kulturfuerschung mat eiser Stad an eisem Land. Mat villen internationalen Interventiounen an Artikelen a Konschtexperten aus der ganzer Welt weisen hiren Interesse fir eis Kultur. Ënner anerem d'Ecole du Louvre, d'Universitéit Sorbonne, Experten aus Bangkok a ganz vill anerer.

Besonnesch ze ënnersträichen ass d'Mention spéciale vum Prix de Mexique vun der CGLU an der Kategorie Grands Rêveurs.

A bei all deenen Aktivitéiten hu mer zu kengem Moment de Budget aus den Ae verluer. Huet de Beräich Kultur am Beräich 2022 nach 22 % vum Budget ausgemaach, hu mer en am Joer 2023 op 9 % erofgesat. A mir hunn am Joer 2024 en definitive Pourcentage vu 5 % vum Budget investéiert. Fir 2025 sinn och 4 % vum Budget fir Kultur virgesinn.

A mir maache budgetär Ustrengunge wéi méiglech, fir an dësem Kader ze bleiwen.

Dofir gouf och de Budget fir FrEsch vu 4,5 Billiounen op 3,9 Milliounen erofgesat. Dëse Finanzement couvréiert d'Nuit de la Culture, déi iwwer d'Grenzen ewech fir hir kollaborativ, parzipativ an inklusiv Projete bekannt ass.

D'Francofolies, déi fir 2024 43.000 Visiteuren op Esch iwwer de Weekend bruecht huet an dee gréisste Festival zu Lëtzebuerg ass an och de Label vum Green Event dréit, mat Elektron, déi eng Pionéieraarbecht an den Arts numériques hei zu Lëtzebuerg mécht.

Eise B4, eisen Tiers-lieu culturel, fir dat kreatiivt an associatiivt Liewen hei zu Esch. De Label « Esch Capitale culturelle » an déi Fonctionnementskäschten.

Mir ënnerstëtzen de Kulturbudget, deen am Bewosstsi vun ekologeschen Noutwendegkeete weiderhin eng villfalteg kulturell Offer bilde wëll, dee sech op d'Risike virbereet, déi de Secteur belaaschten, dee glänze wëll mat dem ganzen Territoire an der Iwwerzeegung, dass d'Kulturvillfalt fundamental ass fir den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft.

Mer konzentréieren eis Efforten dorop, de Kultursecteur nohalteg a resilient ze maachen, duerch laangfristeg Investitiounen an d'Renovatiounen, d'Vergréisserungen, Adaptatioune vu wichtegen Infrastrukturen, wéi zum Beispill der Kulturfabrik, dem Conservatoire oder dem Escher Theater.

D'Kultur iwwerhëlt hei eng Virreiderroll beim verantwortungsvollen Handelen am sozialen an ekologesche Wandel. D'Kultur muss fir jiddereen a fir all erliefbar sinn. Et ass eis dowéinst wichteg, all eis Biergerinnen a Bierger an de kulturellen Austausch matanzebannen, am Sënn vum Bien-être an der ekologescher Transitioun.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, ech kéint op dëser Plaz nach laang weiderfueren, well eise kulturelle Programm enorm villfälteg ass an divers ass. Ech denken, déi wéineg Beispiller demonstréieren awer d'Bedeitung vum Kultursecteur fir eis Biergerinnen a Bierger.

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, Wunnraum schafen ass eng Chance, fir Attraktivitéit a Liewensqualitéit ze schafen. Dëst ass e laangfristegt Invest an d'Zukunft vun eiser Stad.

Dofir erschéngt et eis och konsequent a richteg, dass dee gréisste Budgetsposte vu ronn 27 vum Budget fir 2025 dem Bereetstelle vu Wunnraum reservéiert ass. En anere wichtege Sujet fir eis Matmënschen ass d'Wuelbefanne fir all Eenzelen an eiser Stad.

Dat schéngt sou banal, an et ass awer nach laang net selbstverständlech.

Sou ech wëll haut eng Kéier een Aspekt eraushuelen, dee mer gär verdrängen oder iwwersinn: d'Propretéit an d'Uerdnung op eise Stroossen a Weeër. Et ass mer en Uleies, eng Kéier ausdrécklech eisem Service Hygiène Merci ze soe fir déi formidabel Aarbecht, déi dës Ekipp leescht.

Déi Fraen a Männer, déi onermiddlech dofir suergen, datt eis Stroossen, Schoulen, ëffentlech Gebaier a Plazen ëmmer impeccabel propper sinn, sinn eis Helden. Si maachen eng fantastesch Aarbecht a si verdéngen hei effektiv en Applaus.

Mee dofir, datt se anstänneg schaffe kënnen, brauche se och anstänneg Geräter. Botzween, déi deelweis méi wéi zéng Joer al sinn, mussen ersat ginn. Nei Maschinnen a Geféaerter sinn noutwenneg: e multifunktionale Camion, eng kleng Kiermaschinn, e Schnéiplou a Salzstreeër fir de multifunktionale Camion.

Dobäi kommen och nei Uschafungen, wéi zwou elektresch Handkiermaschinne fir de Kierdéngscht an der Foussgängerzon, déi manner Kaméidi maachen. D'Gesamtkäschte fir dësen noutwennegen Invest leie bei 761.000 €. A mer sinn iwwerzeegt, dass dëst Geld wonnerbar a ganz gutt investéiert ass.

Dir Léif alleguer, mat der Orange Week vum vergaangen Mount November huet d'Stad Esch och e staarkt Bekenntnis gemaach, wat eise Kampf géint Gewalt u Frae betrëfft. Eng Thematik, déi eis all soll ënner den Neel brennen.

An der EU ass all drëtt Fra vu geschlechtspezifescher Gewalt getraff. An och zu Lëtzebuerg ass d'Gewalt, d'geschlechtspezifesch Gewalt op engem Rekordniveau. An zu Esch hunn d'Zuele vu gemellte Gewaltdoten – et gëtt leider nach eng enorm Donkelziffer – erschreckend héich.

Mer sinn als Gemeinschaft an och als Gemengevertrieder, -vertriederinne gefuerdert, dofir ze suergen, dass Fraen a Kanner an eiser Stad fräi, friddlech an ouni Gewalterfarung liewe kënnen.

Hei musse mer gemeinsam nach vill Ustrengunge maachen an dofir suergen, dass Opfer besser geschützt an d'Responsabilisatioun vun den Täter mat koherenten, konsequenten, souwuel op reedukativem, therapeuteschem a penalem Niveau ginn. Eng grouss Bedeitung huet hei d'Opklärung, awer och eng effikass Zesummenaarbecht mat der Police an de sozialen Ariichtungen.

Zu Esch gëtt et keen Doheem fir jeeglech Form vun Ënnerdréckung, Rassismus an Diskriminéierung. Fir eng gewaltlos a friddlech Plaz suergt eis Stad Esch, andeems mer mat der Maison de la diversité e Grondsteen an déi richteg Richtung geluecht hunn. E Raum, dee geduecht ass, wou ënnerschiddlech Kulturen a Mënschen aus der ganzer Welt friddlech matenee kënne kommunizéieren, kooperéieren a Projeten erschafen.

Natierlech geet e Gebai eleng nach net duer, fir eng nohalteg Antidiskriminéierungspolitik ze leeden. Et brauch iwwer Maueren eraus natierlech och déi pertinent Visiounen a Strategien.

Tatsächlech ass d'Maison de la diversité als eng vun den Ausdrockweise vun engem Engagement ze gesinn, dat sech duerch eng Rei politesch Instrumenter entwéckelt a konsolidéiert huet.

Wann d'Escher Gemeng och scho säit 2017 e kommunalen Integratiounsplang huet, an

2014 der ECCAR, der europäecher Koalitioun vun de Stied géint de Rassismus, bäigetrueden ass, sou huet si awer mat der Adhesioun vum Pakt vum interkulturelle Liewe 2024 en Zeeche gesat, dass se de Paradigmewiessel, deen op nationalem Niveau ugestouss ginn ass, an hir Lokalpolitik wëll integréieren.

Dëse Pakt setzt op gedeelt Verantwortung souwéi op de Respekt an d'Akzeptanz vun der Diversitéit. Dat ass d'Richtung, déi mer och zukünfteg méi staark wäerte fäerderen.

Léif alleguerten, erlaabt mer wannechgelift eng kuerz Bemierkung zum Budgetsposte vun der Educatioun, dee mat 21 % vum Gesamtbudget den zweetwichtegste Budget ass.

Fir eis ass et selbstverständlech, dass mer weider intensiv an d'Zukunft investéieren an d'Bildung an d'Weiderbildung garantéieren, datt och zukünfteg Generatiounen a Fridden a Wuelstand kënne liewen. Mer ënnerstëtzen dowéinst ouni Aschränkung déi geplangt Investitiounen.

Sou ofschléissend wéilt ech nach kuerz de Beräich vum Sport a vun der Beweegung vum Allgemengen uspriechen. Och hei ass et offensichtlech, datt déi geplangt Investitiounen der Allgemengheet an der Gemeinschaft zeguttkommen a mer bewäerten d'Efforte vun eiser Gemeng am Beräich Sport extreem positiv.

An dës Efforte si mat der offizieller Unerkennung mat dem Label Europäesch Sportstad 2025 international unerkannt ginn. Laangfristeg stäerken och déi nei Sportstätten d'Attraktivitéit vun eiser Stad an droen zum bessere Matenee bäi.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass mer fir d'Joer 2025 an eiser Gemeng e Budget erstallt hunn, deen dozou wäert bäidroen, d'Liewe vu jidderengem zu Esch méi liewenswäert ze maachen, woubäi mer Wäert op eng ausgewoe Finanzpolitik leeën, ouni Ofstrécher op Käschte vun der Ëmwelt oder vun eenzele soziale Gruppen oder Schichten ze maachen.

Zu Esch soll all Matbierger a Matbiergerin op hir Käschte kommen. Mir stellen eis gemeinsam géint déi grouss Erausfuerderunge vun haut a preparéiere beschtméiglechst d'Zukunft.

Esch war, ass a wäert och zukünfteg e Virreider an der Kultur, am Sport, am Zesummeliewe vun ënnerschiddleche Kulture souwéi an der Villfalt sinn. Eng Plaz, wou jidderee gäre lieft a kee muss dem Zuch hannendru lafen.

D'DP-Fraktioun wäert dëse Budget voll a ganz ënnerstëtzen. An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Scholl. Den Här Tonnar huet d'Wuert.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. Erlaabt mer, datt ech e bësse méi nuancéiert wäert virgoe wéi meng Nopesch hei, déi awer eng ganz gutt Ried gehalen huet. Besonnesch iwwer d'Hygiène an iwwer déi finanziell Saachen.

Här Buergermeeschter, ech muss mech entschëllegen, ech war net do bei Ärer Presentatioun, mee ech hunn déi awer ganz attentivement gelies. An ech war awer do och iwwerrascht – et ass schonn ernimmt ginn hei –, dass op zwou Säiten CSV-Ministere beemol an den Himmel gelueft ginn.

Do wier ech och méi nuancéiert, well deen ee Minister hat seng Karriär ugefaangen, déi net ze vill gloräich war an deene Mendianten iwwerall erausgeheit huet. Soudass dat vläicht wat d'Zifferen ugeet, ass e vläicht gutt, mee dat ass éischter den aneren. Mee op jidde Fall misst Der dat vläicht och nuancéieren.

Wann ee vum Escher Budget schwätzt, gesinn ech net richteg, wat déi Saachen domat ze dinn hunn. Da muss een éischter nach iwwer d'Escher Politik schwätzen. An déi Escher Politik ... ma d'Escher, mat deenen ech schwätzen, déi hunn ee Sujet: Wéi déi Gréng et fäerdegbréngen, an engem totale Defait, wou se ënner 10 % rutschen, e Sëtz verléieren, op eemol erëm e Sëtz erëmhunn, ouni Gêne sech do e Sëtz accaparéieren, d'DP iwwerhuelen.

An ech ginn lech op de Wee: Passt op, dass se net op eemol der véier, fënnef a sechs hunn. Well ech muss soen, Feliciatiounen. An dat ass d'Gespréich hei an Esch, wann een och iwwer de Budget schwätzt. Dofir nennen ech dat hei. Dat ass d'Gespréich hei an Esch. An net wat déi Stater Ministere fir eis maachen.

Ech hunn awer och e puer gutt Nouvellen. Dir wësst, dass ech mech hat, wéi vill Etüden a Projete gemeet ginn. Dat ass ëmmer gutt, fir dass een näischt brauch ze maachen. Da schreift een „Études et projets". Déi Zuel huet awer drastesch ofgeholl. Ech hunn der à peu près 20 oder zwou Dose gezielt. Dat ass par rapport zu dem leschte Joer, wou mer op 40 waren, e ganz groussen Effort vun Ärer Säit.

Ech hunn do awer déi éischt Fro. Do ass e Posten „Études et recherches – affaires culturelles", 120.000 €. Do kënnt Der mer vläicht, oder eis herno eng Äntwert ginn, wat dee Poste soll sinn.

Ech wäert mech och a menger Ried haaptsächlech iwwer d'Kultur hei beschäftegen, an dann um Schluss awer e puer ... et ass wéi an der Emissioun „Les tops et les flops". D'Floppe wäert ech mer dann als Schluss vu menger Ried hei awer net vermeiden, lech déi ze soen.

Mee loosst mer dann eeben déi gutt Punkten huelen. Sou si mer jo net. Ech sinn zwar ganz séier fäerdeg, mee ech huelen de Musée de la Résistance, wat effektiv e formidabelt Gebai ass mat engem formidabelen Inhalt. A wou ech just perséinlech fannen, dass net genuch Reklamm do gemeet gëtt.

Et héiert ee ganz wéineg. Ech kréien eng Mail pro Mount wat de Programm ass, an domadder huet et sech. Ech hu menges Wëssens nach ni iergende Flyer oder e Blat oder eng Invitatioun kritt, ausser e Mail, deen dann eemol de Mount iwwer Mail kënnt.

De Conservatoire, de Cachet vun den Artisten, dee bal 100.000 € ass. Dat fannen ech ganz flott a ganz couragéiert. Mer wëssen alleguerten, wéi schwéier et ass, iwwerhaapt eng Kulturinstitutioun vu Musek nieft der Philharmonie, déi Weltklass huet, fir dann nach een op lechternach, wou de Festival leider kapott gaangen ass, oder op Esch an de Conservatoire, wou mer da frou sinn, datt 20, 30 Leit do sinn. Wat traureg ass.

Awer ech fannen et flott, dass Der do dee Cachet vun den Artiste bäibehalen hutt, wann net souguer an d'Luucht gesat hutt.

Wat och ganz flott ass – et ass och deelweis ernimmt ginn. Déi Budgete fir déi kleng Associatiounen: Hariko 55.000 €. Independent Little Lies, déi formidabel Aarbecht maachen an ni no Sue gefrot hunn, déi op 155.000 € kommen. KulturLX 50.000 €, de LOA-Festival, wou ech mengen, zwou Editioune souguer dëst Joer stattfannen, fir 175.000 €. Rosa Lëtzebuerg 125.000 €. An dann d'Confédération de la Danse fir 6.000 €. Dat si Saachen, déi mer total all ënnerstëtzen a wou mer nëmme kënne soe bravo.

Dat selwecht ass "Subsides à diverses sociétés et associations". Ech mengen, déi sinn eropgesat ginn.

An dann, wat scho ganz laang fälleg war, wat ech ni fäerdegbruecht hunn, mat de Ponts&Chaussées, dat schéngt dann elo ze klappen. Dass endlech dee Pavillon Schlassgoart eng Signalisatioun kritt.

Dat war ëmmer en immensen Theema, well dat dann op enger Staatsstrooss muss opgeriicht ginn. Tant mieux wann Der dat fäerdegbruecht hutt. Dat ass ganz wichteg, well dee Pavillon huet ganz wéineg Visibilitéit.

An dann e Sujet, dee mer och ëmmer um Häerz loung. Dat ass ass „Acquisitions d'œuvres d'art". D'Escher Gemeng huet eng vun de gréisste Konschtbesëtz – an ech hunn dat schonn eng Kéier an enger Ried gesot.

D'ailleurs den Här Baum huet et gesot, déi eeleft. Ech soen net, déi wéi villt Budgetsried fir mech déi hei ass, well dat ass iwwer dat Duebelt, Här Baum.

*(Interventioun)*

Jo, ech mengen, et gëtt Zäit, opzehalen.

*(Interventiounen)*

Ma nee, hien ass jo eréischt bei der eelefter. Also do si mer nach wäit dovun.

Déi Acquisitions d'oeuvres d'art an de schwäerzste Joren, wou d'Finanze katastrophal waren, ass nach ëmmer festgehale ginn, dass eng Millioun, oder 25.000 € do waren, fir weider déi Oeuvren, déi am Besëtz si vun der Stad Esch, weiderzeféieren a weider do ze investéieren. Dat ass e Patrimoine, wou mer beneit ginn am ganze Land. A wou wierklech gutt ass, datt dat gefouert gouf.

Ech kommen awer dann zu zwee Sujeten, déi manner roseg sinn. Oder dräi Sujeten. Mir fannen hei als Fraktioun, dass, wat d'Recetten ugeet, dass do vun Iech net genuch Efforte gemeet ginn, fir beim Staat ze versichen, Sue méi erëmzekréien.

Mer liesen hei „Participations de l'État aux frais de la bibliothèque" 65.000 €. Beim Conservatoire 100.000 €. Den Theater kritt fir seng Cachete 450.000 €. An dann, ech hat dat och schonn an der Kulturkommission ernimmt, et war ëmmer eng Paritéit. An der Kufa hu mer ëmmer 50 % de Staat bezuelt a 50 % d'Gemeng.

Entre-temps bezilt d'Gemeng esou vill méi wéi 50 %. A mir fannen dat net an der Rei. A mir géifen Iech instament bieden, beim Minister do, beim Här Thill, virzegoen an ze froen, dass dat endlech erëm an eng Paritéit kënnt.

Dobäi kënnt jo och nach, dass mir dat ganzt Gebai bezuelen. Et ass jo och eist. Dat ass jo och gutt. Mee do huet de Staat ni en Effort bis elo gemeet. Ech hoffen, dass dat elo ännert, well do si jo och elo scho vill Suen – an dat begréisse mer och –, déi virgesi sinn, fir déi Kufa ze erneieren, wat absolutt néideg ass.

Et vergësst ee bal, dass et e Schluechthaus war an dass dat awer e Gebai ass, wat e gewëssen Alter huet. A wat muss erneiert ginn an et ass och hei schonn erwäänt ginn, wat elo ganz no un d'Metzeschmelz kënnt. Wat also en immensen Avantage fir d'Kufa ass a wat net op déi Manéier däerf vergiess ginn. An dat ass jo och am Budget virgesinn.

Wat eis awer elo stéiert, mech perséinlech, dat ass déi Diskrepanz - an ech hunn do en Effort gemeet, de Pavillon vum Centenaire d'Fraisen ze kucken an déi ze vergläiche mat Lavandier oder wéi een et wëll nennen, an d'Bridderhaus.

Éischens emol d'Acquisitioun wëll ech erënneren, dass de Pavillon e Kaddo war. Déi meescht wëssen dat net méi, mee mir hunn dee geschenkt kritt vun der Arcelor, vum Här Kinsch, fir 2006, wéi mer 100 Joer Stad Esch gefeiert hunn. An dat huet null kascht. Ech wëll dat awer och emol soen.

Ech wëll elo net de Präis soen – Der kennt en alleguerten –, wat d'Lavandiers-Haus kascht. Mee wat awer da frappéiert, wann Der vergläicht – an ech hunn do siwen oder zéng Punkte geholl, déi mer erlaben, et do ze vergläichen. Petits équipements: de Centenaire 1.000, déi aner zwee 13.000. D'Bridderhaus: Local, matériel et équipements 78.000, Acquisition 20.000.

Zweete Punkt: Service nettoyage. De Pavillon du Centenaire 2.500, d'Konschthal an d'Bridderhaus 95.000 €. 95.000 €, fir dat ze botzen. Also do froen ech mech awer, wou do kann den Ënnerscheed hierkommen.

De Pavillon ass awer och net grad kleng. An dat kascht dann 2.000 €. 2.500 €. An dat anert 95.000 €.

Et geet awer weider. „Honoraires divers" fir d'Bridderhaus an d'Konschthal 100.000 €. Honoraires divers. Kann ee mer soen, wat dat ass?

An da „Frais marketing et publicités". Zwou Rubricken. Annonces insertions 2.000 € de Pavillon, 25.000 € déi zwee aner. Catalogues imprimés et publications: 25.000 € de Pavillon, 270.000 € déi zwee aner. Do ass ze bemierken, dass fir den Theater 100.000 € virgesi sinn. Also 270.000 €.

Et ass awer net domadder gedoen. Frais de route et de séjour. D'Madamm aus dem Pavillon huet 500 € do zegutt. Dat fannen ech net ganz vill. D'Bibliothéik 2.500.

An déi zwee aner Haiser: 11.000 € Frais de route et de séjour. Bein, d'Artiste geet jiddweree sichen, dofir verstinn ech net, dass déi eng Madamm mat 500 € eens gëtt an déi aner Responsabel brauchen 11.000 €.

Frais de réception. Am Pavillon, wou ganz flott Vernisagë sinn, 2.000 €. An deenen zwee aneren Haiser: 65.000 €. 65.000 €! Dobäi huet den Theater – et ass dann ëmmer flott, dat och nach ze vergläichen – 12.000 €. Also ee Fënneftel, mol net e Fënneftel wéi déi aner.

Da kommen nach Bridderhaus Cachets d'artistes 205.000 €, Konschthal Frais accessoires aux cachets 90.000 €. An da kënnt en immense Posten – ech hoffen, Der hutt deen all gesinn: Frais et services divers dans le cadre d'exposition. Frais et services divers dans le cadre d'exposition 850.000 €. Bein, bravo. Do géif ech och wëlle schaffen. Wann ech esou e Budget zur Verfügung hätt, hätt ech och näischt dogéint, och do ze schaffen.

Mee mer sinn net um Enn. Frais de représentation – ass elo erëm bal dat selwecht wéi d'Frais de route. Frais de représentation, de Pavillon 500 an d'Konschthal 9.000. Médias huet keen, just d'Konschthal an d'Bridderhaus: 100.000 €. 100.000 € fir Médias, wat soss keng kulturell Institutioun hei an Esch huet.

Dir kënnt mer soen, Der sidd e bësse klenglech. D'Timberen. Déi eng brauchen 1.000 €, déi aner 10.000 €. Mee ech huelen awer un, dass d'Invitatiounslëscht déi selwecht ass. Dat heescht, een Timber ass awer nach ëmmer de selwechten Tariff fir déi Invitatiounslëschten.

An da kënnt nach e super Posten. Frais de surveillance. Der wësst, wou de Pavillon läit. Zimmlech wäit ewech, wou ee kéint mengen, do misst Dag an Nuecht ee sinn. D'Frais de

surveillance vun deem Pavillon sinn 3.000 €. Rot emol, wat déi aner sinn. 180.000 €! Dat ass jo awer ... also ech weess net, wéi eng Securitéitsfirma do ass. 180.000 € fir Frais de surveillance, wou déi aner 3.000 € hunn.

Da kënnt awer och nach d'Personal. 1.144.000. Charges sociales 167.000. An da fir déi Saach – ech hunn nach zwee Punkten – Mobilier et objets d'installation. Am Pavillon 3.000 €, am Bridderhaus 120.000 €. Ech weess net, dat wéi villt dat ass. Et géif souguer opgoen, mee ech mengen, 40-mol méi. Ech hunn dat awer net ausgerechent.

A vu dass et net méi drop ugeet, fannen ech dann och nach fir de Lavandier Charges de copropriété. Rot emol, wéi vill dat ass. 60.000 € Charges de copropriété. Also an enger normaler Wunneng huet ee fir 120 € de Mount. Hei si mer bei 5.000 € de Mount Charges de copropriété.

Ech weess net, ob den Här Dengen nach do wunnt oder net.

*(Gelaachs)*

Mee op jidde Fall kënnen dann net méi vill Chargë fir dee Rescht bleiwen, wa mir dat alles iwwerhuelen. Also ech wëll wëssen, wou déi Charges de copropriété fir 60.000 € hierkommen.

Dat ass den éischte Sujet, deen ech wollt abordéieren. An da kommen ech op den zweeten. Dat ass dann déi berüümt FrEsch, wou ech einfach net verstinn, firwat hutt Der dat gemeet.

Also déi zwee Conseilen, wou ech dann dra sinn, well ech vun der Nuit de la Culture nach vu fréier, déi waren entsat. Et wosst kee Mënsch eppes. A, et ass haut déi lescht Kéier, wou mer hei sinn. Asou? A. Do hunn der puer gefrot, a wéi ass dat dann. Majo, dat gëtt elo regruppéiert. A bon, mer hunn awer net esou schlecht funktionéiert. Dat ass jo awer alles gutt weidergelaf an dat huet gutt funktionéiert. Jo nee, mee dat ass awer esou.

Bon, do hu mer dann de Chef do gefrot, majo, wat sot Dir dann dozou. Deen huet net vill geäntwert, deen ass ugestallt, dee kann net vill äntweren. Mee et ass einfach ... also mir geet dat net a mäi Kapp, firwat een esou e Waasserkapp opbaut, wann een zwou ASBLen hat, déi perfekt funktionéiert hunn an déi och transparent waren. All Mënsch wosst, wat dat eent géif kaschten, all Mënsch wosst, wat dat anert géif kaschten. An domadder hat et sech.

Elo ginn déi dann opgeléist. Et ass nach eng Kéier eng Reunioun elo, eng AG, fir déi Saach dann ofzeschléissen. Déi eng ass den nächsten Donneschden, déi aner ass ech weess net wat. An da war et dat.

Sou, elo kommen ech dann awer zu den totale Floppen, éier ech hei ophalen. Dat ass, dat eent huet den Här Baum scho gesot, Ënsber. Also do hu mer eng Chance inouïe, dass mer dat Ënsber besëtzen.

Wann een do war, déi Vue op de Lac, dat ass dee schéinste Site vu ganz Ënsber. An et ass wierklech net un der Gemeng Ënsber – oder ass et Esch-Sauer, ech weess et net – un Esch-Sauer, fir ze decidéieren, wat mir do solle maachen.

Et ass un eis ze decidéieren an e Projet ze maachen, an e flotte Projet an den Escher Bierger, déi net kënne wäit an d'Vakanz fueren, ze erlaben, fir kënne mol erëm an d'Vakanz dohinner ze goen. An deene Jonken, déi profitéieren, eis Schoulklassen, déi dohinner e puer Deeg ginn, dass déi an engem flotte Kader do kënne sëtzen.

En anere Flopp. Dee Loyer enorm fir de Bâtiment IV. Eng enorm Zomm vun engem

Loyer. Ech weess net, konnt Der do net mat Arcelor besser vehandelen? Ech weess, dass dat ganz schwéier ass, well déi mengen, se hätte lauter Palaisen. Do sinn ech mat Iech d'accord.

Mee de Loyer ass enorm. Do hätt ee sech kënne froen, ob een et hinnen net hätt solle loossen an dann hätte se keen erakritt, ob dat net méi einfach gewiescht wier.

Ech hunn awer och nach e puer Sujeten, déi elo net direkt mat der Kultur ze dinn hunn. Nach eng Etüd, Här Buergermeeschter. Eng Etude pour la mobilité: Circulation. Ma bein, do freeë mer eis drop, well wéi d'Circulatioun de Moment zu Esch ass – ech weess net, ob Dir all Dag mueres anzwousch schaffe gitt oder d'Rue du Fossé erof, d'Lëtzebuerger Strooss, de Boulevard Kennedy. Dann héieren ech, datt dee soll zougemeet ginn.

Also wat do en vue ass a wat do op déi Escher duerkënnt, da wënschen ech der Etüd bonne Chance.

*(Interventioun Här Meris Sehovic)*

O, d'Leit hunn Angscht genuch. Ech brauch hinne keng Angscht ze maachen.

Installation barrières et bornes. Dat ass och eppes, wat immens gutt gefält dem aktuelle Schäfferot hei. Dat kascht 350.000 € an 100 €, an 100.000 €. Also 450.000 €, bravo, fir d'Leit ze blockéieren.

Place des Remparts, erëm eng Etüd. 120.000 €. Déi Etüd leeft scho praktesch, zënter meng Étude do ass. Dat ass kee Jeu de mots, mee praktesch. Déi Etüd steet gottseidank all Joer do a gottseidank geschitt näischt. Well do kann nëmme Schlechtes geschéien.

En immense Sujet, Arrêts de bu. An der Emile-Mayrisch-Strooss warendo zwee nei Bussen, mol keng zwee Joer al, alles ofgerappt ginn, alles fort. Fir 300.000 € ginn elo nei Arrêts de bus opgeriicht. Een, dee just opgeriicht gi war.

Elo gëtt en erëm ofgerappt, d'Strooss gëtt nach méi enk gemeet, dass d'Ambulanzen, déi do prioritär fueren, net méi kënne laanscht kommen. Mee et ass awer dann eng Verkéiersberouegung. Dat ass jo d'Haaptsaach.

Mee fuert emol eng Kéier dohin, wann de Bus Nummer 7 kënnt a wann eng Ambulanz kënnt a wann den Troittoir bis an d'Strooss geet, fir en neien Arrêt de bus ze maachen. Dat ass wierklech net, wéi een d'Sue verwalt en bon père de famille.

Ech hu jo nach e Sujet favorit. Dat ass d'Piscine.

*(Gelaachs & Interventiounen)*

Nee, ech hu fonnt, ech wier ze al. Ech wëll net méi iwwer déi schwätzen. Dat sollen déi nächst maachen. Ech schwätzen net méi iwwer déi.

Mee d'Piscine ass nach e flotte Sujet. Dir kënnt Iech jo all erënneren, dass mer déi Präisser esou an d'Luucht gesat hunn, fir dass méi Leit solle kommen an dee flotte Fitness, wou jo dann nach ëmmer keen dohinner geet. Mee bon, dat ass awer fir déi, déi do sinn, déi mierken dat.

Déi Piscine hat Recettë virgesi fir d'lescht Joer vu 480.000 €. Déi sinn emol rectifiéiert ginn op 450.000 €. Dat ass dann d'Resultat warscheinlech vun där Hausse de prix. Et ass net, wéi gemengt ginn ass, o, wa mer elo dee Fitness dobäimaachen, deen entre-temps d'ailleurs och payant ass. Dee war am Ufank een, zwee Méint gratis. Elo bezilt een deen och.

An da kënnt e Posten, dee flott ass. D'Terrass vun der Sauna. Jo, dee muss frëschgemeet ginn. Do ginn ech Iech vläicht mat op de Wee,

fir e Whirpool eventuell och op där Terrass ze maachen. Well déi Architekten, déi dat alles virgesinn, déi waren nach ni an enger Sauna. Dofir muss een d'Madamm Ragni oder mech, oder ech weess net, wien nach geet, froen ...

*(Gelaachs)*

Net de selwechten Dag. Schued.

Dann ass nach e Posten. En Institut de beauté gëtt installéiert. De Paravan ass schonn do, dat kascht awer 80.000 €. À vous de juger, ob dat dann dat wäert ass. 80.000 €.

Ech hätt awer nach viru mengem leschte Wuert zwou Suggestiounen, oder dräi. Wat de Conservatoire ugeet, hu mer gelies, datt do dat LuxControl-Gebai a Fro kënnt. Ech géif Iech awer roden, och nach vläicht ze iwwerleeën, o been net op der Rouder Lëns soll kucken, eng Annex ze maachen. An da vläicht d'Extensioun vum Conservatoire op der Rouder Lëns ze maachen.

Mir als Fraktioun ginn Iech och op de Wee, fir d'Bibliothéik ze envisagéieren, eng Annex vläicht am Carré culturel, wou Plaze wieren a wou kéint déi Bibliothéik och eng zweet Annex eebe kréien.

An dann eppes, wat vaguement ernimmt ginn ass, mee wou ech leschte Sonnden erëm schwäirose war, dass Esch nach ëmmer kee Sall huet, wou kann all Veräi profitéieren, wou kann all Escher profitéieren.

Nodeems den Dechen d'Brass-Band aus der Kierch geheit huet, wou ëmmer dee flotte Concert de 25., de 26. September all Joer war, war dee Concert elo leschte Sonnden zu Zolwer am Artikuss. Ech fannen dat eng Schan fir eis Stad.

Ech fannen dat wierklech eng Schan. An ech mengen, do sidd Der alleguer mat mer d'accord, dass dat do muss änneren. A sou séier wéi méiglech. An ech weess net, ob mer kënnen ëmmer dat elo soen, o, dat maache mer dann zu Schëffleng. Op der Metzeschmelz. Dat maacht Der, wéi Der wëllt.

Ech schwätzen net iwwer d'Seelbunn, mee ech géif Iech bieden, déi nach ëmmer, déi Etüd ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Déi Zäit hutt Der och net méi, Här Tonnar. Kommt wannechgelift zum Schluss.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Esou laang hunn ech net geschwat.

*(Gelaachs)*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dir sidd bei enger hallwer Stonn.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Nee, nee, nee, nee.

E leschte Punkt, e leschte Punkt, dat ass d'Agents municipaux.

*(Gelaachs)*

Do hunn ech mer erlaabt, hir Salairen ze kucken. 2.735.000 € an 910.000 € Charges sociales bezuele mer fir, also 3,7 Milliounen, 3,6 Millioune fir d'Agents municipaux.

Firwat – ech hu keng Contrepartie gesinn. Ech weess nach ëmmer net, wéi vill d'Gemeng Esch dovun huet. Ech weess nach ëmmer

net, firwat se sonndes, wann d'Leit an den Déierepark ginn, all e Protokoll hunn. Op e Futtball, do ginn der net méi vill, leider, op de Folasterrain. All e Protokoll hunn.

Ech weess et net. Sot eis emol, Här Sehovic, wat d'Contrepartie ass, ausser dass just d'Leit hei zu Esch verscheicht ginn.

Dat war et. Ech soen Iech villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Tonnar. Dir hutt fir all Budgetsried, wou Der matgemaach hutt, méi wéi den Här Baum, eng Minutt guttgeschriwwe kritt.

**M. Jean Tonnar (LSAP)**

Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Als nächst huet den Här Funck d'Wuert, deen net sou vill Budgetsriede wéi den Här Baum schonn hei gehalen huet. Dir hutt 20 Minutten.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Här Buergermeeschter, ech hat Iech jo gewarnt. Et ass ganz kuerz dëst Joer.

Dir Dammen an Dir Hären, léif alleguerten, loosst mech ufänken, andeem ech och den Häre Fleming a Gorrix Merci soe fir hir riguréis Aarbecht. Well wéi all Joer hu se déi schwiereg Aufgab fäerdegbruecht, e Gesamtbild aus all eenzele Puzzlestécker zesummenzestellen.

Hei hu mer dann elo den éischte Budget vum neie Buergermeeschter. Huet hien d'lescht Joer zwar als frësch vereedegte Buergermeeschter de Budget presentéiert, esou war seng Handschrëft nëmme liicht ze erkennen.

An dësem Budget par conter erkennt een, aus wat dem Buergermeeschter seng Prioritéite bestinn. Et geet hei ëm Realpolitik anstatt Tapezéieren oder Bling-Bling, wéi dat virdrun de Fall war. Mee leider an ëmmer méi schwierege Situatiounen.

Ganz aus der Verantwortung wëll ech den haitege Buergermeeschter awer net zéien, well schliisslech huet hie virdrunner als Schäffe säit 2020 d'Budgete mat ausgeschafft an do nach virdrun als Fraktiounsspriecher souguer verteidegt.

Hunn ech d'lescht Joer meng Budgetsried opgehalen, andeem ech mer positiv Ännerunge vum Chrëschtkëndchen gewënscht hunn, sou kann ech soen, dass et effektiv vill Besserungen am Ëmgangstoun gi sinn. Mee trotzdeem ginn et och nach ëmmer Saachen, déi mer net matdroe kënnen.

Komme mer dann elo zu den eenzele Punkten, wou mer mat dem wichtegste Posten aus den ordinären Ausgaben, dem Personal, ufänken. Am Kont vun 2018, also dem éischten vun der deemools neier schwaarz-blo-grénger Koalitioun, stoungen 82,3 Millioune bei de Personalkäschten. Am Budget 2024 waren et der schonn 134,26 Milliounen an am Budget 2025 sinn et esouguer 142,38 Milliounen. Mer stellen also fest, das mer en Taux de croissance vun 73 Prozent an de leschte siwe Joer hunn.

Just fir Iech dat Ganzt awer eemol duerzeleeën: Am Joer 2015, also virun zéng Joer, loungen d'Personalkäschten am Kont bei 73,62 Milliounen. Dat sinn 68,76 Millioune manner wéi dat, wat am Budget 2025 virgesinn ass. Oder an anere Wieder en Taux de croissance vun 93 Prozent.

Deemols hunn d'Personalkäschten och 3 % manner ausgemaach par rapport zu den ordinären Ausgaben am Verglach zu haut.

Wann een den Taux de croissance vun den ordinären Ausgabe mat dem Taux de croissance vun de Personalausgaben op déi lescht zéng Joer vergläicht, da fält op, datt d'Personalkäschten iwwerproportionell geklomme sinn.

An der Finanzkommissioun hu mer awer och nach en anere ganz interessante Chiffer gesinn. Am leschte rout-gréng Kont vun 2017 war d'Progressioun vun de Personalkäschten bei -7,7 %. D'Jore virdru loung se an der Moyenne bei 2%.

A bei der neier Majoritéit, do läit dës Progressioun tëscht 2018 an 2025 en moyenne bei 9,5%. An dëst ass sécherlech net just mat dem zousätzleche Personal vun de Maison-relaisen ze erklären.

142,38 Milliounen: Wat ass an dee Montant mat agefloss? Indextranchen? Traitements-Adaptatioune bei de Fonctionnairen? Déi nei Konditioune vum SAS-Kollektivvertrag? Wat hutt Der fir de Südgemengekollektivvertrag, wou jo am Moment iwwer viraussiichtlech Verbesserunge verhandelt gëtt, am Budget 2025 virgesinn?

Dobäikommen Adaptatioune vun der Prime à responsabilité, wou de Prozentsaz vum Effectif vu 15 op 30 % pro Karriär soll eropgesat ginn an d'Unerkënnung vum BTS Diplom. Sinn all dës Saachen an iergendenger Form an dësem Budget erëmzefannen?

Mee à propos Prime à responsabilité. Wéini gesi mer endlech do déi Krittären, déi sollen appliziéiert ginn hei am Haus? Mer wëssen all heibannen, wéi enk dës Vergab vun der Primm un den aktuellen Organigramm gebonnen ass.

Dowéinst ass et eminent wichteg, dass mer eng komplett Iwwersiicht vun eise Mataarbechter hunn, zesummen mat de jeeweilegen Tâchen a Responsabilitéiten. D'selwescht wéi bei de Krittäre vun de Garagen an Emplacementer waren déi geliwwert Äntwerte fir mech a fir d'LSAP-Fraktioun bis elo net zefriddestellend.

An der Budgetspresentatioun huet de Buergermeeschter gesot, dass am Joer 2024 bis dato 51 nei Kreatioune vu Poste waren, dovunner der 20, wou net en lien mat de Maison-relaise waren. Dogéint hu mer 17 Suppressiounen, wat am Organigramm géif heeschen, dass just dräi Persounen dobäikomm wieren.

Der mierkt, ech benotzen de Conditionnel, an Dir kënnt Iech alleguerten denke wisou. Well mer de Gesamtorganigramm leider nach ëmmer net gewise kruten.

An dësem Kader verweisen ech och nach eemol op déi Froen, déi ech opgeworf hat an engem vun de leschte Gemengeréit am Kader vun den Upgraden, déi déi lescht Joren ënnerholl goufen, déi vereenzelt Changement-de-carrièren a sou weider.

Wéi gëtt et bei eis an der Stad Esch mam Mécanisme temporaire gehandhaabt? Wéi vill Leit konnte bis elo heivunner profitéieren? Wat mécht dat am Gesamtbild vun eiser Administratioun aus?

Wärend der Analyse vum Budget ass mer och opgefall, dass vereenzelt Departementer guer keng Budgetsposte fir Remuneratioun virgesinn hunn, sou dass et och schwiereg wär, aus dem Budget erauszeliesen, wou een dann mat enger Entwécklung ka rechnen.

Loosst mech Iech just e Beispill ginn aus der Jumelage-Kommissioun, wou ech, wéi der et am Rapport kënnt liesen, d'Presidentin gefrot hunn, wisou ee keen Artikel Rémunération géif fannen.

Duerch de Fait, dass d'Gehälter vu bal alle Statutten, wou mer ëffentlech zougänglech hunn, hätt een op dee Wee kënnen erausfannen, wéi d'Personaldecken an de respektiven Departementer sech iwwer déi nächst Joer géif entwéckelen. Dëst ass nëmmen eent vu méi Beispiller, wou mer dëst opgefall ass.

Doduerch datt mer kee Gesamtorganigramm hunn, hätt een op deem Wee kënnen erausliesen, wéi sech Personaldecken an all eenzelem Service entwéckelt. Dowéinst wëlle mer als LSAP wëssen, wat Är Visioun vun der Personalgestaltung fir déi nächst Joren ass.

An dësem Kontext huet de Buergermeeschter jo schonn eng Dier opgemaach a senger Budgetsried. „Fir dëse responsabelen Ëmgang an déi méi streng Blécker op d'Zuelen ze garantéieren, muss d'Politik dem Departement des Finances queesch duerch d'Servicer méi Personal zougestoen."

Oder sot en och nach: „Wann all d'Servicer wuessen, d'Budgeten an d'Kontenbeweegunge méi ginn, dann ass et nëmme logesch, dass dat finanztechnescht Personal matwiisst."

Domat, oder eisem Versteesdemech no gesot, dass mer an de Finanzberäicher eng Opstockung brauchen, wat mer och komplett kënne verstoen. Mee gouf dës Analys och fir sämtlech aner Servicer gemaach?

Mer mussen definéieren, wat mer spéider mat der Rouder Lëns oder op der Metzeschmelz brauchen an ob mer et mam aktuellen Effectif alles hikréien oder ob mer méi geziilt Profiller mussen astellen. Wéi gesäit d'Evolutioun aus a wat sinn d'Prospektiounen, déi bis elo gemaach gi sinn?

Jiddwerfalls kënne mer als LSAP-Fraktioun soen, datt eis déi néideg Wäitsiicht an de Personalfroe feelt. A verschiddene Situatiounen muss een heiansdo reagéieren, mee et wier gutt, wa mer géifen ufänken, proaktiv ze agéieren.

Eis Stad gëtt exponentiell méi grouss an den nächste Joren, an deem musse mer Rechnung droen. Oder wéi den Émile de Girardin géif soen: « gouverner c'est prévoir. »

Mee wa mer iwwer Personal schwätzen, da schwätze mer och iwwer d'Wuelbefanne vun eise Mataarbechterinnen an eise Mataarbechter. Wéi zefridden sinn d'Leit mat der Stad Esch als Patron? Gëtt et do eng Zefriddenheetsëmfro? A wa jo, wat sinn d'Resultater?

Frou driwwer ...

*(Interventioun Här Meris Sehovic)*

Ech géif Iech dat wënschen, Här Sehovic.

Frou doriwwer si mer, dass de Budgetsartikel vun de Formatiounen a Weiderbildungen op 385.000 € eropgesat ginn ass. Dëst ass an der haiteger Zäit méi wichteg wéi jee. Mee léif Membere vum Schäfferot, loosst eis Iech ee Rot mat op de Wee ginn. Investéiert an eng Formatioun fir jiddereen am Kader vum Ëmgang mat den Donnéeën.

An der Budgetsried huet de Buergermeeschter gesot, dass d'Stad Esch an den nächste Wochen oder Méint e Resilience Officer kritt – oder an anere Wieder e Krisemanager. An ech kommen herno nach emol kuerz dodrop zeréck.

A fir dëser Persoun seng Aufgab ze vereinfachen, wär et dach wichteg a richteg, dass jidderee vun eise Leit eng Formatioun am Zesummenhang mat der Informatik gemaach hätt. Dëst gëllt iwwregens och fir d'gewielte Vertrieder.

Der hutt dëst Joer schonn ugefaangen, dem Personal Formatiounen am Beräich vun der

Kommunikatioun unzebidden. Perséinlech sinn ech dovun iwwerzeegt, dass et essentiel wichteg ass, dass eis Leit sensibiliséiert ginn, wéi ee richteg mat sensibelen Donnéeën ëmgeet. Mer all schwätze vun RGPD oder anerem, ouni wierklech ze wëssen, wat et domat op sech huet.

Mee à propos Krisemanger. Do wier ech da scho beim nächste Punkt, „Nëmmen eng resilient Stad ass eng zukunftsfäeg Stad". Dat war den Titel vum Resilienzplang, wou de Gemengerot am Januar 2023 virgestallt kritt huet.

Wou si mer mam Aktiounsplang drun? Wéi wäert sech den neie Resilienz Officer an dësem Plang erëmfannen? Wéi oft ass de Comité de résilience operationell schonn zesummekomm? Kann den Escher Gemengerot eventuell iwwer dës Fortschrëtter opgekläert ginn?

A wa mer scho bei dësem Thema sinn, wëll ech just sécherstellen, dass d'Stad Esch NIS2-konform. A wann Nobesserunge misste gemaach ginn, kënnt Der mer eventuell soen, wou ech dat am Budget kéint erëmfannen?

Am selwechten Otemzuch profitéieren ech dann awer och, op eist Zil vun der Smart City anzegoen. Fir 2025 sti weider 100.000 € am Budget, an den Här Tonnar freet et, fir d'Etüd. Wou si mer hei mat der Etüd drun, déi scho länger am Budget ass? Wäert se d'nächst Joer wierklech ofgeschloss sinn? Wa jo, hu mer aktuell schonn éischt Informatiounen, wat do erauskomm ass? Dësen Domän ass eminent wichteg, serviceriwwergräifend.

Loosst mech Iech e Beispill ginn. Ech souz an der Commission du Patrimoine historique et industriell an do ass d'Problematik opkomm, wéi mer de Leit, ob Awunner oder Touristen, op eng digital Aart a Weis méi Informatiounen zu de jeeweilege Stroossennimm kéinte ginn. Hei géif beispillsweis eng 3D-Simulatioun a Fro kommen, wou ee souwuel Resilienzfroe wéi och d'Problematik vun de Stroossennimm einfach kéint léisen, an dëst ouni gréisser budgetär Ausgaben ze riskéieren. Ausserdeem – an Här Knaff, dat ass wichteg fir Iech – wäerten déi zukünfteg Geschäftsleit sécher éischter an enger moderner a resilienter Stad sech nidderloossen, wéi an enger Stad mat enger niddereger Gewerbestéier.

Wa mer nu vun enger resilienter Stad Esch schwätzen, géif et eis och interesséieren, wéi mer an dësem Theema mat eisen Nopeschgemenge stinn. Souwuel am ProSud wéi och an der Groussregioun sollt dës eng Prioritéit sinn an de gemeinsamen Iwwerleeungen an Diskussiounen.

Mer sinn eis jo hoffentlech all heibannen eens, dass, wann eng Kéier eppes ganz Schlëmmes an Dramatesches géif passéieren, dass Esch do net eng einsam Insel ass, mee dass do vill Regiounen a vill Leit betraff sinn.

A wa mer scho beim Thema Groussregioun sinn, da profitéieren ech, fir bei mäin nächste Punkt ze kommen. D'international Relatiounen. -Et geet notamment ëm Gubbio a Liverpool. Wou si mer do drun?

Dass et bei Liverpool méi kropeleg ass, krute mer schonn ugedeit. Mee wann ech de Budget richteg interpretéieren, dann ass näischt fir eng zousätzlech Partnerschaft geplangt.

Mee wéi ass et mat Gubbio? Mer hunn als Gemengerot den 31. Mäerz 2023 de Protocole de jumelage unanime hei ugeholl an zënterhier ass et roueg gi ronderëm dësen Dossier. D'Äntwerten aus de Kommissiounssëtzunge ware mir definitiv net komplett genuch, an dofir erwaarden ech mer eng politesch an detailéiert Äntwert vum Schäfferot.

E Jumelage ënnerschreiwen ass einfach, mee e mat Liewen fëllen, dat ass déi reell Aufgab.

Mat de Jumelagen, déi mer mat den eenzele Stied hunn, ginn et bestëmmt vill Méiglechkeeten, nei Denkpisten ze entwéckelen. An ëmsou fréi, an ëmsou frou kënne mer haut heibanne sinn, dass de Subsid fir d'Escher Veräiner, déi eppes am Kader vum Jumelage organséieren, mat 10.000 € am Budget ass.

A well mer am Gemengerot vum 22. November 2024 de Kader fir dëse Subsid gestëmmt hunn, deen – an ech erënneren hei nach eng Kéier drun – gemeinsam vun der Oppositioun an der Majoritéit an der Kommissioun ausgeschafft gouf, solle mer eis freeën op déi Rapporten, déi mer vun den Associatioune kréien.

Wann ech vu Rappporte schwätzen, schwätzen ech och vun Äntwerten op eis Froen am Kader vun Deplacementer, déi nach ëmmer keng Äntwert kritt hunn. Ausserdeem hunn de Komerod Hansen an ech selwer och schonn an der vergaangener Mandatsperiod gefrot, ob mer kéinten e Rapport d'activité vum Departement kréien, fir ze gesinn, wéi mer bis elo weiderkomm sinn.

Mer sinn als LSAP der Meenung, dass et net vu Muttwëll wier, wa sämtlech Servicer vun der Gemeng an déi eenzel Gemengesyndikater dem Gemengerot e Rapport d'activité géife presentéieren, fir méi Transparenz iwwer déi geleeschten Aarbecht ze kréien.

Wou mer dann och scho bei mengem nächste Punkt sinn, a Madamm Scholl, entschëllegt mech fir den Ausdrock, dem Filetsstéck vun eiser Geschäftswelt, der Uelzechtstrooss.

Grouss Deeler vu menger Fräizäit verbréngen ech gären an eiser Akafsstrooss. Hu mer vum Buergermeeschter héieren, dass sech 22 nei Geschäfter an der Uelzechtstrooss niddergelooss hunn an 8 weider Geschäfter an den Niewestroossen hir Dieren opgemaach hunn, dann ass dat elo scheinbar de Grond, wisou d'Uelzechtstrooss net wäert neigemaach ginn.

Loosst mech lech just kuerz zwee Zitater virliesen – an Dir fannt se all erëm, vläicht gerot Der souguer erëm an d'Schwärmen.

„Am Concours fir d'Revalorisatioun vun der Uelzechtstrooss, bei deem och de President vum Geschäftsverband am Jury war, ass en neit raimlecht Konzept fir eise Stadkär decidéiert ginn. De Gewënner-Projet wëlle mer ëmsetzen an der Uelzechtstrooss, an och hiren Niewestroossen en neit a méi acceuillant Gesiicht ginn." Dat koum aus dem CSV-Walprogramm vun 2023.

En anert Zitat: „D'Renovatioun vun der Uelzechtstrooss, déi vun der DP ënnerstëtzt a gefërdert ginn ass, wäert mat sech bréngen, dass onse Stadzentrum nei opbléie wäert." Der hutt héieren, dat koum aus dem DP-Walprogramm vun 2023.

Dir gesitt, déi gréisst Majoritéitspartei huet virun annerhallwem Joer nach dovu geschwat, dass d'Uelzechtstrooss „méi acceuillant" muss ginn. D'DP schwätzt esouguer vun „nei opbléien", wat bedeit, dass an hiren Aen d'Uelzechtstrooss verwielkt ass.

An elo? Eh bein, wat ass et dach esou flott, dass e Relooking vun der Uelzechtstrooss, genau wéi d'Ouverture vun der ERA dach awer flott Walkampfversprieche sinn, déi dono net agehal ginn.

Léif Membere vum Schäfferot, wéini ass fir lech de richtegen Moment, fir eis Haaptakafsstrooss opzewäerten? Ech fannen et, éierlech gesot, e wéineg culottéiert, fir elo schäinhelleg ze soen, dass esou vill nei Geschäfter opgaang sinn an dowéinst kéint ee se net fréschmaachen.

Sot de Leit, dass et keng Prioritéit ass an dann ass et och gutt. Eiser Meenung no ass d'Net-Neimaache vun der Uelzechtstrooss den Echec vun Ärer Wirtschaftsvisioun vun der Stad Esch.

Da kommen ech awer och nach kuerz op dem Schäfferot säi wichtegst Meedchen ze schwätzen: d'Claire.

*(Gelaachs)*

An der Vergaangenheet hunn ech schonn ëfters souwuel hei am Gemengerot wéi och an der Kommissioun gefrot, fir eng Bestandsopnam ze kréien. Wou sti mer am Verglach zum initiale Projet? Wéini kréie mer de Rapport vun de geleeschten Aarbechten?

Positiv unzemierken ass, dass de Subsid vun de Geschäftsleit, déi en neie Commerce an der Uelzechtstrooss an Ëmgéigend opmaachen, zwar op 125.000 € chiffréiert ass, mee dee stoung am Budget 2024 op 250.000 € . Also geet en ëm 50 % erof.

A wann et esou en Erfolleg war, wisou gëtt de Budget da gekierzt? U wie sinn a wäerten déi 75.000 € aus dem Rectifié goen? Ech selwer war ee Mol am Jury. An déi Decisioun, déi do geholl ginn ass, war net loin de là vu 75.000 €. Dat war eng aner Ordre de grandeur.

Loosst mech dann awer och nach op d'Gestion locative commerciale ze schwätze kommen. Do sti mëttlerweil dann 165.000 € am Budget. Wéi gesäit et aus mat deenen zwee, dräi Gebaier, déi nach géifen a Fro kommen? Hu mer schonn Interessenten? Wéi gesäit et aus mat deene méi grousse Lokaler, déi scho relativ laang eidel stinn? Wat ass den aktuelle Stand?

2018 hutt Der den ICC erofgesat, fir grouss Firmen – net der mannster huet et deemools geheescht – op Esch ze lackelen. An et si jo genau déi Firmen, déi eventuell grouss Geschäftsfläche bräichten.

Wie sinn déi villverspriechend Firmen? A kommt elo wannechgelift net erëm mat där Bank vum Belval.

Sollte mer net eis eegen Äerm eropstréppen an eent vun deenen groussen eidele Lokaler benotzen, fir selwer no Léisungen ze sichen? Vläicht wier et awer och gutt, wa mer einfach mol géife kucken, wat mer u klenge lokale Geschäfter bräichten.

Wann Der op der Seniorefeier oder soss emol mat den Escherinnen an Escher diskutéiert, dann héiert Der, wou de Schong dréckt. An dës Floskel ass sécherlech net aus Zoufall gewielt, dat kënnt Der mer gleewen.

An da „Frais divers revalorisation centre-ville." 255.000 €! Dat ass jo net näischt! An am Rectifié ëmmerhin nach 90.000 €.

Här Buergermeeschter, an Ärer Ried hutt Der och e wéineg vun dësem Poste geschwäermt. Also kläert eis einfach just wannechgelift op, wat et mat dësen Ausgaben op sech huet a wat Der domadder virhutt.

Da wier ech och scho bei mengem nächste Sujet, de Senioren. Als alleréischt muss ech mech beim Schäfferot entschëllegen, an zwar wéinst menger kritescher Haltung en vue vun de Seniorefeieren op der Marie-Astrid. Dat war eng genial Iddi, an dëst huet de Leit därmoosse gutt gefall, dass dëst Joer souguer vereenzelt Pensionnairen traureg waren, dass se net konnte matgoen.

A jo, mer sinn och ganz houfreg driwwer, dass de BiBBS zu Lalleng elo seng Dieren opgemaach huet. An da seet de Buergermeeschter a senger Ried, datt elo am Januar den Observatoire social presentéiert wäert ginn. An dono? Jo, meng Fro ass, an dono!

Wat gesäit de Budget vir, fir de Seniore-kommualplang unzepassen, ëmzesetzen an esou eisen eelere Matbierger hiert Liewen zu Esch nach méi altersgerecht ze gestalten?

D'Resultater vum Observatoire sinn e gudden Outil, fir weiderhi proaktiv an der Seniorepolitik d'Jalonen ze setzen, sou datt mer eis Pionéierstellung net verléieren, sous réserve datt déi néideg finanziell Mëttel zur Verfügung gestallt ginn.

Ech kann Iech alleguerten nëmmen hei drun erënneren: Vergiesst mer wannechgelift eis eeler Escherinnen an Escher net an Ären Debaten an an Ären Zukunftspläng. Déi leien eis all besonnesch um Häerz.

Bei dëser Häerzensugeleeënheet kommen ech awer och net derlaanscht, iwwer en Dauerbrenner ze schwätzen: d'Uelzechtmobil. Alt nees steet de Poste mat 240.000 € am Budget. A jo, an dat ass meng perséinlech Meenung, ech bleiwen dovun iwwerzeegt, dass et eng wonnerbar Saach ass fir d'Stad Esch a seng Leit.

Et muss een net déi ganz Längt vun der Uelzechtstrooss tréppelen, fir vum Gemengenhaus einfach méi oder manner séier an den Theater ze kommen. Esou ka jidderee vun der ganzer Distanz vun der längster Akafsstrooss aus dem Land profitéieren.

Mee gëtt de Montant net esou lues e bëssen héich ? Aus dem Lëtzebuerger Wort sengem Artikel vun dëser Woch geet ervir, dass méi wéi 12.000 Passagéier 2024 d'Uelzechtmobil geholl hunn. Kéinte mer hei wannechgelift d'Ventilatioun vun dëser Zuel genannt kréien?

Wann ech dat elo simpel géif ausrechnen, da kascht all Passagéier 20 €. Ech fäerten, dass een awer misst iwwer Alternativen nodenken, déi kéinte proposéiert ginn, wéi beispillsweis déi Vëlos-Taxien, déi mer och fir op de Belval hunn. A nee, dat geet jo net. Well mam Vëlo däerf een net duerch d'Uelzechtstrooss fueren.

Naja, ob et net awer vläicht eng Iwwerleeung wäert wier, fir dat erëm ze iwwerdenken. Mee dat iwwerloossen ech dem Schäfferot.

Bei engem anere Bus an dësem Kontext sinn ech awer houfreg, datt et sech esou positiv entwéckelt. De Seniorebus steet mat 165.000 € am Budget. Bei reegelméissegen Diskussiounen mat eelere Leit héiert een, wéi zefridden eis Matbiergerinnen a Matbierger mat dësem Service sinn, och wa se sech emol heiansdo beschwéieren, dass de Service kascht, woubäi all aneren ëffentlechen Transport gratis ass. Mee dat kann ee jo dann erklären.

An effektiven Zuele schwätze mer vu Recetten vun 12.000 € an den ordinäre Recetten. A méditer, ob een do net eppes maache kann, fir de Senioren entgéintzekommen.

Éier ech dann elo zu deene méi jonken Escherinnen an Escher kommen, wëll ech awer nach speziell op e Punkt agoen, wou ech déi lescht Wochen a Méint reegelméisseg drop ugeschwat gi sinn. Den Analyteschen. 60.000 € stinn am Budget, dass d'Leit erëm kënnen doheem noliesen, wat mer hei Mount fir Mount diskutéiert, mee virun allem decidéiert hunn. Am Rectifié sinn et 50.000 €, wou ageschriwwe sinn.

Wou si mer drun am Dossier? Wéini kréien d'Leit hire Buet? Ech hunn d'lescht Joer voller Euphorie den Escherinnen an Escher mat engem Aenzwinker ugekënnegt, dass se elo gläich nom Budget erëm de Gemengerot an der Bréifkëscht hunn, fir doheem ze liesen. Mee leider muss ech feststellen, dass et erëm just e Versprieche war. Mee dann hoffen ech alt op 2025. A virun allem hoffen ech, dass et dem Gemengebuet net ergeet wéi der ERA an der Uelzechtstrooss.

Wéi virun e puer Momenter ugedeit, kommen ech dann zu deene méi jonken

Escherinnen an Escher. Et geet hei ëm eng Biennale des Jeunes, déi 2020, wou 2020 am Gemengerot eng Motioun presentéiert ginn ass a wou sollt d'Kommissioun driwwer diskutéieren.

Dass d'Kulturkommissioun länger Zäit net zesummekomm ass, wësse mer jo alleguer heibannen. Datt d'Jugendkommissioun muss iwwer enorm Montanten fir d'Ausschaffen vun engem Jugendkommunalplang streiden, wësse mer och mëttlerweil. Mee dass et an dësem Dossier net weidergaang ass, läit warscheinlech net heidrunner.

Elo si mer véier Joer no der Motioun a mer hunn de Budget 2025 hei virleien, ech muss awer leider dovun ausgoen, dass de Projet net wäert realiséiert ginn. Oder?

No deene Jonken a deene manner Jonke kommen ech dann elo bei eis Bescht, eis Véierbeener. Wéi leeft et mam Projet Déierekierfecht? Eis Komerodin Joelle Pizzaferri huet dem Gemengerot de 27. Januar 2023 eng Proposition de décision, déi iwwregens unanime ugeholl ginn ass, presentéiert.

Doropshin si vereenzelt Pisten ausgeschafft ginn an de Sujet huet et souguer an Äre Koalitiounsaccord gepackt. A wellchem Budgetsposte fannen mer dëst erëm? Dëst si mer den Déieren an hire Meeschtere schëlleg.

Här Buergermeeschter ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Vun eise Beschte kënnt Der geschwënn zum Schluss kommen. Well och Dir hutt schonn iwwerzunn.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Ech sinn op menger leschter Säit an op der Konklusioun fir Chrëschtdag.

Zum Schluss vu menger Budgetsried wëll ech nach eemol drop verweisen, dass et keen Zoufall war, dass ech ëmmer erëm vun de Kommissiounen an dem Organigramm geschwat hunn.

Dir Häre Schäffen, virun allem an de berodenden, de consultative Kommissioune kann een aktiv Iddien a Virschléi mat abréngen fir eis Stad Esch. Gitt deene Kommissiounen an Zukunft nees déi néideg Wichtegkeet an och déi néideg Seriösitéit a loosst iwwer Propose vum Gemengerot diskutéieren. Déi gestëmmte Membere wëlle just eppes: matschaffen a matgestalten.

Wat den Organigramm ugeet, ass et mat Ofstand dee wichtegsten Outil fir d'Personalpolitik vun den nächste Joer. Ech hoffen, dass an Zukunft sämtlech Efforten drugesat ginn, dass dëst liewegt Dokument finaliséiert gëtt am Sënn vun der Gerechtegkeet an am Sënn vun eise Finanzen. Et soll net den Androck ginn, datt blann Personal agestallt gëtt, ouni de Frang ze kucken an ouni ze kucken, wou d'Besoine sinn.

Fin mot, Der hutt héieren, ech hunn dëst Joer haaptsächlech méi grouss Montanten ervirgeholl. An awer froen ech mech mat engem klenge Grinsen, wat sech hannert dem Budgetsposte vun deenen 3.000 € "Vêtements professionnels" vum Schäfferot verstoppt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Funck. D'Madamm Weyrich huet d'Wuert an duerno ass et un der Madamm Braz.

**Mme Joy Weyrich (CSV)**

Merci.

Léif alleguerten, fir d'éischt wëll ech, genausou wéi meng Vierriedner, all den eenzelne Servicer Merci soen, di un der Budgetspropos 2025 matgeschafft hunn. Merci, dass dir och erëm, wéi iwwregens d'ganzt Joer iwwer, fir all Fro a Ried zur Äntwert bereet stitt an duerch Äre konstruktiven Input esou eng gutt Zesummenarbecht erméiglecht.

E Budget ass méi wéi nëmmen Zuelen op engem Blat Pabéier. Et ass eng Visioun, eng Strategie an e Verspriechen. A mir gesinn an ëm wéi de Charakter vun eiser Gemengepolitik an deenen nächste Joren ausgesi soll.

Dëst ass wichteg, well mir scho vum Här Buergermeeschter d'lescht Woch gesot kruten, schreift sech d'Entwécklung vun der finanzieller Situatioun vun Esch an en nationalen, an en europäeschen an an e globalen Kontext an.

Ech brauch net wäit auszehuelen, mee global herrscht aktuell eng grouss Unzuel vu schreckleche Konflikter. A wann een eleng nëmme bei eisen Nopeschlänner kuckt, gesäit een, wéi schnell et goe kann a Regierungen destabiliséiert kënne ginn.

Mir liewen an enger Zeit vun Onrou an Instabilitéiten, an dat féiert zu engem groussen Drock op d'Politik. De Populismus, d'Schlechtschwätzen an d'Demagogie huelen a Krisenzäiten zou, well si gesellschaftlech Onsécherheeten uspriechen a scheinbar einfach Léisunge proposéieren.

Um nationalen an um kommunale Plang kann een den Ängscht an Onsecherheete vun de Bierger awer mat verschiddene Moossnamen entgéinttrieden. Duerch d'Zouloossen an Nolauschtere vun der konstruktiver Kritik, d'Stäerkung vun der Solidaritéit, der sozialer Sécherheet, duerch Transparenz, duerch Kontinuitéit an duerch verantwortungsvollt Handelen.

An dat zitt sech wéi e roude Fuedem duerch de proposéierte Budget. Loosst mech op e puer Theemen agoen.

Dat wichtegst Theema, dat wat eis alleguerte betrëfft an och ëmmer erëm zu Diskussioune féiert, ass d'Logementspolitik. Hei sinn Kontinuitéit a Stabilitéit vun zentraler Bedeitung. An et gesäit ee beim Budget, dass hei och weiderhin e Schwéierpunkt vun den Investitioune vun der Gemeng läit. An esou ass de Budget fir d'nächst Joer och mat 51,7 Milliounen erhéicht ginn. Den Invest gëtt also weiderhin héichgehalen.

Komme mir direkt zum, an der Aktualitéit elo am meeschte beschwaten Theema, dem Logement abordable an den Nonnenwisen ze schwätzen. Vun den insgesamt 946 geplangte Logementer si bis elo 540 réaliséiert ginn. Eleng fir d'Location abordable si schonn 118 Appartementer vum Fonds du Logement gebaut ginn.

Op Säit vun der Escher Gemeng, déi d'SNHBM als Bauträger zwëschegeschalt huet, ass d'Fäerdegstellung vum Lot 3SE mat insgesamt 30 Appartementer fir 2026 virgesinn a steet mat 4,8 Milliounen d'nächst Joer am Budget dran. Insgesamt belafe sech hei d'Käschten dono op 16 Milliounen.

Op méi laang Siicht, 2027 an 2028, sollen dann och nach de Lot 3SC a 6SE mat weideren 48 Logementer fir d'Location abordable dobäikommen.

Fir d'Vente abordable sinn elo fir d'lescht de Lot 6N mat 19 Appartementer an de 7N mat 36 Haiser färdeggestallt ginn. An hei fir de 7N ass och, wou d'Kritik net op sech waarde léisst.

Obwuel mir matten an enger Wunnengskris sinn, stellt sech de Verkaf nëmme schleppend duer. Dëst ass net nëmmen e Problem um lokale Marché, wéi warscheinlech jidderee gesäit, mee et handelt sech hei ëm en nationale Problem, deen e puer Ursaache kennt.

Déi Leit, déi eligibel si fir de Logement abordable, hu Problemer, e Prêt ze kréien. Déi weiderhin héich Zënse loosse vill Leit nach ofwaarden. An de Fakt, dass d'Präisser vum privaten Immobilienmarché aktuell erëm lues falen a sech ëmmer méi de Praïsser vum Logement abordable ugläichen – an dat och nach ouni Bail emphytéotique.

An och wann d'Variatioune vun der aktueller Konjunktur éischter defavorabel si fir de Logement abordable, sicht d'Escher Gemeng aktiv no Léisungen an verschiddenen Optioun. Well de Leerstand ass definitiv keng Optioun, och an eisen Aen.

Leider gëtt et awer och hei, wéi bei ville grousse Problemer, keng Allround-Léisung. Alles an den Locatif ze setzen, wier mat enorme Käschte verbonnen. Mee déi Optioun gëtt och als Deelléisung fir 2025 mat engem Posten a Betracht gezunn.

Aktuell gëtt nieft der Vente abordable, awer och iwwer d'Vente à coût modéré an de Mietkauf nogeduecht an décidéiert. Mee och bei der Promotioun an am Marketing vun dëse Logementer versicht d'Escher Gemeng nei Weer ze goen an esou zum Beispill am 6N Eventer ze organiséieren.

Am Budget fir d'nächst Joer stinn dann och nach dräi grouss Poste fir d'Rout Lëns dran. De Lot 2A, d'Studenteresidenz, de Lot 2B, d'Senioreresidenz, an de Lot 29A mat 43 Appartementer fir de Logement abordable.

Esch stellt domadder als Virreider, wat d'Thema Logement abordable ugeet. Mir sinn déi eischt Gemeng, déi am Logement abordable nei Weeër probéiert ze goen a versiicht, op déi spezifesch Besoine vun den Demandeuren anzegoen.

An déi Erfarung, déi mir dobäi maachen, an och wéi d'Zesummenarbecht an d'Verhandlunge mam Ministère am Moment oflafen, sinn extreem wichteg fir d'Zukunft vum Logement abordable en vue vun der Metzeschmelz a vun der Rouder Lëns.

Am Géigendeel zur Vergangenheet huet sech d'Politik awer vun dëser Gemeng verännert. Anstatt blann Projeten ze lancéieren an op Subside vum Ministère ouni schrëftlechen Accord ze waarden, gi fir d'éischt mol hei d'Hausaufgabe gemaach.

D'Kontinuitéit vun der Escher Gemeng weist sech awer net nëmmen am Logement abordable, mee och am Logement social. Insgesamt sinn dëst Joer 19 Logementer, wéi mer héieren hunn, renovéiert ginn an 12 konnten direkt vun der Lëscht mat den eidele Wunnengen erofgeholl ginn.

Am aktuelle Zeitpunkt lafen d'Arbechten a 15 Wunnengen, a bei dräi Wunnengen ass de Startschoss vun der Renovatioun elo all Moment. Prioritär sinn hei d'Sozialwunnengen op der Leier, am Block Rue des Remparts an an der Rue du Fossé.

An et gëtt och weiderhin um Projet Leesbierg geschafft, wou keng Renovatioun ass, mee eng Demolitioun, Depollutioun an e kompletten Neibau fir en Haus mat siwe Schlofkummeren usteet. En Haus fir

eng Groussfamill. Deen eenzege Projet iwwregens vun däser Aart zu Esch.

Et ass ëmmer einfach als Oppositioun, mat der Zuel vun eidel stoende Wunnenge rondrëm ze gehéien. Et geet iwwregens all Joer. Mee d'Besetzung vun de Sozialwunnengen ass e fléissende Prozess.

Zu kengem Moment wäerten all d'Wunnenge besat sinn, well d'Leit och auszéien an zudeels ëmlokaliséiert musse ginn, fir hiren aktuelle Wunnraum ze renovéieren.

An dann nach eng Fuerderung, déi mech haut staark wonnere gelooss huet. 40 Wunnenge fir 20 Milliounen ze renovéieren? Ma dat géif warscheinlech jidderengen ënnerschreiwen. Mee, also dat nennen ech dann éischter Schaumschlägerei.

An do komme mir och zu engem Gedanke vun däser Gemeng, deen e bësse méi realistesch ass. Dat Wuert Renovatioun ass schnell ausgeschwat, mee d'Realitéit weist, wann ee sech dat ganz genau ukuckt, dass den Embau an d'Mise en conformité vu verschiddene Logementer einfach onverhältnessmässeg Käschte géif duerstellen. An zudeels technesch einfach net méiglech ass, fir et och PMR-gerecht ze maachen.

Dofir ass et e bësse besser, sech vläicht emol op realistesch Projeten ze konzentréieren. Esch huet eng Vierreiderroll. Zu Esch soll all Bierger eng Plaz hunn, fir ze liewen. Mee loosst eis dobäi awer wannechgelift realistesch a räsonabel bleiwen.

Räsonabel ze handelen, bedeit awer och, mat Wäitsiicht ze handelen. Aus dësem Grond, komme mer op en anert Theema, da gëtt och an Zukunft zu Esch weiderhin intensiv an de Waasserbau an d'Drénkwaasserversuergung investéiert. De Bau vum Kaefgesbur gëtt weidergedriwwen a steet fir 2025 mat 145.000 € dranner. Hei soll et d'nächst Joer um Terrain lassgoen.

Dëst Joer huet sech d'Gemeng ëm d'Färdegstellung vum Projet vum Reservoir Dennebësch, fir 5000 m$^3$ Waasser, deen zesumme mat der Gemeng Suessem leeft, gekëmmert.

De Fokus d'nächst Joer läit definitiv um Reservoir vum Gaalgebierg, deen dës Kéier mat 4,75 Milliounen am Budget steet. Hei sinn d'Aarbechte vun de Leitungen am Park fäerdeg an et kann dann am Fréijoer ugefaange gi mam eigentleche Bau vum Reservoir.

Insgesamt handelt et sech dobäi ëm eng Kapazitéit vun 9000 m$^3$, déi awer erweiderbar sinn op 11.000 m$^3$. E wichtege Schrëtt fir eng méi autonom Waasserversuergung.

An och fir d'Ofwaasser, also de Kanalisatiounsbau, an d'Ausbesserung vun den aktuelle Strukture sinn insgesamt 1,7 Milliounen Euro virgesinn. Awer och den Uschloss vun der neier Sportshal un de Kollektor stellt e groussen Punkt um Budget duer.

Mat Wäitsiicht ze handele bedeit fir eng Gemeng, och d'Resilienz ze stäerken. An dat, fir op d'Erausfuerderungen an d'Krise flexibel reagéieren ze kënnen. An dofir, ass scho gutt ugemierkt ginn, ass beim Personal eng Neiegkeet virgesinn, an zwar d'Schafung vun deem Poste vun engem Chief Resilience Officer, deen direkt dem Schäfferot ënnersteet.

Resilienz bedeit awer net nëmmen, d'Upassungsfäegkeet un de Klimawandel ze verbesseren, mee huet nach vill méi Aspekter: sech ze schütze viru Cyberattacken, Renaturéierung, sozial Netzwierker an Ënnerstëtzungssystemer ënnert den Awunner anzeféieren, eng krisesécher Versuergung mat

Waasser, Energie a Liewensmëttel ze schafen, an nach vill méi.

E gutt Beispill dofir ass och d'Uschafung vun engem Chauffage mobile fir 100.000 €, déi an Noutfallsituatiounen direkt asazbereet ass.

Verantwortung iwwerhëlt d'Stad Esch och d'nächst Joer erëm am Theema Mobilitéit a Liewensqualitéit. Also net nëmmen a Barriären a Polleren, mee am Hannergrond vum PLM steet d'nächst Joer virun allem Planung vun der Place des Remparts an hiren Alentouren am Fokus. Mat der Rue de l'Eglise Mëtt 2025 gëtt déi éischt Phas vun dëser Planung och ëmgesat.

All dat mat Wäitbléck dann op de Couloir à haut niveau de service (CHNS) sinn och Reamenagementer vun der Groussgaass, der Rue du Fossé an dem leschte Stéck vun der Rue des Remparts virgesinn. Aner Stroossen, déi elo am Budget stinn a reamenagéiert ginn, sinn den Dieswee, d'Rue Würth-Paquet, wéi Der scho gesot hutt, d'Rue Petit an d'Rue Hoferlin.

En aneren wichegen Punkt ass och déi definitiv Mise en place vun der Coupure tëscht dem Boulevard Winston Churchill an der Rue Henri Dunant. Dëst ass virun allem, fir den Duerchgangsverkéier zu Stousszäiten ze ënnerbannen.

Eng modern Mobilité urbaine bedeit op der enger Säit, den Duerchgangsverkéier ze verhënneren, mee awer och d'Secherheet vun all de Leit ze erhéijen. Virun allem elo bei schlechte Siichtverhältnisser héiere mer vu villen Accidenter. An dofir sinn eleng d'Verbesserunge vun der Verkéiersinstallatiounen, wéi der Beliichtung, der Signalisatioun, Polleren, de Foussgängeriwwergäng an der Gestioun vun de Parkplaze mat ronn 1,5 Millioune chiffréiert. Souvill wéi nach ni an deene leschten zéng Joren.

An och den Vëlo spillt weiderhin eng grouss Roll d'nächst Joer. Nodeems d'Renaturéierung am Puddel bal op en Enn kënnt, wäert d'Léisung vum Problem vun der Mobilité douce do elo endlech virugedriwwe ginn. An dofir stinn och 700.000 € am nächste Budget dran.

De Vëlodukt, deen elo iwwer de Boulevard Prince Henri bei der Kanalstrooss dann am nächste Joer ukomme soll, ass och erëm e Schrëtt méi, fir e séchert an duerchgängegt Vëlosnetz fir d'Zukunft ze schafen.

Wéi schonn hei gesot, e gudde Moyen, d'Gemeinschaftsgefill an d'Solidaritéit ze stärken, ass de Sport. D'nächst Joer stinn dofir dann och verschidde Punkter am Budget dran. De Reamenagement vum Stade municipal gëtt 2025 attackéiert a steet mat 400.000 € am Budget.

Donieft steet e grousse Posten fir d'Installatioun vun engem syntheeteschen Terrain a fir déi ganz Beliichtung am Budget. Dëst och en vue, eise Stadion UEFA-konform fir international Matcher ze maachen.

D'nächst Joer feiert d'Fola 75. Anniversaire, an dofir passt et jo och gutt, dass hir Lafpist no 20 Joren fir 1,5 Millioune frëschgemaach gëtt. Awer och de Stadion op der Grenz stinn Aarbechten un. Insgesamt sollen do 637.000€ d'nächst Joer an d'Mise en conformité an eng nei Salle de réunion investéiert ginn.

D'Etüde vum nationalen Tenniszenter zu Lalleng solle weidergedriwwe ginn an gi mat bal 400.000 € chiffréiert. De grousse Poste fir de Centre omnisports Henri Schmitz mat der Fäerdegstellung vun der Hal 3 mat 19 Millounen. D'Aweiung vun deenen neien Halen soll dann och am Mee 2025 geschéien.

An och fir d'Schwëmm ass d'nächst Joer erëm eppes am Budget ze fannen. A sou steet nieft Ausbesserungen och d'Renovatioun vun der Terrass mat 80.000 € dran.

*(Interventioun Här Marc Baum)*

Merci.

Komme mer elo zum leschten an zum wuel mat am wichtegste Punkt. Dofir wollt ech elo kuerz ëm d'Opmierksamkeet bidden.

Prekariéit an Aarmut huelen ëmmer méi zou zu Lëtzebuerg an a ganz Europa. A genau dofir ass et eng Prioritéit fir d'Escher Gemeng, sech ëmmer méi finanziell an den Affaires sociales ze engagéieren. Dëst fuerdert net nëmmen déi sozial Resilienz, mee ass och ee vun deene wichtegsten Waffen, fir d'Inegalitéit vun eise Bierger ze bekämpfen.

Well d'Inegalitéit huet Konsequenzen. Mir gesinn et grad bei eisem groussen Noper iwwert dem Atlantik.

Den Neibau vum Foyer de nuit AbriSud an der Rue de la Fontaine steet dofir ëmmer méi an engem anere Kontext. Et geet hei net nëmme méi ëm déi klassesch Obdachlos, mee och ëm Leit a prekäre Situatiounen, déi no engem Schicksalsschlag keng Wunneng méi hunn oder trotz Aarbecht sech näischt méi um lëtzebuergesche Wunnengsmaart leeschte kënnen.

Fir den neien AbriSud mat 31 Better lafen d'Aarbechte grad all am Zäitplang, hunn ech héieren, an d'Ouverture soll wéi geplangt am Fréijoer 2026 sinn. Am proposéierte Budget vum nächste Joer steet dofir och e Poste vun 2,8 Milliounen dran. Awer och am bestoenden AbriSud lafen grad d'Mises en conformité, fir véier nei Better dobäistellen ze kënnen an der steigender Demande entgéintzetrieden.

De Service vum Développement social spillt eng grouss Roll zu Esch. Si koordinéieren d'Zesummenaarbecht vu villen Acteuren an geréieren d'Konventioune mat den Associatiounen, déi um Terrain schaffen.

Eng dovunner ass d'Stëmm vun der Strooss. Den neie Restaurant social an der Kanalstrooss soll wéi geplangt d'nächst Joer am Hierscht seng Dieren opmaachen. De Budget fir den Ëmbau ass mat 600.000 € agedroen. Den ordinäre Budget ass dofir och entspriechend op 160.000 € verduebelt ginn, well de Service jo elo do duerchgeeënd ass an deementspriechend méi Personalkäschten ufale wäerten.

En aneren Acteur um Terrain ass de Streetwork. Hei sinn dëst Joer e puer wichteg an noutwenneg Entscheedungen a personell Ëmstrukturéierungen ugefall, déi méi an d'Richtung vun enger nohalteger Sozialaarbecht ginn. Dat ass och de Grond, firwat dëst Joer d'Personalkäschte radikal erofgaange sinn.

De Service heescht jo och elo Service social d'intervention urbaine a wëll erëm ewech vun deem nach an der Vergangenheet distributiver Virgoen, mee erëm méi zum Ursprong vum Streetwork. Et geet ëm den direkte Kontakt mat de Leit, eng richteg Bedarfsorientéierung an der Beobachtung vun der Lag  direkt um Terrain. An net einfach ëm d'Verdeele vun de Saachen.

Domadder stinn aktuell dräi Stroosseservicer zu Esch zur Verfügung. Den elo benannten SSIU, d'Jugendaarbecht an d'Gemengewiesen-Aarbecht, wat vun Interaction gemaach gëtt. All déi Acteuren droen zum Empowerment vun de Schwächsten an eiser Gesellschaft dobäi.

E wichtegen Punkt ass dann och nach de Preventiounsplang, wou de Comité

de pilotage elo zesummekomm ass an et net nëmmen ëm Preventioun vu Suchtkrankheete soll goen, mee hei spillt och d'Zesummeschaffen mat verschiddenen aneren Acteuren, wéi dem Ministère de la Santé, der Police, dem CNAPA, dem Suchtverband an der Uni.lu eng grouss Roll.

En anere Volet vun der Sozialpolitik ass d'Reintegratioun vun de Leit um Aarbechtsmarché. An dëst gëtt aktuell duerch den Engagement vun der Stad Esch par rapport zu Co-Labor an virun allem zum CIGL däitlech. Letzteres weist sech och an engem grousse Posten vun 2 Millioune fir 2025.

Léif alleguerten, am proposéierte Budget gesäit een, dass d'Escher Gemeng an hire Schäfferot déi aktuell Situatioun eescht hëlt. Si huelen d'Erausfuerderung un an investéieren an de Kär vun eiser Gemeinschaft, fir dës ze stäerken.

D'Budgetspropos fir 2025 dréckt aus, wat der Escher Gemeng an hirem Schäfferot wichteg ass. Keng Schaumschlägerei, mee Besonnenheet, Wäitsiicht, Nohaltegkeet a Verantwortung, d'Innovatioun, de Pragmatismus an d'Gerechtegkeet an d'Solidaritéit. Villmools Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Weyrich. D'Madamm Braz huet d'Wuert an duerno d'Madamm Agovic.

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Här Buergermeeschter, ech wëll Iech fir d'éischt emol felicitéieren. Net fir de Budget, mee fir Är Loyalitéit par rapport zu Ärem CEO an och Ärem Inneminister, déi jo hei de Pläséier haten, fir déi éischt dräi, véier Säite vun Ärer Ried dierfen ze schreiwen.

Dir hutt eis doranner Är Interpretatioun vun der Evolutioun vum Duktus vum Inneministère vis-à-vis vun de Gemenge ginn. Ech sinn awer net esou ganz averstane mat Ärer Interpretatioun. An ech ginn Iech och kuerz doropshin da meng.

Et ass nämlech esou, Dir hutt der viregter Inneministesch doranner virgeworf, dass si d'Gemengen obligéiert hätt, bedeitend méi Ausgaben ze tätegen. Dat huet si awer just am Kader vun enger Kris gemaach, déi wärend Covid an och nach duerno agetraff ass, an ënnert där besonnesch déi kleng an déi mëttel Betriber gelidden hunn.

An dofir huet si opgefuerdert, dass d'Gemengen do hir Investissementer sollen héichhalen, fir zesumme mam Staat eng antizyklesch Politik ze féieren, fir d'Betriber sou ze ënnerstëtzen an eng Faillittewell ze verhënneren. Et war e solidareschen Effort tëscht de Gemengen an dem Staat, an deen ass och plutôt gutt gelongen.

Et feelt awer och un intellektueller Éierlechkeet, wann hei gemaach gëtt, wéi wann déi bedeitend méi Recetten, déi d'Gemeng elo huet, eng Chancësaach wär, wéi den Här Bermes dat genannt huet. Dat ass keng Chancësaach.

Den Här Baum ass schonn op ee Grond agaangen. Dat ass virun allem d'Konjunktur, an domat huet déi nei Regierung, déi säit zwielef Méint ageschwuer ass, häerzlech wéineg ze dinn. Och wa se sech dat ëmmer erëm gär op de Fändel schreift.

Dir hutt vun der Reform vun de Gemengefinanze geschwat. Dir sidd awer ganz geschéckt dolaanscht gaangen, fir ze erwänen, dass zwou vun deenen dräi strukturelle Reformen, déi gemaach gi sinn, fir Esch schlecht ausfalen.

Dir hutt nämlech ganz richteg erwäänt, dass déi duerch déi eng Reform vum Här Gloden eng nei Depense op Esch zoukënnt, déi d'nächst op ronn 800.000 € dotéiert ass fir de Fonds de l'emploi.

An Ärem ganze Luef iwwer d'Croissance vum Fonds de dotation globale – an dat sinn elo just Berechnungen, déi kann ee just op 2022 maachen, wou mer d'Zuele vum Inneministère och geliwwert kritt hunn. Ma op déi Rechnung hi kann ee soen, dass Esch aus deem Fong, op d'Joer 2022 gerechent, den zweetgréisste Verléierer aus dem Land gewiescht wär an där Reform, well mer hätten 250.000 € manner kritt, wéi dat bis elo de Fall ass.

Et bleift also mat der Reform vum CGDIS nëmmen nach e klengen Nettoplus vun enger hallwer Millioun bei, wéi gesot, zwou vun dräi strukturelle Reformen, déi negativ fir Esch ausgefall sinn.

Dann och nach e kuerzt Wuert zum CGDIS. Do hutt Der ganz zynesch dovu geschwat, wéi déi Käschten op d'Gemenge gedréckt ginn. Do muss een awer e klengen Historique eng Kéier maachen.

2013, wéi déi nei Regierung ugetrueden ass a relativ schlecht ëffentlech Finanzen iwwerholl huet, gouf vum deemoolege Finanzminister Gramegna decidéiert, d'TVA vu 15 op 17 % eropzesetzen. A bekanntlech kréien d'Gemenge vun de Recettë vun der TVA 10 %. Dat huet den Här Gramegna deemools awer refuséiert.

An dunn huet den Här Kersch sech dofir agesat, dass déi Sue solle benotzt gi fir eng Reform vum CGDIS. Dat war essentiell fir de CGDIS kënnen opzebauen. Déi Sue si gebraucht ginn, fir Kasären ze bauen, déi Sue si gebraucht ginn, fir Kasäre vun de Gemengen ofzekafen. An dat war en absolutt néidegen Invest; et war en Invest an d'Sécherheet. Dat sinn ni verluere Suen.

Dass een elo haut 2024 eng Reevaluatioun dovunner mécht, domat si mir ganz averstanen. Dofir hunn och eis Memberen am Conseil d'administration vum CGDIS, souwéi mir als Partei déi Reform matgedroen. Well en Invest an d'Sécherheet vun de Bierger, dat ass ni e Käschtenofdrécken op iergendeen. Mee dat misst och Iech um Häerz leien.

Wa mer vun der Sécherheet schwätzen, erwänen ech och kuerz de Plan local de sécurité, de PLS, dee virun iwwer annerhallwem Joer presentéiert ginn ass. Verschidde Mesuren dovunner waren och plutôt sënnvoll, anerer manner. Dat liest sech och dorauser, dass Der der häerzlech wéineg bis ewell ëmgesat hutt.

Eng, déi mir perséinlech um Häerz läit, well dat effektiv eppes ass, wat mengem Onsécherheetsgefill bäidréit, dat ass de Fakt, dass et awer nach vill Ecke ginn, déi net gutt beliicht sinn hei am Stadzentrum.

Do hunn ech am Budget festgestallt, dass am Rectifié vun 2024 manner wéi d'Hallschent vun de gestëmmte Montanten iwwerhaapt genotzt gi sinn, fir den Eclairage public en place ze setzen. Dat heescht, mir hunn 2,3 Millioune gestëmmt, dovun ass knapp 1 Millioun finalement ëmgesat ginn, an en Drëttel dovunner war just fir d'Depensë vun engem neien Aarbechtscamion.

2025 chiffréiert sech dat elo och op e vill manner ambitiéise Montant wéi nach fir 2024. Do läit de Montant bei 1,4 Millioune. Ech hoffen, dass mer dann do net elo och erëm just bei der Hallschent wäerte landen, mee dass mer déi Aarbechten elo duerchzéien.

Well et si keng nei Projeten ugesi fir 2025. Et si leedeglech Projeten, déi scho fir 2024 budgetiséiert waren, net duerchgezu gi sinn, déi elo erëm nei am Budget wäerte stoen. Do ass d'Place des Remparts mat der Rue

du Fossé, do ass den Dieswee, d'Rue Louis Petit, et ass och d'Rue Marcel Reuland, déi scho virdrun erwäänt ginn ass, an de Foussgängerwee am Neiduerf.

Wa mer scho vu Stroossenaarbechte schwätzen, ech hunn dat ganz interessant fonnt virdun, wéi d'Madamm Ragni erwäänt huet, dass d'Rue Würth-Paquet neigemaach ginn ass. Si muss iergendwéi déi eenzeg Biergerin aus der ganzer Stad gewiescht sinn, déi dat matkritt huet. Well d'Leit aus dem Quartier, déi kruten näischt vun där Erneierung mat.

Op alle Fall sinn och am PLS nach eng Kéier aner Achsen erwäänt, déi sollen zousätzlech beliicht ginn, notamment de Parvis vun der Gare, d'Gemengeplaz mat senge Säitestroossen, d'Pace de la Résistance an de Passage tëscht der Brillstrooss an der Rue Zénon Bernard.

Och hei ass nach ëmmer näischt gemaach ginn. Et ass schonn iwwer annerhalleft Joer hier. Et steet och net vill am Budget, dass dat d'nächst Joer soll geschéien.

Do ass och geschwat gi vun engem Concept de l'éclairage public. Wéini gëtt dat Konzept ... ass dat ausgeschafft? Kréie mer dat eng Kéier erkläert? Wéini gëtt dat konkreet ëmgesat?

Eng hell an eng frëndlech Stad, dat war, wou een net an all Eck fäerte muss, grad als jonk Fra ass dat leider eng Realitéit, déi vläicht net jiddereen heibanne kann novolllzéien. Ech weess awer, dass vill Leit änlech denken. An ech mengen, dass mer dëse Problem sollen u sech vill méi eescht huele wéi dat, wat mer am Moment gewollt sinn, ze maachen.

Et stoung och am PLS, dass een d'Resistenzplaz, ech cotéieren, „faire vivre la place de la Résistance en la rendant plus attractive." Och hei wäert et interessant, endlech emol konkreet Mesuren ze héieren. Aus dem Budget kann ech och do net vill Handlungsbedarf erausliesen.

An dat Ganzt geet am Fong Hand an Hand mat engem anere grousse Sécherheetsproblem. Nämlech deem, dass d'Police zu Esch einfach net genuch Leit huet.

Ech hunn informell Gespréicher gefouert. Ech sinn d'lescht Kéier owes um hallwer eng heemkomm, do war e Polizist amgaangen, Protokollen auszedeelen un deenen Autoen, déi d'Ecker blockéiert hunn, dass d'Ambulanz net duerchkomm ass. An dunn ech mam Här e bësse geschwat an et war en total ongefilterten, onpoliteschen Dialog.

An ech mengen, dass et wichteg ass, dass d'Politiker och emol déi Zort Gespréich vill méi oft mat de Leit vum Terrain féieren, ouni dass et muss iwwer den institutionelle Wee, iwwer den héchsten Niveau lafen, fir dass mer wierklech eis emol der Realitéit, déi um Terrain, déi et gëtt, dass mer déi Realitéit eescht huelen.

Eng Gemengepolice ass och an deem Kontext sécher sympathesch. Ech mengen awer net, dass et déi zwee mol zwee Gemengepolizisten, déi d'Stad Esch elo den Dag méi huet, dass dat déi sinn, déi der tatsächlecher Problematik wierklech kënnen op de Leescht goen.

D'Kamerae waren och schonn erwäänt ginn. Déi Autorisatioun, déi ass scho laang an der Maach. Och Äre Minister schéngt do an deem Joer net wierklech virukomm ze sinn. Dat wär interessant ze héieren, wéini dass Der geplangt hutt, do mat den Aarbechten unzefänken.

Et kritt een nämlech ëmmer awer méi den Androck, dass d'Sécherheetsgefill vun de Bierger der Majoritéit heibannen net eescht genuch geholl gëtt. Als jonk Fra ginn et einfach nach ze vill Ecker, ze vill Stroossen, déi een owes

léiwer evitéiert. Et gi vill däischter, verstoppt, verlooss an och net iwwerwaacht Plazen.

Eng iwwerlaascht Police, wann een urifft, déi da seet, mir kucken, ob mer an der nächster Stonn ee kënne laanscht schécken. A keng zousätzlech Mesuren, déi aus deem Budget hei ze liese sinn, vun de politesche Verantwortlechen.

Dofir géif ech och appeléieren, dass mer ophalen, sou PLSen an aner Pläng als Walkampfpropaganda auszeschaffen a kuerz virun de Walen ze presentéieren, wa mer am Fong net wëlles hunn, déi ausgeschafft Mesuren och iergendwann ëmzesetzen.

Am PLS ass dann och … de PLS, de Plang fir d'Sécherheet vun der Stad, gesäit dann och Mesurë géint oder fir déi geféierlech marginaliséiert Leit vir.

Et ass och rieds vun engem Wet-Shelter, wou d'Consommatioun vun Alkohol soll erméiglechen, fir dass Leit dat net méi mussen op der Strooss maachen, op der Maartplaz nieft de Kanner, mee an enger encadréierter Struktur. Ech hunn och deen dëst Joer erëm net am Budget erëmfonnt. Vläicht kënnt Der do preziséieren, falls mer deen entwutscht ass.

An et feelt och nach ëmmer eng Struktur fir déi Leit vun der Strooss daagsiwwer, fir deenen en Daach iwwer dem Kapp ze ginn. Déi aktuell Ëffnungszäite vum Restaurant social, déi decken dëse Besoin nämlech nach ëmmer net.

A leider – dat ass säit 2019 de Fall – den AbriSud steet alt erëm am Budget. Dat ass dat sechst Joer hannerteneen. Ech si jo frou, dass d'Aarbechten endlech viruginn. Ech fannen et awer traureg, dass dat elo dat sechst Joer hannerteneen ass, wou den AbriSud et an de Budget packt a wou mer déi Leit haut nach ëmmer a Containere musse beherbergen.

An ech ginn och do kuerz op d'Zuelen an. 5 Millioune fir de Kaf vum Gebai, weider 6 Millioune fir d'Renovatioun an eng Kéier 1,7 fir déi véier zousätzlech Sozialwunnengen, déi an der Annex gebaut ginn. Dat sinn 13 Milliounen, vun deenen de Familljeministère der bis zu 7,4 iwwerhëlt vun der Renovatioun. Dat kann ee bis elo nach alles verantworten.

Prioritéit soll hei awer elo wierklech sinn, dass mer dee Projet féx ofschléissen an d'Gebailechkeeten an noer Zukunft kënnen opmaachen. An net erëm onnéideg Prunkprojete mat Luxusmaterialien, dem déiersten Holz a sechsfach Verglasung maachen, fir déi iwwerhaapt keen Demandeur ass.

Allem an allem ass awer fir de soziale Budget Luef …

*(Interventioun)*

Wou? Ech kommen direkt dorop. Maacht Iech keng Suergen. Et ass den nächste Punkt. Et ass den nächste Punkt.

Allem an allem wollt ech awer e Luef ausschwätze fir de soziale Budget, deen, eiser Meenung no, de Besoin vun der Stad méi gerecht gëtt, wéi dat bei deene viregte de Fall war. A mir gesinn och, dass de, Buergermeeschter seng Prioritéite sech do vill méi mat eise Prioritéiten alignéieren. Wat mer natierlech begréissen.

Ech hunn elo scho kuerz d'Prunkprojeten ugedeit, an ech mengen, Dir wësst, wat elo kënnt. An dat gëtt ellen.

D'Lallenger Trainingshal. Ech ginn Iech do elo eng Kéier d'Top5 vun den deierste Projeten, Sportsinfrastrukturen hei am Land. An ech mengen, da gëtt Iech eréischt bewosst, wéi debill déi Sphär ass, an där mer eis mëttlerweil do beweegen.

O, Dir kënnt sëtze bleiwen, Här Buergermeeschter. Ech weess, et deet wéi, mee Dir musst doduerch.

*[Diskussiounen tëscht dem Här Christian Weis an der Madamm Liz Braz]*

De fënneftdeierste Projet hei am Land, dat war d'Sportshal um Holleschbierg zu Hesper fir 22 Milliounen. Eng Sportshal, 22 Milliounen. No der Kris, Matière-premièren, déi méi déier ginn. Dat kann ee verstoen. Dat véiertdeierst ass de Vëlodrom mat 60 Milliounen.

Da kënnt op drëtter Plaz net eis Sportshal, mee de Lëtzebuerger Fussballstadion zu Gaasperech fir 77 Milliounen. Mir hunn deen iwwerholl, well mer weider 5 Milliounen an eis Lallenger Sportshal investéieren, duerch déi mer elo déi zweetdeierst Sportsinfrastruktur am Land si mat 78 Milliounen.

Mee et geet hei ëm eng Trainingshal. Mir schwätzen hei vun enger Trainingshal, wou keng Matcher kënne gespillt gi virun den Zuschauer.

Déi deierst ass d'Coque mat 97 Milliounen. Ech hunn d'Gefill, wa mer dat doten nach dräi Joer duerchzéien, dann hu mer och d'Coque iwwerholl.

Just fir et a Perspektiv ze setzen. Um Belval gëtt e Centre sportif vum Fonds Belval gebaut. Dee wäert 114 Millioune kaschten, sou wéi de Projet am Moment geplangt ass. Ech soen lech awer, wat do alles mat ageplangt ass. Well dat eent ass, Lalleng ass eng Trainingshal.

De Centre sportif um Belval, dat ginn dräi Schwammbasengen à 25 Meter, ee Baseng de plongé, zéng Unitéite vu Sportshalen an eng Kloterhal fir 114 Milliounen. Mir bauen eng Trainingshal, déi bal bei 80 Milliounen ass. Dat muss ee sech wierklech emol duerch de Kapp goe loossen.

A wa mer da schonn dobäi sinn. Wann dann iergendwann deemnächst soll déi Hal 1 renovéiert ginn – hoffentlech fänkt dat dann an deenen nächste Méint un, sou wéi dat geplangt ass –, da stellt sech elo wierklech d'Fro: Wou spillen eis Veräiner d'nächst Joer hir Matcher?

Ech verweisen hei och nach eng Kéier op eng Question écrite, déi ech am September agereecht hunn iwwer d'Sportsarena, déi déi dote Problematik jo och betrëfft, wou ech bis haut keng Äntwert drop hunn.

Normalerweis hutt Der do, wat ass et, ee Mount. Hei si mer elo bei dräi Méint ouni Äntwert. Ech fannen dat éierlech gesot net seriö. Et weist awer just, wéi blockéiert dass Der op deem Sujet sidd an dass Der selwer mierkt, dass Der vir bäi an hanne widder sidd.

Fakt ass, de Basket Esch, den Handball Esch, zwee vun eise groussen Haleveräiner, mat de meeschte Memberen an Zuschauer, déi liewe vun hiren Heemmatcher. Virun Honnerte vu passionéierte Fans. Dat si grouss sportlech Familljen, déi sech déi ganz Woch op déi Spannung op deen Adrenalin vun den Heemmatcher freeën.

An haut si mir keng Grëtz méi schlau. Wou spillen déi dote Veräiner iwwer déi nächst Joer hir Matcher? A wéi geet et weider mat der Sportsarena?

D'Ironie, dass grad dës Woch de Bauzonk de Geescht opginn huet an zesummegeklappt ass um Site Lankelz, d'Vue op de Site, fir deen 2017 festgehale ginn ass, eng Arena fir 14 Milliounen ze bauen, se kéint net méi aarmséileg sinn.

Bronge Bulli, Onkraut a keen Aarbechter a Siicht. De Walkampf- an Häerzensprojet vum viregte Buergermeeschter, deen emol sot,

ech maachen alles zu 100 %. Bein, hei ass hien zu 100 % bäigelaf.

A wie bleift op de Käschte sëtzen? Am Budget réalisé 2024 ass ënner dem Sportsmusée 120.000 € budgetiséiert ginn. Wouranner sinn déi Sue gefloss? A bleift d'Gemeng elo op deene sëtzen oder ginn déi, sou wéi dat initial mat der Tracol an der Konventioun iwwerholl, ënnerschriwwe ginn ass, herno vum Staat iwwerholl?

Wéi sinn déi Käschten entstanen? A firwat sinn elo fir 2025 weider 80.000 € virgesinn? Ass dat scho fir den neie Site? Ass dat d'Rout Lëns? Mir wëssen et net. Mir kréien op näischt eng Äntwert.

A wa mer schonn iwwer onrealiséiert Projete schwätzen, stellen ech och eng Fro iwwer deen, wéi Paperjam et 2013, 2023 – et sinn och scho bal zwee Joer hier. Si hunn et genannt „le plus grand complexe tennistique du Luxembourg", deen op Esch-Lalleng soll kommen.

Op alle Fall fir den Architektebüro hu mer dat Bescht vum beschten. Nämlech deen, deen och d'Extensioun vu Roland Garros gebaut huet. D'Renovatioun vum CNT, déi gouf alt erëm kuerz virun de Gemengewalen ugekënnegt. D'Finanzement betrëfft och d'Gemeng Esch, well mir iwwerhuelen 30 %, de Staat déi aner 70 %.

Am Budget rectifié si fir dëse Projet fir 2024 100.000 € genotzt ginn. Wouranner sinn déi gefloss? Fir 2025 stinn der nach eng Kéier 100.000 € dra fir Etüden a Concepts globales. Do si se, Här Tonnar. 100.000 €. A weider 500.000 € fir alt erëm Etüden an Honorairen.

Do schéngt jo awer da schonn iergendwéi méi eppes Konkreetes an der Maach ze sinn. Oder bezuele mir grad wierklech erëm eng hallef Millioun, fir just initial Études de faisabilité a sou ze maachen?

Falls e Konzept virläit, wäre mir op alle Fall ganz frou, wa mer dat deemnächst kéinte presentéiert ginn.

Fazit ass op alle Fall: Den Escher Sport ass e grousse Chantier. An Dir hutt nëmmen d'Sëlwermedail verdéngt.

*(Interventioun Här Marc Baum)*

Bon, wann ee vun ënne kënnt, effektiv.

Vill Suen, déi an architektoral Baute fléissen, déi herno fir aner wichteg Investitioune feelen, zum Beispill fir d'Stad Esch méi resilient opzestellen, ginn eis duerch déi dote Baute verluer. An et gëtt däitlech, dass de Schäfferot u sech d'Wichtegkeet erkannt huet, wann et ëm d'Resilienz geet. Op d'mannst wann een der Ried vum Buergermeeschter gleeft.

Investitioune fir erneierbar Energien, d'Waasserverwaltung an d'Cybersécherheet sinn absolutt ze begréissen, falls se dann och herno gemaach ginn.

D'Resilienz vun enger Gemeng, déi fänkt awer nëmmen domadder un. Well och déi sozial an déi wirtschaftlech Resilienz musse mir eis um lokale Plang op de Fändel schreiwen. Ech denken do besonnesch un d'Entwécklung vum HEAL-Campus. HEAL steet fir Health and Lifescience Innovation Campus. Nieft der House of Biohealth an dem Uni-Campus um Belval.

D'Stad Esch muss aus dëser Opportunitéit onbedéngt eppes maachen, fir Esch an der Groussregioun als Referenzstad ze entwéckelen, wann et ëm medezinnesch Fuerschung a virun allem d'Innovatioun geet.

Mir sollen absolutt net zécken, fir eis do matzebedeelegen an den nationalen

Ekosystem, deen do fir d'Entwécklung vun Zukunftstechnologië wäert entstoen, och fir eis lokal notzen.

Och e generellt Engagement fir jonk Entrepreneure mat hire lokale Geschäftsiddie musse mir als Stad proaktiv ënnerstëtzen, genausou wéi eng qualitativ Geschäftsentwécklung, déi mir zu Esch absolutt brauchen.

Parallell bitt d'Digitalisatioun eis awer enorm Chancen. An déi am Budget genannt Erweiderung vum Internetsite an och d'Refonte vun der App sinn do plutôt kosmeetesch Ännerungen a wäerten net fundamental zu enger moderner digitaler Stad bäidroen, wa mer emol éierlech sinn.

Aktuell ass den Internetsite, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi elo vläicht net de ganzen Dag um Handy hänken, net enorm intuitiv an och net ganz user friendly.

D'Stad Esch brauch elo wierklech e reellen Impuls an der Digitalisatioun mat neie Smart-City-Technologien, déi de Bierger d'Liewe vereinfachen, ouni dass si et iwwerhaapt matkréien. Well dat ass d'Konscht vun der Digitalisatioun.

D'Digitalisatioun ass net nëmmen e Verwaltungsinstrument, mee et soll als aktive Katalysator fir eng méi einfach, eng méi resilient a méi bequeem an nohalteg Stad genotzt ginn. Hei bleiwe mer leider op eise Wënsch sëtzen, fir ambitiéis Proposen ze héieren.

Sou vill zu mengen 2 Cent vum Budget. An nach eng Kéier Felicitatioun fir d'Sëlwermedail.

Huet et geschmaach?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Wéi Der gesitt, Madamm Braz, sinn ech mat Zäit erëm hei an ech hunn dobausse kee Wuert verpasst vun deem, wat Der gesot hutt.

A souguer wann ech eent verpasst hätt, hunn ech jo da mam Här Zwally mäi Libero hei gehat, deen ëmmer do ass, fir Iech nozelauschteren. Notamment wann et ëm Sport geet a genee déi richteg Uspriechpersoun dofir ass.

Ech kann Iech also berouegen. An ech kann Iech nëmmen uroden, och erauszegoen, well de Mëtteg kann nach laang ginn.

Sou, d'Madamm Agovic huet elo d'Wuert. An duerno ass et un der Madamm Broers.

**Mme Enesa Agovi**c (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ufänke wéilt ech och wéi meng Virriedner mat engem grousse Merci un all de Servicer fir dës enorm Aarbecht, déi si an de leschte Wochen hei wierklech geleescht hunn.

Et ass eng vun den essentiellen Aarbechte fir eis hei am Gemengerot, well mir genau un dësem Exercice vum Budget d'Politik och vun der Majoritéit gesi kënnen. Dir wëllt d'Entwécklung vun den Escher Kanner ënnerstëtzen, wat mam Campus Wobrécken sécherlech geléngt, wéi och mat der Maison relais Aalt Sprëtzenhaus.

Nei Raimlechkeeten, déi neist Technologie an och déi modernst Ausstattunge fënnt een an deene Strukturen erëm, wat och absolutt wichteg a richteg ass fir d'Escher Kanner.

Laut dem Här Buergermeeschter kann een unhand vun dësem Budget 2025 also

erkennen, wat dëser Majoritéit wichteg ass. D'Renovatiounen an der Bruch-Schoul gi mat engem Invest 14,7 Milliounen an déi nächst Phas, an och d'Rout Lëns soll sou lues weidergoen. Do ass och näischt auszesetzen.

Wann ee sech de Budget awer méi genau ukuckt an e mat de viregte Budgete vergläicht, da gesäit een awer och, wat dëser Majoritéit manner wichteg ass. Ech ginn hei méi genau op déi bestoend Bildungsstrukturen an.

Wou ass zum Beispill d'Schoul am Neiduerf? Am leschte Budget stoung schonn näischt méi dran dozou. An och an dësem Budget steet guer näischt iwwer eng Schoul am Neiduerf.

D'lescht Joer goufe mer vertréischt, datt Dir mam ganze Gemengerot iwwer d'Besoine vu weidere Schoulen hei um Escher Terrain zesummen diskutéiere wéilt – an ech zitéieren: „Nur gemeinsam können wir eine lebenswerte Zukunft für alle schaffen." Dat steet op der éischter Säit vun Ärem Koalitiounsvertrag.

Leider gehéiere mir hei am Gemengerot da wuel net zu Ärem „Zusammen", well eng Diskussioun ass hei nach ni gefouert ginn. D'ailleurs och net an der Schoulkommissioun.

An och d'Dellhéicht-Schoul stoung zum Beispill 2022 mat engem Ausbau fir eng hallef Millioun am Budget, mee dovun ass och guer näischt méi am aktuelle Budget ze gesinn. A wann ee mir dann äntwert, datt d'Dellhéicht-Schoul keen Ausbau bräicht, well vill Kanner aus deem Quartier elo an d'Wobrécken-Schoul ginn, dann ass dat definitiv net zefriddestellend.

D'Madamm Ragni hat selwer virdru scho gesot, datt de Marathon u Maison-relais-Plaze leeft. Mir hëllefen Iech. Mir hunn do vläicht eng Léisung: Firwat integréiert een net an der Dellhéicht-Schoul eng Maison relais?

D'Waardelëschte sinn zwar erofgaangen, mee nach ëmmer net op null. All zousätzlech Chaise wär wäertvoll, net nëmmen an de Peripherië vun Esch. An ass et net och am sënnvollsten –an och wann ech Iech nolauschteren, ee vun Ären Ziler hei zu Esch –, d'Maison-relaisen och an de Schoule wierklech ze integréieren.

Sou kéint een och endlech seriö doriwwer nodenken, fir och de Kanner aus dem Precoce eng Plaz an de Maison-relaisen ze garantéieren. An do gesäit een eeben de gréisste Problem an dësem Budget, wann een d'Investissementer an de Schoule kuckt. Et schéngt, wéi wann d'Schoulen am Zentrum e bëssen an d'Vergiessenheet geroden.

Ech fänke mat der Groussgaass-Schoul un, well ech se och bei der Schoulorganisatioun am Juni schonn erwäänt hunn. Endlech gëtt de Preau mat 180.000 € renovéiert, fir dass et do net méi erareent. Mee dat ass leider just eng Drëps op de waarme Steen.

Et leeft een de Problemer hannendrun, amplaz déi ganz Schoul zum Beispill ze renovéieren, fir dem Léierprogramm an och enger moderner Bildung, a virun allem och Ärem eegenen Usproch gerecht ze ginn, fir Raim fir Bildung a Betreiung ze schafen, ze verbesseren an auszebauen, fir d'Entwécklung vun den Escher Kanner ze ënnerstëtzen, sou wéi et den Här Buergermeeschter a senger Ried sot.

Den Här Pulli hat et och schonn hei eng Kéier gesot: De Raum ass den drëtte Pedagog an essentiell fir eng positiv Léieratmosphär.

Ech hu mir och soe gelooss, dass do viru Joren Haiser ofkaaft gi sinn, fir d'Schoul auszebauen. Wat ass mat deenen Haiser? Wat ass domat geschitt? Dovunner schwätzt och kee méi. Den Här Baum huet also absolutt Recht, wann hie seet, datt net investéieren déi gréisst Schold vun enger Stad ass.

Och den Ale Lyceé ass néierens erëmzefannen, mee do sinn d'Infrastrukturen zum Beispill déi schlechtst trotz dem sozio-ekonomeschen Hannergrond vun de Kanner an där Schoul. D'Säll sinn ze kleng, d'Informatik ass definitiv net um neiste Stand an et ass sécherlech keng modern Schoul, wou d'Léiere Spaass maachen a motivéiere soll.

Et ass och net zefriddestellend, wann ech dann do gesot kréien, datt awer vill Kanner aus deene Quartieren dann op d'Metzeschmelz an d'Schoul goe wäerten. D'Fro, déi sech do dann nämlech stellt, ass, wéini dat iwwerhaapt wäert geschéien. Wéini ass eng éischt Schoul op der Metzeschmelz operationell? Gitt eis do e Plang, e Pluriannuell, wat wéini virgesinn ass. An am Budget steet am Moment just eng Etüd fir 100.000 €.

D'Gemeng huet also wierklech eng Verantwortung fir d'Bildung vun den Escher Kanner. Dofir wär et wichteg ze wëssen, wat Är wäitsiichteg Planung fir d'Schoulen ass. Et sti verschidde Renovatiounen am Budget, wéi zum Beispill den Aerodrom mat engem Reamenagement vun 150.000 € oder an der Jean-Jaurès-Schoul e Lift mat 150.000 €, fir d'Schoul méi PMR-gerecht ze maachen, wat u sech scho laang iwwerfälleg war.

An och de Schoulhaff um Brill steet mat 250.000 € fir dëst Joer am Budget dran. E bësse verwonnerlech, muss ech och ganz éierlech soen – ech war nach gëschter mat mengem Meedchen do spillen, an et huet sech guer näischt an deem Schoulhaff geännert säit dem leschten Dezember.

Woubäi de Schoulhaff do schonn och eng Kéier mat 150.000 € am Budget stoung. Dann hoffe mer, a virun allem d'Kanner an d'Enseignantë vun der Brill-Schoul, dass dat net alt erëm en eidelt Verspriechen ass.

Dass Dir dofir scho Pläng ausgeschafft hutt an awer op Subside vum Staat gewaart hätt, mee de Projet awer net zeréckbehale gouf an dowéinst eeben nach näischt gemaach ginn ass, kléngt éischter wéi eng Ausried fir déi betraffe Leit.

Ech als Proff muss do éierlech soen, et ass e bësse sou, wéi wann d'Schüler soen, den Hond hätt d'Hausaufgabe gefriess.

Souwisou hunn d'Enseiganten an de Schoulen am Zentrum schonn d'Gefill, éischter e Stéifkand ze sinn nieft de wonnerbaren, fonkelneie Schoulen an de Maison-relaisen, déi mat allem ausgestatt sinn, wat e modernt Schoulhalen néideg huet.

Et ass ze begréissen, datt d'Commandë vum informatesche Material gemaach an deelweis schonn ukomm sinn, mee och do misst een de Schoulen am Zentrum vläicht och eng Kéier eng Prioritéit ginn an do fir d'éischt opstocken.

Just fir nach eng Kéier och zeréckzekommen op d'Spillplazen. 780.000 € fir d'Renovatioun vu besteeënden oder de Bau vun neie Spillplazen. D'Kanner wäerte sech freeën, Virun allem de gréisste Projet dovun, d'Erneierung vun der Spillplaz um Gaalgebierg ass ze begréissen.

Mee och hei feelt eis e bëssen d'Planung. Wéi ass dat alles geplangt? Wéini wëllt Der déi Spillplaz och wierklech renovéieren? Et wär nämlech wierklech wënschenswäert, wann dat am Wanter geschéie géif, wann d'Spillplaz am mannste genotzt gëtt. An net am Summer, wa se am néidegsten ass a scho fir d'Francofolies mindestens zwou Wochen net zougänglech ass.

Wat awer leider nach feelt an een och am Budget néierens erëmfënnt, sinn d'Spillplazen am Zentrum vun Esch, wou

d'Bëtonslandschaft einfach net dierft duergoe fir d'Kanner. Virun allem, well se dann och nach mussen op d'Autoen oppassen, déi duerch a laanscht fueren.

Et ass zwar eng Spillplaz do bei der Maison relais Sprëtzenhaus, an och eng weider steet am Budget mat 200.000 € fir d'Maison relais Zénon Bernard. Vläicht ass dat och déi Spillplaz, vun där d'Madamm Ragni virdru geschwat huet, wa si vun enger Spillplaz um Brill geschwat huet. Mee dat ass eng Spillplaz fir d'Maison relais hunn ech mir vum zoustännege Schoulschäffe soe gelooss, also och net fir all Escher Kand op.

A just als Verglach: De Schoulhaff um Brill ass fir déi nächst zwee Joer mat engem Total vu 500.000 € fir méi wéi 600 Schüler budgetéiert. A bei der Maison relais Zénon Bernard hu mer eng Spillplaz fir 66 Kanner mat 200.000 €. Dann dierf ee sech net wonneren, datt d'Schoulen am Zentrum sech vernoléissegt fillen.

Sou ass dat ganz Konzept vun den temporäre Spillplazen a Spillstroosse mat 230.000 € och sécherlech keng Léisung fir d'Kanner am Zentrum. D'Wuert „temporär" seet et jo schonn. Et ass just eng ganz kuerz Dauer, an de Kärproblem vum Manque u Spillplazen a Gréngflächen am Zentrum bleift. Et feelt un engem Konzept, fir eng permanent Léisung ze fannen.

Ech bleiwen och nach kuerz beim Theema Konzepter. Et ass haut scho gesot ginn, an et ass dat, wat eis am Budget fir d'Bildung vun den Escher Kanner feelt, wat eis och schonn d'lescht Joer gefeelt huet: d'Wäitsiicht, wéi d'Schoulhalen an den nächste Joren ausgesi soll. A virun allem Wäitsiicht an der Bildungslandschaft a wéi d'Erausfuerderungen um Terrain opgefaange ginn.

Et wär wënschenswäert, e pedagogescht Konzept auszeschaffe fir déi Escher Schoulen, mat deem d'Enseignanten an hirer Aarbecht ënnerstëtzt ginn. Sou kéint een och beim Theema vun der Inklusioun méi Ënnerstëtzung ubidden. Et ass nämlech net einfach fir d'Enseignanten, alles, wat am Idealfall vun hinnen erwaart gëtt, och an der Praxis ëmzesetzen.

Am Bildungsbericht, deen e Méindeg virgestallt gouf, steet och, dass d'Wuelbefanne vun de Schülerinnen a Schüler mat spezifeschem Förderbedarf ëmmer am Mëttelpunkt vun de schouleschen Inklusiounsprojete stoe muss. Dat kann awer nëmme geschéien, wann d'Enseignantë mat ënnerstëtzt ginn.

Integratioun an Inklusioun sinn zwee wichteg Piliere fir eis Bildungslandschaft, mee bei enger enormer Diversitéit, wéi se hei zu Esch ze fannen ass, leider och ganz schwiereg.

D'lescht Joer hat ech a menger Interventioun zum Budget schonn no eventuelle weidere Konzepter wéi enger Ganzdaagsschoul gefrot, krut awer keng Äntwert. Ech versiche mäi Gléck dann dëst Joer nach eng Kéier. Sinn da weider änlech Konzepter vun enger Ganzdaagsschoul oder eng Ganzdaagsbetreiung an Zukunft ugeduecht?

Well wa mir hei zu Esch ëmmer erëm dovunner schwätzen, datt Schoule gerecht musse sinn, da wier esou e Konzept e gudden Usaz.

Den neiste Bildungsbericht weist och, datt zum Beispill eng Verlängerung vun der gemeinsamer Schoulzäit vun deene Schülerinnen a Schüler weider dozou bäidroe kéint, Ongläichheeten tëscht de Kanner ze verklengeren, andeems een de Schüler méi Zäit gëtt, hir Interessen a Fäegkeeten ze entwéckelen, vun anere Gläichjäregen ze léieren a sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen.

Sou muss hire sozio-ekonomeschen Hannergrond dann och net hire Bildungswee schonn am Precoce festleeën, sou wéi et hei zu Esch leider ganz oft de Fall ass.

Hei schwätzen och vill vu menge Kolleeginnen a Kolleegen iwwer d'Sportsubsiden. Ech kommen dann zu de Subsides scolaires. Et wär vläicht nämlech och ubruecht, déi eng Kéier ze beschwätzen oder iwwer déi ze diskutéieren. Ech hunn nämlech déi Escher mat e puer Südgemenge verglach an et fält op, datt et awer considerabel Ënnerscheeder ginn, bezéiungsweis datt hei zu Esch awer nach e bësse Sputt no uewen ass.

E groussen Ënnerscheed zum Beispill ass, datt vill Südgemengen eng zousätzlech Primm fir den Ofschlossdiplom hunn. Suessem zum Beispill huet zousätzlech 200 € beim Premièresdiplom, Déifferdeng a Monnerech souguer 350 €.

*(Interventioun)*

Wann Dir dat hutt, da steet dat net op Ärem Site.

Also ech hu mer Ären ...

*(Interventioun)*

Ech schwätze vun de Subsides scolaires. Net vum Mérite scolaire. Am Verglach zu deenen anere Gemengen.

Mee wéi gesot, mir kënnen dat jo ausdiskutéieren. Dat dote gefält mer schonn, dass Iech dat heiten och interesséiert.

A fir d'Études supérieures sinn zum Beispill sinn d'Ënnerscheeder nach méi frappant. Wou zu Esch zum Beispill e Student no engem Masterdiplom 1.000 € kritt huet fir déi fënnef Joer Uni, déi de geleescht huet. Am Verglach dozou kritt Déifferdeng 3.100 € no fënnef Joer. A wa mer da bei der Ënnerstëtzung vun de méi schwaache Kanner sinn, oder vun den Escher. Ech kommen dann zum Schluss zu enger Häerzensugeleeënheet, déi zwar och an eisem Walprogramm stoung, mee déi awer nach ëmmer e Risevirdeel fir d'Kanner wär. An och den Här Tonnar huet se schonn ugeschwat. Eng Annex vun der Bibliothéik an der Uelzechtstrooss, do wou viru Joren de Butlers war.

705 m2, fir eng Bibliothéik ze gestalten, wou Aktivitéite fir Grouss a Kleng organiséiert kéinte ginn. Liesungen, Schreifateliere fir Schoulklassen, e Multimediasall, e Versammlungsraum fir Associatiounen. Oder wou einfach just Bicher ausgeléint kënne gi vun deene Kanner, déi net esou vill Bicher doheem hunn.

D'Kannerbicher sinn immens deier an net jiddereen huet de Budget, fir sech déi ze kafen. A komm, mer sinn éierlech: Do, wou d'Bibliothéik am Moment steet, ass se an engem Quartier, wou jidderee seng eege Bibliothéik schonn doheem huet.

D'Gebai ass wonnerschéin, mee fir déi zweetgréisst Stad am Land ass et wierklech traureg, wann een um Flyer fir d'Liesung vum Kleesche fir de 6. Dezember liese muss, an ech hunn de Flyer och hei: net accessibel fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit.

Madamm Ragni, dann hutt Dir awer net Recht, wann Dir sot, datt hei zu Esch kee Kand zeréckgelooss géif ginn.

Esch ass dëst Joer souguer als Europäesch Sportstad ausgezeechent ginn, mam Objektiv, Sport fir jiddereen, wéi Dir et sou houfreg op der Homepage vun der Escher Gemeng schreift. Déi eenzeg Escher Bibliothéik hei awer ass leider net fir jiddereen.

A wann een dann nach héiert, datt d'Bibliothéik dëst Joer 500 nei Inscriptioune verzeechent, dann ass eng Annex méi wéi iwwerfälleg.

Ech erwaarde mer net eng Bibliothéik, wéi d'Bibliothéik Oodi zu Helsinki, och wann et wierklech schéi wier, mee zumindest d'Konzept dohannert kéint ee sech méi genau ukucken. Eng Bibliothéik soll méi si wéi eng Plaz, wou ee Bicher ausléint. Et soll eng Aart Wunnzëmmer an der Stad sinn, änlech vertraut wéi doheem, an dobäi och nach Treffpunkt, Léierplaz a soziale Kommunikatiounsraum.

An et soll een och fort vun deem Denken, datt just Commercen den Zentrum vun enger Stad beliewe géifen. Esou eng Annex vun der Bibliothéik géif ganz ville Leit, oder géif och ganz vill Leit an d'Uelzechtstrooss lackelen.

A well d'Leit sech meeschtens och just un de Schluss vun enger Ried am beschten erënneren, halen ech och da mat dëser Annex vun der Bibliothéik op, an der Hoffnung, dass d'Majoritéit eis Iddi iwwerhëlt. Well dës Annex wierklech eng Rise-Plus-value fir net nëmmen den Escher Zentrum kéint sinn, mee fir ganz Esch. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Agovic. D'Madamm Broers huet elo d'Wuert, an duerno den Här Pulli.

**Mme Tammy Anna Broers (déi gréng)**

Merci fir d'Wuert.

De Budget 2025. Ech wëll haut iwwer e puer wichteg Projeten aus deem Budget schwätzen, déi ganz vill positiv fannen. Dës Projeten hëllefen de Mënschen, déi et schwéier hunn an déi eis Hëllef brauchen.

Den AbriSud. Et ass gutt, endlech en neien AbriSud gebaut gëtt. Mënschen, déi keng Wunneng hunn, brauchen eis Hëllef. Si brauchen en Daach iwwer dem Kapp an och eng nei Hoffnung fir hir Zukunft. Dat kéint jidderengem vun eis geschéien. Dofir musse mir zesummenhalen.

Den AbriSud kritt 2,8 Milliounen Euro aus dem Budget. Et gi 36 nei Better gebaut, wou d'Leit Privatsphär hunn. Dat bedeit, si hu besser Ofschloss a méi Rou fir sech. Och d'Leit, déi keng offiziell Dokumenter hunn, sollen Hëllef kréien.

De Restaurant vun der Stëmm vun der Strooss. Ech si frou, datt de Restaurant vun der Stëmm vun der Strooss och am Budget steet. Hei kënnen d'Leit, déi net vill hunn, e waarmt Iesse kréien.

Mee de Restaurant ass nach méi wéi dat. Eng Plaz, wou d'Leit sech sécher fillen a mat Respekt behandelt ginn. Am Budget si 600.000 € virgesinn, fir de Restaurant frëschzemaachen an nach besser ze maachen. Dëst ass eng Hëllef fir d'Leit, déi et am meeschte brauchen.

Ech fannen dës zwee Projete ganz gutt, mee mir mussen nach méi maachen, well méi Hëllef gebraucht gëtt. Zu Esch an am ganze Land. Dës Projete weisen, datt mir zesummen eng staark Gesellschaft si kënnen. Et geet drëm, all Mënsch matzehuelen an ze weisen, dass keen eleng ass.

Ech soen Iech Merci, dass Dir nogelauschtert hutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Madamm Broers. Den Här Pulli huet d'Wuert an da komme mer bei de Schäfferot, wou den Här Cavaleiro géing ufänken.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hunn dann déi grouss Éier, als Leschten ze schwätzen. Ech riskéieren domat, dat eent oder anert ze soen, wat scho gesot ginn ass.

Awer och vu mir aus e grousse Merci un all déiAarbecht, wou vun de Servicer geleescht ginn ass. All Joer, wann ee sech mam Budget beschäftegt a mat all deenen Zuelen auserneesetzt, da gesäit een, oder da gëtt ee sech bewosst, wat fir eng Aarbecht dohannert stécht.

Als kleng Intro vläicht zu Ärer Ried vu leschter Woch fannen ech et interessant, dass Dir, nodeems Dir d'lescht Joer de Schrëftsteller Heinrich Mann zitéiert hutt, et dann dëst Joer dann den nach aktuellen demokrateschen amerikanesche President ass. Do gesäit ee vläicht, dass Dir Iech als Representant vum soziale Fligel an déif an Ärem Ënneren awer vläicht net ëmmer sou wuel fillt an Ärer Partei.

Mee bon, komme mer elo zu de seriöe Punkten.

Ugefaange mam Logement. Do ass jo och schonn dat eent oder dat anert gesot ginn. A virun allem am Zougang zum bezuelbarem Wunnraum, dee 66 % vun de Befroten och nach dës Woch am rezente Politmonitor als Haaptproblem gesinn an de Logement domat op Plaz 1 setzen, wat d'Suerge vun de Leit ugeet.

Déi Befrote soen eigentlech ganz kloer, dass d'Prioritéit vun de Politiker den abordable Wunnraum muss sinn.

Ech mengen oder ech hoffen zumindest, dass mer eis heibannen och op deem Punkt eens sinn. Dofir ënnerstetze mer natierlech och d'Acquisitioune vun neie Wunnenge fir de Bestand vun der Gemeng, wéi zum Beispill och op der Rouder Lëns, wouriwwer jo schonn hei am Gemengerot geschwat ginn ass.

Net nëmmen, dass mer dee Wunnraum kënnen den Escher oder aneren zur Verfügung stellen. Dee locative Wunnraum ass mat der Zäit natierlech och eng Recette fir d'Gemeng.

Fir dat awer just eng Kéier an de Kontext ze setzen, huele mer do als Gemeng quasi just eis Resonsabilitéit, déi eis eigentlech gesetzlech virgeschriwwen ass. Wann déi, wann d'Gemeng déi Wunnengen net kaaft hätt, da wäre se awer an ëffentlecher Hand bliwwen. Ech wollt dat just eng Kéier hei gesot hunn, fir datt e bëssen den Eegeluef vun der leschter Woch an de Kontext ze setzen.

A wa mer déi Wunnenge bis da besëtzen, solle se natierlech och bewunnt sinn. D'lescht Woch hat de Buergermeeschter jo a senger Ried op d'Problematik vum 7N higewisen a mir brauchen do, mengen ech, e bësse méi Koherenz am Dossier.

Nach rezent huet de Buergermeeschter an engem Zeitungsartikel gesot, dass 60 % vun de Wunnengen als Logement abordable musse verkaf ginn. Dat heescht, 21 Haiser. Da kéint ee jo de Rescht prett fir de Locatif maachen.

Am selwechten Artikel rechent Dir do mat Käschte vu 70.000 bis 100.000 € pro Haus, fir se prett ze maachen. Déi 256.000 €, wou am Budget stinn, géife laut Äre Berechnungen da just duergoen, fir zwee bis dräi Haiser. Ech mengen, ausser ech maachen hei en Denkfeeler, ass et am Moment schwéier, Är Strategie do ze verstoe respektiv eng ze erkennen.

Eis Strategie misst dobäi ganz einfach a kloer sinn: Déi Haiser sou schnell wéi méiglech bewunnbar ze maachen, ënnert wat fir enger

Form och ëmmer. A mir hoffen, dass mer do Ufank nächst Joer eng Léisung wäerte fannen.

Bewunnbar maache musse mer natierlech och déi Wunnengen, déi eidel stinn. Se musse renovéiert ginn. Do wéilt ech gär en Zitat aus Ärer Budgetsried vum leschte Joer erënneren, wou Dir gesot hutt, ech zitéieren, „dass vun 335 Sozialwunnengen, déi d'Stad Esch am Joer 2022 hat, der 58 net bewunnbar waren, ass inakzeptabel".

Ech mengen, wat de Contenu vun deem Zitat ugeet, si mer eis eens. Dëst Joer sot Dir dann, dass vun deenen 58 onbewunnte Wunnengen der 12 bewunnbar gemaach gi sinn. Do sinn mer bei 20 %, wou renovéiert gi sinn. Ech mengen, do si mer eis jo awer och eens, dass dat net duergeet, respektiv, dass dat eisen Usprëch net gerecht gëtt.

Dobäi kennt jo nach – den Här Faltz huet et schonn ugeschwat –, dass mir fir komplett verréckt Zomme renovéieren. Véier Haiser fir 4,5 Milliounen Euro – just falls virdun een net opgepasst huet . Ech mengen, all Privatpersoun géif bei esou engem Virgoen ni eranplënneren, well se, wann d'Haus bis faerdeg wär, keng Sue méi hätt.

Just fir dass ee sech eng Kéier kann e Bild: En Architekt, dee sech auskennt, huet eis gesot, dass ee bei enger Renovatioun soll grosso modo 400 Euro pro Kubikmeter rechnen. Ech mengen, do ka jidderee sech hei ausrechnen an da gesäit een, a wat fir enge Sphäre mer zu Esch hei ënnerwee sinn.

Wann een iwwer d'Logementpolitik schwätzt, kënnt een natierlech och net derlaanscht, e puer Wuert iwwer eng Recette ze schwätzen, déi net am Budget steet, well bis elo de politesche Courage gefeelt huet, se opzehiewen. Den Här Baum hat et schonn ugeschwat: déi ominéis Tax um Leerstand, wou jo hei am Gemengerot gestëmmt ginn ass, awer leider ni opgehuewe ginn ass.

An och mir hoffen, dass do fir 2025 endlech eng Kloerheet kënnt. Eis Ënnerstëtzung hu Dir op jidde Fall, wann Dir op deem Punkt Courage weist. A wa mir bei deem Sujet op d'Regierung waarden, da waarde mer, mengen ech, nach ganz laang. Dofir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer do eng eegen Initiativ huelen.

Da wëll ech zu engem weidere Punkt kommen, nämlech dee vun der Upassung vun der Stad Esch un de Klimawandel. Och wann Dir op der zweeter Säit vun Ärer Ried op d'Klima ze schwätzen kommt, feelt et eis am deem Beräich awer wierklech u ganz ville Mesurë fir eng liewenswäert Stad, wéi Dir et an Ärem Koalitiounsacccord betitelt.

An do, mengen ech, gitt dir als Majoritéit Ärer Verantwortung, och am Hibléck an der Urgence, an där mer eis befannen, net gerecht. An et ass extreem schued, well viru ronn zwee Méint huet de LIST eng Etüd am Optrag vu ProSud presentéiert – wou Dir jo President sidd, Här Buergermeeschter, wann ech dat richteg an Erënnerung hunn – an Dir op iwwer 100 Säiten ...

*(Interventioun Här Christian Weis)*

Ass dat richteg!?

An där op iwwer 100 Säiten d'Follge vum Klimawandel op de Süden vum Land analyséiert gi sinn.

An där Etüd gëtt gewisen, dass d'Stad Esch an engem Zenario vun engem beschleunegte Klimawandel mat Hëtztperiode vun 45 Grad rechne muss. Dobäi kënnt, dass mer déi 1,5-Grad-Grenz aus dem Paräisser Klimaofkommes zu Esch schonn erreecht hunn.

Ech mengen, eleng déi zwee Beispiller weisen d'Urgence vun der Situatioun. Eng Urgence, déi een awer leider net esou an Ärem Budget erëmfennt. Dobäi leien d'Léisunge jo zum Deel op der Hand a ginn och am Moossnamekatalog vun där Etüd erwäänt.

Mer brauche méi Gréngflächen an den Innestied – a fir vläicht eng Klammer opzemaachen, méi wéi just Jardin-éphémèren. Mer brauche vill méi geziilt Waasserflächen, mer brauche Plazen, wou kal Loft produzéiert gëtt an déi mussen dann an déi urban Raim geleet ginn.

Ech weess, dat ass alles elo vläicht e bëssen technesch, mee aner grouss Stied am Ausland, wéi zum Beispill Paräis, sinn do vill méi wäit wéi mir. Dofir fuedere mer ab dem nächste Joer e Budgetsartikel mat engem beträchtleche Montant, fir all déi Mesuren, déi néideg sinn, fir eis Stad un de Klimawandel unzepassen, ze finanzéieren.

Ausserdeem bräichte mer e pluriannuellen Ëmsetzungsplang, deen hei am Gemengerot diskutéiert gëtt an approuvéiert gëtt. Och an all Chantier, sief et am Héichbau, am Déifbau an am Stroossebau, wou schonn ugeschwat ginn ass, sollten d'Recommandatioune vun där Etüd afléissen . An op d'mannst een Illôt de chaleur, firwat net d'Stadhausplaz, misst an Ugrëff geholl ginn.

Kolleegen a Kolleginnen, all déi, wou sech schonn eng Kéier mat der Geschicht vun eiser Stad befaasst hunn, wëssen, dass genau virun honnert Joer (1924) den däitsche Stadtplaner Josef Stübben e Stadentwécklungsplang gezeechnet huet, deen aus Esch soll eng gréng Stad maachen.

E Plang, dee leider net, wéi en hätt missen, ëmgesat ginn ass, mee haut awer méi wéi jee aktuell ass.

Dofir vun eis aus e waarmen Appell: Hutt de politesche Courage, déi néideg Mesuren ze huelen an doran an Zukunft ze budgetiséieren. Well, Här Sehovic, dat ass vläicht keen takteschen Urbanismus, mee dréngend néidegen Urbanismus, fir eis Stad un déi Defie vum Klimawandel unzepassen.

E weidere Punkt, deen ech gär géif uschwätzen, ass d'Biergerbedeelegung. Den Här Buergermeeschter huet a senger Ried am Kader vum DemocracyNext-Projet ugeschwat, also de Projet ugeschwat, dee mer natierlech och ënnerstëtzen. Dat eleng geet eis awer net duer.

Wéi et schonn an eisem Walprogramm stoung, si mer der Meenung, dass „d'Erausfuederunge vun eiser Zäit net ouni d'Kompetenzen an d'Matwierke vun de Bierger a Biergerinne gepackt kënne ginn."

Dofir fannen mer et extreem schued, dass sech net um Walprogramm, un eisem Walprogramm oder un anere Gemengen inspiréiert ginn ass an e partizipative Budget agefouert ginn ass.

E partizipative Budget fonctonnéiert esou, dass d'Bierger a Biergerinne Projeten aus verschiddene Beräicher, wéi zum Beispill Ëmwelt, Urbanismus, Kultur, Soziales, Bildung, Jugend oder Sport erareechen.

An der Gemeng Diddeleng sinn op déi Manéier am Joer 2022 zum Beispill 25 verschidde Projeten zesummekomm. Fënnef vun deene Projete sinn an enger Online-Ofstëmmung vun de Bierger zeréckbehale ginn an ëmgesat ginn. D'Gemeng stellt an deem Kontext pro Joer e Budget vun 100.000 € zur Verfügung.

Grad an de Gemengen, déi jo anscheinend esou no um Bierger sinn, missten esou Partizipatiounsméiglechkeete geschaf ginn.

Dofir proposéiere mir, och an eiser Gemeng e Budgetsartikel fir e partizipative Budget ze entwéckelen.

Kolleegen a Kolleeginnen, de renomméierten däitsche Politikwëssenschaftler Herfried Münkler huet säi Buch iwwer d'Zukunft vun der Demokratie mat follgendem Saz ofgeschloss : „Eine Demokratie ohne Engagement der Bürgerinnen und Bürger ist nicht überlebensfähig. Wenn sie eine Zukunft haben soll, müssen vor allem in diesem Bereich neue Ansätze entwickelt werden." E partizipative Budget wär esou een Usaz!

Da kommen ech zum leschten Punkt, ergänzend zu deem, wat d'Madamm Braz schonn iwwer de Sport gesot huet. Mer sinn natierlech all frou, dass d'Stad Esch den Titel vun der Europäescher Sportstad gewonnen huet, an ënnerstëtzen och, dass de „Sport pour tous", wou mer säit 2015 Virreider sinn, méi finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt kritt.

Am ordinäre Budget ass awer, wat d'Subsiden un d'Sportveräiner ugeet, quasi näischt geschitt. Dofir hunn ech och verstanen, firwat de Buergermeeschter a senger Ried als Vergläichsmontant net dee vun 2024 gesot huet, mee dee vun 2023.

Am Verglach zum Joer 2024 kréien déi ronn 100 Sportveräiner nämlech just 8.000 € méi. Dat sinn also 80 € pro Veräin. Do kann also all Veräi sech eng Uniform leeschten. E bëssen nom Motto: Wann Dir keng Arena kritt, da braucht der jo och net méi Suen.

Da kommen ech nach zu zwee Punkten, déi, wéi d'lescht Joer, guer net budgetiséiert gi sinn, respektiv guer net dovu geschwat ginn ass, awer am Koalitiounsaccord stinn.

Nämlech déi administrativ Hëllef fir eis Sportveräiner an d'Iddi vun enger Sportsklass am Cycle inférieur. Vu que dass mer béid Punkten an eisem Walprogramm haten, wollt ech dann emol nofroen, wéi et ausgesäit. Wéini kréien eis Sportveräiner déi administrativ Hëllef? Respektiv gëtt et schonn e Konzept fir eng Sportklass am Cycle inferieur?

D'Madamm Agovic huet virdrun d'Beispill gi vun der Schoul. Hei ass et e bësse wéi an der Schoul. Wann ee vum Noper ofschreift, huet een herno oft Problemer, d'Äntwert ze erklären. Hei ass, mengen ech, vum Noper ofgeschriwwe gi respektiv vun eisem Walprogramm, an elo hutt Der Problemer, et ëmzesetze respektiv Är Projeten ze erklären.

Kolleegen an Kolleeginnen ech hoffen, Dir gesitt meng Ried als konstruktiv awer kritesch Analys vum Budget mat konkreete Léisungsvirschléi fir verschidden Defien, virun deene mer als Stad Esch stinn.

Ech ginn et zou, de Budget huet verschidde gutt Usätz, gëtt awer, mengen ech, am grousse Ganzen deene villen Erausfuederungen, virun deene mer als Stad stinn, net gerecht. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Pulli. Als nächst huet den Cavaleiro d'Wuert an duerno den Här Sehovic.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als éischt wëll ech mech bei menge Kolleege vum Schäfferot bedanke fir d'Elaboratioun vun engem Budget, deen net nëmmen den Accorden an de Prinzippie vun eiser Majoritéit entsprécht, mee virun allem den Erwaardunge vun eiser Bevëlkerung.

D'Zil vun dësem Budget ass et, eng gerecht an ekilibréiert Finanzpolitik fir eis Stad Esch ze realiséieren, wou all Bierger dovu profitéieren kann.

Ech soen och e grousse Merci natierlech un all d'Chef-de-servicer an de Ressorten, fir déi ech zoustänneg sinn. Si hunn eng extreem schwiereg, mee gläichzäiteg exemplaresch Aarbecht geleescht, andeems si d'Prioritéite vun der Stad fir d'kommend Joer kloer erausgestallt hunn.

Mat enger gesonder Visioun hu si garantéiert, dass all Euro, deen investéiert gëtt, optimal de Besoinen an den Interesse vun eisen Escher entsprécht.

E speziellen Dank natierlech och nach geet un den Departement Finanze vun der Stad, vertrueden duerch d'Häre Claude Fleming a Vincent Goorix. Mat hirem aussergewéinleche Fachwëssen an hirem onermiddlechen Engagement hu si nees bewisen, firwat mir e Budget virleeë kënnen, deen net just gesond ass, mee och op enger fundamentaler Expertis opbaut. Hiren Aarbechtsasaz ass en zolitte Fundament fir d'Finanzpolitik vun eiser Stad.

No all den Interventioune vun all Conseiller zu den diverse Beräicher iwwer d'Budgete fir 2025 an de rektifizéierte Budget 2024 an all positiv oder manner positiv Kritik zu de proposéierten Dokumenter kommen ech dann elo zu verschidden Ergänzungen vum proposéierte Budgeten an Äntwerten op déi verschiddenst Froen oder Remarke vun Är Interventiounen.

Déi proposéiert Budget stellen net just Zuelen duer, mee reflektéieren och eng kloer politesch Visioun an d'Wäerter vun eiser Gemeng. Et ass eng Geleeënheet, fir net just Kritiken unzegoen, mee och ze weisen, firwat d'Choixen, déi mir als Majoritéit getraff hunn, de richtege Wee fir Esch duerstellen.

D'Oppositioun huet behaapt, eis Investitiounen wiere riskant an eis Politik net nohalteg. Ech soen awer kloer: De Budget rectifié 2024 an de Budget 2025 si responsabel an denken un d'Zukunft.

Et ass richteg, dass mir weider investéieren, mee mir maachen dat mat enger klorer Prioritéit: de Wuelstand vun den Escher Biergerinnen a Bierger ze garantéieren.

Eis Sozialpolitik steet am Mëttelpunkt vun eiser politescher Visioun. De Budget fir den Office social reflektéiert eisen onermiddlechen Engagement fir eis Matbierger an Nout.

Esou wéi ech schonn am Oktober bei der Presentatioun vum Rapport 2023 fir den Office social gesot hunn, sinn am Joer 2023 1.597 Stéit, also bal 4.200 Leit, am Escher Office social fir Hëllef komm. Dëst weist net just eng Erhéijung vun der sozialer Prekaritéit, mee och d'Noutwendegkeet vun eiser Interventioun.

Mir investéiere 5,87 Milliounen Euro am Budget fir 2025 an den Office social, mat engem Fokus op dréngend Hëllefen, Wunnengsproblemer an integrativ Servicer. Besonnesch wichteg ass de Foyer de nuit AbriSud, dee mat engem Budget vun 2,8 Milliounen Euro en neie Standard fir d'Hëllef un Obdachloser setzt.

Wat dësen Dossier ubelaangt kann ech jiddereen hei berouegen, datt den annoncéierten Timing, deen ech presentéiert hat, agehalen ass an datt d'Aarbechte voll amgaange sinn.

Mir schaffen och 76 % méi Hëllefen am Beräich vum Loyer an Hebergementsfrais. Dëst weist, dass mir net just reagéieren, mee proaktiv Léisungen ausschaffen, dat och nach mam Projet vum Restaurant social am Schwaarzen Hary, deen 2025 opgoe soll an eng weider a

komplett Offer soll bidde fir all déi, déi vun der Offer vun der Stëmm vun der Strooss profitéieren.

An dësem Kader muss ech och drop hiweisen, dass d'Subsidiaritéit eleng keng laangfristeg Léisung fir d'sozial Erausfuerderunge vun eiser Stad duerstellt. Si ass e wichtege Bestanddeel vun de Mënschen am Alldag, déi direkt hëllefe kann, besonnesch fir d'Leit, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen.

Mat Hëllefen, wéi deenen iwwer den Office social, d'Aiden am Kader vun der Vie chère oder eisen eenzele sozialprojetbaséierten Interventiounen, kënne mir konkreet am Alldag fir eis Matbierger eng Entlaaschtung bréngen. Mee fir strukturell Problemer, wéi de Manktem u Kafkraaft oder d'Logementsnout, bleift d'Subsidiaritéit ineffizient.

Hei mussen d'Problemer un der Wuerzel ugepaakt ginn. Mir brauchen eng national Kooperatioun mat eise sozialen an ekonomesche Partner an eng enk Zesummenaarbecht mam Staat, fir eng nohalteg an transparent Politik kënnen ze maachen. Mir musse gemeinsam Léisungen entwéckelen, d'Wunnengsmaartstabilitéit férderen an d'Kafkraaft vun de Bierger stäerken.

Eng kloer Ofstëmmung vun nationale Politicken, déi lokal transposéiert ginn, ass hei néideg. An dat ass genau, wou mir als Gemeng wäerten agéieren. Mir setze konkreet Projete mat lokalen a staatlechen Acteuren ëm a schaffen d'Basis fir e Gesellschaftsmodell, deen de Bierger stäerkt a virubréngt.

Dofir si mir och gewëllt, eisen Deel dozou bäizedroen, mat geziilten Investitiounen an dem Engagement vun eisen sozial Servicer ze verbesseren an auszebauen.

Doriwwer eraus sti mir zu enger humaner Politik, déi Adresses de référence an eng stabill Logementsstruktur prioritiséiert. Sozial Gerechtegkeet ass net just eng Flicht, mee e Pilier vun eiser Gesellschaft.

Ech wëll och kloer op d'Kritik un der Reduktioun vun der Masse salariale am Streetwork-Service agoen. Hei ass et wichteg ze betounen, dass d'Stad nach ëmmer an dëse wichtege Servicer investéiert.

Viru Kuerzem gouf en neie Posten am Vollzäitformat besat, an de Rekrutement fir e weidere Posten ass schonn amgaangen. Zousätzlech huet en neie Koordinator am Oktober d'Leedung vun dësem Service iwwerholl an engagéiert sech voll, fir d'Ziler vum Streetwork-Service ëmzesetzen.

Dëst weist kloer, dass de Service net u mënschleche Ressourcë verléiert. D'Reduktioun vun der Masse salariale erkläert sech doduerch, dass déi geplangt Käschten an der Realitéit méi niddereg ausgefall sinn. Dëst ass eng Optimiséierung, ouni d'Qualitéit oder d'Effizienz vum Service anzeschränken.

D'Decisioun, d'Epicerie sociale zu Esch iwwer eng Konventioun mat HUT matzefinanzéieren, ass bewosst an nodenklech geholl ginn. Mir hu kloer decidéiert, dës wichteg sozial Offer op eisem Territoire ze erhalen, well d'Alternativ d'Clôture vun der Epicerie gewiescht wier – mat allen negativen Konsequenze fir eis vulnerabel Populatioun.

D'Epicerie sociale Charakter ass essentiell fir vill Leit a prekäre Situatiounen, an hir Fermeture hätt dozou gefouert, dass vill Bierger ouni eng noutwendeg Grondversuergung géife stoen.

Et ass wichteg ze betounen, dass d'Stad Esch bis elo net un de Fraise vun der Epicerie sociale bedeelegt war, déi vu Caritas bedriwwe gouf. Anescht wéi a ville Gemengen am Land, wou sozial Epicerien

duerch d'Gemengen oder déi lokal Offices sociaux finanziell ënnerstëtzt ginn, war dëst zu Esch net de Fall.

Scho virun dësem Hannergrond ware Gespréicher amgaangen, fir dës Situatioun unzepassen. D'Matfinanzéierung vun dëser Offer ass en ausdrécklechen Engagement vun eiser Stad fir sozial Gerechtegkeet an eng Basisversuergung vun eisen Awunner, dorënner och fir déi vulnerabel Leit aus de ronderëm geleeëne Gemengen wéi Schëffleng, Käl-Téiteng a Rëmeleng.

Eng weider Konventioun mat dësen Administratioune soll nach diskutéiert ginn, fir hir Bedeelegung un dëse Fraisen ze klären. Dëst ass net nëmmen e moralesche Choix, mee en Deel vun eiser Verantwortung als sozial oppen a solidaresch Stad.

Wat den Housing-First-Konzept ugeet, wëll ech ënnersträichen, dass dëse Beräich weiderhin eng Prioritéit an eisen Iwwerleeungen an Initiativen ass. Aktuell si mir an Diskussioune mam Ministère de la Famille, deen u strateegesche Reflexiounen an dësem Domaine schafft.

Dës Aarbechte kéinten e positiven an direkten Impakt op eis lokal Politik hunn, wat et der Stad Esch erlaabt, Moossnamen anzesetzen, déi zesumme mat eisen institutionelle Partner ugepasst a wierksam sinn.

Wat d'Fro vun eidele Logementer oder ëffentleche Gebaier ugeet, notamment dat fréiert Gebai vun der Steierverwaltung um Boulevard J.F. Kennedy, ass et wichteg ze preziséieren, dass dëst Gebai net ënnert d'Gestioun vun der Gemeng fält.

Dëst Gebai gehéiert zu de Bâtiments publics, déi et schonn eng nei Notzung zougedeelt hunn. Et wäert geschwënn eng regional Antenn vum Service National de la Jeunesse, also SNJ, ophuelen. E Projet, dee vum Ministère de la Jeunesse gedroe gëtt. Dësen Ëmbau wäert d'Infrastrukture fir d'Jugend an eiser Regioun weider stäerken.

D'Stad Esch setzt hir Engagement fir d'Entwécklung vun enger Bildungslandschaft weider, mat der klorer Decisioun, dëse wichtege Projet auszebauen. Fir d'Joer 2025 steet och den Suchtpreventiounsplang um Programm. En ambitiéise Projet, deen d'Zesummenaarbecht tëscht eiser sozialer Koordinatioun an Acteueren wéi dem Ministère de la Santé, dem CNAPA a Police virgesäit.

Dëse Projet ass net méi spéit wéi elo virun e puer Woche schonn initiéiert gi mat engem éischte Groupe de pilotage.

Dësen ëmfaassende Plang huet zum Zil, preventiv Moossnamen ze entwéckelen, déi sech un d'Besoine vun eiser Populatioun upassen an eng nohalteg Léisung fir d'Suchtproblematik bidden.

De Projet vum Wet-Shelter gëtt dobäi net vergiess. Am Géigendeel, dëse wäert parallell behandelt ginn, mat der Verspriechung, dass en erhéichten Asaz an dësem Beräich erfollegt, soubal déi zwou éischt Initiative finaliséiert an operationell sinn.

Dëst weist eis engagéiert Strategie, fir all Projet mat der néideger Opmierksamkeet a Qualitéit ëmsetzen, ouni Kompromësser ze maachen. Bei sou Projeten, wou mir selwer entwéckelen, musse keng Budgetsartikelen agesat ginn. Déi kënne mer in house maachen.

Eis Jugendpolitik ass en zentrale Bestanddeel vun eisem Engagement. Am Kader vum Jugendkommunalplang, dee mir zesumme mat der Uni Lëtzebuerg entwéckelen, investéiere mir am Joer 2025 124.000 € fir nei Initiativen, inklusiv zwee Fuerscher an engem Postdoktorant.

Dëst garantéiert, dass d'Besoine vun der Jugend net just analyséiert ginn, mee och konkreet an eise Projete berécksichtegt ginn.

Mir férderen Aktivéiten, dorënner Vakanz zu Esch, a kreativ Projeten am Beräich vun der Konscht an der Technologie. Fir 2025 plange mir e Budget vun 195.000 € fir d'Organisation vu Jugendaktivéiten, inklusiv der EschTechWeek, enger innovativer Initiativ, fir jonk Talenter ze férderen.

EschTechWeek, en neie Projet, deen d'Liewen an eiser Stad weider beräichere wäert, déi vum 31. Mäerz bis de 5. Abrëll 2025 stattfanne wäert. Dëst innovatiivt Evenement ass déi éischt EschTechWeek, also déi éischt TechWeek am Grand-Duché an huet als Haaptzil, Technologie an Innovatioun op eng spilleresch an edukativ Manéier ze férderen.

D'EschTechWeek bitt eng breet Pallett vun Aktivitéiten, dorënner interaktiv Atelieren, Spiller, Concoursen, eng Brocante vu Retro-Videospiller an d'Simulatioun vun engem Tech Supreme Court Junior, wou jonk Leit iwwer eethesch Froen an der Technologie diskutéieren.

Mir zielen drop of, déi technologesch Kompetenzen an Interesse vu Jonker ze stäerken a gléichzäiteg generatiouns-iwwergräifend Verbindungen ze férderen. D'Zesummenaarbecht mat lokalen an internationale Partner garantéiert, dass d'EschTechWeek en onvergiesslecht Evenement fir jidderee wäert ginn.

Am Zesumenhang ... also dëse Projet wäert ech natierlech nach an deenen nächste Wochen och nach presentéieren.

Am Zesummenhang mat der Jugend, mee och am Kader vun eis Partnerstied, ass och fir 2025 en anere Projet schonn an der Maach. An zwar en anere wichtege Projet: d'Olympiades Jeunesse Erasmus+, déi Enn Juli 2025 hei zu Esch stattfannen.

Dëst Evenement, inspiréiert vun den ikonische Konzepter vun „Intervilles" a „Jeux sans Frontières", bréngt Jonker aus eisen Zwillingsstied zesummen, fir sech an enger Rei sportlechen a spillereschen Aktivitéiten ze mëschen. Am Mëttelpunkt steet d'Iddi vum Austausch, vun der Kooperatioun an dem Zesummenhalt.

D'Olympiades gi vollstänneg vun der Europäescher Kommissioun duerch d'Programm Erasmus+ finanzéiert. D'Deelnam kascht also de Participanten näischt, wat d'Zougänglechkeet an d'Inklusioun prioritéiert.

Mir erwaarden Delegatiounen aus eise Partnerstied, jiddwereng mat fënnef Jonken an engem Begleeder. A praktesch hunn elo schonn all d'Stied confirméiert, datt se present wäerte sinn. Vun deenen eelef, déi an Europa sinn, wëll ech betounen.

D'Evenement steet fir eng verstäerkt Verbindung tëscht eise Gemengen a bitt eis Jonken eng eenzegaarteg Geleeënheet, sech international ze vernetzen an nei Erfarungen ze sammelen.

Mat 27 Logementsstrukture fir aktiv Jonker, dorënner d'Residenzen Diva a Charbons, investéiere mir an abordabele Wunnraum fir d'Jugend op der Rout Lëns.

D'Stad Esch engagéiert sech resolutt, fir e richtegen universitäre Pol ze ginn – eng „universitär Mark", déi akadeemesch Exzellenz, sozio-ekonomeschen Dynamismus an eng inklusiv urban Liewensqualitéit vereent.

Dëst ambitiéist Zil baséiert sech op eng staark a laangfristeg Partnerschaft mat der Uni Lëtzebuerg. Mat Projeten, wéi der vun der

Stad finanzéierter Universitéits-Chaire oder der detailléierter Etüd iwwer d'Jugend zu Esch, weise mir eis Entschlossenheet, d'Forschung mat de lokale Besoinen ze verbannen.

Dës Kollaboratioun geet wäit iwwer eis Grenz eraus. Inspiréiert vum Modell vun eis Uni-Partnerstied, striewe mir un, d'Relatioune mat eise Partnerstied ze stäerken, besonnesch duerch d'Färderung vun akadeemeschen Austausch an d'Entwécklung vun internationale Partnerschafte mat renomméierten Universitéiten vun eis Villes jumelées.

Mir gleewe fest dorunner, dass eng universitär Stad net eleng entsteet. Si muss duerch en dauerhaften Dialog tëscht der akadeemescher Welt, wirtschaftlechen Acteuren a Bierger gesuergt ginn.

Dofir proposéiere mir, Esch an e liewegt Labo ze transforméieren, wou Fuerscher, Studenten a Gemeinschaft zesummeschaffen, fir innovativ Léisungen fir urban Erausfuerderungen ze entwéckelen – ob et ëm d'Energietransitioun, kreeslafbaséiert Wirtschaft oder sozial Inklusioun geet.

Zousätzlech wëll ech Initiativen ergräifen, fir d'universitär Mobilitéit mat eise jumeléiert Partnerstied ze färderen. Mir encouragéieren den Austausch vu Studenten an akadeemesch Projeten, déi sech mat Theemen wéi Smart Cities oder grenziwwerschreidender Kooperatioun befaassen.

Dës Initiative bidden eiser Jugend méi Méiglechkeeten a positionéieren Esch als eng international Plattform fir akadeemesch Exzellenz a Wëssenschaftsaustausch.

Esch steet fir eng global Perspektiv. Eis Partnerschaften illustréieren eis Engagementer fir europäesch an international Zesummenaarbecht. Mir sti fir eise Jumelage-Programm, färderen Austauschprogrammer fir Jonker a stäerken eis Positioun an der Groussregioun duerch aktiv Participatioun un transnationalen Initiativen.

D'Stad Esch huet eng aktiv Politik vun de Stiedjumelagen, déi sech op eis 13 besteeënd Partnerschafte konzentréiert. Eis Politik setzt dorop, dës Relatiounen nei ze aktivéieren a mat Liewen ze fëllen.

An dësem Kader hu mir reegelméisseg Kontakt mat eise Partnerstied opgebaut, fir d'Zesummenaarbecht ze stäerken an Theemen ze identifizéieren, déi fir all Stad relevant sinn.

Hei muss ech notamment soen, dass eis Servicer op déi Relatiounen zeréckgräifen, fir Erfarungswäerter ze sammelen an Echangen ze hunn a verschidde Beräicher am Kader vu Projeten, déi d'Stad Esch selwer entwéckelt.

Och wann d'Demande fir nei Jumelagen ëmmer méi klammen a reegelméisseg erakommen, ass et momentan net eis Absicht, dëse Krees ze erweideren. Eise Fokus läit dorop, déi besteeënd Partnerschaften ze stäerken an duerch konkreet Projete mat neiem Inhalt ze beräicheren.

Dëst beinhalt och eis Aktivitéiten an Zesummenaarbecht mat Gruppe wéi Tonicités, dem GECT Alzette-Belval an de bilaterale Partnerschaften, wéi zum Beispill mat Diddenuewen.

Doriwwer eraus hu mir en neie Reglement gestëmmt viru Kuerzem, dat d'Subside fir Initiativen an dësem Kader kläert, a sou en zolitte Kader fir déi zukünfteg Projeten an den Austausch tëscht de Partnerstied schaaft.

Eis Strategie ass kloer: Net d'Quantitéit, mee d'Qualitéit vun eisen internationale Relatioune steet am Vierdergrond.

En neit an ambitiéist Projet, de Forum des Villes Jumelées, deen all zwee Joer organiséiert soll gin, dee fir seng éischt Editioun den Titel „D'Rekonstruktioun vu Frichen: En Avantage fir d'Entwécklung vun enger Stad a senger Regioun?" wäert den 2. an 3. Oktober 2025 stattfannen.

Dëse Forum ass eng Geleeënheet, fir déi transnational Zesummenaarbecht ze färderen an eise Stied eng Plattform ze bidden, fir iwwer eng vun den zentrale Froen vun der urbaner Entwécklung an der Industriekultur nozedenken: Wéi kënne Frichen nei Liewensperspektive geschenkt ginn?

An Zesummenaarbecht mat Partner wéi dem Ministère fir Landesplanung, AGORA, ProSud, dem Fonds Belval, GECT Alzette-Belval an nach vill aner, an eise Villes jumelées wëlle mir déi ënnerschiddlech Aspekter vun der Rekonversioun diskutéieren an eis Best Practices austauschen.

Vum Entwécklungsmodell Belval bis zur neier Rout Lëns an d'Zesummenaarbecht um Quartier Metzeschmelz weisen dës Beispiller, wéi industriell Frichen zu wirtschaftlech, sozial a kulturell nohaltege Quartieren transforméiert kënne ginn.

De Forum bitt eng Plattform fir politesch Vertrieder, urban Planer, Wëssenschaftler an engagéiert Bierger, fir iwwer Theeme wéi Participation citoyenne, kulturellen Ierwen, Mobilitéit an Tourismus nozedenken.

D'Participatioun vun eise Partnerstied stäerkt net nëmmen eise kollektiven Austausch vu Best Practices, mee encouragéiert och nei strateegesch Kooperatiounen, déi iwwer lokal Grenzen erausginn.

Mat dësem Forum bréngen mir eis Partner zesummen, fir gemeinsam eng nei Perspektiv fir eis urban Entwécklung ze iwwerleeën.

Mat engem Budget vun 125.000 € schafe mir nei Plattformen, fir d'Bierger méi enk an Entscheedungsprozesser anzebannen. De Biergerrot ass e wichtege Schrëtt, fir d'Participatioun auszebauen. Duerch digital Innovatiounen erliichtere mir d'Zougänglechkeet zu Informatiounen a stärken d'Vertrauen an d'Decisiounen.

Zu deem Punkt muss een och nach soen, datt och d'nächst Joer de Projet vum Budget participatif dann och wäert ugepaakt ginn.

D'Diversitéit vun eiser Stad ass eis Stäerkt. D'Maison de la Diversité, mat engem Budget vun 2,3 Milliounen Euro, ass e Symbol vun eiser inklusiver Politik. A mir färderen den interreliéisen Dialog an investéieren an d'Erhale vun historeschen a kulturelle Patrimoine, fir den Zesummenhalt an eiser Stad ze stäerken.

Mat engem Budget vun 51,7 Milliounen Euro färdere mir e sozialen an abordabele Wunnengsmaart. An 39 Milliounen Euro fléissen an d'Rout Lëns, en innovative Projet, deen e Mix vu soziale Wunnengen an nohalteger Urbanisatioun ubitt.

Mir garantéieren och weider Investitiounen an d'Renovatioun vu besteeënd Wunnengen, fir d'Wunnengsnout ze entlaaschten.

D'Oppositioun huet behaapt, mir hätte keng Visioun. Dat stëmmt net. Mir hunn eng kloer Visioun: Esch als soziaalt, nohaltegt an innovatiivt Zentrum ze stäerken.

Mat eiser Jugend-, Sozial- a Bildungsinfrastruktur investéiere mir an de Mënsch. Duerch modern Projeten am Logement, Infrastruktur a Kulturliewen maache mir d'Stad liewenswäert.

Mir begréissen, wéi gesot, all konstruktiv Kritik, mee poleemesch Rieden, déi keng Léisung proposéieren, bréngen eis sécherlech net virun.

Ech encouragéieren d'Oppositioun, eis konkreet Alternativen ze weisen, wa se kritesch sinn. Mir si bereet, nozelauschteren, mee mir bleiwen och staark an eisen Iwwerzeegungen fest, well mir iwwerzeegt sinn, datt déi gräifen an datt déi nächst Joren hir Friichten droe wäerten.

Ech bieden, wéi gesot, nach all Conseillièren an Conseilleren, de proposéierte Budgeten zouzestëmmen, well et hei net just ëm Zuele geet, mee ëm eis gemeinsam Zukunft. A mir investéieren net nëmmen an d'Gestioun vun haut, mee och an de Wuelstand vu muer. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Cavaleiro. Den Här Sehovic huet d'Wuert an duerno den Här Zwally.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen, léif Escher, wann ee sech d'Verdeelung vun de budgetäre Mëttelen ukuckt am Budget 2025, da stellt ee fest, dass sech verschidde prioritär Handlungsachse ganz kloer ervirhiewen.

Mir investéieren an de Logement mat 27 % vun de budgetäre Mëttelen aus dem Budget 2025. Resilient Infrastrukturen, Ekologie, Gréngflächen, Waasserschutz – also de ganze Volet vun der urbaner Resilienz a vun der Klimaresilienz kritt 23 % vun de budgetäre Mëttelen. D'Educatioun an d'Kannerbetreiung leie bei 21 %, d'Kultur, de Sport, d'Fräizäit an d'Veräinsliewe kréie 17 % vun de budgetäre Mëttelen aus dem Budget 2025.

Mir investéieren an deene Beräicher, well et eis fir Esch wichteg ass. Well mer iwwerzeegt sinn, dass déi Investitiounen den Escher Leit zeguttkommen, eis Stad méi resilient maachen an och d'Liewensqualitéit stäerken.

Mir maachen dat no beschtem Wëssen a Gewëssen a ginn all Dag zesumme mat den 1.500 Mataarbechterinnen a Mataarbechter eist Bescht, fir am Sënn vun den Escherinnen an Escher ze schaffen.

Dofir wëll am Ufank Merci soen. Merci dem Finanzservice, deen eis gehollef huet, dëse Budget opzestellen, Merci awer alle Servicer vun der Stad, déi hiert Bescht maachen, oft am Hannergrond schaffen an oft virun allem Kritik an Doleancen ofkréien an net oft genuch e Merci an eng Unerkennung kréien.

Erlaabt et mer – an dat ass, mengen ech, de prioritäre But vun deem Exercice fir eis Schäffen. Erlaabt et mer, op verschidde Beräicher aus dem Budget anzegoen, fir déi ech responsabel sinn, mee virun allem och fir op d'Froen an d'Remarken an och déi verschidde Proposen anzegoen, déi d'Kolleeginnen a Kolleege Gemengeconseillere gemaach hunn. Vläicht och fir dat eent oder anert Mëssverständnis e bëssen aus dem Wee ze raumen.

Wann ech mer eis Efforten am Beräich vun der Energietransitioun a vun der Mobilitéitstransitioun ukucken, dann, mengen ech, musse mer eis net verstoppen. Mir hunn am Joer 2024 siwe grouss Solaranlagen op Gemengegebaier realiséiert, an domadder eng wichteg Zilmark vun den 1000 kW Peak installéiert op Gemengendiecher, erreecht.

Eleng 2024, an dësem Joer, hu mer esou vill Capacitéit op eisen Diecher installéiert, wéi vun 2009 bis 2019 zesummen. A fir 2025 si fënnef grouss Projete virgesinn, déi d'installéiert Capacitéit, déi mer haut installéiert hunn, nach eng Kéier soll ëm 50 %, also eng grouss Croissance, erhéijen.

D'energeetesch Renovatioun vun de Gemengegebaier geet weider. Dat lescht Beispill aus dësem Joer war d'Jean Jaurès Schoul, wou eng energeetesch Sanéierung gemaach ginn ass, déi et awer och erméiglecht huet, de Schoulraum fir d'Kanner weesentlech ze verbesseren a méi schéin ze maachen. Déi energeetesch Renovatioun geet och weider natierlech an eise Logementer.

Mir hunn eng ganz Rei vun immens flotte Gebaier mat enger grousser a laanger Geschicht. Mir sëtze grad an engem vun deene Gebaier. An do ass natierlech eng energeetesch Sanéierung méi komplizéiert – machbar ganz sécher, mee méi komplizéiert.

An dowéinst hu mer eis am Budget 2025 och déi néideg Mëttele ginn, fir Etüde kënnen ze maachen, fir erauszefannen a fir ze plangen, wéi mer ënner anerem dat heite Gebai kënne klimaneutral maachen. Am Respekt awer och vun där historescher Bausubstanz, déi mer onbedéngt wëllen erhalen.

De Reseau vun den installéierte Luedesaile fir d'Elektromobilitéit gëtt weider verstäerkt. D'Installatioun vun neie Bornen zu Lalleng, am Stadhausparking an och am Brill-Parking sinn imminent a sollten an den nächsten Deeg a Woche stattfannen.

Doriwwer eraus hu mer e Planning gemaach mat 60 Plazen, 60 strateegeschen Emplacementer, déi mir um Escher Territoire identifizéiert hunn a wou mer wëlle Bornen-Infrastruktur opstellen.

Mir schaffen och un engem Pilotprojet, fir méi luest Lueden direkt vun de Luuchtepottoe méiglech ze maachen. An och do sinn ech hoffnungsvoll, dass mer ganz geschwënn en éischte Pilotprojet kënnen en place setzen.

Mir hunn dëst Joer e Pilotprojet lancéiert, fir d'Offer um Carsharing op eisem Territoire auszebauen, mat véier neien Emplacementer an insgesamt aacht Autoen a Camionetten, déi kënne gelount ginn. Dëse Pilotprojet ass e Succès an dowéinst gëtt e perenniséiert am Kader vum Budget 2025.

An, sou wéi mer et och hei annoncéiert hunn am Gemengerot, kréien déi Emplacementer Elektrobornen. Verschiddener gi schonn elo an den nächsten Deeg installéiert, déi aner dann Ufank vum nächste Joer, fir dass deen dote Fuerpark vun de Carsharing-Autoe komplett elektrifizéiert gëtt.

Et ass geschwat vu Sudstroum a vum Benefice, vum héije Benefice, deen d'Sudstroum 2024, also am leschte Joer konnt maachen. Dat huet domadder ze dinn, dass mer eigentlech bei der Sudstroum an enger Phas, wou de Stroummarché, grad de Spotmarché, also d'Boursen, wou de Stroum gehandelt gëtt, ëmmer nach volatill sinn a mer awer eng gutt Akafsstrategie haten, déi gemaach huet, dass mer zu de richtege Momenter Stroum kaaft hunn, wann de Präis niddereg war. An domadder vun der ganz krasser Volatilitéit um Marché manner betraff waren.

Dat huet awer och domadder ze dinn, dass Sudstroum eng Entreprise ass, déi weider um Wuessen ass a permanent nei Clientë kritt. Ëmmer méi oft och ausserhalb vum Escher Territoire.

Dëse Benefice, deen ugeschwat ginn ass, huet sech net, wéi e bëssen an de Raum gestallt ginn ass, um Réck vun de Clientë gemaach. D'Sudstroum ass ëmmer nach, war et a wäert et och bleiwen – dat wësse mer elo, wou d'Tariffer annoncéiert gi si fir d'nächst Joer –, war a bleift dee gënschtegste Stroumpräis am ganze Land.

An d'lescht Joer huet jo nach de Stroumpräis-deckel ganz gegraff, soudass d'Mënsche virun

den héije Präisser a virun der Volatilitéit op den Energiemarchéë geschützt waren.

Dee Benefice, dee geet jo souwisou net iergendwou an d'Täsche vun iergendwellche Manageren oder CEOen, mee de Benefice vun der Sudstroum geet zeréck un d'Gemeng. An domat ginn e groussen Deel vun eisen Investitiounen, och an d'Energietransitioun, finanzéiert.

Den Här Baum huet ganz zu Recht ugemierkt, dass et wichteg ass, dass mer och am Conseil communal iwwer dës wichteg, iwwer dës fir Esch wichteg Entreprise solle schwätzen. Do si mer eis ganz eens.

Ech mengen, dass Der haut an Ärer Boîte warscheinlech schonn d'Invitatioun hutt vum Conseil communal vun nächster Woch, an da wäert Der feststellen, dass mer effektiv och deen dote Punkt, eng Diskussioun iwwer de Bilan an och d'Projete vun der Sudstroum schonn nächste Freiden um Ordre du jour vum Gemengerot wäerten hunn.

An dat ass dann och déi richteg Geleegenheet, fir nach eng Kéier méi wäit auszehuelen. An do wäert ech och nach eng Kéier méi an den Detail goe vun deene Projeten, déi mer zesumme mat der Sudstroum plangen. Mee och vun deene Projeten, déi deen Invest oder dee Benefice vun der Sudstroum eis erméiglecht.

Mir hu vill iwwer d'Begréngung an iwwer d'Upassung un d'Klimakris ugepasst. An ech si frou doriwwer, dass dëse Sujet och an de Budgetsdiskussioune souwuel an der Ried vum Buergermeeschter wéi och an den Interventioune vun de Kolleeginnen a Kolleege sou e wichtege Stellewäert huet.

Well et ass genau sou wéi den Här Pulli et gesot huet, mir sinn an enger Urgence. An alles, wat mer haut net maachen, wäert eis muer duebel sou deier kaschten an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen op d'Spill setzen.

Dofir schaffe mer och an deem Beräich. D'Renaturéierung vun der Dipbech, déi mer dëst Joer gemaach hunn, gëtt finaliséiert, huet e wichtegen, positiven Impakt op d'Natur, op d'Liewensqualitéit an och op d'Resilienz vun der Stad.

An dowéinst mussen och d'Renaturéierungs-aarbechte weidergoen op anere Plazen. Mir sinn am Moment an Diskussioune mat de Parties prenantes, fir d'Renaturiséierung vun der Uelzecht am Kader vun der Entwécklung vun der Metzeschmelz, vun deem Quartier, elo ze preparéieren. Dat wäert eng wichteg Prioritéit sinn, fir weider kënnen ze maachen.

Mir hunn, dat ass genannt ginn, Jardins éphémpères. Ech sinn eigentlech entre-temps net méi frou mat deem Wuert, well c'est que le temporaire qui dure. An esou ass et och mat verschiddene vun deene sougenannten éphémèrë Gäert. Ech schwätze léiwer vu Stadgäert, vu Jardins urbains. Déi sinn installéiert ginn an déi wäerte bleiwen.

De Schäfferot huet d'Decisioun zum Beispill geholl, dass de Jardin urbain op der Stadhausplaz, dee mer en place gesat hunn, fir d'Stadhausplaz ze begréngen, fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech ze setzen, am Summer e bësse Schiet ze kréie virun der Sonn. Dëse Jardin urbain wäert bleiwen.

An ass natierlech awer – an dat ass ee vun den Avantagë vun deene Jardins urbains. E Kolleeg hat et gesot, si prioritär do anzesetzen, wou mer keng aner Optiounen hunn, well mer ënner dem Buedem entweeder Parking oder wichteg ënnerierdesch Reseauen hunn, déi et da maachen, dass mer do net eng permanent Begréngung kënne maachen.

Et gëtt och Plazen, dozou gehéiert och d'Stadhausplaz, gehéieren och aner Plazen, déi mer a ganz ville verschiddene Kontexter, fir de Maart, fir verschidde Veranstaltungen, brauchen a wou mer da mat deene Jardins urbains och flexibel Méiglechkeeten hunn, fir den Amenagement ze adaptéieren a verschidde Saache méiglech ze maachen a méi flott ze maachen.

Dofir hu mer och de Budget fir d'Jardins urbains konsequent erhéicht fir 2025, genausou wéi iwwregens de gesamte Budget vun den Espaces verts. A wie sech e bëssen déi Entwécklung ugekuckt huet vun de budgetäre Mëttelen, déi mer an d'Begréngung vun der Stad investéieren, da gesäit een, dass mer innerhalb vun nëmmen e puer Joren de Budget verdräifacht, voire vervéierfacht hunn.

Mir wäerten d'nächst Joer, an domadder wäerte mer eis am Gemengerot beschäftege mussen, eng nei Primm aféieren. Nämlech eng Primm fir d'Begréngung. Fir eeben e weideren Incentatif ze bidden, wou mer d'Escherinnen an d'Escher un eisen Efforte kënne mat bedeelegen.

Et ass eng Primm, déi ugeduecht ass, fir de Mënschen, déi hire Balcon, déi hire Virgäertchen, hire Gaart wëlle verschéineren oder hire Schottergaart wëllen ofbauen. Do wäerte mer awer mussen e Reglement preparéieren. An domadder wäerte mer zäitno an de Gemengerot kommen an da wäerte mer do och d'Méiglechkeet hunn, driwwer ze schwätzen.

Et ass gesot ginn, ech weess net vu wiem déi Remark komm ass, dass mer sollten ufänke mat de Schottergäert an eisem eegene Besëtz. Dat ass eng ganz pertinent Remark. Dat ass eng Instruktioun, déi eigentlech schonn an alle Servicer duerchgaangen ass. A mir ass am Moment net bekannt, wou mer nach eege Schottergäert hunn.

Wann Der der hutt, da gitt eis déi gären. Well dat ass, wéi gesot, eigentlech effektiv eis Politik, fir scho mol ganz sécher déi, déi an eisem eegene Besëtz sinn, ewechzehuelen.

Mir hunn do donieft aner innovativ Projete getest am aktuelle Joer, déi mer och wëlle weiderentwéckelen. Mir hunn zesumme mat Greenpeace op der Place Helen Buchholtz eng Tiny-Forest, also e Stadbësch en place gesat, deen zu enger Begréngung gefouert huet.

All dës Efforte ginn och unerkannt. Säit Kuerzem – dat hu mer elo virun e puer Deeg confirméiert kritt. Säit Kuerzem ass d'Stad Esch am Kader vum Naturpakt mat der Sëlwerzertifizéierung priméiert ginn.

Ech wëll drun erënneren, dass et mol keen halleft Joer hier ass, dass d'Stad Esch iwwerhaapt d'Bronzezertifizéierung kritt huet fir hir Efforten. A mir hunn et innerhalb vu manner wéi engem hallwe Joer gepackt, mat zousätzleche Mesuren, an der Zertifizéierung ze klammen.

Mam Resultat, dass d'Stad Esch am gesamte Ranking vun alle Gemenge vum Land d'Nummer 2 ass. Hanner Beetebuerg, déi wierklech eng Toppaarbecht maache scho säit Joren. An iwwregens och déi eenzeg Gemeng sinn, déi am Moment goldzertifizéiert sinn.

Mir sinn d'Nummer 2 national, mir sinn déi eenzeg Lëtzebuerger Stad, déi iwwerhaapt et packt, sëlwerzertifizéiert ze sinn. An dat an engem Kontext, wou ech muss soen, dass den Naturpakt eigentlech vu senger gesamter Architektur net disposéiert ass, oder eis net besonnesch gutt entgéintkënnt, well et ganz ganz vill Mesurë priméiert, déi een am oppene Land ka maachen a mir därs eigentlech net vill hunn a vill Bëschflächen hunn. An trotzdeem packe mer et, do gutt ënnerwee ze sinn. An dat ass eeben och e Beweis dofir, dass et gutt gëeegent ass.

Ech hunn eng Klimaaide ugeschwat, déi nei dobäi kënnt. Natierlech fuere mer weider och mat alle bestoende Primmen. Et ass gefrot ginn oder bemängelt ginn, dass d'Budgeten do relativ niddreg sinn. Dat kann ech erklären.

Dat ass eigentlech ... den Exercice, dee mer beim Budget maachen am Service écologique, mir kucken einfach, wéi vill Demanden hu mer erakritt. A mir anticipéieren eigentlech déi Primmen, déi mer do kréien.

Wat mer feststellen, ass, dass duerch déi Retarden, déi beim Staat beim Ausbezuele vun de Primmen entstinn, dat natierlech och eng Repercussioun huet op eis, well mir elo net all Demande individuell préiwen, mee Top-Uppen ausbezuelen do, wou de Staat schonn eng Primm virgesinn huet. An s de dann eebe just deng Demande kanns maachen, wann s de bis d'Confirmatioun vum Staat kritt hues.

Mir hunn decidéiert, ganz bewosst, dass och d'Primmen zum Beispill um Niveau vum Vëlo, déi vum nationalen Niveau wäerte reduzéiert ginn, hei zu Esch wäerten de selwechten Niveau hunn. A mir envisagéieren och do, de Reglement unzepassen, fir an Zukunft och Cargobiken, déi am Moment net – elektresch Cargobiken, déi am Moment net eligibel si fir eng zousätzlech Primm, fir déi och an d'Critères d'éligibilité eranzehuelen. Well dat och eng Entwécklung ass, déi um nationalen Niveau esou stattfënnt.

Wann dës budgetär Mëttelen, déi am Budget 2025 drastinn, op deenen eenzelen Aiden erschëpft sinn, dann ass dat guer kee Problem. Dat bedeit net, dass d'Leit hir Primmen net kréien. Dat bedeit just, dass mir nach eng Kéier an de Gemengerot kommen an da Suen nostëmmen. Dat hu mer och am Laf vun dësem Joer, notamment bei der Primm fir d'Mesures d'économie énergétiques misse maachen. An dat wäerte mer och weider maachen, falls dat noutwendeg ass.

Mir wäerten zousätzlech awer am Kader vun eisen Aarbechte mam Service écologique d'nächst Joer och eng Reflexioun doriwwer féieren an dorunner schaffen, fir d'Kommunikatioun iwwer déi Primmen nach besser ze maachen, fir se nach méi ënner d'Leit ze kréien.

Wann ech beim Klima sinn, waren eng Rei vun interessante Proposen, muss ech soen, och vum Kolleeg Pulli, déi mer sympathesch sinn, mee wou ech mengen, wou een eng Kéier e bëssen an den Detail muss goen an da kucken, wat do méiglech ass a wat net.

Et ass proposéiert ginn, fir Budgetsartikelen ze maachen, wou mer eigentlech géingen all déi Klimaupassungsmesuren, wann ech dat richteg verstanen hunn, bündelen an engem Artikel. Ech mengen, dass dat net méiglech ass, well et e ganz transversale Sujet ass. A sech déi budgetär Mëttelen op ganz vill verschidde Servicer a ganz ville verschiddene Budgetslinnen erëmfannen.

Ech ginn lech e Beispill. Mir hunn hei nieft der Stadhausplaz de Stroossentapis neigemaach. Mir hunn dat gemaach – Dir hutt et vläicht matrkitt – mat engem weesentlech méi helle Belag.

Och aus enger Resilienziwwerleeung, well mer nämlech wëssen, dass dat dozou bäidréit, dass d'Temperaturen, dass déi Stroossefläche sech net esou vill erhëtzen an domadder zu enger Ofkillung vum ëffentleche Raum kënne bäidroen.

Dat ass elo e Budgetsartikel, deen een da géing iergendwou an der Voirie fannen. An et gëtt där Beispiller ganz ganz vill, well et eeben en transversale Sujet ass, well et domadder ze dinn huet, wéi mer eis Stroosse bauen, well et domadder ze dinn huet, wéi mer eis Quartieren amenagéieren, eis Gebaier renovéieren a sou weider.

Mee wat ech awer vläicht kéint mathuelen, an ech weess net, ob Iech dat awer vläicht eng ... well ech awer wichteg fannen, dass et novollzéibar ass a wéi vill mer do ausginn. Et ass nämlech e gudde Montant. Ech hat eng Kéier gesot, ronn 23 % vun de budgetäre Mëttele si fir resilient Infrastrukturen, fir d'Ekologie, fir d'Gréngflächen, fir de Waasserschutz.

Et wär vläicht interessant –dat hu mer bis elo net gemaach an dat wär emol d'Propos –, dass mer beim nächste Budget dat awer kloer géingen an den Dokumenter emol ausweisen. An dann hätt ee vläicht en éischte Schrëtt a Richtung vun där Novollzéibarkeet, déi Dir gefrot hutt.

Dir hutt ganz zu Recht vun engem Plang geschwat, deen och mir ganz sympathesch ass. De Stübben-Plang. An ech kann Iech do rassuréieren, dass deen net vergiess ass, mee au contraire, ëmmer nach, dass mer ëmmer nach an där Logik eigentlech eis Stad gesinn an och eis Quartiere plangen.

Mir hunn ugefaangen, zesumme mat der Division du Développement urbain, mat der Madamm Daisy Wagner an hire Leit, u Quartiersvisiounen ze schaffen, wou mer eis projezéieren an d'Zukunft op deenen eenzele Quartiere vun der Stad. An natierlech droe mer do och deene Saache Rechnung, déi zum Beispill an engem Stübben-Plang ganz zu Recht erwäänt sinn.

Vläicht nach eng lescht Reflexioun, well dat huet och een – dat hunn ech och ganz gär héieren –, dat huet een – ech mengen, och Dir, Här Pulli vläicht – gesot, dass mer de Service écologique weider solle stäerken, méi breet opstellen.

Et war den Här Baum.

Dat gesinn ech natierlech d'selwecht. Mir hunn ee Poste kreéiert a mir wäerten an där Logik och kucken, dass mer dee Service, deen och effektiv eng transversal Logik huet. An dat ass iwwregens och de Grond, wisou en direkt dem Schäfferot ënnersteet. Well en an där Logik muss gestäerkt ginn.

Ech kommen op mäi Liblingssujet, op déi Efforten, déi mer maache fir eis Kanner. Et gëtt keng Gemeng hei am Land, déi mat esou engem Tempo a mat esou enger Konsequenz Suen an de Grapp hëlt, fir d'Stad méi kannerfrëndlech ze maachen, fir nei Schoulen ze bauen, nei Kannerbetreiungsstrukturen ze bauen. Nei Spillplazen, sécher Schoulweeër a sou weider.

Wann ech eleng de Budget 2025 kucken, da stellen ech fest, dass 35 Milliounen, méi wéi 35 Milliounen Euro an d'Schoulgebaier investéiert ginn. An de Bau vun neie Schoulgebaier oder an d'Refectioun vun de bestoende Gebaier.

Mir hunn de Chantier an der Schoul a Maison relais um Bruch, wou déi éischt Phas kuerz virum Ofschloss ass, a mer direkt weider wëlle fuere mat der zweeter Phas. Mir hunn eng nei Schoul a Maison relais op der Rouder Lëns. Mir hunn donieft Investitiounen an der Groussgaass-Schoul, an der Brill-Schoul, an der Dellhéicht-Schoul, am Aerodrom, an der Lallenger Schoul, an der Nonnewisen-Schoul an och an der Ganzdaagsschoul.

Fir d'éischt Kéier dauchen och déi nei Schoulen op der Metzeschmelz am Budget op. D'Etüde fir d'Realisatioun vun der éischter Schoul si budgetiséiert an deem heite Budget.

Et ass gefrot ginn, wéini déi solle fäerdeg sinn oder wéini déi éischt Schoul soll fäerdeg sinn. D'Äntwert ass ganz einfach: wann déi éischt Leit an deem Quartier wunnen. A wat de Phasage vun der Entwécklung vun deem Quartier ugeet, wësst Der jo, wat dat heescht.

Et si 400.000 € am Budget ageschriwwe fir d'Digitaliséierung an der Schoul. Dat sinn nei elektronesch Tafelen, Tabletten, Lautsprecher a sou weider a sou virun. Mir hunn oft genuch hei am Raum doriwwer geschwat. Et war och haut elo net méi sou e grousse Sujet, dofir wëll ech do guer net an den Detail goen.

Ech wëll awer eng Saach betounen, well dat ass gesot ginn, an do sinn ech net d'accord domadder. Dass mer d'Zentrumsschoule vernoléissegen.

Deen digitalen Invest, deen ech hei opgezielt hunn, deen och elo an dësem Schouljoer an am leschte Schouljoer gemaach ginn ass, ass prioritär den Zentrumsschoulen zeguttkomm. Ass prioritär den Zentrumsschoulen zeguttkomm.

Mir hunn een neie Budgetsartikel, dee vläicht am Montant net substanziell ass a wou mer eis awer eng Verbesserung erhoffen, am Sënn vun de Kanner. Dat sinn 30.000 €, déi mer fir d'Schoulgäert virgesinn. Dat ass e Budgetsartikel, deen et esou nach net gouf. Wat net heescht, dass mer keng Schoulgäert haten an hunn. Mir hunn der, déi flott sinn.

Mir hunn awer festgestallt, dass d'Koordinatioun tëscht deene verschiddenen Acteure vun der Schoul, vun de Gemengeservicer, vum CIGL, vu verschiddenen Associatiounen, déi an deene Schoulgäert matschaffen, e bësse gestreamlinet muss ginn. Mir hunn do eng Taskforce opgestallt a mir hunn och dediéiert budgetär Mëttele reservéiert, fir dass dat net eng Fro ass, ob oder net. Mee dass ganz kloer ass, a wéi engem Kader mer déi dote Saache kënne maachen.

Mir hunn zwou nei Kannerbetreiungsstrukturen, déi ënnerwee sinn. Op der Nonnewisen an am Lallenger Däich. Lues awer sécher komme mer also an d'Situatioun, dass mer net nëmmen dem Retard aus de leschte Joerzéngten nolafen, mee dass mer virsuerge kënnen a virausplange kënnen.

D'Waardeléscht fir d'fräi Plaze fir d'Kannerbetreiung ass schonn an dësem Schouljoer weesentlech méi kleng a méi kuerz. A verschiddene Wunnquartiere mëttlerweil souguer bei quasi null.

Mir sinn also um gudde Wee a mir wäerten dëse Wee konsequent weidergoen. A wäerten eleng mat deene Strukturen, déi met am Moment an der Planung oder am Bau hunn, relativ no erukommen un dat Zil, wat mer brauchen. Nämlech, dass fir all scolariséiert Kand mer och kënnen eng Chaise an enger Maison relais ubidden.

Et ass gefuerdert ginn, e pluriannuelle Planning vun de Schoulinfrastrukturen. Do sinn ech ganz d'accord. Verweisen do nach eng Kéier op de Plan de développement des infrastructures scolaires, dee mer wäerten an den éischte Méint vum nächste Joer virstellen.

Et ass mer do wichteg, dass mer déi richteg Acteuren do och mat an dee Prozess eranhuelen. Doweinst ech als éischt en Tour dréie mat de Schoulpresidenten am Kader vun eisen Echangen am Bureau des présidents. Duerno an der Schoulkommissioun an dann – an dat war och e Committment, deen ech der Schoulkommissioun gemaach hunn –, dass mer dat och net presentéieren, mee dass mer dorunner och zesumme kënne schaffen an der Schoulkommissioun.

Dat wëll ech maachen. A wa mer dat gemaach hunn, da wäerte mer hei driwwer schwätzen. Dat ass, wéi gesot, op der Dernière ligne droite a wäert, mengen ech, ganz ganz vill Froen a Mëssverständnisser och aus dem Wee raumen. An eng zolidd Basis sinn, virun allem fir déi Planung vun den zukünftege Besoinen ze anticipéieren.

Mir hunn e wichtege Quantesprong gemaach, wat d'Gerechtegkeet an eisen Escher Schoulen ugeet. An dat huet eis guer net vill Sue kascht. Mir hunn nämlech mat der Aféierung vum Indice socio-économique bei der Verdeelung vun de schoulesche Ressourcë séchergestallt, dass Kanner, déi e besonnesche Färderbedarf hunn oder méi Hëllef brauchen, déi Hëllef och wäerten zousätzlech zur Verfügung gestallt kréien.

An da vläicht op e puer Remarken, eenzel Remarken agoend, déi gemaach gi sinn, follgend Äntwerten. Wat d'Spillplaz um Brill ugeet, déi mer amgaange sinn, ze maache fir d'Besoine vun der Maison relais.

Et ass dréngend noutwenneg, dass mer do eppes fir déi Kanner maachen, well déi am Moment alleguerten am Schoulhaff vun der Schoul spillen, wat e groussen Haff ass, deen zum Deel keen adaptéiert Spillmaterial huet, awer och virun allem oniwwersiichtlech ass, wat d'Gard vun deene Kanner méi komplizéiert mécht.

D'Spillplazen – dat muss ee wëssen –, d'Spillplaze vun der Maison relais sinn integrale Bestanddeel vum Betreiungskonzept vun esou enger Structure d'accueil. A se sinn integrale Bestanddeel vum Agrement, dee mer kréien. An dowéinst hale mir drop – ech hat Iech dat schrëftlech geäntwert. Mer halen drop, dass Spillplazen, déi vun de Maison-relaise sinn, och fir d'Maison-relaise reservéiert bleiwen. Well d'Elteren, déi hir Kanner an d'Betreiung ginn, vun eis erwaarden, dass hir Kanner bei eis a Sécherheet sinn.

*(Interventioun)*

Ech kommen drop.

Spillplazen opmaache bedeit méi Oniwwersiichtlechkeet. Dir wësst jo, dass eng Maison relais am Prinzipp vu 7 Auer moies bis 7 Auer owes, also och no de Schoulzäiten ophuet. Wann een am Nomëtteg Situatiounen hätt, wou d'Kanner, déi an der Gard sinn oder déi betreit ginn, vermëscht sinn op enger Spillplaz mat Kanner, déi net betreit ginn, dat mécht et weesentlech méi schwéier fir eist Personal, fir do e gudden Encadrement ze assuréieren. An et mécht et méi schwéier, fir d'Sécherheet ze garantéieren.

Dat heescht, et ass menger Meenung no, eiser Meenung no une fausse bonne idée, well et op Käschte vun de Kanner geeet, déi haut an der Kannerbetreiung sinn.

Ech deelen awer de Constat, a mir deelen alleguerten de Constat, dass mer nach weidere Spillraum fir eis Kanner brauchen. Ech si belächelt ginn, wéi ech déi éischt Kéier dorauser eng grouss Prioritéit gemaach hunn, well Deeler vum Gemengerot dat net esou prioritär gesinn hunn. Ech sinn awer frou, dass dat mëttlerweil e méi grousse Sujet ass. Well et ass e Besoin do.

Mir hunn dofir eng ganz Rei nei Spillplaze realiséiert. Eréischt rezent zum Beispill eng zousätzlech am Neiduerf.

Et ass geschwat ginn iwwer de Reamenagement vun der grousser Spillplaz um Gaalgebierg. Do ass nom Timing gefrot ginn a wéi mer dat wëllen ëmsetzen. Dat dote wäerten Travaux de grande envergure sinn, wou mer mussen anescht wéi bei deenen allermeeschten anere Spillplaze carrement eng Sousmissioun maachen.

Dat wäerte mer elo Ufank des Jores maachen. A wa mer dat alles packen, da gëtt et eng Chance, dass mer do ronderëm de Summer ukommen. Mir wäerten awer ganz sécher eist Bescht maachen, fir do sou séier wéi méiglech ze sinn.

Mir hunn temporär Spillstroossen en place gesat an deene Méint, wou d'Kanner kënnen dobausse spillen, grad och hei am Zentrum an an de Wunnquartieren, déi awer e weesentlecht Instrument sinn, fir do, wou mer keng Plaz hunn, trotzdeem de Kanner kënnen eppes unzebidden, e Programm kënnen unzebidden an de Raum kënnen unzebidde fir ze spillen.

Mir hu Sue virgesi fir de Reamenagement vum Schoulhaff Brill, deen oppen ass iwwregens. An do ass do gefrot ginn, wéi et do virugeet.

Mir hunn eng éischt Planung gemaach. Et ass eng Iddi an eng Demande vun de Kanner, déi am Kader vun de Bildungslandschaften erauskomm ass. A mir hunn elo mol mat där provisorescher Planung gi mer an d'Schoulklassen.

An d'Kanner wäerten eis Ufank des Schouljores – ech krut do versprach vum Schoulpresident, bis Februar des Mounts – soen, wéi eng Spiller se gären hätten. An da wäerte mer op Basis dovunner d'Planung finaliséieren.

An dann ass et mäi Wonsch, dass mer an de Schoulvakanzen da progressiv un d'Aarbechte ginn, fir dee Schoulhaff ze erneieren a méi gréng ze maachen a méi flott ze maachen, e méi adaptéiert ze maachen un d'Besoine vun de Kanner.

An dat ass nämlech – ech wëll elo net an den Detail goen, mee dat ass awer och eppes, wat eis beschäftegt. Et ass och e Schoulhaff, dee mer wëlle méi gendergerecht maachen, well et d'Realitéit ass, dass mer ze laang Spillplazen, Schoulhäff geplangt hunn no de Besoine just vun de Jongen, an net genuch Offer hiergestallt hu fir d'Meedercher. Dat wëlle mer hei bei der Reffektioun vum Schoulhaff Brill net nach eng Kéier maachen, dee Feeler.

Et ass gefrot ginn no Ënsber. Vläicht do eng Zuel. Mir hu ronn 2.000 Kanner am leschte Schouljoer accueilléiert zu Ënsber an eise Vakanzestrukturen. Et ass an dësem Budget virgesinn, dass mer dowéinst den Internetuschloss an och den Elektresch an de bestoende Gebailechkeeten erneieren. Wat wichteg ass. An et ass richteg, dass doriwwer eraus am Moment keng Investitiounen am Budget sinn.

Dat huet verschidde Grënn. Dat huet prioritairement de Grond, dass et mir wichteg ass, och hei zu Esch um Territoire als éischt emol virunzekommen, do budgetär Mëttel virzegesinn an hei op eisem Territoire virunzekommen am Sënn vun de Kanner. An ech dowéinst Ënsber manner prioritär gesi wéi déi Investitiounen, déi mer hei zu Esch musse maachen.

Dat heescht awer net, dass et net wäerte weidermaachen. Mir hunn am Februar vum nächste Jore eng Entrevue mam Schäfferot vun Esch-Sauer. Ech deelen net déi Meenung, dass mer hei zu Esch einfach solle maachen, wat mir wëllen an net kommunizéiere mat aneren.

Mir wäerten do mat deem Schäfferot de Kontakt sichen, well mer do op hirem Territoire sinn a well mer natierlech do Virstellungen hunn, wat mir gären hätten. Mee dat net komplett lassgeléist wëlle maache vun deem, wat och déi Mënschen, déi do liewen, vu Besoinen hunn.

Wéi gesot, eng Reunioun ass ugesat fir de Februar. An da wäerte mer zesumme mat der Espaces-verts-Kommissioun an zesumme mat der Schoulkommissioun kucken, ob et awer och kleng Amenagementer, notamment am Ausseberäich a punkto Spillplazen a sou weider awer Saache gëtt, déi ee ka realiséieren an déi weeder vill kaschten, nach besonnesch laang mussen daueren.

Et ass gefrot ginn no der Schoul am Neiduerf an dem Ausbau vun der Dellhéicht-Schoul. Dat sinn en quelque sorte al Kamellen. Dat ass sou genau d'selwecht scho monéiert gi virun engem Joer. Dat si Budgetsposten, déi net dëst Joer verschwonne sinn aus dem Budget, mee schonn d'lescht Joer.

An ech hunn och schonn d'lescht Joer erkläert wisou. Well mer op Basis vum PDIS wëllen eng holistesch Planung maachen, fir de ganze Territoire vun eiser Stad an op Basis dovunner da wäerten nei budgetär Mëttelen distribuéieren, jee no deene Besoinen, déi sech am Kader vun deem Plang wäerten erausstellen.

Et ass gefrot ginn, dass d'Gemeng e pedagogescht Konzept ausschafft fir d'Schoulen. Ech muss soen, dass een als Schoulschäffen e bëssen an enger Situatioun ass – an de Schoulsystem grad am Primaire souwisou e bësse sou en Zwitterwiesen ass mat ganz ville verschiddenen Zoustännegkeete fir d'Gemeng, awer och ganz ville verschiddenen Zoustännegkeete fir de Staat a fir d'Direktioun.

Et ass prioritairement net d'Zoustännegkeet vum Gemengeresponsabelen, fir um Niveau vun der Pedagogie ze intervenéieren a pedagogesch Konzepter auszeschaffen. Dat ass keng Prerogativ vun der kommunaler Politik. Et ass eng Prerogativ vum Ministère, iwwer seng Schouldirektiounen, fir sech ëm d'Pedagogie an de Schoulen ze këmmeren. Wat awer net bedeit, dass mer net als Gemeng iwwer eis Efforte beim Séchere Schoulwee, bei de Schoulhäff, bei de Spillplazen awer eist maachen, fir dass dorobber da pedagogesch Konzepter kënnen opgebaut ginn.

Et ass gefrot ginn no enger weiderer Ganzdaagsschoul. Do sinn ech ganz formell. Et ass keng am Koalitiounsaccord ageschriwwen, an et wäert an deenen nächste fënnef Joer, sechs Joer – wéi vill bleiwen nach – keng nei Ganzdaagsschoul op Escher Territoire opgoen. Et gehéiert net zu eise Prioritéiten am Moment.

Mee mir sinn houfreg a mir stinn natierlech hannert eiser Ganzdaagsschoul a wäerten och do investéieren. Dat gesitt Der och am Budget.

Ech wëll awer bemierken, dass souwisou an alle Schoulen entre-temps et jo d'Politik ass, fir de Rapprochement tëscht der formaler Bildung an der nonformaler Bildung weiderzedreiwen. A mer jo och an der Situatioun sinn, effektiv, an a ganz verschiddene Schoulgebaier, dass dat mëttlerweil am selwechte Gebai ass. Sou dass de eng Ganzdaagsbetreiung hues vun denge Kanner.

Et ass gefrot ginn no de Subsiden. Ech proposéieren, dass dat eppes ass, wat mer vläicht eng Kéier an der Schoulkommissioun diskutéieren. Ech hunn de Punkt net genau verstanen an ech froe mech, ob do net vläicht e Mëssverständnis gëtt.

Well et gëtt e Mérite scolaire hei zu Esch. Ech hunn deen och direkt um Internet fonnt, mam Formulaire, deen ee ka beantragen.

An ech hunn elo an der kuerzer Zäit, wou ech hat, och versicht, ze vergläichen. En ass zu Esch méi héich zum Beispill wéi zu Déifferdeng. Dat heescht, ech schwätze gär doriwwer an och iwwer all déi aner Mëttelen, déi mer zur Verfügung stellen de Schoulen an och de Kanner. An ech proposéieren, dass mer dat vläicht eng Kéier verdéiwen an enger Schoulkommissioun.

Wat d'Beweegung an de Sport an der Schoul ugeet, och dat ass mer wichteg, dat huet mat Infrastrukturen ze dinn, mee net nëmmen. Dat huet och mat Schoulorganisatioun ze dinn. An ech sinn houfreg drop, dass mer

an enger Stad sinn, wou grad am Primaire, och de Cycle 2, och de Cycle 3, dräi Stonne Sport maachen an der Woch. Dat ass a villen anere Gemengen net de Fall. Et gëtt do rezent awer gefrot.

Diddeleng huet der zum Beispill och just zwou, obwuel eigentlech de Plan d'étude der dräi virgesäit. Mir sinn och eng Gemeng, wou all Kand ab dem Cycle 1 schwamme geet. An dat si wichteg Mesuren, déi mer wëlle weidermaachen, zesummen natierlech mat der LASEP a sou weider, wou mer eng extrascolaire Offer, zesumme mat de Veräiner – an deenen ech iwwer dëse Wee och wëll Merci soen – ubidden.

Komme mer zur ...

*(Interventioun Här Sascha Pulli)*

Sportsklass ass am Moment net ugeduecht, kënne mer eng Kéier driwwer schwätzen.

Komme mer eng Kéier zu den techneschen Dossieren. Zum Déifbau an zum Héichbau an zur Mobilitéit.

Et ass gefrot ginn no enger Mairie technique. An och do kann ech ganz formell sinn: Se steet net am Budget an et ass am Moment keng Prioritéit vun dësem Schäfferot, fir eng Mairie technique ze bauen. Ofgesinn dovunner, dass mer net wéissten, wou mer et am Moment solle maachen, ass et am Moment net den dréngendste Besoin.

Dat heescht awer net, dass mer net en dréngende Besoin hunn, wat d'Infrastrukture vun eisen technesche Servicer ugeet. An dowéinst steet och am Budget 2025 eng Budgetslinn fir d'Renovatioun vum Barbourg, wou mer wëllen am nächste Joer ufänken, prioritairement emol, mat der Renovatioun vun Infraststrukture fir de Service Voirie an de Service Canal, wou mer der Meenung sinn, dass do de gréissten Handlungsbedarf à ce stade kuerzfristeg och entsteet.

Mir haten 2024 eng ganz Rei ganz grouss Chantieren op eisem Territoire. Chantieren, déi strukturéierend si fir eise Mobilitéitsreseau an déi och zum Deel nach weider musse goen d'nächst Joer.

Um Boulevard Prince Henri, wou mer zesumme mat Ponts&Chaussées intervenéieren. Mir hunn de Boulevard Grande-Duchesse Charlotte gehat, wou mer zesumme mat Ponts&Chausées intervenéieren. Mir schaffen um Boulevard Hubert Clément, an der Rue des Charbons. Um Rond-point Terres Rouges ass geschafft ginn, an der Rue St. Vincent, an der Rue de la Montagne, and so on.

Et muss een ofweien, wéi vill Chantieren een dem Reseau zoumudde wëll. Dofir setze mir Prioritéiten.

Fir d'nächst Joer konkreet um Aarbechtsprogramm den zweeten Deel vun der Rue du Moulin, dat ass en Invest an den Zentrum an an d'Verkéierssécherheet, d'Liewensqualitéit vun de Residenten.

Mir ginn an de Chantier an der Rue Würth-Paquet, wou et och net richteg ass, dass d'Leit dovunner näischt matkritt hunn, well mir hate virun e puer Wochen eng Biergerversammlung hei am Raum, wou och dee Projet, wéi mir e presentéiert hunn, immens gutt ukomm ass. Do wäerte mer elo Ufank vum Joer an de Chantier goen.

Wat maache mer do? Et ass eng Strooss, wou zënter éiweg Tempo30 reglementéiert ass, mee wou d'Infrastruktur dat einfach net hiergëtt. Et ass eng riicht Rennpist an dowéinst fueren eebe ganz vill Leit net 30, mee weesentlech méi séier.

Dat wäerte mer verhënneren, andeems mer d'Strooss esou amenagéieren, dass den Tempo30 och reellement ka respektéiert ginn.

Mir hunn e Chantier an der Rue Winston Churchill, dee mer wëllen ufänken. Dee mer och scho mat Backen a Pottoe simuléiert hunn an der Tëschenzäit. Wou mer och do dofir suergen, iwwer d'Infrastruktur, dass d'Vitess soll reduzéiert ginn, wou och grad virum Schoulgebai nach wëllen iwwer eng Verengung vum Stroosseraum, mee och eng Mise en plateau d'Sécherheet am immediaten Ëmfeld vun der Schoul verbesseren.

An, ganz wichteg, wou mer eng Kappung maachen. Eng Kappung vun der Rue Winston Churchill zur Rue Henri Dunant. Wisou maache mer dat? Well dat ee vun den Axen ass, wou vill Duerchgangstrafic duerchgeet.

Dat ass elo schonn net méi méiglech iwwer déi Popup-Mesuren, déi mer en place gesat hunn. Dat wäert an Zukunft net méi méiglech sinn, wat massiv zur Liewensqualitéit vun de Mënschen am Quartier wäert bäidroen.

Mir hunn an der Rue de l'Eglise – an dat ass ze gesinn am Kontext vun deem Ausbau hei op deem Ax Grand-Rue – um Programm, d'Petit, d'Hoferlin, an dann d'Rue Fandel an den Dieswee.

Et ass monéiert ginn, dass et eng pluriannuell Planung vun de Renovatiounsaarbechten um Reseau géing brauchen. Ech kann Iech versécheren, dass et déi gëtt intern bei eise Servicer. An ech kann Iech awer eng Erklärung liwwere par rapport zu Ärer Kritik, dass keng nei Stroossen am Budget stinn.

Déi Stroossen, déi elo nach am Budget stinn, sinn déi Stroossen, déi effektiv schonn emol dra stoungen. Do hu mer de Choix geholl, déi dran ze loossen an déi virun allem elo mol séier ze finaliséieren. Mee et sti keng nei Stroossen am Budget.

Dat heescht net, dass mer keng nei Stroosse maache wäerten, mee et heescht, dass mer d'Methodik an eiser Planung ugepasst hunn, justement fir d'Koordinatioun vun den Aarbechten a vun de Servicer ze verbesseren. Dat ass op d'mannst d'Hoffnung.

Mir hunn elo – dat kënnt Der nofannen am Budget – Enveloppes budgetaires virgesinn an deene verschiddene Servicer. Déi heeschen „Travaux et fournitures en coordination avec autres services". Sou eng budgetär Linn gëtt et an der Voirie, am Waasser, am Kanal a sou weider.

An dat zesumme mécht eng budgetär Enveloppe, déi Mëttele reservéiert a wou mer da wäerten am Laf vum Joer au fur et à mesure, wéi mer Aarbechte koordinéieren an zum Schluss kommen, dass mer wëllen intervenéieren an enger Strooss. Wann dat zesumme koordinéiert ass mat deene verschiddene Servicer, dann nach eng Kéier an de Gemengerot kommen, fir da Suen aus där budgetärer Enveloppe erauszehuelen an ze affektéieren op eng Strooss. An dann dauchen déi Stroossen an Zukunft am Budget op.

Dat ass eng nei Methodologie, vun där mer eis erhoffen, dass mer méi effizient ginn.

Mee ech wëll eng Saach kloer soen, an dat ass, mengen ech, wierklech eng fundamental Ännerung an där Approche. De Budget gëtt eis finanziell Mëttelen. De Budget ass kee Planungsinstrument vun Aarbechten.

An dat heescht, mir wëlle brieche mat där Logik, dass mer ...

*(Interventioun aus dem Sall)*

Jo, jo.

Mir wëlle brieche mat där Logik, dass mer an der Successioun vu Joer zu Joer iergendwellch Strooss e benennen oder net benennen, well et elektoral Sënn mécht oder net Sënn mécht. Mee mir wëllen eis konzentréieren op d'Realisatioun vun Aarbechten.

CEBREDI. Här Faltz, Dir hutt Recht, en CEBREDI ass kee Konzept vun dëser Majoritéit. Wat awer net verhënnert, dass et en exzellent Konzept ass, wat vun engem LSAP-Schäffen am Joer 2014 ausgeschafft a presentéiert ginn ass. An ech felicitéieren dem Här Hinterscheid absolutt zu deem Konzept, wat mir ëmsetzen.

Ech wëll awer eng Saach kloerstellen, well hei gemaach ginn ass, wéi wa mir en net géingen ëmsetzen. 2014 virgestallt, bis 2017, wou en LSAP-Schäffen zoustänneg war, si vun deem Konzept just zwou Stroossen, d'Rue Nothomb an e klengen Deel vun der Avenue de la Gare, fäerdeggestallt ginn. Just 5 % vun deem Gesamtkonzept.

Rue du Brill ass 2019 gemaach ginn, d'Rue Zénon Bernard 2022, d'Rue Dicks 2022, den éischten Deel vun der Rue du Moulin 2022. Wa mer elo den zweeten Deel vun der Rue du Moulin ëmsetzen d'nächst Joer – et steet am Budget.

Mir wäre schonn an der Ëmsetzung, wann do net e klengen Tëschefall gewiescht wär, deen eis e puer Méint kascht huet, well mer hei net driwwer ofgestëmmt hunn, fir kënnen an d'Sousmissioun ze goen.

Wa mer déi Aarbechten ofgeschloss hunn, dann hu mer zirka 55 % vun deem Konzept ëmgesat. 50 % sinn also, 50 % vun deem Konzept sinn ëmgesat vun dëser Majoritéit.

Dat heescht, ech wär do e bësse virsiichteg mat de Kritiken.

*(Interventioun Här Marc Baum)*

Ech hunn elo net héieren, Här Baum.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ignoréiert. Maacht weider, wannechgelift, Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

An der Uelzechtstrooss. D'Commerçanten aus der Uelzechtstrooss hate grouss Bedenke par rapport zum Ëmbau, well et e grousse Chantier gëtt, dee riskéiert, d'Dynamik an der Strooss ofzewiergen.

Mir wäerten net d'Uelzechtstrooss oprappen, fir do elo e grousse Chantier ze maachen. Zu engem Moment, wou sech net Geschäfter a grousser Zuel an der Strooss nidderloossen an dozou bäidroen, dass d'Strooss sech dynamiséiert a mat Liewe fëllt.

Mee dat heescht awer ganz kloer net, dass mer net an der Uelzechtstrooss wäerte schaffen a se weider valoriséiere wëllen. Mir hu geplangt, am kommende Joer, notamment iwwer neie Mobilier urbain, klenger Renovatiounsaarbechten an der Strooss, un de Fassaden, d'Proppermaache vu verschiddene Graffiti a sou weider, mat klenge Mëttelen hoffentlech méi Grousses ze erreechen.

A mir wäerten eis amplaz wat den Déifbau an déi déif Infrastrukturaarbechten ugeet, konzentréieren op en aneren Ax, deen den Här Buergermeeschter och schonn erwäänt huet. Hei am Gruef, bis bei d'Place des Remparts, wou, wéi gesot, eng éischt Etapp elo mol, eng kleng Etapp ass. Nämlech déi vun der Rue de l'Eglise. An do wäerte mer dann an deenen nächste Jore progressiv Stroossen neimaachen.

Wat d'Sécherheet fir Foussgänger, Rollstullfuerer a Vëlosfuerer ugeet vläicht e puer Fakten. Mir hu weider M-Boxen a Vëlosstänner virgesinn. Mir sinn, wéi versprach, an dat war mäi grousst Versprieche virun de Walen: Mir sinn amgaangen, de bestoende Reseau ze securiséiere mat Marquage, mat Bornen, mat Signalisatioun.

Jo, Här Tonnar, mir maachen dat mat deene Pottoen. A mir maachen dat gäre mat deene Pottoen, well mer der Meenung sinn, dass de Vëloswee an den Trottoir eeben net fir den Auto sinn. A wann dat net respektéiert gëtt, wat leider ganz oft mëttlerweil de Fall ass, da securiséiere mer eebe mat Pottoen, fir ze verhënneren, dass Autoen, Camionen oder wien och ëmmer, deen net dohinner gehéiert, op den Trottoiren an op de Vëlosweeër ënnerwee ass.

Mir hunn dat gemaach ... also mir hu klengerer där Securisatiounsaarbechte gemaach an der Rue de la Libération, an der Rue du Brill, an der Rue Zénon Bernard, an der Rue St. Vincent, an der Rue Jean Jaurès, an der Rue des Jardins, Guillaume Capus, an der Rue du Fossé. And so on and so on.

Dat dote ware just e puer Beispiller. A mir wäerten do weidermaachen. Den Invest fir déi kleng Mesuren an der bestoender Infrastruktur si chiffréiert mat 1,5 Milliounen Euro am Budget 2025. Wat och e Rekord ass.

Mir si bei der Ëmsetzung vum Séchere Schoulwee gutt virukomm. Dräi Véierel vun de Mesurë sinn ëmgesat. An da gréisser Infrastrukturprojeten, wéi zum Beispill deen an der Rue Winston Churchill, sinn elo um Programm.

Mir hu 14 Foussgängeriwwergäng securiséiert a rollstullgerecht gemaach. Dat sinn Efforten, déi mer och weider wëlle verstäerken. D'nächst Joer prioritär am Quartier Neiduerf an der Rue Belval.

Mir maachen dat selwecht natierlech och mat eise Busarrêten an den Alentoure ronderëm d'Busarrêten. Beispill virum CHEM. Do ass et klengt Mëssverständnis. Do geet et eigentlech net ëm d'Bushaiser selwer. Do geet et ëm de Reamenagement vun den Alentouren, notamment de Foussgängeriwwergäng, am Souci fir méi no un der Entrée vum CHEM e rollstullgerechte Passage ze hunn iwwer d'Strooss an op de Bus.

Bon, wichteg ass et, bei deene klengsten unzefänken, wann et ëm Education à la mobilité geet. Dofir 800.000 € fir en neie Verkéiersgaart.

Mir hunn am Moment zwee Vëlosweeër, wou mer am Moment blockéiert sinn. Dat ass zu Recht schonn erwäänt ginn. Do wëll ech och ganz däitlech sinn haut. Am Puddel an zu Lalleng laanscht d'Autobunn, do si scho länger budgetär Mëttele virgesinn, fir den Tapis neizemaachen, och fir d'Beliichtung neizemaachen.

Mir kréien am Moment keng Autorisatioun vum Ministère, fir déi Aarbechten ze maachen. Zu Lalleng ass de Problem eigentlech een, deen hei am Haus mëttlerweil misst méi bekannt sinn. Mir sinn an der sougenannter Zone non aedificandi. An den zoustännege Ministère refuséiert am Moment, mer ze erlaben, en Tapis, dee schonn do, a Luuchten, déi schonn do sinn, ze erneiere mat deem doten Argument.

Am Puddel hu mer och nach ëmmer Diskussioune mat den zoustännegen Autoritéiten, wat de geneeë Parcours vun deem Vëloswee ugeet.

Ech wäert 2025 zesumme mat eise Servicer nach eng Kéier en Ulaf huelen an e Rendez-vous bei der zoustänneger Ministesch ufroen, an der Hoffnung, dass mer dës Dossieren deblockéiert kréien an endlech ufänke kënnen.

Zu deenen Dossieren, déi ech da wëll diskutéieren, gehéiert natierlech och d'Entrée en ville an d'Neiduerf era vum Käler Potto erof, wou mer och schonn zënter ze laanger Zäit op eng Permission de voirie waarden, fir eng konsequent Verkéiersberouegung an eng Sécherung vun där Entrée ze maachen.

Wat d'Ubannung vum Vëlodukt un de Stadkär ugeet: D'Etüde sinn ënnerwee a quasi ofgeschloss. Mir préiwen déi elo zesumme mat eise Servicer a wäerten op Basis dovunner eng Propos maachen, déi mer dann effektiv, dat ass zitéiert ginn, zesummen diskutéiere wëllen.

Ech krut nach virun e puer Deeg e Courrier vun den Escher Vëlosassociatioune mat eegene Proposen, wéi een dat ëmsetze kéint. Och do wäerte mer drop agoen am Kader vun den Aarbechte vun der Mobilitéitskommissioun.

Ech komme bal zum Schluss mat enger Saach, déi mer awer wichteg ass, déi mer e bësse sauer opgestouss ass, wat eis Agents municipaux ugeet. Mir hunn der 32.

D'Agente sinn net dofir do, Suen an d'Keess ze spullen. Si sinn dofir do, fir Uerdnung ze suergen, a si maachen dat zur Satisfaktioun vun den Escher Awunner. Wann d'Leit hir Afaarten zouparken, sech op den Trottoir um Gaalgebierg parken oder an der Jean-Pierre Michels e Vëloswee oder iwwerméisseg laang iergendwou parken an de Visiteuren oder Awunner Parkplazen ewechhuelen.

Et ass eng wichteg Aufgab am Sënn vun der Allgemengheet. Si hunn et heiansdo net einfach. Eppes wat mir Suerge mécht, ass, dass mer ëmmer méi oft rapportéiert kréien, dass si beleidegt ginn.

Mir hate Fäll vu Verletzunge bei eisen Agenten, soudass ech wierklech appeléieren un eis gewielt Mandatairinnen a Mandatairen, fir sech virun eis Leit ze stellen, déi am Déngscht vun dëser Stad schaffen. Mir sollten net un der Diffamatioun vun deenen Aarbechter eis bedeelegen an hinne Merci soe fir deen Engagement, dee si all Dag leeschten, an engem Ëmfeld, wat ëmmer méi vun Aggressivitéit, ëmmer méi vu Konflikt gepräägt ass, a wou si all Ënnerstëtzung vun eiser Säit brauchen an och kréien.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic. Sidd Dir duerch?

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Nee, Här Buergermeeschter.

Ech wollt Iech Merci soe ganz zum Schluss ...

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ma da maacht dat nach schnell.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

... wann Der erlaabt.

Den Här Buergermeeschter huet dëst Joer eis Schäffen an alle Servicer eppes ofverlaangt, well d'Methodologie vum Budget, vum Prozess vun der Budgetsgestaltung weesentlech geännert huet.

Dat war komplizéiert fir eis alleguerten. Et huet méi Aarbecht erfuerdert, mee ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass et de richtege Wee ass. An dofir, Christian, wierklech e perséinleche Merci fir dee Leadership, deen s de an deem heite Prozess has. Dass de eis gezwongen hues, heiansdo nach eng Kéier zeréckzegoe bei eis Chifferen.

Ech mengen, dass d'Resultat sech weise léisst. An op jidde Fall sinn ech houfreg op dee Budget. An ech wäert en natierlech matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic.

Sou, déi Zäit vum Här Cavaleiro a vum Här Sehovic, déi huelen elo den Här Zwally an den Här Knaff an. Här Zwally, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Majo dann – merci, Här Buergermeeschter. Da komm, mir ginn direkt op de Vott.

*(Gelaachs)*

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, ech mengen, et ass wéi alljoers. Ech wäert dann och versichen, entsprechend den Theemen an entsprechend de Leit, déi Froe gestallt hunn, op déi eenzel Froen anzegoen.

Bon, ech hunn ni gär Libero gespillt. Do, wou ech ëmmer gär gespillt hunn, dat war ëmmer am Mëttelfeld. Offensiv, net defensiv, mee offensiv. Soudass ech dann awer versichen, da sou séier wéi méiglech duerchzegoen.

Ech mengen, den Här Baum huet déi meescht Froe gestallt, wat de Reseau ubelaangt. D'Reseaue selwer, mengen ech, hunn ech schonn eng Kéier erkläert, dat ass e Beräich, dee ganz komplizéiert ass.

De Reseau ass eigentlech eppes, wou all Dag dra geschafft gëtt. Wann ee bis ufänkt, de Gruef opzemaachen, da mierkt een eigentlech, wat drënner läit a wéi een da soll un esou eng Saach erugoen.

Am Ganzen hu mer eigentlech de Waasserreseau, den elektresche Reseau. Mir hunn de Fibre optique mat der Antenne collective an de Kanal. Dat sinn déi véier, déi ënner eiser Responsabilitéit stinn. An domadder verbonnen, kommen dann nach jeeweils allkéiers d'Post, wa mer iergendwou eppes hunn oder si selwer och froen, fir kënnen e Gruef ze maachen. Da musse mer natierlech dorop reagéieren.

An de Sudenergie, wann deen natierlech och wëll säi Reseau erneieren. Well en däerf en net méi ausbauen. E mécht dat och net. Mee awer op jidde Fall, wann en iergendwéi eppes a sengem Reseau wëll maachen, dat si sechs Acteuren. An ech ginn och dovunner aus, dass, wa sechs Acteuren ënnerwee sinn, bei iergendengem Gruef, deen opgemeet ginn, dass se dann och matenee kommunizéieren. Wat op jidde Fall bei eis de Fall ass.

An ech ginn och dovunner aus, dass jiddwereen dann och sou professionell ass, fir kënnen anstänneg domat ëmzegoen a keen deem aneren iergendwou e Stee an de Wee leet, fir ze soen, komm, dat dote maachen ech e bësse méi spéit.

Well jiddweree kritt Retard, an am Endeffekt ass et de Bierger, deen herno dann awer de Leidtragende bei esou Saachen ass. An ech menge schonn, dass bei eis an de Servicer dat Ganzt an enger gewësser Logik ofleeft an dass och jiddewereen do matschafft.

Et ass natierlech och méi einfach, wann een d'Frichen hëlt, do ass eigentlech jo nach guer näischt do. Do steet nach näischt do. Do kann een dat plangen, aneschters plangen. Do muss dat och gemeet ginn, ier iwwerhaapt emol kann eppes Aneschters ugefaange ginn.

Dofir mengen ech, ass Frichen eigentlech eppes ganz Flottes, wann een am Déifbau ka

schaffen. Well do ass alles eigentlech erlaabt an do hënnert och keen.

Wat een net ka soe bei deenen ale Quartieren, wou Leit wunnen. Et muss een ëmmer oppassen, well wann d'Leit owes heemkommen a si wunnen do, dann hu se gär eng bestëmmt, komm ech soe Bequeemheet. A si sinn och net frou, wann iergendwou e Gruef ass a si mussen dann do permanent iwwer dee Gruef trëppelen. Oder hir Strooss ass zou. Ech mengen, dat eleng schwätzt scho fir déi Logik vum Déifbau.

Dann ass nach gesot gi vun de Stroossebeliichtung. Dat ass d'Madamm Braz. Et ass eigentlech schued, dass se net do ass, well herno kann ech och iwwer de Sport dann eebe schwätzen, wat hir Froe sinn.

Ech mengen, wat d'Stroossebeliichtung ubelaangt, do hu mer natierlech e Plang. Mir hu viru fënnef Joer domat ugefaangen, wat d'LEDen, also d'Ëmstellung vun den normalen op LED ausmécht.

Mir hunn um ganzen Territoire vun Esch 50 % scho remplacéiert. A mir wäerten dann och an deenen nächste Jore versichen, op 100 % ze kommen. Dat wäert nach eng Weilchen daueren.

Et ass e Plang do, fir d'nächst Jore mat der Rue de la Libération, X-Septembre-Strooss, Brill-Plaz, Dellhéicht-Schoul, d'Rue du Fossé, d'Spidol, d'Lëtzebuerger Strooss, eventuell de Breedewee – dat hänkt da ganz dovunner of –, bis Emile-Mayrisch-Schoul an duerno d'Rue Jean-Pierre Michels ze maachen.

Ech mengen, dat ass e bëssen déi Ausriichtung. Also et ass e Plang do, a mir versichen natierlech, och deementsprechend drop anzewierken an dann direkt dat ze änneren.

Doriwwer eraus wëll ech awer och nach, wat eis Terrainen ubelaangt, drop hiweisen, dass mer eigentlech och do amgaange sinn, komplett ëmzestellen op LED. Dat bedeit fir eis eng 40-prozenteg Aspuerung.

A wat de Subsid ubelaangt, de Ministère des Sports subsidiéiert dat och mat 35 %. Dat heescht, och do gëtt opgepasst, wa mer an eng Logik ginn, fir Erneierungen ze maachen, wéi et da mat de Subsiden ass. An dat huet bis elo nach ëmmer gutt funktionéiert.

Déi Saach vum Sport. Ech mengen, de Sport ... den Här Baum huet gefrot vun de Subsiden. Mir sinn eis bewosst, dass et ëmmer méi schwiereg gëtt fir d'Veräiner. Déi finanziell Mëttelen, déi se zur Verfügung hunn, dat ass net méi dat selwecht, wat fréier war.

An haut hänks de e bëssen dovunner of, wéi d'Sponsoren och hir ekonomesch Situatioun sinn. Entweeder wëlle se mat investéieren oder iergendwéi gegeebenenfalls waart een ëmmer op déi Suen. Mee dat eleng geet net duer. Ech mengen, dofir ass och de leschten zoustännege Schäffen higaangen an huet déi Subsidepolitik geännert. An déi dréit och haut seng Friichten. Dat sinn iwwer 100.000 €, déi nei heihinner komm sinn.

Mir sinn eis awer bewosst, dass mer net dobäi kënne stoe bleiwen. Well déi nei Formel, déi gewielt gouf, déi war opgrond vu Krittäre festgeluecht. An déi Krittären, déi mussen applizéiert ginn. An déi sinn nach net 100-prozenteg vun all Veräin ausgeschëpft.

An dofir soen ech allkéiers op den AGen, wann ech mat hinnen zesumme sinn, fir hinnen ze soen: Hei, dee Krittär kënnt Der nach e bëssen ajustéieren. Wat Der besser doranner schafft an de Krittären, wat Der herno och méi Sue kritt.

Mee ech mengen awer, dass mer sollen op de Wee goen an déi Iwwerleeunge matmaachen, ouni awer dobäi ze vergiessen, dass si och selwer mussen dofir suergen, fir awer finanziell Mëttelen eranzekréien.

Déi zweet Saach ass déi vun, jo, vun eiser Sportshal. Ech mengen, de COHS3, sou wéi en an der Diskussioun ass – et kënnt jo ëmmer erëm vun der Oppositioun 70 Milliounen. Ma déi 70 Milliounen, déi muss een an déi véier Deeler opdeelen.

Dat eent sinn déi zwou Sportshalen, dat anert ass den administrativen Trakt, zesumme mam Médico, deen dohinner kënnt. Plus och den Deel vun deene Raimlechkeeten, déi mer de Veräiner zur Verfügung stellen. Déi kënnen dohinner goen, an dann och Raimlechkeeten hunn, wou se kënnen hir Sitzungen halen.

Gläichzäiteg natierlech och, wa se administrativ wëlle virukommen, wou se dat och kënne benotzen, wat Kopien ubelaangt oder soss iergendeppes. Ech mengen, dat muss een och esou an de Kontext setzen, wann ee vun deene 70 Millioune schwätzt. Et muss ee wëssen, dass dat véier Opdeelunge sinn.

An déi zwou Sportshalen eleng, exklusiv déi zwou Sportshalen, do si mer bei 58 Milliounen Euro. Dat ass eng – jo, sou ongeféier an där Logik. An de Rescht alles ass dann och, wéi gesot, déi zwou aner Elementer, déi ee muss am A behalen. An dann natierlech och nach herno awer de Parvis, deen da muss neigemeet ginn, an den Amenagement ronderëm déi ganz Sportshal.

Wat d'Diskussioun ubelaangt vum COHS1. Ech mengen, do si mer alljoers hei domadder konfrontéiert, dass mer eis souwisou mussen domadder auserneesetzen, wann d'ITM kënnt a seet, dir musst Mise-en-conformitéë maachen. Dat hu mer alljoers. Dat ass näischt Neies.

Mer versichen, drop anzegoen. Well bei hinne villes changéiert, dat maache mer och. Mee gläichzäiteg natierlech si mer och elo amgaangen, ze kucken, wéi mer kënne virufueren.

Déi grouss Diskussioun ëm d'Sportsarena war jo ëmmer déi, wat ass de Besoin dovunner. De Besoin dovunner war ëmmer, mir brauche méi Zuschauer. Déi Sportshal, déi elo do ass, a), wat d'Mise en conformité ubelaangt, a b), méi Zuschauer. Dat war jo och ëmmer d'Logik dovun. Dofir ass herno jo vun enger Sportsarena allgemeng geschwat ginn.

Ech mengen, mer sinn elo amgaangen, do och e Match ze spillen. An et ass nämlech esou, dass mer amgaange sinn, ze kucken, ob mer kënnen an der COSH1, oder an deem alen Deel, eng Verlängerung kënne maachen. Ob mer kënnen zousätzlech Gradinen dohinner maachen. Oder Sëtzplazen dohinner maachen. Haut kéint een dat.

Dat ass e mobillen Deel. Dat kann och ee sinn, deen ëmmer fest sinn. Dat si mer amgaangen, nach duerchzechecken. An an deem verbonnen, sollten déi Aarbechten da gemeet gi wärend zwee oder dräi Méint, da versiche mer déi an de Summer eranzeverleeën.

An deem Summer, wou dann am mannsten Aktivitéiten ass a wou mer dann och kënnen higoen a wierklech och do dann deen Ausbau dann hikréien. Dat ass amgaangen, nach alles iwwerpréift ze ginn. An ech mengen, dat ass eng Fuerderung, déi komm ass an déi mer dann och wëllen deementsprechend erfëllen.

Ouni awer ze soen, dass mer op eng Sportsarena géife verzichten. Dat wëll ech awer och an de Raum stellen. Dat eent ass elo d'Vergréisserung, an domadder dann och verbonne méi Zuschauer, déi an de Raum kommen.

Dann ass och gefrot ginn, wou spillen eis Veräiner dann herno. Da muss ee kucken, an dat ass näischt Aneschters wéi dat, wat och aner Gemenge maachen, fir kënnen dann auswäerts auszewäichen. Dat gëtt et jo, haaptsächlech an Äre Sportaarten, déi do zesummekommen. Do kann een dat ufroen. An dat muss eng Méiglechkeet sinn, déi mer da mussen ausloten, am Fall, wou mer sécher sinn, wat mer dann an deem Ganze maachen.

An dann ass och gesot ginn, mir kéinten näischt an deenen zwou Hale maachen. Dat stëmmt esou net. Ech mengen, alleguerten déi U15, déi U17, dat sinn awer och déi, kënnen och do hir Championnater spillen. Dat ass och kee Problem.

Also et ass net esou, dass nëmmen exklusiv déi al Hal zoustänneg wier, fir kënnen d'Championnater ze maachen. Nee, dat sinn den U15, den U17 an alleguerten, déi ënnendrënner sinn, déi kënnen och do hir Championnater spillen.

Dann natierlech – bon, d'Madamm Braz huet dat gesot vum APS, dee mer amgaange si mam Bureau Mimram. Mee dat ass net grad esou. Mir schaffen och mat engem lëtzebuergesche Büro, mat der Tatiana Fabeck. Well et ass jo eng Association momentanée.

Also déi sinn och mat dru bedeelegt, fir ze kucken, wéi mer allgemeng kënne virufueren, haaptsächlech dann och, wat mam Ministère zesumme gemeet gëtt, wat den CNT ubelaangt. Dat war jo och déi grouss Fro.

CNT, wéi gëtt deen ausgeriicht, wat kënnt dohinner. A mir kréien do 70 %. Et ass jo en nationalen Zenter, wou da 70 % de Staat iwwerhëlt a mir 30. Well natierlech hu mer eisen Tennisclub, deen a reegelméissegen Ofstänn freet, wéi wäit dass mer domadder sinn. Also, déi sinn net vergiess. Mir ginn op de Wee, fir dat doten ze maachen.

An dann hätt ech, mengen ech, alles bal gesot. A nee, den Här Tonnar hat nach gefrot, wat – ech wollt elo soen, seng Schwämm oder d'Schwämm ubelaangt.

D'Schwämm – en ass elo net hei. Mee sief. Mir hunn effektiv, an dat hunn ech d'lescht Kéier schonn erkläert, trotz 2022, nodeem mer dann d'Präisser gehuewen hunn, hu mer keng negativ Auswierkunge gehat.

Mir haten 2020, dat war d'Joer vun der Pandemie, 57.216 Leit, déi an d'Schwämm komm sinn. 2021 waren et der 97.000. 2022 waren et der 117.205 an 2023 sinn et och 117.685. Also déi Präiserhéijung, déi hei ëmmer a Fro gestallt gouf, huet eigentlech net dozou gefouert, dass manner Leit géifen dohinner kommen.

Bon, den Här Tonnar freet fir e Whirpool. Ech muss dat mathuele bei de Service, fir ze kucken, ob mer nach iergendeng Plaz fannen, fir dann e Whirpool ze maache fir den Här Tonnar a fir d'Madamm Ragni.

*(Gelaachs)*

Mee iergendwéi gi mer d'Hoffnung net op, fir dann awer an eng Logik eranzekommen, wou jiddweree kann zefridde sinn.

Ech mengen, hien huet och vun deem Beautysalon geschwat. Ech mengen, ech hunn dat schonn alles erkläert d'lescht Kéier, firwat dat muss gemeet ginn. D'Intimitéit dovunner muss gewaart bleiwen. An dofir wäert dann och eng Mauer eropgezu ginn, fir dass dee Salon eigentlech kann autonom funktionéieren, ouni de Kaméidi ronderëm matzekréien.

Wat nach interessant ass, ech mengen och, da kommen ech nach eng Kéier op déi nei Sportshal zeréck. Mer hunn do och, also keng Boulderhal, mee wierklech eng

Kletterwand, déi mer opgeriicht hunn, déi herno och wäert hoffentlech benotzt ginn. An dat ass och en Invest, dee wierklech och ganz wichteg ass.

Da komme mer bei d'Personal. Beim Personal ass et esou, dass mer nach wie vor an eiser normaler Personalpolitik sinn. A wann ech soen „normal", da kommen ech op dat, wat ech gesot hunn. Mir hu versicht, vun Ufank un, méi Qualitéit eranzekréien.

D'Servicer hu gefrot, fir kënnen anescht ze schaffen, fir kënne qualitativ besser opgestallt ze ginn. Dat bedéngt dann natierlech, dass mer an deenen héije Lounklasse musse siche goen, déi mer dann natierlech och eranhuelen.

Dir wësst, dass mer fënnef verschidde Statutten hunn, an och opgrond vun deem musse mer dann natierlech och rekrutéieren. An dat gëtt dann och deementsprechend ausgeriicht.

Do sinn déi technesch Beräicher – dat ass dat, wat den Här Faltz gesot huet. Do huet hie geschwat vun enger Stopp an der Astellung. Deem ass net esou. Mir versichen, einfach elo mol ze konsolidéiere mat deene Leit, déi do sinn. Se besser anzesetzen a se och ze motivéieren, dass se méi Responsabilitéite kréien.

Een, deen an engem technesche Beräich schafft, weess, wéi laang dass een oft brauch, fir déi Kenntnisser ze kréien, wéi de Betrib funktionéiert. Dat geet net an engem hallwe Joer, Dat geet ganz oft an dräi bis véier Joer, bis een iwwerhaapt emol am Betrib dran ass. Bis een iwwerhaapt emol alles kennt an och weess, wat ronderëm geschitt. An ech mengen, dat ass och deen Deel, wou mer wëlle maachen.

Am technesche Beräich si 26 % vun deenen Neiastellunge komm. Dat ass net näischt. Also et ass net esou, wéi wann elo näischt géif investéiert ginn. Deem widderspriechen ech gären. Dat ass net de Fall.

Mir hunn eigentlech 26 %, dat sinn iwwer 127 Leit, déi exklusiv nëmmen an technesche Beräicher vun eiser grousser Administratioun investéiert goufen.

Ech muss awer nach eng Kéier soen: Här Funck, Dir sidd elo vläicht net zefridden domadder, mee mir hunn awer iwwer 184 Leit bei der Maison relais dobäi kritt. An dat ass ab 2022. Do si mer eigentlech an den zweestellege Beräich komm.

Mir hunn 2021 eelef Leit missen astellen, 2022 waren et der 28. 2023 waren et 96 Leit. A mir sinn elo 2024, 31 Leit. Dat sinn am Ganze 184 Leit, déi mer hu missen astellen. An dat ass natierlech e substanzielle Coût, deen domadder verbonnen ass; och wa mir net alles iwwerhuelen. Mee et ass awer wéi gesot, gutt iwwer 30 %, wann net souguer méi, dat Personalkäschte sinn, déi an deem Beräich do agestallt gëtt.

Ech mengen, deem gesot, hu mer nach am Ganzen 32 Servicer. An do ass keen ze kuerz komm, well se hunn alleguerte méi oder manner dat kritt, wat se gär gehat hätten. Dass emol Leit fortginn, dass se emol remplacéiert ginn an dass mer Upgradë maachen, dat ass och nach eppes, wat Der gefrot hutt, Här Funck. Dat kritt Der eng Kéier. Mir sinn amgaangen, dorunner ze schaffen. Déi kritt Der natierlech och.

An dat ass och bedéngt duerch aner Ëmstänn. Haut kënnen d'Fonctionnairen duerch hir, jo, duerch hir Konditiounen, déi se dann erfëllen, Upgradë kréien. Se kënnen e Changement de carrière maachen, déi mer reegelméisseg hei hunn. An dofir si mer och frou, wa mer dat deementsprechend ënnerstëtzen.

Et ass awer ganz wéineg dovunner geschwat ginn, dass dës Koalitioun op de Wee gaangen ass, fir och REVIS-Posten eranzehuelen. Mir hunn am Ganzen 43 REVIS-Posten erageholl. Leit, déi iwwer 50 Joer sinn, déi awer keng Zukunft hunn. An dat gëtt ganz oft vergiess hei.

An déi kaschten eis zousätzlech, och wa mer en Deel vun der Administration pour l'emploi erëmkréien, mee déi sinn awer da ganz integréiert bei eis, kréien hiren 13. Mount. Si kréien alles dat, wat se eigentlech vun eis aus kréien, wat se anerwäerts net kritt hätten, wa se nach ëmmer bei der Administration de l'emploi bliwwe wären.

An da gläichzäiteg gëtt ganz oft vergiess: Mir hunn zënter 2023 an 2024 33 Apprentien. Wat fir Gemeng ka soen, ausser d'Escher Gemeng, mat all deene Wellness-Gemenge ronderëm, ob se Apprentien hunn. Mir hunn déi Méiglechkeet, fir dat ze maachen. Mir profitéieren dovunner a mir maachen dat och deementsprechend.

Ech mengen, déi Kollektivverträg, wéi se dann eigentlech kommen, musse mer natierlech op de Wee goen, fir déi ze akzeptéieren. Ech sinn ëmmer e bësse rosen, well den SAS-Kollektivvertrag vu kengem vun eise Leit mat verhandelt gëtt. Dee gëtt sou octroyéiert, dee kënnt heihinner, mir stëmmen deen of a wann et da fäerdeg ass, ass e fir eis e Käschtepunkt. Mee mir selwer kënnen en net steieren, wat ech och net ëmmer eng gutt Saach fannen.

Den Här Schmit hat dovunner geschwat. Ech mengen, mir maachen Optimisatioun an deem Ganzen. Dat ass eist Zil. Konsolidéieren, optimiséieren an der ganzer Logik. Well mir géife gär un d'Leit eng Fuerderung erausginn, fir ze soen, kommt, schafft mat eis. A mir sinn och ganz zefridden. De Gros vun hinne mécht dat och gären.

Den Här Tonnar hat nach gefrot wéinst dem Nettoyage. Oder en hat eng Remark gemeet wéinst dem Nettoyage am Pavillon, wou do d'Differenze sinn. Dat hänkt ëmmer vun de Flächen of. Dat hänkt och vu verschidde Krittären of. Toiletten, Duschen, ass et Holz, wéi eng Biedem sinn et. Dat ass e Krittär, dee muss a Betruecht geholl ginn, wann een eng Botzfra oder e Botzmann astellt. An dat mécht dann och den Ënnerscheed an deem, wat Der gesot hutt.

Wann ech elo, wéi gesot, de Pavillon huelen, ass dat natierlech eppes Aneres wéi eng Konschthal. DKonschthal, déi huet iwwer 1.000, 1.500 m2. Iwwer 2000. Do weess een direkt, wat do ze botze par rapport zu enger klenger Galerie Schlassgoart, sou dass da ganz kloer och méi e grousse finanziellen Opwand do ze maachen ass.

Dann zum Här Funck. Här Funck, ech géif lech bieden, dat alles opzeschreiwen, wat Der do vum Stapel gelooss hutt. An da kritt Der och konkreet Äntwerten op déi Froen, déi Der gestallt hutt.

An Dir hat geschwat vun enger Progressioun, 9,5 %. Eise Finanzminister seet, net de Finanzminister, mee eise Finanzdirekter seet, dat ass nëmmen eng Progressioun vu 5 bis 6 %. Musst Der lech mat him ënnerhalen, fir ze soen, wou Der op 9 % kommt. Also insofern ass dat doten eng Zuel, déi net esou stëmmt.

Fir de Rescht hutt Der gesot, Prime de responsabilité. Ech mengen, dat ass d'selwecht wéi beim Organigramm. Ech soen lech ëmmer, wann Der do eng Fro hutt, gitt roueg bei déi responsabel Chef de service, d'Madamm De Almeida. Déi erkläert lech dat, wat d'Krittäre sinn, déi mer uwenden. Déi och, an dat betounen ech nach eng Kéier, ëmmer erëm mat de Sozialpartner ofgeschwat sinn.

Well dat gläichzäiteg och vun der Zefriddenheet, wou Der uschwätzt. Eisen direkte Partner par rapport zum Personal sinn déi gewielt Vertrieder. An déi gesi mir reegelméisseg am Schäfferot, ech als Personalschäffen. An do ass mir net zougedroe ginn, dass Onzefriddenheet wier allgemeng hei op der Escher Gemeng.

Ech mengen, dat ass ëmmer sou en Theema, wat ganz schwiereg ass. Dat soll een och net esou gebrauchen: Zefriddenheet vun. Ech soen allkéiers zu menge Leit, an och zu de Leit hei am Schäfferot: Mir hu 1.421 Leit, déi stinn all Moien op. Se kommen all Moien heihinner. Ech sinn och net ëmmer gutt gelaunt. Ech sinn och heiansdo granzeg.

An et soll een dat net vermëschen. Wann een heihinner kënnt, muss ee seng Aarbecht maachen. Et gëtt ee bezuelt fir seng Aarbecht. Mee et ass een net ëmmer sou gutt drop, wéi dat heiansdo de Fall ass. An da gëtt dat gär vermëscht, an dann ass d'Aarbecht dru Schold an d'Aarbecht huet eigentlech guer näischt domadder ze dinn.

*(Interventioun)*

Also mir schaffen dorun. Soubal de Service eigentlech, wat ech schonn eng Kéier erklaert hunn, soubal de Service ufänkt a sengen neie Raimlechkeeten. Do ginn et Büroen, déi exklusiv fir d'Veräiner sinn.

A wa se da kommen a se hunn iergendwéi e Besoin, well ech hu reegelméisseg och Clibb, déi komme fir ze froen, kënnt Der eis net de Médico verwalten. Wou ech dann awer drop hiweisen, dass mir net alles kënne maachen. Eng Verwaltung vu Leit, déi reegelméisseg an de Médico musse goen, dat ass net un enger Gemeng, well dat gëtt jo herno bei eisen 13.000 Sportler, déi mer hunn, extreem kompliziéiert an extreem schwiereg.

Mee mir huelen alles emol op. A wa mer dann natierlech kënnen hëllefen an eng aner Ausriichtung ginn, da wäerte mer dat natierlech och deementsprechend, kënne mer et ëmsetzen. Awer awer nëmmen do, wou et méiglech ass.

Bon, ech sinn nach net ganz fäerdeg.

*(Gelaachs)*

A jo, de Seniorsberäich. Ech mengen, den Här Schmit hat nach dovunner geschwat wéinst der Deierecht. Mir haten d'lescht Kéier schonn eng Kéier driwwer geschwat. Ech kommen ëmmer gär dorop zeréck, fir ze soen, dat ass ab 60 Joer. An déi Leit, déi wierklech am Besoin sinn, déi kréien dat och. Ech mengen, dat ass kee Problem.

Mir hunn awer 7.600 Leit iwwer 60, déi dat eigentlech net brauchen, déi selbstänneg, wat och gutt esou ass, selbstänneg kënne bestellen, selbstänneg nach kënne kachen a selbstänneg nach kënnen erausgoen.

Dat sinn ongeféier déi 190, 2,4 % vun deene 7.600. An jo, mir kënnen et net aneschters maachen. Am Moment ware sechs Leit, déi gefrot hunn, fir eng Hëllef ze kréie bei der Coordination sociale. Déi kréien déi och. An ech hat jo och gesot, dass mer an engem Joer géifen de Bilan maachen. An dann deementsprechend nach eng Kéier bei Iech zeréckkkommen.

Den Här Funck huet nach vun de Seniore geschwat. En huet se heiansdo e bësse gelueft, och wat mer da gemeet hunn. Et ass eng Suite vun deem, wat ech gesot hunn. Mir wäerten am Januar de Rapport virstellen. Mir wäerten dann och doriwwer diskutéieren, wat dann alles am Seniorsberäich ass a wéi d'Evolutioun eigentlech ass vun eisen eelere Leit.

Duerno maache mer Assisen. Assisen, déi da gemeet ginn, wou dann direkt drop – ech weess net wéini. Ech mengen, den 30. Januar ginn Assisë gemeet, wou ech scho jiddweree vun Iech dann hei invitéieren, fir drun deelzehuelen. Do ginn alleguerten d'Leit ugeschwat, oder ugeschriwwen, alleguerten d'Associatiounen, déi doranner täteg sinn, fir un deenen Assisë mat deelzehuelen.

A wann déi dann eriwwer sinn, da kréie mer jo och Rapporten, an aus deenen eraus gëtt jo dann de Besoin festgeluecht, wéi mer an Zukunft kënnen a wäerte virufueren, wat dann de Besoin fir eis Senioren ass.

Plus-Bus, deen hu mer ausgebaut. Ech wëll och hei bei där Geleeënheet natierlech och de Servicer Merci soen, déi ëmmer erëm dach awer sensibiliséiert si fir dat doten Theema. Haaptsächlech den Theater.

Den Theater huet jo elo zwou Erneierunge gemeet kritt, d'Senioren. Déi éischt ass déi, dass se de Plus-Bus kënne benotzen, fir eemol am Mount kënnen ... also d'Obligatioun ass, fir am Virfeld, ee Mount am Virfeld.

Wann ech eng Virstellung gär kucke ginn elo zum Beispill am Februar, muss ech ee Mount am Virfeld mech do mellen. Da komme si dech sichen, si féieren dech bei den Ariston oder bei den Theater, a si huelen dech herno erëm eng Kéier mat zeréck.

Dat ass e bëssen de kulturellen Deel, dee mer wëllen ënnerstëtzen. Zesumme mam Theater.

An dann hu si jo och nach eppes Aneres gemeet. Si hunn och nach e Sonndesdësch gemeet. Ee Mol am Mount ass och do e Sonndesdësch ab 11 Auer, wou dann och zesummen eppes giess gëtt. An do ass och d'Opfuerderung komm, am Seniorsberäich, bei der Seniorsfeier, fir de Leit ze soen, da profitéiert vun där Geleeënheet.

Well do si Kënschtler respektiv och déi eeler Leit, déi kommen dann do zesummen an da kënne si sech mateneen ënnerhalen an da gegeebenenfalls och dofir suergen, dass konkreet och dann eppes fir si dobäi erauskënnt.

An dann nach eng Erneierung, an dat wëll ech soen, dat ass eppes, wou ech och houfreg sinn. An ech hoffen och, dass dat gutt ugeholl gëtt fir eis eeler Leit. Dat ass, mir wäerten ab Januar eng TV-Sendung maachen exklusiv fir Senioren.

Mir wäerten ufänke mat engem Pilotprojet fir all 14 Deeg, eng gutt hallef Stonn. An do wëlle mer d'Leit einfach gär aus hirer Isolatioun eraushuelen.

Mir hu gemierkt, dass zënter déi Affär vum Covid d'Leit net méi sou erausginn. Si hu Schwieregkeeten, fir sech mat iergendeppes ze identifizéieren, fir sech iergendwou ze engagéieren, trotz deene villen Angeboter, déi et ginn.

A mir wëlle se da versichen, iwwer deen dote Wee, dann awer erauszehuelen, dass se awer matgedeelt kréien, wat alles lass ass, wat et alles hei vun Aktivitéite gëtt an Esch, wie se kënne mathuelen. Alles dat wëlle mer dann deementsprechend maachen.

*(Interventioun Här Ben Funck)*

Voilà, an dat wëlle mer da maachen.

Ech sinn och betraff, well ech sinn och iwwer 60 Joer. Ech ginn da kucken, fir dat dann deementsprechend op d'Been ... also mir setzen dat op jidde Fall op d'Been. Mir wäerten dann domadder ufänken. A mir bleiwen och net dobäi stoen.

De Service informatique, Smart City. Bon, ech ginn elo net ze vill dorobber an, well do

kann ee jo alles domadder verbannen. Dat kanns de ëmmer maachen, wann s de an neie Quartiere bass an dat anert alles, wat ronderëm, wat gewuess ass, gëtt ëmmer schwiereg.

An dann, wéi gesot, altersbedéngt, vu dass mir awer 30 % vun de Leit, méi eeler Leit hunn, déi Schwieregkeeten hunn, fir effektiv domadder ëmzegoen, wat och net sou einfach ass. Smart City ass eppes fir déi jonk Generatioun. Net méi fir den Här Tonnar an net méi fir mech an deem Sënn.

*(Gelaachs)*

Mir ginn einfach mat doduerch.

Zum Ofschloss nach wat d'Stroossennimm ubelaangt.

*(Interventioun Här Jean Tonnar)*

Mir hunn eigentlech och schonn dru geduecht, fir iergendeppes mat Stroossennimm ze maachen, wou d'Leit da kënnen eppes fannen. Et ass ëmmer schwiereg. Et ass ëmmer schwiereg, fir iergendwou digital eppes dohinner ze pechen. Well, wann et da fäerdeg ass, e QR-Code, pecht iergendeen nach eppes Aneres drop. An da si mer net do, wou mer gär wëllen. Dat ass schwiereg.

Mee mir schaffen awer nach wie vor un enger Léisung. A mir wäerten do iergendwann eng Léisung virstellen, déi och sécher ass fir deen, deen et applizéiert.

Sou, ech sinn elo fäerdeg, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da soen ech Merci, Här Zwally. Den Här Knaff huet d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Jo, merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, voilà, ech géif da probéieren, op déi verschidden Ausféierunge vun de Conseilleren ze äntweren. Ech wollt awer fir d'éischt och dann, wéi mer et all gemaach hunn, de Servicer Merci soe fir d'Opstelle vum Budget.

An iert ech ufänken, wollt ech och e ganz grousse Merci un de Ralph Waltmanns ausdrécke fir déi grouss Aarbecht, déi hien zënter 2009 am Déngscht vun Esch, a méi speziell am Déngscht vun der Escher Kulturpolitik geleescht huet. Mam Ralph verléiere mer e fläissegen a loyale Visionär, dee seng Virstellungen och ëmgesat huet. Ech wënschen him alles Guddes fir d'Zukunft.

Sengem Nofollger wënschen ech elo scho wëllkomm a soen him, maacht Iech keng Suergen. Dir braucht keng Schëpp a keng Biischt matzebréngen. Et gëtt keng Schierbelen, déi e muss zesummekieren. Et leeft alles gutt am Ressort Kultur, wéi meng Ausféierungen duerno wäerte weisen.

Iert ech mam Detail duerch d'Haiser ginn, géif ech awer op e puer Remarken a Froen agoen, déi gestallt gi si vun deene verschiddene Conseilleren. A méi speziell vum fréiere Kulturschäffen, wou verschidde Saache mech dann awer interpelléiert hunn.

En huet, wat d'Kultur ubelaangt, gefrot verschidde Montanten, wou en net weess, fir wat se stinn oder firwat datt se héich wären. Dozou wollt ech soen, datt mer deen Exercice am Detail och gemaach hate schonn am Virfeld vun dëse Budgetsdiskussiounen, wéi mer d'Kommissiounen, déi mer, wéi gesot, grouss schätzen a wou mer eis wierklech d'Moyene ginn hunn, fir do och all Detailer ze erklären.

Datt mer do am Virfeld, wéi gesot, eng Reunioun gemaach hunn, wou mer sämtlech Direktere vun eisen Haiser invitéiert haten an déi och alleguerte present waren, fir justement op déi dote Froen anzegoen.

Et war schued, datt do, wéi gesot, de fréiere Kulturschäffen e bësse Retard hat an déi Froen do net konnt stellen. Elo stellt e se hei. Ma da probéieren ech, em da sou gutt wéi méiglech dorop ze äntweren. Quitt datt et vill méi einfach gewiescht wier, se deen Dag ze stellen.

Ech mengen, datt déi Ausféierungen, déi d'Kulturdirekteren och ginn haten, d'Direktere vun eisen Institutiounen och d'Membere vun der Kommissioun iwwerzeegt haten an och datt de Kulturbudget mat néng Jo-Stëmmen an enger Abstentioun guttgeheescht gi war.

Par rapport zu deenen 120.000 €, vun deene geschwat gi sinn, fir de Plan communal. Dat ass d'Suite vun deem Plang, vun eisem Strategiepabeier „Connexions", Här Tonnar, deen Dir ausgeschafft hutt an de Joren 2016 an 2017.

Dir wësst, datt et do eng Suite ginn ass, „Connexions II". A mer wollten eis Moyene ginn an déi Inscription budgetaire ageschriwwen hunn, fir ze erméiglechen, dee Plang, an notamment den zweeten Deel dovun, wou et ëm den Environnement an an d'Culture geet, wou et ëm de Bien-être an d'Inclusion geet, fir do déi néideg Budgeten ze hunn, fir déi Ausféierungen an déi Finalitéiten, déi mer fixéiert hunn, och mat Liewen ëmzesetzen. Dat heescht, fir eis och do beroden ze loosse vun anere Spezialisten a fir dofir och déi néideg Budgeten zur Verfügung ze hunn.

Wat Äre Punkt ugeet par rapport zu de Recetten, déi d'Kultur nach kéint kréien, do hutt Der Recht. Et war, virun de Walen 2023 sollt e Plan communal Culture ënnerschriwwe gi mam Ministère. Dee Plan communal Culture, deen huet awer … oder deen heescht net esou. En heescht net Plan communal Culture. Hëlleft mer. Dat war e Plang, wou d'Gemenge sollte mam Ministère en Accord, eng Konventioun ofschléissen, wou se fir hir sämtlech Kulturhaiser géifen e Montant à disposition gesat kréien.

De Pacte Culture, voilà. De Pacte Culture, dee sollt ofgeschloss ginn. Dat ass nach net gemaach ginn. Deen ass e bëssen a Verzuch geroden. Mee mir kruten awer trotz allem fir dëst Joer 950.000 € vum Staat fir eis Institutions culturelles. Natierlech muss dee Montant ëmmer dann adaptéiert ginn.

Wat d'Paritéit vun der Kufa ugeet, do ass et esou, datt mer de toute façon mussen eis mam Ministère gesinn, well mer jo wëlles hunn, d'Kufa relativ opwendeg ze renovéieren. A mer mussen do souwisou mat hinnen diskutéiere goen, inwiefern datt si sech do kënnen abréngen. Well mer erwaarden awer do, datt se sech och un deem Projet, de Renovatiounsprojet vun deem regionale Kulturzentrum asetzen.

Mee wat mech awer am meeschten erstaunt huet, dat ass, datt mer elo probéiert hunn, d'Konschthal elo mam Pavillon du Centenaire iergendwéi ze vergläichen. Dat ass awer dann e bësse sou, wéi wann een awer Äppel a Biere matenee vergläicht. Well déi zwou Haiser hunn awer wierklech net ganz vill en commun.

De Pavillon du Centenaire, dat ass eng Galerie de vente an d'Konschthal ass e Musée. Dat heescht, dat ass net grad dat selwecht. An Dir wësst et, well Der jo och Member sidd vum, vun där ASBL Galerie Schlassgoart, déi sech ëm d'Exploitatioun këmmert vum Pavillon du Centenaire.

Dir wësst, wéi déi opgesat ass. Dir wësst, datt dat eng Konventioun ass, well Der se selwer

an d'Weeër geleet hutt tëscht ArcelorMittal an der Escher Gemeng, wou och drasteet, wie sech ëm wat ze këmmeren huet a wéi d'Responsabilitéiten do verdeelt sinn.

Also dat eent huet manifestement näischt mat deem aneren ze dinn.

Et ass esou, datt mir als Stad Esch an als Proprietär vun deem Gebai, wat mer jo 2006 geschenkt kritt hunn, datt mer eis mussen ëm den Ënnerhalt vun deem Gebai këmmeren. Datt mir och dofir zoustänneg sinn, fir et ze botzen.

Mir hunn och elo mam Nathalie Becker e Programmateur fir dat Gebai. Mir hunn nach eng Persoun, déi dem Service Culture affektéiert ginn ass fir den Accrochage, fir den Accueil, fir d'Besucher ze empfänken.

Dat sinn Aufgaben, déi mir haten. Mee wéi gesot, et ass awer esou, datt mer déi Aufgaben hunn, well mer Proprietär vun de Lieue sinn. Dofir mengen ech, datt mer dat net sollen dat eent mat deem anere vergläichen.

Ech kommen drop zeréck, wann ech lech nach eng Kéier d'Aktivitéite vun der Konschthal a vum Bridderhaus wäert kuerz beschreiwen, an och wat dëst Joer geleescht ginn ass an d'nächst Joer soll gemaach ginn.

Mee wéi gesot, dat eent ass eng Ausstellungshal, wou Artiste gefrot ginn, ob se wëllen hir Biller ausstelle kommen. Wou och de Public déi Biller ka kafen. Wou en Deel vun deene Recetten, e Pourcentage un d'Galerie geet, fir hir Frais de fonctionnement. Et huet also näischt dat eent mat deem aneren ze dinn.

An der Konschthal ass et esou, datt et surtout, wéi gesot, gréisser bedeitend Kënschtler, Konschtwierker sinn, déi mer do ausstelle mat engem ganz aneren Zweck, an net en vue vun der Vente.

Dir hutt mech do op verschiddene Punkten interpelléiert, wou Der gesot hutt, wat sinn déi Posten. Do ass et sou, datt Der geschwat hat vum Posten „Honoraires divers". Nee, dat si keng Affekoten-Honorairen. Dat ass d'Remuneration vum Poste d'acceuil. An och, wéi gesot, eng Part dovunner ass och fir eis Mediateuren, déi deelweis deen Accueil maachen.

Dir hutt och ugefouert „Catalogues imprimés, publications", e Montant vun 270.000 €. Dat ass wat déi ganz Pub, déi ganz Komm, de ganzen Affichage vun enger gréisserer Ausstellung kascht. Also 35.000 € kascht eng sou eng Ausstellung, wann ee gär d'ganz Komm do ronderëm mécht.

Den Affichage, d'Fändelen, d'Invitatiounen, d'Flyeren. All déi Saachen – an dat wär dann och d'Änwert op Är Fro par rapport zum Resistenzmusée. Dat sinn all déi Saachen, déi de Resistenzmusée an der aktueller Situatioun a mat sengem jëtzege Budget net ka maachen, wéinst deenen Der sot, Dir géift ni eppes vun hinne kréien. Dat ass d'Differenz vun de Budgeten.

Dann den anere Posten „Frais et services divers dans le cadre d'exposition". Dat ass d'Produktioun. Dat ass, wa mer en Artist ausstellen, dann huet deen ëfters d'Virstellung, wéi dat muss ausgestallt ginn.

Et muss heiansdo geschräinert ginn, et muss heiansdo nei iwwerhaapt an der Konschthal selwer Saache gebaut ginn, et muss nei ugestrach ginn, et muss eng Mise en place gemaach si vun de Luminairen. Et muss beliicht ginn. Et muss, wéi gesot, gekuckt ginn, datt dat dem Artist no propper ausgesäit.

An dat sinn eeben och déi Produktiounskäschten, déi da gebraucht ginn, fir dat sou en valeur ze setzen, wéi d'Artisten dat da verlaangen.

Dann hutt Der nach gefrot, Medias, wat ass Medias, 100.000 €. Dat ass d'Mediatioun. Dat sinn déi Leit, déi sech ëm de Public këmmeren. Déi och kucken, datt Public an d'Konschthal kënnt, déi de Kontakt hu mat de Schoulen, déi de Kontakt hu mat de Lycéeën, déi d'Workshoppen organiséieren. An do ginn et Leit, déi fix agestallt ginn. An da gëtt awer ganz vill Freelancen nach, déi notamment Gruppevisitte maachen a sou weider. An do sinn deenen hir Remuneratiounen dann dran.

D'Frais de surveillance hat Der ugeschwat. Do ass et sou, datt effektiv d'Bridderhaus ... d'Surveillance ee Mount vum Bridderhaus a vun der Konschthal kascht 15.000 €. Mol zwielef gëtt 180.000 €. Mee malheureusement sinn dat Käschten, déi mer an all eisen Haiser, sief dat elo aus der Kultur oder anerwäerts, dat si Saachen, déi een ëmmer muss méi arechnen, well eeben d'Ëmfeld sech e bësse changéiert huet an een Haiser, wou e gewëssen Invest dran ass, wou een och muss kucken, déi ze protegéieren.

Voilà, dat waren déi Äntwerten, déi ech Iech wollt ginn. Nach, jo, Dir hutt vun de Frais de copropriété geschwat. Also wéi gesot, do ass et och e bëssen anescht. Do sinn net nëmmen d'Frais de copropriété. Hei an dësem spezifesche Fall ass et sou, datt och d'Heizkäschte vun der Galerie mat do dra sinn, well et eeben déi Coproprietéit ass.

Mee dann awer, well Der ugefouert hutt, wat en normaalt Appartement kascht vu Frais de copropriété. Do hutt Der vu 500 € geschwat. Ma bein, d'Konschthal ass zéngmol sou eppes. 2.400 m$^2$. Wann een den Depot nach mat arechent, da sinn dat 3.000 m$^2$ Fläch. Dat expliziéiert da vläicht, firwat dann déi Käschten op deen dote Montant ginn.

Dann hutt Der nach, zum Schluss ass nach ugefouert ginn déi Fusioun vun den ASBLen. Also do sinn ech awer elo paff, datt dat elo nach eng Kéier hei ernimmt ginn ass, well dat wësse mer awer heibanne scho ganz laang. An et ass notamment op de gudde Rotschlo am Fong vun engem vun eise Conseilleren, deen d'Situatioun gutt kannt huet, datt mer dat doten am Fong decidéiert hunn.

Déi Fusioun ze maachen, fir eebe méi Transparenz ze kréien, fir net dräi ASBLen ze hunn. Wou decidéiert ginn ass, datt déi solle matenee fusionéiert ginn. An et verwonnert mech elo awer, an da kann ech mer dann nëmmen erklären, datt Der an deene Verwaltungsréit awer dann net oft do waart, datt Dir net wosst, datt dat sou geplangt war. An datt déi ...

*(Interventioun Här Jean Tonnar)*

Majo, an déi aner? Ech mengen, hei wosst awer och jiddwereen et. Et ass op Basis vun enger Propositioun vun der Oppositioun, wou mer dat mat FrEsch duerchzéien, sou datt dat mech awer elo verwonnert, datt Der elo sot, ma et war esou schéi mat deene villen ASBLen. Dat huet sou vill Freed gemaach. Do sinn ech awer elo dann e bësse paff.

Ech mengen, et ass esou, datt effektiv d'Nuit de la Culture an d'ASBL Francofolies, datt déi zesumme fusionéiere wäerte mat FrEsch. An dat huet sech och schonn an deene leschte Budgete gewisen, datt et jo och keng Subside méi fir déi Associatiounen am Budget stinn.

Dat ass awer alles en vue vun där Reunioun gewiescht, datt mer nëmmen nach eng ASBL hunn, fir déi Politik vun deene Projeten am Espace public zu Esch ze reglementéieren.

Bon, e puer Wierder iwwer d'Aktivitéiten, d'Rapports d'acitivité am Fong vun eisen Haiser. Fir Iech ze soen, datt 2024 am Fong e ganz gutt Joer war fir d'Kultur. Sou zum Beispill war et am Theater sou, datt mer insgesamt 49 Spektakelen do

opgefouert hunn. 375 Representatiounen, 135 Activités de médiation am Ganzen, alles agerechent. Mat de Spectateure vun de Representatiounen am Escher Theater, am Ariston. D'Representatioune fir d'Klassen, d'Tournéeën, an d'Aktivitéite vun der Mediatioun waren 52.000 Spectateuren, déi sech am Theater an, wéi gesot, an den Ariston beweegt hunn.

An der Galerie hate mer 15 Expoen. 1.953 Visiteuren. Mir hu bei aacht Produktiounen an zwielef Koproduktioune matgewierkt. Mir hate 27 Acceuillen, national a regional an international a vu Partneren hei zu Esch.

Tournéeë sinn och gemaach gi vum Theater a Frankräich, an der Belsch, an Däitschland, d'Schwäiz, Éisträich, Italien, Tschechien, Bulgarien, fir en Total vun 280 Representatiounen. Mir haten zwielef Spektakelen, déi en tournée sinn.

A wat eise Programmation scolaire ugeet, fir déi hu mer am Fong zwee designéiert Pedagogen am Theater hunn, do hate mer 11.587 Public scolaire mat engem Taux de fréquentation vu 96 %. 136 Representations scolaires, 69 Médiations scolaires.

Mir haten och 36 Manifestatiounen, exterieur Manifestatiounen, déi mer opgeholl hunn. Dat heescht, Saache, déi de Ministère de la Culture, de Ministère de l'Education nationale notamment, zu Esch organiséiert huet am Theater.

Den Theater spillt och e grousse Rôle am Kontakt an am Kontext vun eisen anere Kulturassociatiounen, respektiv anere Servicer vun der Gemeng. Et ass elo just ugeschwat ginn, dass eng nei Kollaboratioun mam BiBBS. Mir haten divers a multipel Organisatiounen zesumme mam Service Egalité des chances, notamment an der Orange Week a beim Fraendag.

Mir haten d'Zesummenaarbecht mam Service des Sports fir de Relais sportif. Mir haten eng Zesummenaarbecht mam Conservatoire, déi Concerten do gespillt hunn. Net ze schwätzen och vun der Implikatioun vum Theater an deenen aneren Organisatiounen, wéi bei de Francofolies vun Esch, wou den Theater och, wéi gesot, ëmmer Concerte spillt.

D'Zesummenaarbecht mat der Harmonie municipale, mat Transition Minette, mam CHEM entre autre. An dann Zesummenaarbechte mat der Kulturfabrik, notamment fir de Flamenco, fir de Festival des clowns, an och am Kader vun der Biennale.

Den Escher Theater ass e wichtege Facteur och fir d'Economie locale. Duerch de Fait, datt hie seng Virstellungen huet, si ganz vill Leit, déi zu Esch och bleiwen, fir ze schlofen. Et ass festgestallt ginn, datt dat à peu près 678 Nuitéeë maachen, eleng nëmmen dem Theater seng Aktivitéiten.

D'Médiation culturelle, dat ass och wichteg, dat ass e wichtege Punkt. Well et surtout drëm geet, fir dem Jeunes public och op d'Importenz vum Theater, d'Valeur vum Theater opmierksam ze maachen. Vläicht do Passiounen unzereegen. An do hate mer 135, wéi gesot, Actions de médiation, wat Ateliere waren, wat Workshoppe waren, wat och Rencontere ware mat Schrëftsteller a sou weider a sou fort.

Eis tarifär Politik ass, mengen ech, eng vun deene präiswäertsten hei am Land. Wéi gesot, d'Tariffer, déi si méi accessibel wéi op anere Plazen. Duerch de Kulturpass kann een och nach sech ganz preferentiell aner Tariffer un den Aktivitéite vum Theater deelhuelen, wou e groussen Deel och ka gratis Méiglechkeete ginn, notamment fir d'Studenten.

Déi zweet Institutioun, op déi ech wéilt agoen, dat ass, wéi gesot, déi vun der Konschthal a

vum Bridderhaus. 2024 war dat éischt Joer, wou den neie Service Institution culturelle vun der Escher Gemeng gespillt huet. Zwee Gebaier gehéieren do dozou: d'Konschthal an d'Bridderhaus.

Dat eent ass eng Ausstellungshal vun 2.400 $m^2$ an eng Kënschtlerresidenz, déi mat dräi groussen Atelieren an aacht Atelierswunnenge funktionéieren.

D'Konschthal hat dëst Joer sechs grouss Ausstellungen organséiert. Besonnesch ervirzehiewen dobäi d'Molerei vum Titus Schade, andeem d'Konschthal seng éischt Eenzelausstellung am Ausland produzéiert huet.

Mee och d'Lëtzebuerger Konscht stoung am Mëttelpunkt mat zwou Eenzelausstellungen. Déi éischt vum Hisae Ikenaga, déi elo zanter zéng Joer bei eis lieft a schafft. An déi zweet ass déi aktuell Expo vum Vera Kox, enger gebierteger Escherin.

All dës Projete gi vu Bicherpublikatioune begleet, déi d'Konschthal produzéiert oder koproduzéiert.

Mee och d'Gruppenausstellung Displaced, déi bis elo nach bis den 19. Januar 2025 leeft, weist, wéi aktuell Theeme wéi de Verloscht vum Doheem an och déi aktuell sozio-politesch Theemaen hir Plaz an der Konschthal hunn.

Ganz prägend war dëst Joer och d'Oas Nummer 7, déi vu Juli bis Ufank Oktober am Kader vun der Escher Capitale culturelle mam Sujet Architecture d'Blécker nees op déi historesch Fassad vun dem Escher Stadhaus gezunn huet.

Déi futuristesch Plastiksbull, déi am Kader vun der Ausstellung Displaced hei installéiert war, weist och, wéi Géigewaartskonscht am ëffentleche Raum zu engem ganz positive Sitebranding bäidroe kann.

Um Ufank vum nächste Joer huet d'Konschthal nach zweeanhallwe Mount Bauphas, wärend där den historesche Schräineratelier am hënneschten Deel vum Gebai sanéiert gëtt. Fir d'Joer 2025 plangt d'Konschthal siwe grouss Expoen, dorënner direkt am Fréijoer och d'Ausstellung vum LEAP. Dat ass de Luxembourg Encouragement for artists prize, deen dëst Joer déi éischt Kéier zu Esch stattfënnt. Virdru war et ëmmer an der Stad an de Rotonden.

Dëse Präis gëtt als Ënnerstëtzung fir d'Lëtzebuerger Artisten organiséiert an ass u Residenzen am Bridderhaus gekoppelt mat enger Ausstellung an der Konschthal fir de Public.

Nieft hirer internationaler Programmatioun sinn och weider Lëtzebuerger Artisten an der Programmatioun vun der Konschthal vertrueden. Am Summer 2025 stellen direkt véier vun hinnen do aus: d'Letizia Romanini, de Julien Hübsch, d'Claudia Passeri an de Jeremy Palluce.

D'Konschthal hellt och mat fënnef Fotografen a Fotografinne bei de Mois européens de la photo am Mee 2025 deel.

Mat hirem Programme cadre erfëllt d'Konschthal och weider Rollen als Déngschleeschtung fir de Public. Nieft de sëllege Visites guidées an den Ateliere fir eis Schoulen a Lycéeën ass d'Konschthal mëttlerweil zu engem feste Rendez-vous gi fir Konschtfrënn, awer och e vill méi breede Public ginn.

Besonnesch op den ëmmer staark besichte Vernisagë mierkt een, wéi divers eise Publikum do ass. Et ass bemierkenswäert, dass no kuerzer Zäit eis Konschthal als absolutt Equivalenz zu

de grousse staatlechen Institutioune wéi de Casino an och de MUDAM gezielt gëtt.

D'Bridderhaus huet dëst Joer nei Rekorder gebrach. Mir erreechen op de 16. Dezember d'Zuel vun 102 Artisten, déi dëst Joer vun eise Residenzen an hirem Förderprogramm profitéiere konnten.

Wichteg ze soen ass, dass dëst en Deel an och an der Zesummenaarbecht mat aneren Escher Insitutioune wéi der Kulturfabrik, dem Escher Theater an och der Cultures Of Assembly realiséiert gouf.

D'Bridderhaus ass och eng Plaz fir de Public. An do wollt ech als Beispill déi grouss gespillt Programmatioun vum Salon Helen Buchholtz am Bridderhaus nennen. D'Iddi fir Kannermusek an de fréieren Operatiounsraum, haut d'Galerie vum Bridderhaus, ze bréngen, hat en enorme Publikumssuccès mat bal komplett ausverkaafte Concerten.

Bemierkenswäert war do och d'Zesummenaarbecht mat dem Escher Conservatoire. Dat ass eng Nisch fir d'Kultur, déi bis elo hei zu Esch an hei am Land nach net erfëllt war.

De Salon vum Helen Buchholtz wäert an Zukunft an engem Zwee-Jores-Rhythmus weiderhi stattfannen.

Dat nächst Joer wäert de Programm vum Bridderhaus sech ëmdräi Schwéierpunkten dréien. Als éischt d'Residenze vum Lëtzebuerger Konschtpräis, bei deem véier Laureate vum Concours, deen elo grad leeft, kënne sech nidderloossen. Hei kënnen dës Artisten am Bridderhaus d'Ausstellung virbereeden an dann am Fréijoer virstellen an der Konschthal.

Déi an Europa eemoleg Verbindung vu Kënschtlerresidenze mat engem grousse Centre d'arts wéi der Konschthal bidde Konschtproduktiounssynergien, déi et soss net sou géife ginn.

D'nächst Joer gëtt och en Appel à la résidence gemaach, ënner dem Theema Grafik. Grafik ass och sou eng Nisch, en Nischentheema, deen net richteg zu Lëtzebuerg nach opgegraff ginn ass. An dat wäert och d'Bridderhaus also da maachen.

Ech hunn nach Zuele fir deen, deen et interesséiert, wat d'Besichung war vun der Konschthal a vum Bridderhaus. Wann Der déi wëllt kucken, wéi gesot, déi sinn à votre disposition. Mee ech kann lech soen, datt mer och en Total do vun à peu près 8.336 Leit haten, déi sech déi Saachen ukucke komm sinn.

Wat de Conservatoire ugeet, do wësst Der, de Conservatoire huet am Fong zwou Haaptmissiounen. Dat eent ass déi als Concertsorganisator. An an dësem Joer war et sou, datt 26 Concerten, dorënner sechs Specatcles spezifesch fir Kanner a Familljen, fënnef Enseignantsconcerten, fënnef Highlights mat internationale gefrote Solisten organiséiert goufen.

Da war och nach eng Piano Week, wärend enger Woch gouf de Piano an de Mëttelpunkt gestallt. An do hu sech Schüler, Enseignanten an international Solisten, wéi de Stan Ford, sinn do opgetrueden. Deen huet och nach an deem Kader eng Masterclass ofgehalen.

Mir haten och nach Optrëtter vu verschiddenen Ensembelen aus dem Haus selwer, wéi den Takashi in Concert, d'Orchesteren, d'Chéier an zwou Jazz-Jam-Sessions.

Fir déi Concerte gëtt e järleche Budget vun 99.200 €, déi de Conservatoire a Form vun enger Subventioun vum Kulturministère kritt. Domadder bréngt hien et fäerdeg,

déi Produktiounskäschte vun enger Saison ofzedecken.

De Public ass ganz variéiert, vu Famillje mat Kanner, eise Schüler, bis hir Elteren, vun den Enseignanten, bis deenen hir Frënn a Familljen. Et geet wäit iwwer d'Grenz vun der Stad a vun der Regioun eraus.

De Conservatoire bitt ganz bewosst eng breetgefächert Offer vu Stiler a Formater an ass u sech beméit, komplementar zu deenen aneren Organisatiounen an der Stad an der Regioun ze sinn.

Fir dës Saison, do waren, mengen ech, eng vun de villen Highlighten nach eng Kéier d'Opféierung vun hirem Musical Sl'Esch, deen den 28. an 29. September war am Theater. Deen do och enregistréiert ginn ass an dee mer sécher wäerten och gläich kënne sous forme vun enger DVD erëmgesinn.

Am Mee 2025 wäert dann eng Brass Week sinn an international Pedagogen a Soliste wäerte mer kënnen op deem Gebitt empfänken.

Dann nach e bësse méi wäit wéi 2025, wäerte mer 2026 de Centenaire vum Conservatoire feieren. An ech mengen, do wäert et och eng aussergewéinlech Programmatioun op eis waarden.

Nieft Concerte programméieren, ass de Conservatoire awer surtout eng Schoul. Mir haten dëst Joer 1.290 ageschriwwe Schüler, déi vun 23 Proffen, 47 Chargés de cours ënnerriicht ginn. A mir hunn also, wéi gesot, dëst Joer och erëm e Rekord gebrach. Vun deene Schüler sinn 490 Residenten, 570 kommen der aus anere Gemengen a 230 kommen der aus dem Ausland.

De Conservatoire huet eng ganz Rei Kollaboratioune mat nationalen an internationale Partner, wéi zum Beispill der Philharmonie Lëtzebuerg, dem Artikuss zu Zolwer, eiser Partnerstad Köln, dem Conservatoire régional vu Metz an dem Conservatoire royal vu Bréissel.

Wat ëmmer méi komplizéiert gëtt am Conservatoire –an do musse mer och kucken a mir hunn do jo och scho méi laang no enger Léisung gesicht an och fonnt. Mer musse kucken, dat elo ëmzesetzen. Dat ass de Plazmangel am Conservatoire.

Am Conservatoire ass et sou, datt de grousse Succès vun deem Unterrecht, vun deem wat gebuede gëtt, der Diversitéit ass, wéi gesot, datt mer e seriöe Plazmangel am Conservatoire hunn. Notamment wat den Danz ugeet.

An dofir wär et och do wichteg, datt mer relativ séier wäerte mat dem Gebai vun der LuxControl virukommen a probéieren, dat elo schnellstméiglech an och funktionell schnellstméiglech ëmzesetzen.

Nach e puer Wierder och iwwer e Service, deen ëfters vergiess gëtt, deen awer net ëmsou méi wichteg ass. Dat ass d'Escher Bibliothéik. D'BESA huet 2024 mat zwee Projeten un der éischter Editioun vun der Biennale matgewierkt.

Dat eent, dat war eng Konferenz „Die nichtkommerzielle Digitalwelt", an dat zweet war de Special Set vu „Verschéck m'esch". Dat war de Projet vun de Kaarten, Postkaarten, déi vun hinne produzéiert goufen.

Et ass och sou, datt fir d'Journée internationale du vivre ensemble en paix eng Aktivitéit fir Schoulklassen, a Kooperatioun mam Service Egalités des chances organiséiert goufen. Iwwer d'Joer verdeelt organiséiert d'BESA eng 20 bis 30 pedagogesch Visitte fir Schoulklassen, Maison-relaisen an aner Institutiounen.

Dëst Joer gouf en neie Carnet ludique a vun enger Studentin am Summer illustréiert. Eemol de Mount fënnt samschdes mëttes den BESA Kids Club mat Erzielstonn a Liesclub statt, deen dëst Joer eng nei vun de Kanner selwer matgestalt Affiche krut.

All Woch gi Virliesunge fir Crèchen organiséiert. 15 bis 20 Crèchë vun Esch, Féiz, Monnerech, Wickreng a Rëmeleng profitéiere vun dëser Offer. A weiderer stinn op der Waardelëscht.

Als weider Veranstaltung gouf 2024 den Diva Story Telling am Kader vun der Luxembourg Pride an en Dungeon an Dragons Event fir Kanner an Erwuessener a Kooperatioun mat der Science-Fiction a Fantasy Society Luxembourg organiséiert.

D'Escher Bibliohtéik engagéiert sech, fir Jonken d'Offer vun der Bibliothéik an och d'Metieren am Bibliothéikssecteur méi no ze bréngen. Dëst duerch Presenz op Info-Matinéeën an Escher Lycéeën. Oder duerch d'Encadréiere vu Studenten a Stagiairen, déi sech fir Studium an Informatiounswëssenschaften interesséieren.

Dem breede Public konnt d'Escher Bibliothéik hire Servicer op der éischter Editioun vum „Liewen zu Esch" méi no virstellen. D'Bibliothéik huet ronn 3.000 ageschriwwen Notzer, pro Joer komme ronn 500 nei Inscriptiounen dobäi. 25 % vun de Bibliothéiksbenotzer sinn tëscht 10 an 19 Joer. D'Notzer.inne kommen net nëmmen aus Esch, mee aus 80 verschiddene Gemengen.

Vu Januar bis November hunn 12.000 Persounen d'BESA besicht. Pro Mount sinn dat 1.000 bis 1.300 Visiteuren. D'Escher Bibliothéik huet eng Kollektioun vu ronn 60.000 Medien, an déi sinn, wéi gesot, à disposition vun all deene Leit.

Wat d'Mise en conformité vun der Bibliothéik ugeet, do sinn d'Aarbechten elo sou gutt wéi ofgeschloss. A wéi gesot, och déi ganz responsabel vun der BESA si frou, datt se elo hire Public kënne barriärsgerecht empfänken.

Do ass et och esou, wann Der méi prezis Zuele wëllt, déi hunn ech virleien, fir am Detail Iech dat kënnen unzekucken.

Dann nach e Wuert iwwer dat, wat pejorativ Eventpolitik genannt gëtt. Et kann een et Eventpolitik nennen, et kann een et awer och Kultur am Espace public nennen. Kultur am Espace public huet selbstverständlech e Präis. Kultur am Espace public ass awer noutwendeg, well een duerch déi Projeten u Leit erukënnt, déi ni géife vu selwen e Fouss an eng Institiitioun, an eng kulturell Institutioun erabréngen.

An dofir mengen ech, war et ee vun deene grousse Projeten aus der Strategie culturelle, d'Kultur am Espace public ze maachen. Wann een dat elo net méi wëll, da muss een awer eng Kéier dat soen. Wann een net méi wëll, datt mer solle Kultur am Espace public maachen an déi Ausgabe veranlagen, da muss een dozou Faarf bekennen.

Et kann een net soen, jo, mir brauche Kultur am Espace public, dat ass eng Méiglechkeet, fir d'Leit op d'Kultur opmierksam ze maachen, an da soen, mir sinn net bereet, eppes dofir ze bezuelen. Dat geet net.

An do, mengen ech, sollt déi Leit, déi eis Projeten am Espace public, déi historesch, déi emblematesch Nuit de la Culture, déi et elo scho laang gëtt, déi och nach vum fréiere Kulturschäffe mat organsiéiert ginn ass, datt mer déi net méi wëllen, da muss dat och sou formuléiert ginn.

Wa mer déi Projeten, wou Dausenden an Dausenden Escher an Escherinnen an och

Leit aus der neier Groussregioun bei eis kommen, wa mer dat net méi wëllen, da muss et formuléiert ginn. Da muss et gesot ginn. An da muss een och do d'Réckgrat hunn, fir dann zu där Decisioun ze stoen. Mee wéi gesot, déi zwou Saache matenee maachen, geet net.

Et kann een och dat selwecht vun de Francofolies soen. Et kann ee soen, jo, mir wëllen dat do net. Dir sot dat jo relativ kloer.

Mir sinn anerer Meenung, well d'Francofolies fir eis net nëmmen e Projet culturel sinn. Et dréint sech net nëmmen ëm Kultur, mee et ass och en touristeschen Evenement an en ekonomesche Bäitrag.

Si hunn d'Aufgab, ze weisen, wat mir als Esch kënnen. Si hunn d'Aufgab, ze weisen, wat mir zu Esch fäerdegbréngen. Si hunn d'Aufgab, ze weisen, wéi eng Capacités d'accueil datt mir hunn. Si hunn d'Aufgab, ze weisen, d'Exellenz vun eise Servicer. Sief dat eise Service technique, eise Service Hygiène, etcetera. All déi Servicer, déi un där Manifestatioun matdroen.

Frot lech emol, firwat datt LOA sou frou ass, datt se kënnen hiert Evenement, hir Evenementer hei zu Lëtzebuerg organiséieren. Dat ass grad wéinst der Exellenz vun eise Servicer, vun der gudder Vernetztheet vun deene Servicer, déi noutwendeg sinn, fir esou grouss Evenementer ze maachen, wou se gär bei eis kommen. An et ass och dofir, wou d'Leit gär bei eis kommen.

FrEsch ass aus der Iddi vun 2022 eraus gebuer. Et ass eng ganz jonk ASBL nach gewiescht, déi effektiv sur le tard, au plus vite huet verschidden Aufgabe missen iwwerhuelen. Wou mer frou sinn, datt se déi Aufgaben iwwerholl hunn.

Fir d'éischt d'Responsabilitéit huele fir d'Bridderhaus, fir d'Konschthal, wou mer elo frou sinn, datt mer Kulturinstitutioune méi sinn, wou Leit sinn, wa se kënnen dohikommen, wou, mengen ech, och vereenzelt Conseilleren hei frou sinn, datt se kënnen dohigoen. Dat war eng Aufgab vu FrEsch. Dofir war dee Moment de Budget och méi héich.

Elo hu se eng aner Aufgab. Se hunn eng aner Aufgab elo nach, se hunn d'Aufgab elo, sech ëm e puer Saachen ze këmmeren. Se hunn d'Aufgab, sech ëm d'Nuit de la Culture ze këmmeren – gratis Evenement, wou all Editioun minimum 5.000 oder 6.000 Leit sinn.

Se hunn d'Aufgab, d'Francofolies ze organiséieren. Dat ass e grousse Festival, de gréisste Festival zu Lëtzebuerg. Iwwer 43.000 Leit, mat Participanten an Artisten aus Lëtzebuerg, wou de gréissten Deel awer aus Frankräich kënnt, sou wéi den Numm et och seet.

An, mengen ech, FrEsch hat surtout dat fäerdegbruecht, wat wichteg war. Dat war dee participative Prozess vun den Associatioune vun Esch, vun de Matbieger aus Esch, aus de Quartieren, fir sech zesummenzefannen, fir un eppes ze gleewen, fir un eppes ze denken. Dat war de Projet vun de Grands reveurs, deen, wéi gesot, och schonn ausgezeechent ginn ass.

Et ass richteg, gréisser Projeten am ëffentleche Raum hunn hire Präis. Dat ass indignable. Mir hun eis dozou bekannt, datt mer dat wéilte maachen. Mir hunn dat an eisem Koalitiounsaccord festgeschriwwen, datt mer wéilten dorun unhalen, wéinst och an deene Retombéeeën, déi ee ka kréien an déi een erwaarde kann. A mir wäerten lech och do gläich, ganz gläich Zuele bréngen, déi et mat de Retombéeë vun deene groussen Evenementer, notamment wat d'Francofolies ass, sinn.

Ech wollt nach e Wuert soen, an da schléissen ech awer. Dat war et, wat ech wollt zu der

Kulturpolitik soen. Also ech mengen, do hu mer ganz gutt Leit, déi an eisen Institutioune schaffen, déi am Service Culture schaffen. Ganz gutt Leit, déi och bei FrEsch schaffen an déi probéieren, wéi gesot, d'Virstellunge vun der Politik, sou wéi se niddergeschriwwe sinn, och ëmzesetzen. Si maachen dat mat Moyenen, déi mer eis ginn.

A mir maachen dat och, wat mer gesot hunn. Mir haten Iech d'lescht Joer gesot, datt de Budget substanziell vum Subsid fir FrEsch géif erofgoen. Dat hu mer gemaach. En ass ëm 600.000 € erofgaangen. Dat sinn awer déi Subsiden, déi mer brauchen, fir kënnen all déi verschidde Projeten ëmzesetzen, déi, wéi gesot, elo mol den Objet vu FrEsch ausmaachen.

E Wuert zu deem, wat gesot ginn ass iwwer d'Promotion économique. Do sinn och ganz vill Froe gestallt ginn. Ech mengen, wou et am Budget drëm geet, dat ass, virauszegesinn, wat ee wëll dat Joer drop maachen.

An do si Saachen an deem Budget, déi kann ee maachen, et gi Saachen, déi kommen, déi ergi sech op eemol, dat ee se proposéiert kritt huet, datt ee se am Fong bal net kann ofleenen. An da muss een déi néideg finanziell Moyenen hunn.

Mir haten d'lescht Joer Saachen an de Budget ageschriwwen, notamment wat d'Gestion locative commerciale ugeet. Duerch de Fait awer, datt d'Attraktivitéit vun der Uelzechtstrooss an engem relativ kuerzen Delai sou ugezunn ass, hu mer net missen nei Elementer, nei Lokaler ulounen an dee Projet erasetzen.

Mir hunn haaptsächlech gréisser Lokaler, déi an der Uelzechstrooss nach net verlount sinn. Mir wëssen et, dat si Geschäfter mat grousser Verkafsfläch. Dat sinn awer och Fläche mat groussem Loyer.

A mir musse eng Kéier kucken, an dat ass e bësse géint dat, wéi mer et am Fong mat Iech zesumme geplangt hate vun der Gestion locative commerciale. Et ass e bëssen do dogéint, datt mer wéilte sou grouss Flächen ulounen.

Et muss ee kucken, ob dat eventuell eng Plus-value gëtt. An dofir wollte mer e Budget gegeebenenfalls hunn, fir dat da kënnen ze maachen.

De Leerstand ass net opgehuewen. Mir hunn nach ëmmer Gebaier, déi eidel stinn. Mir wëssen och deelweis firwat. Well eeben, wéi gesot, Infrastrukturaarbechte misste gemaach ginn, Konformitéitsaarbechten. An dat ass den Haaptproblem.

Mee ech wëll awer rejoignéieren, wat meng Kolleegen aus dem Schäfferot gesot hunn. D'Situatioun an der Geschäftswelt – an dat ass och, wann ee mat de Geschäftsleit schwätzt –, ass awer nach ëmmer ganz fragill.

Et kann een elo soen, jo, mir hunn Iech jo gesot, Dir géift vu Krise schwätzen. Mir sinn awer nach ëmmer an enger Situation de crise. Mir wëssen et alleguerten. Mir wëssen alleguer, datt d'Energiekris net eriwwer ass. Mir wëssen alleguerten, datt d'Zënsekris net eriwwer ass. Mir wëssen alleguerten, datt de Commerce awer nach net richteg ugezunn huet.

A wéi gesot, de Commerce ass fragill. Dofir ass ganz gutt nozevollzéien, datt een d'Geschäftswelt, eis Uelzechtstrooss, eise Centre-ville, datt mer deen elo net wëllen direkt mat engem Chantier, deen dat alles erëm kéint hypothequéieren, deen deen Opschwong kéint hypothequéieren, datt mer se net wëllen elo mat esou engem Chantier belaaschten.

Dofir, wéi gesot, sinn ech frou, datt mer et fäerdegbruecht hunn, e bëssen d'Courbe ze avertéieren, wat d'Promotion économique

ugeet. A mir géife kucken, datt et dann an déi Direktioun do weidergeet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Knaff.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, mir sinn elo bei siwe Stonnen an 20 Minutten Debat. Ech verspriechen Iech, dass et net zu der aachter wäert kommen. Dat kréie mer, mengen ech, ganz gutt hin.

Dach, ech kennen dat komplett Zitat vum Joe Biden, wat hie bei der Presentatioun fir de Budget vum Steierjoer 2023 gemaach huet. Ech sinn och dankbar, dass Der et nosiche gaange sidd, Här Faltz, an dass Der d'Haaptbegrëffer Responsabilitéit, Sécherheet an en Invest an d'Verbesserung hei genannt hutt.

Well dat si genau déi Begrëffer, mat deenen ech d'Politik vun der Majoritéit hei tituléieren, se benennen a se definéieren. An dat maachen net nëmmen ech, an dat maachen net nëmmen déi eelef Conseillere vun der Majoritéit, mee dat verstinn, gesinn och eng ganz Rëtsch Escherinnen an Escher dobaussen, déi dat och esou gesinn.

Et ass de Moie geschwat ginn iwwer d'Sécherheet, an notamment iwwer de Plan local de sécurité, wou sou duergestallt ginn ass, wéi wann deen net konsequent géing ëmgesat ginn.

Ech hunn en nach eng Kéier schnell bei Hand geholl. Et ass en Dokument, wat kee Secret ass, op jidde Fall net fir d'Conseilleren, a wou jiddereen am E-Conseil natierlech kann noliesen.

Ech hu just déi éischt Säit geholl, wou d'Mesuren drop stoungen. Et sinn e puer Säite mat Mesuren, ech hu just déi éischt Säit geholl. Dat war dann d'Säit 19. An do stinn aacht Mesuren drop, an fënnef vun deene Mesurë goufen entweeder ëmgesat oder sinn an der Ëmsetzung.

Zum Beispill ass d'Policereglement, sou wéi et am PLS virgesi war, entre-temps ugepasst ginn. Zum Beispill sinn Ouverturezäite fir Spillplazen a fir Schoulhäff reglementéiert ginn an et si Kontrollen, entweeder vu private Firmen an deelweis och vun der Polizei, en place gesat ginn. Och dat stoung am PLS.

Zum Beispill stinn am Budget, wa mer da bei den Upassunge vu Schoulhäff bleiwen, am Budget, dee mer elo hei haut wäerte stëmmen, verschidde baulesch Mesuren, déi an de Schoulhäff wäerte sinn, fir do méi Sécherheet eranzebréngen, déi och am PLS definéiert sinn.

Genau wéi zum Beispill och de Plan prévention addiction am Budget agesat ass, deen och en Deel ass vum Plan local de sécurité. An ech kéint elo nach eng ganz Rëtsch aner Mesuren opzielen, wou mer scho virukomm sinn.

Ech kéint zum Beispill den Night-Life-Bus nennen, dee fiert. Deen och eng Mesure war. Mee ech maachen et net, well mer sécherlech nach eng Kéier dorop zeréckkommen a well jidderee vun Iech d'Geleeënheeten huet, dee Plan anzeliesen.

De Sujet vun de Kamerae wëll ech awer eraushiewen an nach eng Kéier den Historique e bësse maachen. 2023, nom Vott hei vum PLS, hu mer dunn d'Demande gemaach, fir do och Kameraen installéieren ze dierfen. Op aacht verschiddene Plazen hei an Esch.

Wéi ech Buergermeeschter gouf, war dat eng vu mengen éischten Demarchen, fir Kontakt mam Inneminstère a mat der Police opzehuelen, fir ze froen, wéi hei virukommen.

An deemools ass ganz bewosst decidéiert ginn, an zesummen decidéiert ginn, dass mer d'Gare géinge vun deenen aneren Zonen trennen.

Dat, fir dass mer méi schnell virukommen. Well eng Analys vun der kompletter Zon Esch a vun deenen aacht Plaze méi Zäit, méi Prozedure méi laangwiereg géing ginn, wéi wa mer dat a Stécker, a verschidden Zonen definéieren. An da kënnen déi no an no opschaffen.

A sou hu mer zwar elo entre-temps fir all Zon schonn Demandë gemaach fir dat Ganzt, mee et ass bei der Gare, wou eeben déi éischt Analyse gemaach ginn. An ech kann lech haut dann hei annoncéieren, dass dëse Mëttwoch d'Äntwert koum vum Inneministère, dass mer d'Autorisatioun hunn, fir op der Gare, a ronderëm d'Gare – wat zwar Terrain, deelweis Terrain vun der CFL ass, wat awer net bedeit, dass mir keng Kompetenz op deem Terrain hätten, an notamment um ëffentlechen Terrain ronderëm hunn.

Mir hunn op jidde Fall d'Confirmatioun kritt e Mëttwoch, dass mer do däerfen déi éischt Kameraen ophänken. A mir wäerten dat och maachen.

Mir wäerten elo am Januar déi Devisen, déi prett sinn an déi elo nach eng Kéier fäerdeggestallt ginn, nach eng Kéier iwwerkuckt ginn, déi wäerte mer hei zum Vott stellen am Gemengerot vum Januar. An da kënnen d'Aarbechten op där Plaz lassgoen. An duerno geet et mat den nächsten Zone weider.

Ech wëll dann och Merci soen den Agente vun der Police, déi tatsächlech net zu genuch hei an der Stad sinn, an och de Leit vum CGDIS.

Et ass hei sou e bësse gesot ginn, et misst een heiansdo mat deene schwätzen. Ech mengen, dass ech entre-temps vill vun deene Fraen a Männer mam Numm kennen, reegelméisseg mat hinne schwätzen, e gudde Kontakt mat hinnen hunn.

An et ass wouer, dass et eis nach ëmmer u Leit hei feelt an dass mer der gär méi um Terrain hätten. Mee och do gëtt et eng Offensiv op nationalem Niveau, wou solle méi Agenten op den Terrain duerch d'ganzt Land kommen. An do wäerte mir als Esch net aarm ausgoe bei där Saach.

Den Här Pulli huet am Kader vun der Resilienz, der Klimareslienz, wat een Deel vun der Resilienz ass – awer d'Resilienz huet jo verschidden Aspekter. Dowéinst ass et och logesch, dass de Chief Resilience Officer ënner dem Schäfferot ugesidelt ass, wou e wierklech am Zentrum ass, wou alles zesummeleeft, wou déi verschidde Servicer zesummelafen.

Huet en am Kader vun der Klimaresilienz de ProSud ugeschwat. Wou ech wollt Merci soen. Dat kënne mer vläicht tatsächlech eng Kéier, oder solle mer déi verschidde Syndikater thematiséieren.

De ProSud ass e ganz aktiven Acteur, wann et drëms geet, fir Etüden ze maachen, fir Matiär ze liwweren, wou herno d'Gemengen da kënnen an hir Politik afléisse loossen, an hir Demarchen a Mesuren afléisse loossen. Wou se och d'Experten aus de Gemengen ëmmer erëm op den Dësch zesummeruffen. An dat ass zum Beispill de Fall gewiescht beim Ilot de chaleur.

Am Moment si mer amgaangen, am ProSud ze kucken, ob mer eng weider Etüd kënne lancéieren iwwer d'Qualitéit vum Waasser an dem Effet vum Waasser iwwer d'Grenz eraus. Frankräich an dann Esch a weider vun der Uelzecht, wat fir en Effet dat huet bei Iwwerschwemmungen zum Beispill. Also dat sinn alles Saachen, wou net onbedéngt

hei in house gemaach ginn, mee wou mer kënnen, zum Beispill iwwer de ProSud kënne schaffen.

De Logement ass d'Kärstéck vun der Budgetspropos. Dat gouf de Moien e puermol gesot. Et gouf eng pluriannuell Strategie gefrot, wéini wéi eng Wunneng wéi soll renovéiert ginn. Déi Strategie gëtt et.

Déi Strategie ass vläicht net hei an dëser Ronn diskutéiert oder presentéiert ginn. Mer kënnen dat awer gär an der Logementskommissioun zum Beispill eng Kéier maachen. Mir sinn higaangen a mer hunn alleguerten d'Logementer, déi eidel stounge virun engem Joer, op eng Lëscht gesat a mer hu se alleguerten analyséiert. Mer si se kucke gaangen, mer hu gekuckt, wat muss op wéi enger Plaz gemaach ginn.

An et gouf och bei verschiddene Logementer zum Beispill gesot, hei sti mer guer net an engem Logement, mee hei sti mer an enger Post, also brauche mer och kee Logement heirauser ze maachen.

Dat sinn alles Analysen, déi gemaach goufen a wou ech gär eng Kéier presentéiere kommen, wou mer kënnen och d'Etappen duerchgoen, wéi mer an deenen nächste Jore wëlle virugoen.

D'Bedaueren, dass verschidde Renovatiounskäschten héich ausfalen, jo, dat Bedaueren hunn ech och. Et hei awer sou duerzestellen, wéi wann déi Ausgaben iwwerdriwwe wieren, et sou duerzestellen, wéi wa mer hei vu Luxusausgabe fir Luxuswunnenge géinge schwätzen, dat ass wierklech net fair. Dat ass net fair, well et e systematescht Ignoréiere vun de Marchéspräisser ass.

An da gëtt hei d'Haus um Leesbierg genannt. Dat ass keng nei Acquisitioun, dat ass en Haus, wat nach ëmmer der Stad Esch gehéiert huet. An et ass en Haus, wou iwwer Joerzéngten, ech betounen, net Joren, mee Joerzéngte keen Euro an och kee Frang investéiert gouf. A wou et komplett huet missen ofgerappt ginn. Komplett muss ofgerappt ginn, komplett erëm muss nei opgebaut ginn.

An dat ass numol d'Situatioun. Wann een d'Saache verkomme léisst iwwer Joerzéngten, jo da gëtt et deier, wann een herno erëm nei muss investéieren. Dat ass e Fait. An dat ass net nëmmen de Fall bei deem heite Bien gewiescht.

Et sinn aner Wunnengen, déi sinn zënter Joerzéngte verkomme gelooss ginn. An dofir gi mer systematesch vir mat grousse Renovatiounen deelweis.

Ech wëll awer och soen, dass mer systematesch a Wunnenge renovéieren, wou Leit grad da wunnen, déi net eidel gemaach ginn, fir just ze renovéieren. Mee mir hunn zum Beispill och dëst Joer siwe Wunnenge renovéiert, wou Leit dee Moment dra gewunnt hunn, fir dass et eeben net zu engem Zerfall kënnt, wéi deen doten, wou Dir hei beschriwwen hutt.

Also et wierklech dat schlecht Beispill, wat ee sech kann hei eraussichen. De Leesbierg, wou wierklech en Defizitt vu Joerzéngte bestoung, wann een hei wëll virginn, dass d'Ausgaben ze héich wiere bei deenen doten Aarbechten.

Am Total lafen am Moment Aarbechten a 15 Wunnengen. Aarbechten an zwou weidere Wunnenge wäerten elo deemnächst ugefaange ginn. Fir 30 weider Wunnengen, wou der 18 eidel stinn, do sinn amgaangen, Etüden ausgeschafft ze ginn, fir geplangt ze ginn, wéi do soll renovéiert ginn. Ech mengen, dass een do wierklech vun engem Rekordtempo ka schwätzen, deen d'Stad Esch hei un de Wee leet.

Jo, et ass ze bedaueren, dass de Verkaf an den Nonnewisen net sou virugeet, wéi mir et eis wënschen. Et kann een elo och bedaueren, dass mer net an d'Locatioun domadder gaange sinn. An der Budgetspropos, do steet en Artikel tatsächlech, fir verschidde Wunnenge vun deenen Haiser nozerüste mat Buedzëmmeren, mat Kichen, fir dass mer an d'Locatioun kéinte goen.

Ech wëll awer och betounen, dass et net nëmmen zwou Méiglechkeete gëtt. Et gëtt net nëmmen de Logement arbordable an d'Vente abordable an nëmmen d'Locatioun. Et gëtt och nach aner Méiglechkeeten, déi mer schonn eng Kéier diskutéiert hunn, déi mer schonn eng Kéier presentéiert hunn, mee wou mer awer eigentlech decidéiert hunn, un deem heite Modell vun der Vente abordable festzehalen.

Mee mir wäerten am Januar domadder zeréckkommen. An da si mer och bereet, fir aner Weeër ze goen. Fir awer elo komplett ze soen, mir maache 40 % just Locatioun, ech mengen, dass dat och net de Wee ass, deen hei de gesondsten ass, deen ee kéint aschloen.

Ech wëll dem Här Baum Merci soen, dass hien drop higewisen huet, dass déi vum Här Faltz annoncéiert 75 % Subsiden, déi mer bei sozialem Wunnraum kréien, wa mer dee bauen oder renovéieren, dass déi an der Realitéit keng 75 % ausmaachen.

Grad bei grousse Projeten, grad bei grousse Projete si mer wierklech frou, wa mer 60 %, 65 % iwwerhaapt herno iwwer d'Subsiden zeréckzekréien. Well et ass eng Realitéit, dass déi Fro vun de Subsiden ëmmer erëm, wa mir als Politiker, awer och ëmmer erëm, wann eis Beamten op de Ministère ginn, op de Ministère du Logement, dass dat ëmmer erëm e Sujet ass an dass mer dat ëmmer erëm thematiséieren.

A wou mer och hoffen, dass mer mol eng Kéier do op e gréngen Nenner kommen an dass mer do eens ginn. Well ech mengen, dass dat eng Situatioun ass, wou mécht, dass vill Gemengen net déi Responsabilitéiten huelen, déi mir tatsächlech awer huelen, och wann et herno net 75 % sinn, déi mer zeréckkréien.

Ech hunn hei nach kleng Elementer erausgeholl, voilà. Den Analyteschen, wou den Här Funck ugeschwat huet. Dat hunn d'Presidente vun de Fraktioune scho kommunizéiert kritt, dat hu mer zesumme beschwat.

Dir wäert elo déi éischt Rapport-analytiquen ze iwwerliese kréien an da wäerten déi online gesat ginn. An da wäerten déi och ausgeluecht ginn, gedréckt Versiounen op verschiddene Plazen. Dat geet elo relativ séier viru sech.

Dir hutt e bësse sou mat e bëssen Häm, sou op eng speziell Manéier, den Artikel vun de Kleeder fir de Schäfferot ugeschwat, Här Funck. Sou wéi wa mir elo domadder géingen eis schéin akleede goen.

Ech wëll Iech just soen, da sot och dat komplett. Deen Artikel ass, dräi Joer laang ass do 0 € benotzt gi vun deem Artikel. Dat wëll ech soen. Et ass elo fir d'éischt 2024 gewiescht, dass mer Kleeder kaf hunn. An ech soen Iech firwat.

Well ech gesot hunn, dass ech gär hätt, dass ech als Buergermeeschter, awer och meng Schäffen, wann déi op e Brand geruff ginn, dass déi anstänneg Schong hunn, wa se op de Brand ginn, dass se Aarbechtsschong hunn, wa se mussen op iergend e Chantier ginn. Datt ech gär hätt, datt mer anstänneg Jacketten hunn.

Dat ass deen Artikel. An dat hei esou e bësse lächerlech duerzestellen, dat hätt Der Iech wierklech kënne spueren.

Beim ADR – eigentlech ass et net derwäert, fir iwwer dat ze schwätzen, wat Der gesot hutt.

*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

Awer wierklech, Här Schmit. Dir gitt Iech gär als Partei vum klenge Mann. D'Partei, wou déi Kleng verteidegt. An da kommt Der heihinner an da meckert Der scho fir d'zweet Kéier, dass mer net sollen an d'Epicerie sociale investéieren. Dat ass wierklech einfach – et reegt mech op, an dowéinst loossen ech et och sinn, je m'en passe a kommen zu dem nächsten Deel.

*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, den Här Tonnar huet gefrot, ob verschidde Leit nach moies och hei duerch Esch schaffe ginn, sech hei duerch Esch beweegen. Wou ech de Moien, sou wéi relativ oft an der Woch, wéi all Dag quasi, ech de Moien hei géint 7 Auer op d'Gemeng komm sinn, fir hei ze schaffen, hunn ech duerch Zoufall en Interview héiere mam däitsche Finanzminister Theo Waigel. Mam ale Finanzminister Theo Waigel.

An ech wéilt e puer Iwwerleeungen hei dann och formuléieren zum Ofschloss vun dëser Debatt, déi hie formuléiert huet. Déi éischt Iwwerleeung ass, dass d'Demokratie a Gefor geréit, wann déi demokratesch Parteie sech ënnerteneen als Feindbild opbauen. Grad an de grousse Linne soll ee sech, an och de Wielerinnen a Wieler, agestoe kënnen, dass ee sech ënner Politikerinnen a Politiker och an de Léisungssätz kann eens sinn.

An ech mengen, dass am haitege Budgetdebat trotz Kritik ech awer genau dat erausheéieren hunn. Ech mengen, dass eenzel Detailer kritiséiert goufen. Ech mengen, dass eenzel Projeten elo hei diskutéiert goufen. Mee dass mer awer an de grousse Linnen awer e gewësse Konsens hei fonnt hunn, deen der Logik vum Budget 2025 entsprécht.

Déi zweet Iwwerleeung vum Theo Waigel, dat ass déi, dass et erlaabt ass, an der Politik haart mateneen ze diskutéieren an och emol ze streiden. En huet dat awer un zwou Konditioune gebonnen. Éischtens, dass all Sträit op der Saach um Inhalt muss ausgedroe ginn, an zweetens, dass all Argumentatioun, esouguer wann den Toun méi streng ass, méi haart ass, méi rosen ass, awer eng gewëss Qualitéit muss hunn.

Dat war haut duerchaus, meeschtens, de Fall, awer net ëmmer. Et ass ee Begrëff, deen ech zum Beispill net appreciéiert hunn, dat ass, wou vu Flunckere geschwat ginn ass a wou duergestallt gi wär, wéi wa verschidden Zuele falsch presentéiert gi wieren.

Virun allen, wann herno och d'Zuelen, déi duerno presentéiert goufen, vläicht net déi selwecht ware wéi déi, wou ech a mengen Dokumenter stoen hat. Et ass zu engem Moment iwwer d'Konte geschwat ginn, an notamment d'Konten, wou d'lescht Joer hei presentéiert goufen.

Déi hu gewisen, dass mer schonn eng Kéier iwwer 113 Millioune komm si beim extraordinären Invest. An egal wéi déi Rechnung dann do gemaach gouf, ass et dach bedauerlech, dass 20 Milliounen do vergiess goufen.

A wann een iwwer d'Réaliséë schwätzt an déi matenee vergläicht, dann ass et natierlech e gudde Schachzuch, fir just op déi leschtJoren zeréckzegoen an d'Joren 2015, 2016, 2017 ze ignoréieren. Dat verstinn ech. Dat hätt ech och gemaach, wann ech an der LSAP wier. Well déi Réaliséen, déi waren elo net bedeitend. Aneschters wéi déi, wou dës Majoritéit an der leschter Zäit fäerdegbruecht huet.

Woubäi ech awer och wëll soen, dass natierlech den Usproch do ass, fir besser Réaliséen hinzekréien. Wou ech awer schonn d'lescht Kéier betount hunn an der leschter Budgetspresentatioun, och bei dëser, dass ech ëmmer awer och zu all Moment, an och de Schäfferot, e Bléck op d'Konten hält. An dat méi ausschlaggeebend ass wéi elo onbedéngt de Réalisé u sech, dee mer wëllen natierlech awer eropsetzen.

An och beim Scholdenhistorique vun der Stad Esch, do hätt een och e bësse méi wäit kënne kucke wéi just déi lescht zéng Joer. Well da wëll ech lech drun erënneren, dass 2013 de Scholdestand vun der Stad Esch bei 74,6 Milliounen ukomm war. Also just 6 Millioune manner wéi dat elo haut aktuell de Fall ass.

2013, dat war virun der Gemengefinanzreform. Do waren d'Budgeten nach bedeitend manner héich wéi elo. Et hat een nach bedeitend manner Recettë wéi elo.

Wann een de Kontestand vun haut kuckt, dann hu mer am Joer 2024 schonn duebel esou vill ausgi wéi am Joer 2013. An dat bei quasi engem selwechte Scholdestand wierklech ze behaapten, dass deemools déi finanziell Situatioun, oder haut déi finanziell Situatioun net sou gutt wier, an een dat doten am Hannerkapp behält a vläicht dee Bléck do no hanne mécht, dat ass net richteg.

An dann, wa Conseillere mengen, dass d'Aktivitéit hei am Gemengerot am Generellen ze langweileg wär, ma da kann ech just uroden, sech a Fro ze stellen, ob dat hei déi richteg Plaz ass, fir seng Zäit ze verbréngen, oder ob een net eng aner Aktivitéit wëll maachen.

Wéi gesot, all Argumentatioun muss seng Qualitéit halen. An deene Momenter, wou dat manner haut de Fall war, huet de proposéierte Budget, a mengen Aen, ëmsou méi u Legitimitéit gewonnen.

Déi lescht Iwwerleeung vum fréiere Finanzminister war, dass een de Wielerinnen a Wieler e räsonabele Gedankegang kann zoutrauen. Jo, zoutraue muss. D'Leit verstinn, dass och eng Stad räsonabel mat senge Ressourcë muss ëmgoen. D'Leit verstinn, dass och eng Stad muss Prioritéiten definéieren. An d'Leit erkennen och falsch Verspriechen, déi iwwerhaapt net gehale kënne ginn. Ech denken zum Beispill un d'Stéchwuert vum Tram an den Zentrum.

Et kann een och net bei der Presentatioun vun engem Pluriannuell en Uklang u Scholde kritiséieren, hei souguer nach … ech ka mech un de leschte Pluriannell erënneren, och nach hei, wa sech da Barèmë weisen, wou d'Entwécklung duergestallt gëtt.

A gläichzäiteg dann awer och an de Budgetsdiskussiounen duerno kritiséieren, dass verschidde Projeten net géingen drastoen a géinge feelen. Ausser et erkläert een de Leit dobaussen, wéi eng Projeten dann net prioritär sinn an den Ae vun där Partei. Wat fir Projeten ee soll sträichen. An dat ass net geschitt haut de Moien.

Heiansdo ass gesot ginn, dass e Projet vläicht ze deier gëtt, e grousst Spuerpotenzial un dëse Méikäschte vun deene Projeten, wou genannt goufen, muss ech lech awer soen, konnt ech net onbedéngt erkennen.

Et goufe gréisstendeels méi Invester da gefuerdert, nach weider Invester gefuerdert. Uelzechtstrooss zum Beispill. An et gouf en Ausbezuele vu Méi gefuerdert.

Ech sinn iwwerzeegt, wa mer hei an engem Mount de Pluriannuell beschwätzen, jo, dass d'Escherinnen an d'Escher dann och dee Widdersproch erkennen tëscht dem Debat vun haut an deem, dee mer da wäerte féieren.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, den haitege Budget ass fir mech no däsen Argumentatiounen an Diskussiounen duerchaus confirméiert. Sou dass ech souwuel dem Budget rectifié 2024 wéi och dem Budget 2025 kann zoustëmmen, an Iech nëmme kann uroden, deenen zwee Budgeten zouzestëmmen, wann et Iech fir Esch wichteg ass.

Au vote.

Mir stëmmen als éischt de Rectifié.

*(Interventioun Här Jean-Paul Espen, Generalsekretär)*

Nee, mir stëmmen als éischt de Budget 2025. Duerno de Rectifié 2024. An dann d'Devisë fir 2025. Also mir fänke mam Budget 2025 un. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic** ↻ Steve Faltz
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz (Sacha Pulli)**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic** ↻ Christian Weis
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dann de Rectifié fir 2024. Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic** ↻ Steve Faltz
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz (Sacha Pulli)**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic** ↻ Christian Weis
- ☒ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☒ **Jean Tonnar**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 2. Devis pour l'exercice 2025 ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

☒ **Enesa Agovic** ↻ Steve Faltz
☒ **Marc Baum**
☑ **Pascal Bermes**
☒ **Liz Braz (Sacha Pulli)**
☑ **Tammy Anna Broers**
☑ **Bruno Cavaleiro**
☒ **Steve Faltz**
☒ **Ben Funck**
☑ **Pierre-Marc Knaff**
☒ **Sacha Pulli**
☑ **Mandy Ragni**
☑ **Dejvid Ramdedovic** ↻ Christian Weis
☒ **Bernard Schmit**
☑ **Daliah Scholl**
☑ **Meris Sehovic**
☒ **Jean Tonnar**
☑ **Christian Weis**
☑ **Joy Weyrich**
☑ **André Zwally**

An da stëmme mer d'Devisë fir 2025.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir sinn net un déi aacht Stonn komm.

Ech soen Iech Merci fir den haitegen Debat. Ech wënschen Iech e schéine Weekend, erënneren nach eng Kéier drun, dass den Owend d'Iwwerrechung vum Mérite culturel ass an hoffen, Iech den Owend do erëmzegesinn.

E schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Jean Tonnar**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV